n°1/ 2025









# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 14.2.2025

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°1/2025 - Parution: avril 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français **5**

**1. Correspondance** **10**

**2. Circulation** **10**
2.1. Modification du règlement général de la circulation – réglementation de la rue de la Libération (CR184)
2.2. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation – réglementation de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte
2.3. Confirmation d'un règlement temporaire d'urgence de la circulation – Réglementation de la route de Luxembourg (N31)

**3. Finances** **15**
3.1. Approbation du devis estimatif relatif à l'éclairage de la piste cyclable le long du parc Le'h
3.2. Approbation du projet définitif (plans et devis) relatif à la reconstruction des tribunes du Stade Jos Nosbaum
3.3. Présentation et discussion du plan pluriannuel de financement des exercices 2026 à 2028
3.4. Approbation du tarif d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV : Gaz – du règlement-taxes général
3.5. Approbation d'un contrat de bail commercial de sous-location avec la société Kasadalux S.à r.l. – SIS pour un local commercial sis 38, avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.6. Modification à apporter au contrat de bail commercial de sous-location avec la société MeLord S.à r.l. pour un local commercial sis, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.7. Résiliation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société Co-Labor pour un local commercial sis 14-16, rue de la Libération
3.8. Approbation d'actes de vente pour l'acquisition d'emprises
3.8.1. Société anonyme MDU S.A., terrain avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.8.2. Monsieur Jean Christophe Lassine, terrain route de Burange
3.9. Approbation du devis estimatif pour le remplacement de la ventilation de la salle des sports et de judo dans l'école Gaffelt
3.10. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement de la toiture de l'école Wolkeschdahl
3.11. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement de la toiture plate du gymnase de l'école Brill
3.12. Approbation du devis estimatif à la mise en place d'une ventilation dans les entrepôts des caves de l'école Boudersberg
3.13. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la clôture sur le site de l'Arrow Club Gënzebierg
3.14. Approbation du devis estimatif relatif à l'inspection par caméra et à l'évaluation de l'état de l'ensemble du réseau de canalisation et des collecteurs d'assainissement de la Ville – phase I
3.15. Approbation du devis remanié pour la construction d'une structure provisoire pour l'école Brill, l'école Baltzing et le département danse de l'école régionale de musique
3.16. Allocation de subsides extraordinaires

**4. Aide au logement** **51**
Approbation des modifications à apporter au règlement concernant l'aide au logement accordée par la Ville de Dudelange dans le cadre de la loi modifiée du 7 août 2023 relative aux aides individuelles au logement

**5. Congé politique** **54**
Nouvelle fixation du supplément de quinze heures de congé politique par semaine parmi les délégués dans les syndicats de communes

**6. Enseignement fondamental** 59
Approbation des ressorts scolaires de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2025-2026

**7. PAP NQ « Ribeschpontergriecht »** 61
Approbation du Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » (PAP NQ 36) « Ribeschpontergriecht » concernant des fonds sis à Dudelange aux lieux-dits « Bei Ribeschpontergriecht », « Op Ribeschpont » et « rue des Champs »

**8. Commissions consultatives** 68
Modifications à apporter à la composition de commissions consultatives

**9. Personnel** 68
9.1. Conversion de 2 postes de salariés, carrière A5, chauffeurs, à tâche complète, en postes de salariés, carrière H3, artisans (DAP/CATP), à tâche complète, suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud actuellement en vigueur (gestion et maintien du patrimoine – espaces verts)
9.2. Conversion de 2 postes de salariés, carrière H1, aide-artisans, à tâche complète, en postes de salariés, carrière H3, artisans (DAP/CATP), à tâche complète, suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud actuellement en vigueur (gestion et maintien du patrimoine – peinture et maçonnerie)
9.3. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, fonction du pédagogue curatif ou psychomotricien, relevant de la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
9.4. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (gestion et maintien du patrimoine – entretien des bâtiments)
9.5. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement A, groupe de traitement A1, sous-groupe technique (protection de l'environnement et du développement durable)

**10. Super Senior** 71
Motioun CSV – Service d'accompagnement scolaire intergénérationnel Super Senior

**11. Questions au collège des bourgmestre et échevins** 74
11.1. Fro vun Déi Lénk – TICE, Fro LSAP- Citybus
11.2. Fro vun Déi Gréng – Renforcement vun der Ligne ferroviaire Beetebuerg-Volmerange-les-Mines a Suppressioun vun de Passages à niveau
11.3. Fro vun Déi Gréng – CR161 – Iwwergang fir Foussgänger a Veloën
11.4. Fro vun Déi Gréng – Tiny Forests
11.5. Motiounen a Froen – Frigo solidaire

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina (à l'exception du point numéro 8 de l'ordre du jour) ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid (à l'exception du point numéro 3.9 de l'ordre du jour) et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 3.11 de l'ordre du jour), échevins.Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Diogo Costa (à l'exception des points numéros 3.7, 3.9 et 11 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini (à l'exception du point numéro 3.9 de l'ordre du jour), Marc Meyer (à l'exception du point numéro 3.4 de l'ordre du jour), Yves Steffen (à l'exception du point numéro 3.4 de l'ordre du jour) ; Mesdames Rosella Spagnuolo, Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.
**Délégations :** Madame Françoise Kemp, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, pour l'ensemble des points de l'ordre du jour. Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Roby Goergen, conseiller communal, pour l'ensemble des points de l'ordre du jour. Monsieur Diogo Costa, conseiller communal, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, pour le point numéro 11 de l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal.

**2 – Circulation**

2.1. Le conseil communal décide, à l'unanimité, de modifier le règlement général de la circulation pour prévoir deux emplacements pour livraisons dans la rue de la Libération, à hauteur de la maison numéro 177 et de la maison numéro 229.

2.2. Avec 15 voix contre 4 est approuvée la réglementation temporaire de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte. Ce règlement définit l'avenue Grande-Duchesse Charlotte comme zone piétonne du 1er avril 2025 au 30 septembre 2025, chaque fois entre 12.00 et 06.00 heures.

2.3. Le conseil communal confirme unanimement un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation, édicté par le collège des bourgmestre et échevins pour réglementer la circulation dans la route de Luxembourg à l'occasion de travaux de terrassement pour le renouvellement du raccordement de la canalisation des eaux mixtes de l'immeuble en construction au numéro 121.

**3 – Finances**

Tous les dossiers suivants en matière de finances communales sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

3.1. Le devis estimatif du service communal de l'éclairage public pour un montant de 200'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à l'installation d'un éclairage de la piste cyclable le long du parc Le'h, piste qui relie la rue Curie et Forêt à la Zone Industrielle Wolser H. Cet éclairage innovant respecte l'environnement et améliore la sécurité et le confort des usagers des pistes cyclables. Des lampes à lumière ambrée sont combinées à un système de contrôle intelligent et innovant qui repose sur une technologie de détection de mouvement : l'éclairage s'active uniquement lorsqu'un cycliste ou un piéton est détecté, garantissant ainsi une consommation d'énergie optimisée en maintenant une visibilité optimale ;

3.2. Le projet définitif, plans et devis, établi par notre service de l'architecture et des domaines, travaux neufs et le bureau INCA Ingénieurs Conseils Associés Sàrl, d'un montant de 1'510'000,- €, taxes et honoraires compris, relatif à la reconstruction des tribunes du Stade Jos Nosbaum. Le stade Jos Nosbaum est un stade de football traditionnel aménagé dans les pentes des collines délimitant la ville du côté Est. Les anciens gradins, modifiés au fil des années en tribune à places assises se présentent dans un état très vétuste depuis des années. La Ville se voit contrainte de réaliser une rénovation plus substantielle des gradins face aux exigences toujours croissantes.
Les gradins actuels comportent 5 rangées de sièges et présentent une série de défauts nécessitant une réhabilitation plus durable, dont principalement : la vétusté des anciennes constructions; la pente trop raide de 45° des gradins et des escaliers; le mauvais champ de vision depuis la rangée inférieure actuelle; la vétusté du mur d'enceinte en partie supérieure des gradins. Avec l'adoption du projet, ces défauts seront évacués et les gradins seront réhabilités. Après la mise en soumission, le début des travaux est programmé dès la rentrée des congés collectifs 2025, afin de permettre encore l'utilisation du stade entier pour les matchs de Coupe d'Europe au début de la saison prochaine 2025/2026 ;

3.3. Le plan pluriannuel de financement des exercices 2026 à 2028 est présenté et discuté séance tenante. A titre d'information est reproduite ci-après la liste des grands projets de construction (dépenses extraordinaires) pour les années 2026 à 2028 avec les investissements estimatifs.

| PROJET VOTÉ | Montant estimé (€) | Vote conseil communal | Devis (€) |
|---|---|---|---|
| Bassin de rétention – Burange | 9'570'000,- | 9/30/2022 | 9'577'150,- |
| Route de Boudersberg / Mont St Jean – réaménagement | 7'500'000,- | 3/25/2022 | 7'500'000,- |
| Eclairage public (LED) – Phase 3 (fournitures) | 1'000'000,- | | |
| Chantiers postes – Phase 2 (solde) | 1,400'000,- | 7/16/2021 | 3'300'000,- |
| Conduite d'eaux usées entre le quartier NeiSchmelz et le bassin de rétention Burange (conduite refoulement), phase 2 (rte de Burange – rues N. Metz – P. Krier – JFK – Pasteur) | 3'660'000,- | 2/9/2024 | 3'410'000,- |
| Extension Asile pour animaux (solde) | 5'800'000,- | 7/16/2021 | 5'995'000,- |
| Logements sociaux (maisons) – Rue Nic Bodry (solde) | 4'830'000,- | 5/3/2024 | 9'695'000,- |
| Logements sociaux – rue de la Fontaine | 4'290'000,- | | |
| Logements sociaux – route de Luxembourg | 2'150'000,- | | |
| Logements sociaux – VEFA – 218, rue des Champs | 3'910'000,- | 5/3/2024 | 3'910'000,- |
| Nouveaux ateliers communaux - Phase 1 (solde) | 8'140'000,- | 10/25/2021 | 24'955'252,- |
| Strutzbierg C – Piscine et gymnase (solde) | 3'700'000,- | 12/6/2024 | 26'000'000,- |
| Hall CAD et Centre de Tennis – Stade JFK | 17'380'000,- | 4/28/2023 | 17'380'000,- |
| CSRH – installation panneaux photovoltaïques | 1'560'000,- | 9/19/2023 | 1'652'000,- |

| PROJET NON-VOTÉ | Montant estimé (€) |
|---|---|
| Rue Mayrisch St Hubert – aménagement chemin mixte piétons/cyclistes | 1'560'000,- |
| Croisement rue JP Thiel – P. Dupong – F. Schumacher vers bassin de rétention Burange | 2'640'000,- |
| Conduite d'eaux usées entre le quartier NeiSchmelz et le bassin de rétention Burange (conduite refoulement) - Phase 1B (rue de l'Etang) | 1'340'000,- |
| Phase 3 (rues Pasteur – Hellange vers bassin rétention) | 3'680'000,- |
| Place Gymnich – réaménagement | 1'640'000,- |
| Rue Gaffelt – Zone 30 – réaménagement | 1'720'000,- |
| Rue An der Foxenhiel (total estimé 5,03 millions €) | 2'640'000,- |
| Inspection par caméra du réseau des canalisations | 1'400'000,- |
| Aire de jeux Soibelkaul | 500'000,- |
| Complexe scolaire Quartier Baltzing (total estimé 40 millions €) | 37'000'000,- |
| Extension école Deich – maison relais et école (total estimé 9,60 millions €) | 8'600'000,- |
| Extension école Boudersberg – maison relais et école | 9'300'000,- |
| PAP « A Bellëg » – nouvelle crèche | 7'500'000,- |
| Logements sociaux – PAP « A Bëlleg » – divers projets | 19'100'000,- |
| Logements sociaux – PAP « Citroën » | 2'450'000,- |
| Logements sociaux – ancienne école Echerdahl | 3'000'000,- |
| Logements abordables – 71, rue de la Paix | 850'000,- |
| Récupération hall NeiSchmelz et remontage site ateliers communaux | 1'700'000,- |
| Eglise St Martin – divers travaux de rénovation | 750'000,- |
| Stade Jos Nosbaum – buvette et tribunes | 4'600'000,- |

3.4. Les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et les modifications à apporter au chapitre XIV : Gaz – du règlement-taxes général pour l'année 2025 ;

3.5. Le contrat de bail commercial de sous-location conclu avec Monsieur Daniel Kasindi Naimana pour la durée du 1er janvier au 31 décembre 2025, au sujet de la sous-location du local à usage commercial, sis 38, avenue G.-D. Charlotte dans le cadre d'un projet de type « pop-up stores » pour l'exploitation de son magasin « Kasadalux S.à r.l. – SIS » ;

3.6. Le premier avenant au contrat de bail commercial de sous-location conclu avec la société MeLord S.à r.l., au sujet de la sous-location du local commercial sis 77, avenue G.-D. Charlotte, qui prévoit un loyer mensuel de 1'500,- € (+charges) pour la période du 1er janvier 2025 au 31 décembre 2025 ;

3.7. Sur demande de la société coopérative « Co-Labor » et conformément aux dispositions du contrat de bail commercial, la résiliation du contrat de bail commercial avec la société coopérative « Co-Labor » au sujet du local commercial sis 14-16, rue de la Libération avec effet au 31 mars 2025 ;

3.8. Les actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises : société anonyme MDU S.A., terrain avenue G.- D. Charlotte ; Monsieur Jean Christophe Lassine, terrain route de Burange ;

3.9. Le devis estimatif du service communal technique des bâtiments pour un montant de 60'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au remplacement de la ventilation de la salle des sports et de judo à l'école Gaffelt ;

3.10. Le devis estimatif du service communal d'entretien des bâtiments pour un montant de 75'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au renouvellement de la toiture de l'école Wolkeschdahl ;

3.11. Le devis estimatif du service communal d'entretien des bâtiments pour un montant de 160'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au renouvellement de la toiture plate du gymnase à l'école Brill ;

3.12. Le devis estimatif du service communal technique des bâtiments pour un montant de 30'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à la mise en place d'une ventilation dans les entrepôts des caves de l'école Boudersberg ;

3.13. Le devis estimatif du service communal d'entretien des bâtiments pour un montant de 130'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au remplacement de la clôture sur le site de l'Arrow Club Gënzebierg ;

3.14. Le devis estimatif établi sur base des estimations de coûts fournies par le bureau d'études BEST Ingénieurs-Conseils pour un montant de 530'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à l'inspection par caméra et à l'évaluation de l'état de l'ensemble du réseau de canalisation et des collecteurs d'assainissement de la Ville ;

3.15. le devis remanié, établi par le service de l'architecture et des domaines et par le service de la gestion et du maintien du patrimoine, d'un montant de 6'400'000,- €, toutes taxes comprises, pour la construction d'une structure provisoire (containers) pour l'école Brill, l'école Baltzing et l'école de musique (département de danse) ;

3.16. L'allocation des subsides extraordinaires suivants : 100,00- € à l'association « Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung » en tant que subside communal pour l'année 2025 ; 2'149,16- € aux scouts « Les Peaux-Rouges » en tant que subside équivalent à 50 % de la participation étatique pour l'acquisition d'un système de projection moderne laser pour le home scout ; 150,00- € aux associations Amicale Centre d'Intervention Dudelange, Amici Vespa Diddeleng, Fuesveräin Knabbermäis, Gréng Scouten a Guiden Diddeleng, LGS Groupe St Jean Diddeleng, Union des Bons Amis de Burange pour la participation au cortège Saint Nicolas 2024 ; 100,00- € aux associations Amitié Portugal Dudelange, Basket T71 Dudelange, F91 Diddeleng, Grupo de Concertinas Saudades Lusitanas, Harmonie wwMunicipale Dudelange, Handball Diddeleng, Les Peaux-Rouges pour la participation au cortège Saint Nicolas 2024 ; 50,00- € aux associations Aikido-Dojo Diddeleng, Association Culturelle des Trois Frontières, DeLux Show Girls, Cercle de Billard Dudelange, Drum N'Twinx Fanat X, DT Diddeleng, Fair Trade Diddeleng, Gëlle Joeren, Neoplan Fan Club, Pësperkëscht Diddeleng, Red Sappers Baseball, Taekwando Academy Dudelange, Syndicat d'Initiative et du Tourisme pour la participation au cortège Saint Nicolas 2024.

**4 – Aides au logement**

Le conseil communal approuve, à l'unanimité, les modifications au règlement concernant l'aide au logement accordée par la Ville de Dudelange dans le cadre de la loi modifiée du 7 août 2023 relative aux aides individuelles au logement. Aux termes de ce règlement, la Ville de Dudelange accorde une aide financière pour l'acquisition, la construction, l'amélioration, la transformation, la rénovation, l'assainissement énergétique d'un logement ou la création d'un logement intégré ainsi que pour les frais d'aménagements spéciaux de logements répondant aux besoins de personnes en situation de handicap.

Le logement intégré fait partie d'une maison de type unifamilial et appartient au propriétaire du logement principal. Il est subordonné en surface au logement principal. Un seul logement intégré est admis par maison unifamiliale. Les logements sont destinés à l'habitation et sont situés sur le territoire de la Ville. Sont concernées toutes les personnes qui bénéficient de la part de l'Etat : soit d'une prime d'accession à la propriété; soit d'une prime d'amélioration; soit d'une prime pour aménagements spéciaux répondant aux besoins de personnes en situation de handicap; soit d'une prime de création d'un logement intégré. Le montant de l'aide communale au logement est fixé comme suit :

1. pour la prime d'accession à la propriété, un supplément à la prime d'accession à la propriété équivalant à un maximum de 50% du montant de la prime accordée par l'Etat ;

2. pour la prime d'amélioration, un supplément forfaitaire à la prime d'amélioration accordée par l'Etat d'un montant de 1'500,- € ;

3. pour la prime pour aménagements spéciaux répondant aux besoins de personnes en situation de handicap, un supplément à la prime équivalant à un maximum de 50% du montant de la prime accordée par l'Etat ;

4. pour la prime de création d'un logement intégré, un supplément forfaitaire à la prime de création d'un logement intégré de 2'500,- €, respectivement de 5'000,- € par logement intégré si la 1re occupation a lieu après le 7 août 2023 et qui est achevée avant le 31 décembre 2026.

**5 – Congé politique**

Avec 10 voix contre une et 8 abstentions, le conseil communal décide de fixer le supplément de quinze heures de congé politique par semaine comme suit : 9 heures à Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, déléguée au SICEC et au TICE ; 4 heures à Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries, échevine, déléguée au SIGI ; 2 heures à Monsieur Loris Spina, échevin, délégué au SES et au STEP.

**6 – Enseignement fondamental**

La répartition des ressorts scolaires à partir de l'organisation scolaire 2025/2026 est approuvée unanimement.

**7 – Urbanisme**

Le Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » « Ribeschpontergriecht » concernant des fonds sis à Dudelange aux lieux-dits « Bei Ribeschpontergriecht », « Op Ribeschpont » et « rue des Champs », présenté par le bureau WW+ s.à r.l. pour le compte de Lionstone South S.à r.l. est approuvé unanimement en tenant compte de l'avis de la cellule d'évaluation du 7 novembre 2024. Le projet, à réaliser sur un terrain d'une envergure de 2,03 hectares, vise l'aménagement de 31 lots destinés à la construction de 76 unités de logement dont 15 logements abordables et prévoit une cession de 18,23% du terrain brut à la commune (domaine public communal). De plus, le projet est pourvu d'une construction existante sur un lot. La mixité des logements se répartit sur 25 maisons unifamiliales dont 3 isolées, 2 jumelées, 22 maisons en bande ainsi que sur 51 unités de logement collectifs, réparties dans 3 immeubles isolés. La densité de logements s'élève à 37,5086 unités de logement par hectare brut.

**8 – Commissions consultatives**

Les changements au sein de la composition des commissions consultatives communales et la nomination de nouveaux membres ci-après sont approuvés à l'unanimité :

a) la désignation des membres dans les commissions suivantes :

<u>Commission de l'enseignement musical</u>
Membre: Vincent Reding, représentant de la commune de Weiler-la-Tour; membre consultatif: Paul Klein (Harmonie Municipale Bettembourg) remplace Nadja Diels (Fanfare Huncherange-Noertzange-Fennange); secrétaire: Laurent Felten remplace Bob Morhard.

<u>Commission des finances, du budget et de l'économie</u>
Membre: Max Di Bartolomeo (LSAP) remplace Brit Schlussnuss.

<u>Commission de l'égalité des chances et la non-discrimination</u>
Membre: Christopher Sirres (CSV) remplace Kelly Pleim.

<u>Commission des Jeunes</u>
Membre: Luka Campos (CSV) remplace Kelly Pleim.

<u>Commission du 3e âge</u>
Membre: Jean-Claude Gretehen (DP) remplace Lotty Pleim.

b) à la modification du pool des remplaçants :
Kelly Pleim ne fait plus partie du pool des remplaçants.

**9 – Personnel**

Le conseil communal décide unanimement :

- de convertir 2 postes de salariés, carrière A5, chauffeurs, à tâche complète, en postes de salariés, carrière H3, artisans (DAP/CATP), à tâche complète, suivant les dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud actuellement en vigueur pour l'équipe des espaces verts, gestion et maintien du patrimoine ;
- de convertir 2 postes de salariés, carrière H1, aide-artisans, à tâche complète, en postes de salariés, carrière H3, artisans (DAP/CATP), à tâche complète, suivant les dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud actuellement en vigueur pour l'atelier de peinture et de maçonnerie, gestion et maintien du patrimoine ;
- de créer un poste d'employé communal à tâche complète, fonction du pédagogue curatif ou psychomotricien, relevant de la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil ;
- de créer un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique pour le service d'entretien des bâtiments, gestion et maintien du patrimoine ;

Avec 15 voix et 4 abstentions est décidé de créer un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement A, groupe de traitement A1, sous-groupe technique pour le service de la protection de l'environnement et du développement durable.

**10 – Service d'accompagnement scolaire intergénérationnel Super Senior (Motion soumise par la fraction « CSV »)**

La motion soumise par la fraction « CSV » visant la participation de la Ville de Dudelange au service d'accompagnement scolaire intergénérationnel Super Senior est admise avec la voix de tous les conseillers communaux.Le « Mouvement pour l'égalité des chances MEC a.s.b.l. » propose un service d'accompagnement intergénérationnel où des seniors aident des enfants de l'école fondamentale à la réalisation de leurs devoirs à domicile. Ce service, qui vient

de fêter ses 5 ans, a pour but de mette le temps, énergie, savoir et expérience d'une cinquantaine de seniors au service de la jeunesse. Ces seniors accompagnent les enfants pour améliorer leurs résultats scolaires en mathématiques, français et allemand. Il sera disponible sous peu pour les écoliers de la Ville de Dudelange.

**11 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins : question « LSAP » – City Bus ; question « LSAP » – Frigo solidaire.

Au courant de la discussion de la question relative au Frigo solidaire, les fractions « CSV » et « Déi Gréng » déposent séance tenante une motion à ce sujet. Après discussion, la fraction « CSV » retire sa motion, tandis que la motion soumise par la fraction « Déi Gréng » est unanimement adoptée. Par l'adoption de la motion, le collège des bourgmestre et échevins est invité

- de maintenir le Frigo solidaire sous la forme prévue dans le cadre du budget participatif ;
- de créer une deuxième offre permettant de mettre à disposition les denrées alimentaires non consommées;
- de charger la commission des actions sociales d'accompagner le projet et d'aider à sa mise en œuvre ;
- question « Déi Gréng » – renforcement de la ligne ferroviaire Bettembourg-Volmerange-les-Mines et suppression des passages à niveau ;
- question « Déi Gréng » – CR161 – passage pour piétons et cyclistes ;
- question « Déi Gréng » – Tiny Forests ;
- question « Déi Lénk » – TICE.

Il est répondu à la question par le collège des bourgmestre et échevins séance tenante. La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. •



# GEMENGEROTSSITZUNG VUM 14. FEBRUAR 2024

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus eise Gemengeservicer a Vertrieder vun der Press, e schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkomm hei an eisem leschte Gemengerot virun der Fuesvakanz. De 14. Februar steet also bestëmmt änner engem gudden Omen, net nëmmen engersäits wat de Contenu geet, mee awer och wat d'Tenue vestimentaire bei verschidde Gemengeconseilleren a -conseillèren deementspriechend ugeet, passend also zum Ulass vum 14. Februar. Punkto Formalien, éier mer op d'Punkten eriwwerginn hu mer hei Procuratioune virleien. D'Procuratioun hei vum Françoise Kemp un d'Madamm Kayser-Wengler an d'Procuratioun vun der Madamm Kohn un de Roby Goergen. Voilà. Ceci dit, si mer do dann och komplett an deem Sënn.

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géif ech da proposéieren, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn. Dat ass Korrespondenz. Do hu mer hei aus dem Schäfferot à ce stade näischt.

## 2. CIRCULATIOUN

**2.1. Modifikatioun vum allgemenge Verkéiersreglement – Reglementatioun vun der Rue de la Libération (CR 184)**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mir géifen ufänken haut an der Liberatiounsstrooss. Ech mengen, Dir wësst, datt aktuell am Quartier NeiSchmelz, datt do esou lues a lues de Chantier ugefaangen huet. An elo ass et esou, datt d'Liwwercamionen dacks keng Parkplaz fannen, wou se kënne stoe bleiwen an där Strooss. An da stellen déi sech alt emol matten op d'Fuerbunn. D'Demande koum, ob et méiglech wär, da weider Liwwerplazen an der Liberatiounsstrooss ze amenagéieren, soudatt eeben déi Liwwerween net méi mussen an der Strooss stoen. An aus deem Grond proposéiere mer Iech op follgende Plazen eng Liwwerplaz ze stëmmen. Dat wier op der Héicht vun den Haiser 175- 179 Rue de la Libération an op der Héicht vun den Haiser 229- 231 an der selwechter Strooss. Den Horaire, dat wär dee vu 7:30 bis 11.30, sou wéi bei deenen anere Liwwerplazen. An dat wär et eigentlech scho vu mir gewiescht zu deem doten Deel. A wa Froe sinn ass och de Pit Demuth aus eisem Service Circulatioun do.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Claudia, fir déi dote Presentatiounen, Informatiounen. Si Froen dozou ? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen. ***Wien ass hei mat deem Reglement averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.2. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement – Reglementatioun vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, do komme mer an den Zentrum. Genau wéi d'lescht Joer soll d'Niddeschgaass am Summer verkéiersberouegt sinn. Dat bedeit Follgendes: vum 1. Abrëll bis den 30. September wär d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte an d'Place Kinnen vun 12:00 bis 18:00 Auer, den Dag drop zwëschent der Rue Dominique Lang an der Rue du Commerce an der Place Hôtel de Ville fir eeben de motoriséierte Verkéier gespaart. Well en eeben an eng Foussgängerzon ëmgewandelt gëtt, mat der Ausnam vun den TICE-Linnen 8 an 9, dem Flexbus, Adapto an natierlech och den Taxien. D'Véloen däerfen do duerch fueren. Motorrieder, déi däerfen net do duerch fueren, dofir kréie se eng separat Parkplaz am Duerf an der Wolteschgässel. An d'Police huet eis och versprach, datt se reegelméisseg Kontrolle géif maachen, fir datt sech dorunner gehale gëtt.

Et ass verbueden op Héicht 23 an 28 an d'Grande-Duchesse Charlotte an 1, Rue du Commerce an d'Niddeschgaass ofzebéien. Fir den Awunner awer vun 1 bis 20, Rue Jean Jaurès awer den Accès eeben zu hiren Haiser ze garantéieren, gëtt de Sens unique fir si dann eeben opgehuewen a se kommen awer maximal bis bei d'Apdikt. Mer hunn natierlech och mam Virfeld vun dësem Reglement, Récksprooch mam FCAD, dem Geschäftsverband an eisem Uspriechpartner gehalen. An do ass et esou, datt keng kloer Positioun do ass fir dat Eent oder dat Anert, respektiv wat den Datum ubelaangt. Sou datt si sech ënnerteneen onschlësseg sinn. Sou dass mer et dëst Joer et eeben d'selwecht wëlle loosse wéi d'lescht Joer mol. A wéi all Kéiers ass och, wann technesch Froe sinn zum Reglement, nach ëmmer eise Service hei. Voilà, fir de Rescht ass et the same procedure wéi d'lescht Joer. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Same procedure as last year, wou Der elo gesot hutt, dat och e bësse vun onser Säit aus. Mir haten d'lescht Joer eng Ëmfro gemaach am Duerf. D'Fränz an ech, mir waren an all eenzel Geschäft gaangen, mir haten all eenzel Geschäft gefrot gehat deemools: Wéi

gesitt Der d'Saach? Wéi fannt Der dat? An et ass gesot ginn, mir fannen dat net gutt. Vun all de Geschäfter, déi mer gefrot hunn, a mir hu praktesch all Geschäft gefrot gehat am Duerf, et war effektiv, fir et ganz fairer Weis och ze soen, eng eenzeg Persoun, déi gesot huet, hier wär dat am Fong egal. An dat war awer och eng Vendeuse, Vendeur, dee wou nei war. Dat heescht, deen hat och nach keng laang Vue dorobber. Mir hunn de Shared Space, dat Konzept, vun Ufank un ënnerstëtzt, well mer fannen, dass dat e flott Konzept ass an dass dat och e gudde Komproméss ass. Ech denken och, dass mer an enger Zäit liewe vun enger Amélioration continue, dass een do roueg kann eng Entscheedung huelen an dann an e puer Joer eng Kéier evaluéieren, wéi sti mer dozou? Wéi ass déi Situatioun? Musse mer se nobesseren oder net?

Hei ass et awer elo ganz kloer esou, dass wa mer bei d'Geschäftsleit froe ginn, an dat ass am Fong och ëm déi Leit, wou et hei geet, ëm d'Geschäftsleit, well déi verdéngen hiert Brout am Duerf. An dat sinn och eng ganz Rei vun Aarbechtsplazen. Och fir déi Aarbechtsplaze muss ee sech staark maachen. A fir déi Aarbechtsplaze muss een alles maachen, dass déi oprechterhale ginn. Wann d'Geschäfter net méi do sinn, dann hu mer e Stadzentrum, sou wéi mer en am Fong ni wollten hunn. Mir wollte jo ëmmer, wéi den Här Buergermeeschter, ech zitéieren dat all Joers eng Kéier, well ech dat ganz flott fonnt hunn, wat en deemools an der Chamber gesot huet, de Stadzentrum ass d'DNA vun enger Stad. An déi musse mer oprechterhalen. An da muss een eebe kucken, fir alles ze maachen, fir dass dat och esou bleift. Wann an 20 Joer d'Situatioun eng Kéier aneschters ass an ee keng Geschäfter méi wëll hunn an nëmmen nach Restauranten an Terrassen huet, da kann een driwwer diskutéieren, da kann ee kucke wéi et ass. Mee haut zu dësem Zäitpunkt ënnerstëtze mer d'Geschäfter an en plus gi mer se ulounen, fir weiderzeverlounen, fir dann effektiv dat Liewen am Stadzentrum oprechtzeerhalen.

D'Geschäfter, déi soen Neen. Wann s de d'Leit frees, déi op den Terrasse sëtzen, déi soen dann natierlech Jo. Mir ënnerstëtzen, also mir respektéieren och d'Ëmfro da vum Geschäftsverband. Allerdéngs kënnt et och do net ganz kloer eraus. Ech denken éischter dass, wann een d'Geschäfter freet, déi soen Neen alleguerten. Et sollt e Sondage gemaach ginn d'lescht Joer, e Sondage sur le Centre-ville, zu deem mer kee Resultat kruten. D'lescht Joer hate mer och e bësselchen erausgefillt, dass Der wéilt selwer mat dem Geschäftsverband awer da kucke wéi ass et da gaangen d'lescht Joer? Wéi waren dann d'Resultater duerno? Dovunner krute mer och keng Äntwert. An du wollt ech gëschter am Fong nach eng grouss Ried schreiwen dozou. An du hunn ech geduecht, wann d'CSV eppes seet, da si se vläicht awer net ëmmer esou averstanen domat, an du hunn ech geduecht, da kucken ech, wat huet d'LSAP da gesot gehat dozou? An du hunn ech geduecht, da bannen ech mech un déi Sätz vun der LSAP an da musst Der jo op Fong averstane si mat deen. An et ass net aus dem Kontext gerappt.



Ech hunn d'Ried geholl, et ass vum Här Clement, déi heiten, et war eng Budgetsried, ech mengen et war 2019, 2020, an do seet hien: „Bierger, déi net méi esou gutt ze Fouss sinn, awer nach wëllen an Diddeleng kommen, kënnen esou onkomplizéiert bis virun hire Buttek kommen, a mir hu vill Geschäfter, déi fir ze iwwerliewen, och dës Bierger brauchen." Dat waren d'Wierder vun der LSAP. An dat ass am Fong genau dat, wat mir och d'lescht Joer gesot hunn. An den Här Garcia, deen huet jo dann och ëmmer sech staark gemaach fir eng Foussgängerzon, hie war och géint de Shared Space, an och do hat de Buergermeeschter, den Här Dan Biancalana, och e ganz flotte Konter, well deen hat nämlech gesot, dass d'Foussgängerzon, dat wär e monumentale Flopp, an dat wëll ech net weider kommentéieren, ech wëll just soen, dass de Constat vun dem monumentale Flopp net gedeelt gëtt. D'Wierder vum Här Biancalana „Mir zielen hei konsequent déi zweet Phas respektiv déi drëtt Phas duerch, well et e Ganzt ass. An et muss ee keng Scheiklappen hunn, wann een einfach emol kucke geet, wéi an deenen zwou gréisste Lëtzebuerger Stied d'Foussgängerzone fonctionéieren an hiren Impakt, an do gesäit ee wat d'Resultat ass, a méi brauch ee sech net ze soen." Bon, ech denken, ech brauch dann och net méi ze soen.

Mir sinn effektiv der Meenung et kann een eng Amélioration continue hunn, et kann een ëmmer eppes evaluéieren, mee wann een awer wierklech mat den Aarbechtsplaze vun de Leit spillt, déi do sinn, ech denken, do misst een e bëssen drop lauschteren an, net nëmmen e bëssen, dat misst ee wierklech respektéieren. A wéi gesot, et kann een einfach emol punktuell d'Strooss zoumaachen, fir eng Braderie, fir e Fest, wou een d'Geschäfter ënnerstëtzt. Awer fir ganz zouzemaachen op esou eng laang Zäit, dat ënnerstëtze mir net. An dofir stëmme mir dat heiten net mat.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Den autofräie Shared Space ass jo en Thema, wou mir duerch Motioun a Froen an der Vergaangenheet jo scho gewisen hunn, dass en eis um Häerz läit. Ech hat schonn e bëssen am Gefill, dass d'CSV de Mikro-Trottoir vum leschte Joer géif auspaken an nach méi al Zitater vun eise Virgänger. Et huet sech dach awer vill gedoen an d'Wichtegkeet vun der doucer Mobilitéit an de Stadzentren ass awer iergendwou an deene leschte Joren ëmmer méi no vir geréckelt. Ech mengen och de Bléck an d'Ausland weist, dass dat doten ëmmer méi zukunftsfäeg ass, dass den Auto ëmmer méi aus de Stadzentren erauskënnt. An ech menge mir hätten

hei e gudde Komproméss fonnt, wou dat Eent an dat Anert erméiglecht. Op jidde Fall, am Gemengerot vum 11. November hate mer och hei eng Partie Äntwerten op eis Froe kritt, déi mer gestallt haten, déi eis ganz wichteg waren, fir haut och zu dësem Punkt eis fundéiert kënnen ze äusseren. Mir begréissen dëst Reglement, och wa mir prinzipiell der Meenung sinn, dass dëst Reglement, wéi mir et haut och wäerte matstëmmen, dat ganzt Joer iwwer gëlle sollt, well mir vun Ufank un der Meenung waren, dass Gewunnechten sech iwwert d'Zäit bei de Leit etabléieren, a well mir der Meenung sinn, dass dee Modell moies op fir d'Autoen, mëttes an owes net, allen Doleancë Rechnung dréit. Mir sinn awer och der Meenung, an do maachen ech d'Faass dann och erëm direkt zou, dass een net all Joer kann a soll e Komproméss a Fro stellen an en zur Diskussioun bréngen.

Och wann et just anekdotesch ass, wollt ech hei awer och deelen, wat de Retour ass, dee mir am Hierscht vu ville Biergerinne kritt hunn, déi net Member an eiser Partei sinn an och net passionéiert Cycliste sinn. An zwar schéngt am Ufank vill Skepsis do gewiescht ze sinn, voire dass d'Leit et och kritesch gesinn hunn, ma dass se am Oktober erëm genervt waren, dass déi Rou op eemol fort war, déi ee mëttes beim Flanéieren oder op der Terrass oder virum Café hat.
Gespaant si mir dohier op den informelle Gemengerot, wou mir eis Fro vum 11. November beäntwert wäerte kréien, wat am Online-Sondage vum Abréll 2024 erauskomm ass, an hoffen op alle Fall, dass den Zäitpunkt vum Sondage d'Resultat net verfälscht huet. Well bestëmmt Leit, wéi an eiser Anekdot, zu deem Moment berechtegterweis skeptesch waren, hir Meenung sech awer eventuell iwwert de Summer geännert huet. Dëse Gedanken an och dës Réckmeldunge wollte mir op dëser Plaz deelen, well de Règlement d'ordre interne bei Froe jo kee Positionnement méi zouléisst, dofir, soss hätte mer dat schonn am November kënne maachen.

Frou ware mir driwwer ze héieren, dass d'Sensibiliséierungscampagne mat de Schleeken am Fréijoer dëst Joer kënnt, well mir denken, dass d'Sensibiliséierung a Récksichtnam openeen immens wichteg ass. Sou hoffe mir op weider sou flott Aktiounen an hoffen drop, dass Social Media a Co erëm kënne genotzt ginn, fir opzeklären do, wou et gebraucht gëtt. Eng lescht Fro hätte mer dann awer zum Problem vun de Poller, wou d'Madamm Dall'Agnol eis am November gesot hat, déi magnéitesch Spull, déi géing eng Feelermeldung produzéieren, wann een drop kuerz geparkt steet. Konnt hei fir déi nei Saison eng weider Léisung fonnt ginn, nieft de Kontrollen an de Schëlder? Oder wier et hei eventuell derwäert, dëst an eng Sensibiliséierungscampagne mat anzebannen? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech kann e bësse méi kuerz maache wéi meng Virriedner. Ech wollt eigentlech guer näischt soen, well eis Positioun mengen ech och bekannt ass als déi Lénk. Mee wann elo hei jiddereen nach eng Kéier seng Positioune bréngt, da ganz kuerz. Mir ënnerstëtze selbstverständlech och dat Reglement. D'selwecht wéi déi Gréng si mir awer eigentlech och, an dat ass kee Geheimnis, Verfechter fir eng Foussgängerzon iwwert dat ganzt Joer. Ech mengen, dass et dofir e puer Argumenter gëtt. Jo, ech verstinn d'Suergen ëm d'Geschäfter. Et ass och wichteg, dass et de Geschäfter gutt geet. Mee d'Geschäfter liewen awer net just dovunner, dass d'Autoe virun der Dier kënne parken. Mee vill Geschäfter liewen och dovunner, dass d'Leit laanscht tréppelen, vun der Laufkundschaft. An et ass méi agreabel laanscht d'Geschäfter ze bummelen, wann een net andauernd muss aus der Strooss sprange well d'Autoe kommen. An dowéinst menge mer, dass et do dat Eent an dat Anert vläicht gëtt.

Mee Diddeleng besteet awer och net just aus Geschäfter, mee och aus Leit, déi hei wunnen an déi sech gär emol am Zentrum ophalen oder Leit, déi souguer hei am Zentrum wunnen. A fir déi ass et awer och vill méi agreabel, menge mer, wann net dee wierklech massiven zäitweis awer Verkéier am Zentrum ass. Och dat ass awer en Zeeche vu Liewensqualitéit. An ech mengen dat huet een awer och leschte Summer gemierkt, wéi flott et war, grad wa gutt Wieder war. An da fir déi Leit, déi natierlech net esou gutt op de Bee sinn, hu mer jo nach ëmmer e ganz gudde Citybus, deen d'Leit jo da kënnen huelen an dee jo nach duerch den Zentrum fiert. Dowéinst, voilà, mir ënnerstëtzen dat heite Reglement. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, selbstverständlech droe mir dat doten och mat. An eisem Walprogramm stoung jo och dran, dass mir dat gären esou hätten, dass d'Duerf zou wär fir d'Foussgänger. Mir haten eis jo hei zesummen dorop gëeenegt, dëst no Récksprooch vum Schäfferot mam Geschäftsverband, déi jo och averstanen waren. Mir hu moies vu 06:00 bis 12:00 op fir d'Livreuren. Déi mussen natierlech bis bei d'Geschäfter kommen. A fir de Rescht, ofgesi vum Bus, wéi d'Madamm Thoma scho gesot huet, hu mer uewen an ënnen a lénk a riets vun eiser Geschäftsstrooss och Parkingen, wou ee ka parken, mat enger Sortie souguer direkt vis-à-vis vun enger bekannter Bank matzen am Duerfzentrum. Et kënnt een no alle Richtungen eraus an et muss een ni méi wéi 50 Meter lafe fir bei dat gewënschte Geschäft ze kommen. Voilà. Ansonsten wollt ech nach soen, den Här Martini huet grad gesot, d'Leit op den Terrasse wären natierlech dofir, dass d'Strooss zou ass.

Ma ech hunn hei zu Diddeleng nach kee begéint, deen net dofir ass, dass zou ass, ob en elo op enger Terrass sëtzt oder net. A wéi si, haten och mir en Tour duerch d'Geschäfter gemaach a mat de Leit, mat de Vendeuren an de Proprietären geschwat. An nodeem mir hinnen och erkläert hunn, wat et awer fir Méiglechkeeten nach ginn, fir d'Leit heihin an d'Duerf ze kréien. Dass d'Gemeng och dofir suergt, dass Animatioun ass, dass et flott am Duerf ass, dass och Leit aus der Ëmgéigend op Diddeleng an den Duerfkär kommen, déi soss eventuell net komm wären. An déi dann och bei eis an d'Geschäfter akafen kommen. An nodeems mir hinnen dat esou erkläert haten, hate si och guer kee

Problem méi domat, dass d'Duerf dann zäitweileg zou ass. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech hu just eng ganz kleng Fro. Firwat ass d'Durée verlängert ginn? Well d'lescht Joer war et vum 1. Abréll 2024 bis 1. September 2024 an elo ass et bis den 30. September 2025. War et d'selwecht? Ah, ech hat dat da falsch verstan. Okay, pardon. Kee Problem.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Bon, ech wëll soen, dass mir als LSAP dëst Reglement och mat ënnerstëtzen. An et ass Villes hei och scho gesot ginn. Den Här Meyer huet et ugekënnegt, ech hat dat och opgeschriwwen. Ech mengen déi Parkinge ronderëm Diddeleng, do hunn d'Leit ëmmerhin d'Méiglechkeet nach hir Akeef ze maachen. An ech wëll och soen, dass d'wirtschaftlech Dynamik awer gestäerkt gëtt, andeems ganz vill Leit sech op Diddeleng beginn, well esou eng Foussgängerzon awer attraktiv ass an d'Leit sech och wuel spieren a gäre sech am Stadkär an am Zentrum ophalen. Ech wëll awer och bemierken, et ass awer och net esou, dass d'Leit net méi kënne virum Buttek parken. Ech menge moies ass d'Foussgängerzon jo nach op. Dat heescht, d'Leit, déi an déi Geschäfter ginn, déi wierklech net mobil sinn, mengen ech hunn awer och nach ëmmer hei d'Méiglechkeet och wärend där Period vun der Foussgängerzon hir Akeef ze maachen. Dofir stëmme mir als LSAP dat heite Reglement mat

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci. Ech mengen et sinn e puer Saachen, op déi ech muss agoen. Dat Eent ass, an ech hat dat och d'lescht Joer scho gesot, firwat ass eisen Uspriechpartner de Geschäftsverband an net all eenzelne Patron an all eenzelne Vendeur a Vendeuse an deem Stadzentrum? Ech mengen ech maachen ëmmer de Verglach. D'Regierung geet och net all eenzelne Bierger froen, mee d'Regierung huet Uspriechpartner an dat sinn an deem Fall d'Gewerkschaften. A fir eis ass eeben den FCAD, komm mer nennen dat esou, d'Gewerkschaft vun de Geschäftsleit. Dofir ass dat a bleift dat och eisen Uspriechpartner. Et ass op d'Aarbechtsplazen agaangen. Also ech menge wierklech net, datt déi Méint, wou mir hei Foussgängerzon maachen, datt dat wierklech dat ass, wat elo all déi Aarbechtsplazen a Gefor bréngt.

Kuckt mol eng Kéier Är Kafgewunnechten. Gitt Dir net och op d'gréng Wiss akafe mam Auto? Kuckt och eng Kéier wéi vill Dir online bestellt, ob dat elo op engem auslännesche Site oder op engem inlännesche Site ass. Ech mengen dat ass déi gréisste Gefor fir eis kleng an och mëttlerweil scho méi grouss Geschäfter, an dat net nëmmen hei an Diddeleng, mee dat mëttlerweil souguer weltwäit. Mir stinn natierlech och zu deem Konzept vum Shared Space weiderhin. An dofir hu mer probéiert och an de leschte Joren ëmmer sou de gëllene Mëttelwee ze fannen. Wa schéi Wieder ass an d'Leit gäre spadséiere ginn, da soll dat och méiglech sinn. A wann e bësse méi schlecht Wieder ass an d'Leit wëlle mam Auto bis bei de Buttek fueren, da soll dat och méiglech sinn. Et soll een awer och hei net maachen, wéi wann et an deem Shared Space Honnerte vu Parkplaze géif ginn. A jiddereen, dee sech do wëllt säi Brout, seng Zeitung oder säi Bréll kafe goen, direkt do géif eng Parkplaz fannen.

Dat ass eng Illusioun. An et si ganz dacks déi Leit, déi de Verkéier an deem Shared Space maachen, well se 15 Mol ronderëm fueren, bis se dann eng Parkplaz fonnt hunn. An et si meeschtens och net déi Leit, déi schlecht zu Fouss sinn, déi dovunner profitéieren. A wann s de wierklech schlecht zu Fouss bass, ech mengen den Här Goergen hat et gesot, hues de moies nach ëmmer déi Méiglechkeet, dat doten ze maachen. A wéi gesot, den Taxi fiert virun d'Dier, den Adapto fiert virun d'Dier, de Citybus wäert och an Zukunft Madamm Thoma nach ëmmer virun d'Dier fueren, sou datt fir déi och gesuergt ass.

Zum Här Steffen, vläicht just dat heiten. Jo, mir musse leider all Joers op déi Diskussioun do zréckkommen. Vläicht kann de Pit e Wuert dozou soen. Mir mussen dat all Joers frësch reglementéieren. Mir kënnen net ee Reglement huelen, fir datt dat elo fir all Joers en vigueur ass. Dofir wäerte mer och d'nächst Joer erëm eng Kéier op déi Diskussioun hei zréckkommen a jiddereen erëm eng Kéier dat nämmlecht soen, wat en och dëst Joer gesot huet.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Neen, neen, Du hues mech falsch verstane gehat. Also et war mer scho kloer, dass mer dat, mee d'Diskussioun, déi opgemaach ginn ass, mam Mikro-trottoir war, war mer net ganz kloer, dass mer déi all Joers géife féieren.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech fäerte mir haten eis richteg verstane, well déi Diskussioun wäerte mer genau esou d'nächst Joer erëm féieren. Voilà, dann, jo, Aktioune wäerte mer och duerchféieren, fir eeben op dat gutt Mateneen och opmierksam ze maachen. Mat der Feelermeldung, ausser d'Lexy an de Pit hätten do elo eng nei Informatioun, ass meng lescht Informatioun nach ëmmer, datt no enger Léisung gesicht gëtt, déi awer, dat hat ech deemools och scho gesot, net esou einfach ass, well et eebe muss méiglech sinn, fir déi Acteuren, wou ech virdrun opgezielt hunn, do duerchzefueren an natierlech och fir d'Gemengecamionen an d'Police an d'Protex. An dofir muss déi Schläif do sinn. A mir kënnen net allze vill dru piddelen. De Problem ass jo och eigentlech net de Poller selwer oder d'Feelermeldung. De Problem ass déi Leit, déi sech dohinner stellen an, bon, soit, datt mir déi zwar protokolléieren an och d'Police, wou déi dat gesinn huet, déi protokolléiert. Mee dann ass d'Feelermeldung scho laang ginn, well da stoungen déi schonn do.

Dat heescht, mir mussen d'Leit erzéien. A souguer wa mer do eng Sensibiliséierungscampagne maachen, wees ech net, a mir kënnen dat natierlech do mat eranhuelen, weess ech net, ob dat do bei jidderengem ukënnt, well mer och

festgestallt hunn, datt et ganz dacks auslännesch Placke waren, déi do geparkt hunn. An ech mengen net, datt eis Pub, fir et dann elo mol esou ze nennen, eis Kommunikatioun onbedéngt bei deenen ukënnt. Voilà, dat war dat, wat ech dozou ze soen hunn. Ech mengen de Buergermeeschter wëll och nach op eppes agoen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Claudia, fir déi dote Prezisiounen. Ech wëll nach e puer prinzipiell Saachen hei nach awer soen, respektiv Punkten, déi een esou net am Raum kann an deem Sënn stoe loossen. D'Politik lieft vu Kompromësser. Bei den Diskussiounen, déi mer hei féieren, e bëssen änlech wéi mer d’lescht Joer gefouert hunn, mir hu Parteien hei wéi déi Gréng, respektiv déi Lénk, déi sinn éischter fir eng Foussgängerzon, exklusiv. D'CSV ass exklusiv fir de Shared Space. Ech mengen dat si Positiounen, déi een akzeptéiert, déi een och respektéiert. Mee wéi gesot, d'Politik lieft mengen ech lokal an awer och mengen ech national vu Kompromësser. An dat ass also och e gutt esou. Ech mengen dat wat mer hei ëmsetzen, ass dat, wat mer engersäits och, muss ech awer soen, als LSAP an eisem Walprogramm haten. An ass och dat, wat an der Schäfferotserklärung steet, et ass also e Kompromëss, deen zäitlech limitéiert ass a wou awer, mengen ech, plus minus, jidderee sech och kann erëmfannen.

Et ass ëmmer interessant, wann een natierlech op Discoursen, déi een zu engem gewëssenen Zäitpunkt gefouert huet, op déi zréckgräift, wéi den Här Martini dat gemaach huet, et muss een dat awer och ëmmer kontextualiséieren. Dat war zu engem Zäitpunkt, wou déi dräi Phase vum Shared Space nach net fäerdeg waren. Also eng ganz aner Realitéit war. 2019, dat war och nach virum Covid. Ech menge mir sinn elo gutt 6 Joer duerno. Mir hunn elo dräi Phasen hei am Zentrum, déi fäerdeg sinn. An d'Stadbild ass och deementspriechend en anert. Also et soll een ni vergiessen, wann ee Recours mécht an d'Vergaangenheet, dass een dat och deementspriechend kontextualiséiert par rapport zu deem Zäitpunkt. An haut, mengen ech, hu mer e komplett aneren Zäitpunkt. Et ass och gutt esou, dass do eng Evolutioun insgesamt ka stattfannen. An ech mengen, dat deet och sécherlech enger CSV gutt, wann hir Positioune mol kënnen dann och deementspriechend evoluéieren, wa se wëllen.

Ech sinn awer net bei Iech, wann Der e bëssen dat schwaarzt Bild zeechent, e bësse vum Diddelenger Commerce, well ech menge wann een insgesamt kuckt, geet et awer dem Diddelenger Commerce net allze schlecht. Mir sinn eng Gemeng, déi knapp 6% Leerstand huet. National läit de Leerstand bei 11 %. An et ass jo och net esou, dass elo duerch hei de Shared Space, respektiv op där anerer Säit dann déi punktuell Foussgängerzon, déi mer aféieren, d'Commercen d'Baach agaange wären. Au contraire. Et sinn nei Commercen, déi sech hei zu Diddeleng usidelen. Dat muss een och emol an de Vierdergrond maachen. Mee dat huet d'CSV awer, muss ech soen, net hei gemaach. A wat mengen ech awer och wichteg ass, Shared Space hin oder hier, punktuell Foussgängerzon hin oder hier, och d'Geschäftsleit hunn et an der Hand ze kucke wéi se och hire Commerce verkafen, wéi se hire Commerce virstellen, wéi se hir Vitrinn, hir Vitrinn no bausse presentéieren, wéi se de Service um Client maachen, wéi eng Qualitéit, wéi eng Offer se deementspriechend bidden.

Dat sinn och, Elementer, wann een awer esou eng Diskussioun hei wëll uféieren an an eng Richtung wëll goen, da muss een dat awer och soen. Well ech mengen och dat ass ausschlaggebend, wéi e Commerce sech an enger Stad positionéiert a seng Responsabilitéit iwwerhëlt, par rapport natierlech zu enger Gemeng, déi och Animatioun ubitt respektiv dann och Parkplazen. Dat ass ee Gesamtbild. Da wëll ech awer och nach vläicht hei soen, ech mengen ech sinn do am Wuert, deen online Sondage, dee mer gemaach hunn, dass mer deen och eng Kéier hei wäerten an engem informelle Gemengerot och dëst Joer presentéieren an Iech och do déi Resultater presentéieren. Dozou stinn ech, ech hat dat d‘leschte Kéier gesot, an dat wäerte mer och deementspriechend maachen.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer dann zum Vott iwwer ginn. ***Wien ass hei mat der punktuell ugeluechter Foussgängerzon averstanen? Dat ass dann d'Stëmme vun déi Gréng, d'LSAP, d'DP, den ADR an déi Lénk. Wien ass dergéint? D'CSV.***
Villmools merci, fir déi déi doten Diskussioun an da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

**2.3 . Confirmatioun vun engem dréngenden temporäre Verkéiersreglement -Reglementatioun vun der Route de Luxembourg (N31)**

CLAUDIA DALL‘AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech mengen deen ass e bësse manner kontrovers, well hei geet et ëm e Kanaluschloss fir eng nei Residenz. Op 121 an der Lëtzebuerger Strooss ass, wéi gesot, eng nei Residenz gebaut ginn an déi brauch eeben och en neien Uschloss un de Kanal. Deen alen Uschloss, dee war ze kleng. A komm mer soe mol esou, och net méi an engem extra gudden Zoustand. Elo ass et awer esou, datt dee Kanal, wéi dat dacks de Fall ass, ënnert der Fuerspuer a Richtung A13 Beetebuerg läit, soudass, fir d'Aarbechten ze maachen, eeben d'Fuerspuer a Richtung Diddeleng-Zentrum gespaart muss ginn, ausser natierlech ëmmer fir d'Awunner an och wa Livraisounen ze maache wären.

Den Trafic a Richtung A13 Beetebuerg verleeft am Sens unique laanscht d'Haiser 119, 123 iwwert déi aner Spuer, respektiv mer huelen de Parksträif mat. An d'Awunner vun 123 bis 161, déi kommen awer zu all Moment bei hir Haiser bäi. D'Aarbechte ginn dann och extra an der Fuesvakanz gemaach, well mer awer d'Erfarung gemaach hunn, datt da vill manner Verkéier ass, well och eis Nopeschlänner zu deem Zäitpunkt Vakanz hunn. Et ass also manner Trafick.
Dat ass da vum 18. Februar bis samsdes den 22. Februar.

Et gëtt ëmmer och just vun 9 bis 16 Auer geschafft. Dat heescht, wann den Haaptverkéier laanscht ass, respektiv den Haaptverkéier nach net zréck ass. An déi aner Zäit leie fixéiert Tôlen an der Strooss, soudass den Trafick, wéi gesot, an de Spëtzestonnen en double sens ka fueren.

D'Busser, déi ginn duerch d'Bierengerstrooss deviéiert. D'Automobilisten a Richtung Zentrum fueren tëschent 9 a 16 Auer duerch d'Rue Nic-Bodry an d'Rue Abbé Lemire. Wéi gesot, et ass jo keng Schoul, sou datt mer net mat de Schülerinnen a Schüler hei a Konflikt komme wäerten.
Well et sech awer ëm eng Nationalstrooss handelt, hu mer och missen den Accord préalable bei der staatlecher Verkéierskommissioun ufroen. Deen hu mer och kritt. Deen hat Der och nogeschéckt kritt. Wéint der spéider Informatioun awer, déi mer vum Entrepreneur kritt hunn, Dir kennt dat, dat kënnt méi dacks vir. De 4. Februar, huet de Schäfferot direkt den Dag drop de 5. Februar e Règlement d'urgence geholl eebe mat den Datumer 18.2. bis 22.2. an der Schoulvakanz.

A mir géifen dat dann haut gären duerch Iech approuvéiere loossen. An domadder vermeide mer nämlech, datt mer e Refus vum Ministère kréien, wéi mer dat alt emol schonn haten, well mer aus Erfarung wëssen, datt déi zwee Ministèren net esou séier kënne reagéieren. Voilà. A fir all weider Froen ass de Pit och hei, fir gären drop anzegoen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia, fir déi doten Erklärungen. Froen, Remarken? Dat ass net de Fall. Da géif ech soen, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass mat deem dote Reglement averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 3. FINANZEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer riwwer op d'nächste Punkt. Finanzen. An do ass d'Piste cyclable am Parc Le'h. Claudia.

**3.1. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Beliichtung vun der Piste cyclable laanscht de Parc Le'h**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Dat huet de près ou de loin natierlech och mat Circulatioun ze dinn. An dofir ass net nëmmen de Pit, mee och eist Lexy de Moien hei, deem ech Merci soen. Dir wësst, datt mer an der Le'h e schéine Wee hu vun der Curiestrooss laanscht d'dräi Bänken, d'Wëlldéierestatioun bis an d'Rue de la Forêt, respektiv bei d'Route de Zoufftgen op den Ufank vun der Vëlospist PC8C. An dee Wee, dee gëtt dann och vu moies bis owes vu ganz ville Foussgänger, mee awer och vu Vëlosfuerer benotzt. An deen eenzege B-Mol ass awer deen, datt wann et bis däischter gëtt, dann ass et awer och wierklech stackdäischter, well dee Wee net beliicht ass an et gesäit een näischt. Aus deem Grond huet de Schäfferot 2021 schonn, mir hate mengen ech scho méi dacks hei driwwer rieds beim Budget, eng Demande beim Fierschter gemaach gehat, fir eeben dee Wee kënnen ze beliichten. D'Beliichtung, déi geet och nëmmen un, wann e Foussgänger oder e Vëlosfuerer duerch dee Sensor erfaasst gëtt. Duerno ginn d'Luuchten erëm automatesch aus. A se sinn och gedimmt wéint eeben och den Déieren am Bësch.

Enn 2022 ass déi selwecht Demande dunn och un den Ëmweltministère gaangen, well mer bis dohinner nach ëmmer kee Feedback kritt haten. An no laangem Hin- an Hieran Nofroen an Nohaken, telefonesch wéi schrëftlech, krute mer do Enn 2024, also méi wéi dräi Joer duerno endlech den Accord vum Ministère. A well mer deen elo endlech hunn an et esou laang gedauert huet, wëlle mer och net weider Zäit elo verléieren. De Projet, dat sot ech, dee steet schonn e puer Joer am Budget. A mir kënnen elo endlech och deen Devis stëmmen, vu datt mer alles zesummen hunn. Mir hunn de Projet och leschten Dënschden an der Verkéierskommissioun virgestallt, wou nach eng Rei Froe komm waren, wou d'Lexy an de Pit awer drop agaange sinn.

A wann hei nach Froe sinn, respektiv wa si duerno nach eng Informatioun ze ginn hunn, op déi ech elo net agaange

sinn, da wäerte si dat maache fir datt Dir all d'Informatiounen hutt, éiert Dir ofstëmmt. Vläicht zum Devis. Well et ass jo eigentlech en Devis dee mer hei stëmmen. De Projet beleeft sech op ronn 200.000.- Euro, dovu sinn 100.000.- Euro Material an 100.000.- Euro Aarbechten. A wéi gesot, vläicht sinn nach Saachen, déi interessant sinn am Virfeld, da kënnen d'Lexy an de Pit lo drop agoen. Well fir mech, ech hunn elo mol, zumindest fir mäin Deel, alles gesot.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir haten dat doten an där zoustänneger Kommissioun diskutéiert. An esou wäit ech mech erënnere kann, ware mer eis do unanime eens, dass dat eng fantastesch Saach wär, deen neie Luuchtesystem. Fir déi, déi net do waren, déi Luuchten, déi schénge mat ongeféier 10 % a gi just punktuell do un, wou een dann och dee Moment laanscht geet, wou se dann bis op 80 % eropliichten, wat een awer dann nach nodréiglech ka verbesseren, falls et da sollt ze hell sinn. Déi Luuchten, déi ginn och net un, wann en Auto laanscht fiert oder wann d'Déiere laanscht tréppelen, mee just bei Mënschen. Esou sinn déi programméiert. An souguer de Kolleeg Steffen déi aner Säit huet dat immens fonnt. Éischtens, fir sech selwer mam Vëlo an awer och, dass d'Déiere vun hirer Nuetsrou kënne profitéieren a selbstverständlech droe mer dat doten dann och mat. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Elo kréien ech hei scho mam Steffen-Gütesiegel hei all Spannung aus mengem Saz hei erausgeholl. Neen, effektiv, mir begréissen dat dote, quitt dass Luuchten opstellen do, wou virdru keng waren als Éischt emol e Schratt ass a méi Liichtverschmotzung, méi Stroumverbrauch, sou ass awer dëse Projet an eisen Ae ganz sënnvoll, well en erméiglecht de sécheren a beliichte Passage vun Diddeleng an d'Zone industrielle Wolser H an och fir aus de Zone industrielle eriwwer a Richtung Rue de la Forêt, wat e Wee ass, wou dann evitéiert, dass een d'Haaptstrooss misst huelen, wat méi wéi sënnvoll ass an eisen Aen. Wou mir d'Luuchten du bis an der Verkéierskommissioun erkläert kritt hunn an elo nach eng Kéier vum Här Meyer rappeléiert kritt hunn, wéi se da fonctionéieren, waren och nach déi lescht Zweiwel bei eis aus dem Wee geraumt, dass dat do eng gutt Saach ass.

Dir kënnt Iech denken, dass deen do Typ vu Luuchten eis ganz gutt gefält, virun allem d'Funktioun mat de Beweegungssensoren a mir hoffen, dass esou Systemer zum neie Standard kënne ginn, do wou et sech ubitt a sënnvoll ass.
Ech menge mir haten och an der Verkéierskommissioun driwwer geschwat. Mir gi keng Luuchten elo erausrappen, déi nach funktionéieren. Mee dass een dat do fir an Zukunft einfach um Schierm behält, well d'Liichtverschmotzung awer eng vun den Haaptursaachen ass fir d'Insektestierwen an d'Schlofstéierung bei de Mënschen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ma ja, ganz kuerz, vu que dass mer d'Mobilité douce jo awer all déi aner Joren elo, bis elo, ëmmer hei ugeschwat hunn, dass mer ëmmer gesot hunn, et muss ee sech kënne mam Vëlo vun A op B deplacéieren. Effektiv däerf et och keen Hindernis sinn, wann et eng Kéier e bësse méi däischter gëtt, och am spéide Summer oder am Wanter.Dat doten ass eng exzellent Méiglechkeet. Dat ass och ganz innovativ, dat doten, an innovativ Projete soll een och ënnerstëtzen, well dat do kann natierlech och elo, an dat wäert och e Beispill gi fir aner Stied, respektiv aner Länner, fir dat doten herno ze adoptéieren. An do wäerte mer dann eng Virbildstad ginn an deem dote Punkt an dofir wäerte mer dat ganz gären ënnerstëtzen.

DIOGO COSTA (LSAP): Ech mengen ech kann am Numm vun der LSAP all menge Virriedner zoustëmmen. Och mir natierlech begréissen dee Projet, e manner groussen Impakt op d'Natur an eeben och e Kampf géint d'Liichtverschmotzung. Mir sinn och dofir, dass dee Projet soll evaluéiert ginn an och do gekuckt ginn, wou nach esou Piste méiglech sinn, ouni natierlech, wéi den Här Steffen gesot huet, elo funktionéierend Luuchtepottoen do nach rauszerappen. Wéi gesot, mir begréissen dee Projet fir méi Sécherheet fir d'Foussgänger an d'Vëlosweeër an och géint d'Liichtverschmotzung. Merci.
CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Neen, ech hunn eigentlech och elo weider näischt méi zouzefügen. Ech froe just nach, wann elo nach iergend en technescht Element ass wat wichteg ass. Ech kucken ob d'Lexy wat hatt nach wëll bäifügen? Wann dat net de Fall ass, wéi gesot, et ass alles an der Verkéierskommissioun erkläert ginn. An een Deel hu souwuel ech wéi den Här Meyer an den Här Steffen elo nach eng Kéier widderholl. Et misst eigentlech alles kloer sinn. Da kéinte mer zum Vott iwwergoen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. ***Wien ass mat deem Devis averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen dem Lexy Schoos an dem Pit Demuth och Merci fir hir Presenz haut de Mueren hei am Gemengerot.

**3.2. Approbatioun vum definitive Projet (Pläng an Devisen) fir d'Erneiere vun den Tribünen am Stade Jos Nosbaum**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da maache mer fliegender Wechsel. A mir komme lo zu dem nächste Punkt. Do geet et hei ëm en Devis vun 1,5 Milliounen Euro, wou et am Fong ëm d'Erneiere vun den Tribüne vum Stade Nosbam geet. An dofir begréissen ech hei an eiser Ronn de Serge Schmitgen vum Architektebüro Oblik vun RMC d'Cathy Castagna, vun Inca, de Jacques Hermann a vun eise Servicer vum Service Architecture et Domaines, de Paul Kousmann an d'Cathy Mambourg. Si wäerten eis hei bei dëser Presentatioun begleeden. Ech mengen haut ass keen onwichtege Moment fir d'Sportsstad Diddeleng. Och dat heiten ass e Projet, dee mer an der Schäfferotserklärung drastoen hunn. Dass mer engersäits och wëllen d'Tribüne respektiv d'Vestiairen, d'Buvettë vum Stade Nosbam erneieren.

Dat wat mer Iech haut hei presentéieren, dat geet ëm d'Tribünen. Mir wäerten awer am Laf vun dësem Joer och nach eng Kéier an de Gemengerot komme fir de Volet Vestiaire an och deementspriechend Buvette. Ech hunn ëmmer gesot, och am Kader mengen ech vun enger ganz Rei Projeten, dass Diddeleng de Moment an enger Period ass, wou engersäits nei Gebailechkeete musse geplangt ginn an awer och historesch Gebailechkeeten huet, ob dat elo Schoulen ass oder Sportsinfrastrukturen, déi deementspriechend musse renovéiert ginn. An dat ass och hei de Fall. Deen heite Projet dee mer Iech presentéieren, deen hate mer och an enger Entrevue schonn am Sportsministère, mat Vertrieder vum Sportsministère, respektiv och mam Sportminister virgestallt. En ass och an enker Ofstëmmung mat de Veräiner selwer, mat de Veräinsresponsabele gemaach ginn.

A wann een e bëssen awer kuckt, den Historique vum Stad Nosbam. Deen ass am Fong 1930 gebaut ginn. Mir sinn 2025, also bal kënne mer de Centenaire feieren. Dofir soen ech engersäits, dass Diddeleng an enger Période charnière, Neibauten duerch d'Weiderentwécklung vun der Stad an awer och Renovatioun vum Bestand. Also et kann een och soen, dass de Stade Nossbam, wéi gesot, wann en 1930 gebaut gouf, natierlech och en Zäitzeien deementspriechend och ass vun der Industrialiséierung vun Diddeleng. A jo, e läit e bëssen tëschent dem Gréngs an och der Schmelz, ech mengen an dat och matzen an der Stad an net geografesch ausserhalb vun der Stad. Do ass eng gewësse Particularitéit also ass et e bëssen  e Lieu emblématique. An natierlech 1930 ass e gebaut ginn. A bis 1991 huet d'US Diddeleng do gespillt, déi ass jo 1913 gegrënnt ginn an no 1991 war et, wéi gesot, dann den F91 Diddeleng, deen no der Fusioun vun deenen dräi Veräiner decidéiert huet, dass dat doten hiren Haaptsite gëtt. An natierlech dréit de Site selwer jo dann och den Numm vum fréiere President vun der US Diddeleng.

Wéi gesot, hei mengen ech eng och historesch Plaz, déi mer musse renovéieren a wou mer natierlech och déi néideg, hoffen ech, global Subside vum Sportsministère kréien. Wéi gesot, mir waren do virstelleg gi fir de Projet ze presentéieren. Mee dat e bësse fir de generelle Kontext awer och ze setze vun dësem Projet. An ech géif awer elo ganz gären hei eise Gäscht d'Wuert ginn, fir dass se och duerch de Projet féieren an Iech och déi néideg Erklärunge kënne ginn, wat virun allem elo och den éischten Deel ugeet, wat d'Tribünen ugeet. Voilà, dofir wéi géif ech hei da souwuel op dem Architektebüro Oblik wéi och Inca ganz gären d’Wuert ginn.

JACQUES HERMANN, INCA: Gudde Moien, Här Buergermeeschter, villmools merci fir d'Introduktioun. Dir Dammen an Dir Hären, mir wollten Iech de Projet do virstellen. Den Här Buergermeeschter huet eis scho presentéiert. Do kënne mer weidergoen an der Presentatioun. De Kontext vum Projet ass, wéi gesot, dass et eng historesch Struktur ass, déi schonn zimmlech al ass an déi ganz vill Contrainten huet. Duerch de Site, déi Gradinen, déi waren als Stéiplaze fréier gebaut ginn, hunn also eng Steilheet, déi haut net méi den Normen entsprécht. Si sinn dunn eng Kéier ëmfonctionéiert ginn als Sëtzplazen, sou wéi et eebe machbar war. Mee Dir hutt déi vereelzten Installatiounen. Dir hutt reegelméisseg Entretiensaarbechten do ze maachen, wou muss rafistoléiert ginn. D'Pente vun de Gradinen ass ze steil. Aus der ënneschter Rei gesäit ee knapps iwwert d'Pannoe vun der Publicitéit ewech an dee ganzen Ensembel sollt enger Renovatioun dann zougefouert ginn. Dat wär dann d'Phas 1 vun dem Reamenagement vum Terrain. Op d'Phas 2 kënne mer elo nach net weider agoen. Mee d'Opdeelung duerch Phase kënnt, well mer hei quasi och e Projet hunn, deen éischter, reng Genie civil ass. Dee mer laut Timing och schnell kënnen en oeuvre setzen an et och esou mam F91 ofgestëmmt hunn.

E puer Données de base, déi wichteg si fir verschidde Contrainten ze verstoen. Bon, Dir kennt natierlech de Site. Wa mer elo reng d‘Gradine kucken, si si bordéiert vu privaten Noperen am Süden. Dir hutt de Fussballsterrain am Westen, dee mer net impaktéieren. Dir hutt am Osten d'Zone agricole a wat och Nopeschterrain ass, wou mer net kënnen higoen. An dann hu mer am Norden nach d'Schoul mat engem Spillterrain, déi d'Contraintë fir de Projet bréngen.
Op de generellen Extraite gesäit een dat, wa mer de Kadaster kucken. D'Terraine vun der Schoul, vun der Spillplaz a vum Fussball gehéieren natierlech der Gemeng. Uewen an der Zone agricole, dat ass Arcelorsterrain, ArcelorMittal, déi zwou Parzellen.

An der Topografie gesitt Der wéi den Terrain och an den Hank do gebaut ginn ass deemools. Déi Topografie setzt déi eis och do Contrainten. Am PAG ass den Terrain vun der Tribün klasséiert als Zone de bâtiments et d’équipements publics. Dat heescht, mir däerfen do déi Aarbechten ausféieren. Mir hunn och am PAG awer schonn d'Hecken hannert der ieweschter Mauer, déi als Biotop do ageschriwwe sinn. An dann hu mer d'Zone agricole hannendrun. Dann, wann een an de Biotope méi wäit kuckt, dann ass och déi Zon direkt hannert de Gradinen als Feuchtwiese klasséiert, als Natura 2000-Zon och. Sou dass et net a Fro kënnt fir do déi Zon ze benotze fir de Chantier duerchzeféieren. Dat hutt Der am Dossier gesinn. Dat wäerte mer Iech och nach erklären, wat dat fir Contraintë bedeit an der Duerchféierung vum Chantier.

Dann hate mer jo vill Reunioune mam Schäfferot a mam F91, fir e gesonde Kompromëss ze fannen tëschent enger Renovatioun vun de Gradinen, ouni elo an der Envergure ze iwwerdreiwen. Awer fir elo doru pléischteren ze goe just an Dir hätt awer spéider nach ëmmer rekurrent Reparatiounen ze maachen, dat kënne mir Iech awer och net uroden. Doduerch hu mer sou e Mëttelwee gesicht. A mir maachen dann awer, souwäit et nëmme méiglech ass, setze mer eis konform mat de verschiddenen Normen. Do gëtt et eng Serie vun europäeschen Normen, fir d'Installatiounen, fir Spectateur den 13200, den EN13200, déi Serie

vun Normen. Dann hu mer d'Statutten an d'Reglementer vun der FLF, déi mer musse betruechten an dann och nach, vu datt den F91 jo awer reegelméisseg engagéiert ass, de Reglement vun der UEFA, wou et 4 Kategorië vun Terraine ginn a wou mer d'Kategorie 2 viséieren, déi minimum 1500 Place assises huet, fir de ganze Stadion.

Hei gesitt Der an de Fotoen e bëssen d'Ursaachen. Hannert der Buvette hu mer nach bal den original Zoustand, wou Ofplazunge si vum éischte Bëton. Do sinn nach d'Steegradinen einfach esou. Da gesitt Der an der Frontalusiicht hei bei der Buvette iwwerall déi vertikal Surfacen hu Problemer, wou reegelméisseg Bëtonsofplazunge sinn. An do si Placken eng Kéier drop gesat ginn, fir déi Still kënnen ze montéieren, wou och déi eng oder aner Plack scho rëm gerass ass a wou der rekurrent Reparatiounen ze maachen huet. An der Ausaarbechtung vum Dossier ass dann och nach den e bëssen - pardon fir den Ausdrock - de Knaschteck hei tëschent deenen zwou Clôturen zur Sprooch komm, deen de Moment do ass, dass mer dee Problem wa méiglech sollte léisen.

Dir gesitt och hei an der Coupe déi ënnescht Rei, déi sëtzt esou déif, dass se net iwwert déi Clôture hei gesinn oder op alle Fall net gutt. Mir hu bei de Liichtmasten nach déi eeler Verdeelerkëschten, déi och matzen tëscht de Leit do stinn. D'Pannoen, d'elektronesch Pannoen, déi sinn éischter notdürfteg un dem besteeënde Gelänner festgemaach. Hei hutt Der zwou Plattformen, déi geduecht ware fir Kameraen. Do sinn de Moment d'Spanplacken drop, wann et do reent, ass dat net extreem sécher, fir sech do opzehalen. Déi heite Plattform ass souwisou och ze kleng, wann ee lo UEFA-Normen hëlt.

An hei ass nach déi Ofdeelung, déi der hutt zum Gästeberäich, fir de Gäste-Fan-Block, déi hiren Accès dann och vu südlecher Säit hunn. An hei hu mer och bei der Anzeigetafel nach een Eck, deen net ganz propper erausgesäit.
Hei sinn d'Fotoe vun der Buvette. Dat ass haaptsächlech, fir Iech eng Kéier ze erklären, ganz kuerz, wéi mer wollte virgoen, wat mer mam F91 ausgemaach hu fir de Chantier, fir si sou mann wéi méiglech ze impaktéieren. Mir brauchen eng Plaz, fir kënnen de Chantier unzeliwweren. Dat wollte mer virschloen am Projet iwwert déi Spillplaz hei uewen.
Déi Bud fir de Grill géif ofgerappt ginn. An hei hu se 5 Fënsteren an der Buvette. Déi éischt ass de Fanshop. Deen ass einfach ze delokaliséieren. Da bleiwen der nach 4 fir d'Buvette. A wann den F91 op eng vun deene verzicht, mir géifen dat reduzéieren op 3, da kéinte mer op där doter Héicht eng Trennung maachen, dass den Terrain géif mat der Buvette, d'Buvette wär nach fonctionel, d'Vestiairë fir d'Spiller wäre fonctionel. An den Terrain géif da mat der Haapttribün fonctionéieren, wärend där Zäit, wou mer géifen de Chantier uewen duerstellen.

A ganz am Ufank stoung am Raum: Kënne mer dat wärend iergendenger Ënnerbriechung maachen? Mee am Fussball gëtt et just eng Ënnerbriechung vu sechs Wochen. En plus ass déi decaléiert mam Congé collectif vun den Entrepreneuren, sou dass dat vun der Envergure vun den Aarbechte sech erausgestallt huet, dass dat guer net méiglech ass. Dat heescht, mam F91 wär dee Moment ofgemaach, dass si eng Saison kéinte fonctionéiere mat der Haapttribün, déi 600 Plazen huet a wat ongeféier hirer Moyenne un Zuschauer de Moment entsprécht. Do sinn nach e puer Vuen. Do sinn d'Vuë vun dem Spillterrain uewen, deen u sech als Installation-Chantier-Fläch géif provisoresch benotzt ginn, well mer soss keng Flächen do um Chantier hunn. Fir de Projet ass et ugeduecht elo konkreet, dass mer wéinst dem Timing, fir de Projet kënne gutt duerchzezéien, géife mat prefabrizéierten Elementer aus Bëton géifen déi Tribün nei maachen. Dass déi Aarbechte méiglechst vill virgefäerdegt sinn. An dass mer déi Elementer géifen en place setzen. Dir gesitt op de Couppen, hutt Der eng Kéier hei d'Coupe am Bestand mat de Sichtlinien, déi net optimal sinn. A mat der Coupe am Projet gesitt Der, dass mer, éischtens, mer réckelen d'Pannoen no hannen.

Den F91 huet de Moment hei déi Minimumdistanz vun der FLF vun zwee Meter Sécherheet tëscht der Ausselinn an der Clôture. Dat géif op dräi Meter dann erhéicht ginn. Mir hätte souwuel ënnen un der Tribün wéi uewen den 1,20 Meter breede Fluchtwee fir d'Leit vir rauszekommen. Mir géifen déi sechs Sëtzreie behalen an domat ronn 990, also praktesch 1.000 Sëtzplazen erëm kréien. Dir hutt déi 600 op der Haapttribün, dann hutt Der de Krittär vun de 1.500 Sëtzplaze fir UEFA 2 ass erfëllt. A mir erfëllen hei, dofir gesitt Der, déi 34 an eppes Grad, dat ass de Maximum Steigung, déi een haut laut der EN 13200 soll maachen, ass 35 Grad. De Moment hu mer der 45. Also dat probéiere mer auszemëttelen. Mir komme souwuel ënnen e bësse méi héich wéi uewe liicht méi déif. A mir géifen och déi Wand, déi hanne schonn e puer Mol verstäerkt ginn ass, déi ëmmer sou e bëssen, also déi keng Confiance méi inspiréiert, déi géing och am Projet nei gemaach ginn. Dass mer do eng sécher Situatioun awer hunn. Well mer eis net kënnen erlaben elo do gréisser Aarbechten ze maachen an eng Wand, där hir Stabilitéit e bësse prekär ass, do nach stoen ze loossen. A wa mer et elo fit maachen, da sollt et awer e puer Joer dann halen.

Hei gesitt Der d'Vue en plan. A giel, just zur Erklärung, A giel wär am Fong déi besteeënd Situatioun, déi ofgerappt géif ginn. Mir géifen och d'Sëtzer vun der Tribün zentréieren op den Terrain. Et kéim eng richteg Plattform fir Kameraen an d'Mëtt an d'Achs vum Feld. Déi zweet, déi hei ass, déi géing ewechfalen. Et ass just déi an der Mëtt, déi vun der UEFA wierklech gefuerdert ass fir d'Kategorie 2. A mir hätte 5 Bléck vu maximal 200 Leit. Dat si 40 Still an enger Rei. Dat ass de Maximum, dee mer, dee mer kënne maachen. A mir hätten dann eng gutt Opdeelung. Hei an der Vue gesitt Der eng Illustratioun, wéi dat kéint ausgesinn. Woubäi ech muss soen, de Block hei, deen ass nach éischter als Platzhalter geduecht, wéi et eng Kéier kéint ausgesinn. Dat géif spéider kommen. De Projet hei, dee géif sech ëm déi doten Zon betreffen, fir déi Tribünen nei ze maachen. Well mer

mat de Bléck esou auskommen, hu mer op deem Eck hei hannen, wou souwisou keng Visibilitéit ass, dee wollte mer riicht oftrenne mat enger Mauer, dass do quasi keen Accès méi wär. An do wollte mer och net dann ze vill investéieren.

D'Installation de chantier, ganz kuerz. Well mer just dee Schlauch hei hu fir bäizekommen, fir d'Aarbechten duerchzeféieren, ass u sech d'Iddi, dass mer hei uewen op der Spillplaz eng Installation-Chantier-Fläch hunn, an dass mer mat engem Kran een zweete Kran beliwweren, fir déi Fäerdegdeeler bis hannenhin ze kréien. An dass mer och deen zweete Kran mat deem éischte montéiere fir och den Terrain net ze impaktéieren. Laanscht dem Terrain géife mer eng hëlze Clôture setzen, wou ee kann d'Pannoen da fixéieren, fir dass den F91 d'Werbung net verléiert fir déi Zäit, wou mer schaffen. An dass een eng gutt Trennung hätt par rapport zum Chantier, déi Trennung géif sech dann op déi dote Linn begéinen. Ganz kuerz nach den Accès fir de Chantier. Et kritt ee keen optimalen Accès hin. Do si Kompromësser iergendwou ze fannen. D'Propos wär fir iwwert de Wee hei ze kommen, dass een d'Camionen am Sens unique géif vun uewen aus der Erhuelungszon erofféieren. Si géifen hannerzeg op d'Chantiersinstallatioun fueren a si kéinten erëm vijenzeg duerch d'Wunngebitt erauskommen, well et do och ganz enk ass. Do wär och e Parkverbuet dann néideg. Dat gesitt Der hei op de Fotoen, fir elo hei op där doter Strooss Camione rop a rof ze schécken, dat schéngt eis net rational ze sinn.

Da fir den Devis hat den Här Buergermeeschter schonn den Total gesot. Dir hutt den Detail am Dossier. Do wäre mer bei engem Montant vun enger Millioun fënnef, toutes taxes comprises, Honoraires compris, fir déi Phas vum Projet. An de Planning ass ugeduecht, de Wonsch vum F91 wär, dass si nach kéinten dëst Joer d'Coupe d'Europe um Terrain spillen. Hei gesitt Der eng Kéier wéi dat dephaséiert ass. Dir hutt hei d'Enn vum Championnat, sechs Woche fräi, da kënnt d'Coupe d'Europe, da kënnt de Congé collectif, sou dass den Debut vun den Aarbechten nom Congé collectif kéint sinn an dass mer uganks nächst Joer fäerdeg wären. Iwwert d'Pläng kënne mer gären am Detail kucken. An da wäre mer op fir Är Froen. An ech géif Iech villmools Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir nach eng Kéier am Detail de Projet presentéiert ze hunn. Ech mengen, Dir gesitt, dass et e wichtege Projet ass, mee awer och e komplizéierte Projet a senger Ausféierung. An awer ass en deementspriechend néideg en vue vun der moderner Infrastruktur, déi een da wëllt dohinner kënnen. De Loris Spina als Sportschäffe wollt nach e puer Punkten ervirhiewen.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Effektiv och vu menger Säit e grousse Merci un de Jacques fir déi flott Presentatioun, déi eis undeitungsweis weist, wéi komplex a schwiereg dësen Dossier awer ass. Nichtsdestotrotz ass et e wichtege Projet fir eis Sportstad Diddeleng. An voilà, deen Dësch, deen Der do hanne gesitt vun den internen an externen Experten, déi sinn esou zesumme mam Schäfferot relativ oft mam F91 zesumme komm, an dat fannen ech och hei ganz, ganz flott a spannend un deem Projet. Et ass effektiv drëm gaange Kompromësser ze fannen. An dat ass eis mengen ech ganz gutt gelongen.

Den F91 hat eng Rei vun Iddien. Mir hate virun allem eng Zäitfënster ze respektéieren, wéi mer hei elo verstanen hunn, well déi Fënster ass wierklech ganz, ganz kuerz leider ass. An awer och eng Enveloppe budgétaire ze respektéieren. An deementspriechend hu mer da missen diskutéieren an zesumme Léisunge fannen. Mir hunn, mengen ech, ganz pragmatesch Léisunge fonnt fir dee Site. Den historesche Volet hu mer, mengen ech, héieren. An en huet natierlech eppes, dee Site. Dat ass schonn en nostalgesche Lieu do uewen. An ass engersäits flott. Anersäits wann een awer esou e Chantier wëll maachen, wann een un d'Accèsen denkt, un d'Sécherheet, déi een do garantéiere muss, ass et schons eng Erausfuerderung fir sech. Niewendrun hu mer eng Schoul an eng Maison Relais. Dat däerf een och net vergiessen. Mir hu Lokalitéiten um Däich, wou nach aner Aktivitéiten, wéi Sproochecoursen oder awer aner Sportveräiner, déi do och ënnerdaach sinn. Dat däerf een och net vergiessen. Och dat spillt natierlech mat.

An d'Zil war, fir deenen UEFA-2 Normen ze entspriechen. Ech menge mat 1500 Sëtzplazen hu mer do dat erreecht a ganz gutt geschafft. An dat passt och bei déi aktuell, soen ech emol, Zuschauerzuelen, déi reegelméisseg do uewe stattfannen. Do soll een net vill ze vill grouss oder ze kleng gesinn. Dat doten ass genau dat, wat den F91 am Moment brauch. An dofir ass den Dialog esou wichteg gewiescht. An op jidde Fall mat deenen Experten, déi do uewen do sëtzen, nach eng Kéier e grousse, grousse Merci. An ech sinn op jidde Fall ganz confiant, dass mer dat doten nach esou iwwert d'Bün kréien, dass mer herno alleguerten nach vill flott Stonne wäerten do uewe verbréngen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Bon, villmools merci. Villmools merci och fir d'Presentatioun. Dat huet wierklech elo awer e puer Informatioune méi ginn. Et ass ëmmer e bësse schued, dass mer esou Informatiounen eréischt elo kréie wärend dem Gemengerot, well mir haten awer elo am Dossier fir haut, hate mer just e sommairen Devis an ee Plang, also an eng 3D-Usiicht effektiv, mee lo sinn awer nach eng Rei Informatioune bäikomm. An dat mécht et natierlech awer e bësse méi einfach, fir d'Envergure vu sou engem Projet anzeschätzen. Well bei der Preparatioun si mer awer bal vum Stull gefall, wou mer de Präis gesinn hu vun 1,5 Milliounen, wann ee weess, dass am Budget, an de Budget, deen hu mer virun zwee Méint eréischt diskutéiert, an deen ass virun zwee Méint hei gestëmmt ginn, do ware 650.000 Euro virgesinn. Elo si mer bei 1,5 Milliounen, dat ass e Plus vun 132 %, dat heescht méi wéi dat zweeanenhalleftfacht eigentlech wéi dat, wéi dat virun zwee Méint am Budget nach stoung.

Dat huet eis schonn awer e bëssen iwwerrascht, well ech mengen, dass an deenen zwee Méint awer elo net de Bauindex esou extreem an d'Luucht gaangen ass. Dat heescht do wollte mer eigentlech froen, wéi dat méiglech ass, dass dat esou variéiert huet? Elo, wann ech mer dat doten ukucken, an ech gesinn, wat dat fir e grousse Kino ass, fir deen, fir dee Chantier do, fir déi Aarbechten eigentlech ze realiséieren, also et ass jo scho bewosst, dass net vill Plaz do ass, mee wa mer ee Kran hunn, deen een anere Kran beliwwere muss, da froen ech mech éischter, ob déi 1,5 Millioun iwwerhaapt duergeet, well ech mengen dat doten, dat gëtt schonn eng Erausfuerderung fir déi Entreprise, déi dat wäert maachen. Voilà, soudass mer elo zumindest méi Informatiounen hunn. Mee et géif eis awer interesséieren, wéi dat méiglech ass, dass dat dote lo eréischt gewosst ass an dass mer virun zwee Méint nach eng aner Zomm haten. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. A villmools merci fir déi ganz interessant Presentatioun. Ech menge jiddereen, deen dohi schonn eng Kéier Foussball kucke gaange war, dee weess, dass et batter néideg ass, dass do eppes geschitt. A mir hunn och alleguerte gesinn, dass sech hei seriös Gedanke gemaach gi sinn, fir deen Terrain erëm fit ze kréien, wuelwëssend, dass d'Gegeebenheeten, respektiv d'Plaz, fir dat do alles hinzekréien, zimmlech enk ass.

Den F91 ass,wéi och eis aner Veräiner, en exzellenten Ambassadeur fir eis Stad, souguer fir eist Land. An et ass och un eis, déi sech jo ëmmer rühmen mat eiser Sportstad Diddeleng, fir dann och ze kucken, dass eis Sportveräiner dat kréien, wat se brauchen. Ech als fréiere Sportler an awer nach ëmmer Sportbegeeschterte sinn natierlech dofir, dass eis Veräiner déi néideg Ënnerstëtzung kréien. A wäert dat do dann och matstëmmen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Merci och fir d'Presentatioun. An ech ka mech nëmmen dem Carole Thoma uschléissen. Den Här vun der Firma huet gesot, dat hutt Der jo am Dossier gesinn. Ma neen, mir hunn iwwerhaapt näischt gesinn. Mir hu véier Säite gesinn. Déi 24 Slidë si lo de 14.2. tout juste, lo wärend der Seance, op eisen Intranet gesat ginn, wat ech absolutt net appreciéieren, wat mir net appreciéieren. An esou geet een net mam Gemengerot ëm. Et ass alles schéin a gutt, wann een dat och ëmmer dem Veräi virstellt. Mir wëssen och vun der Urgenz vun där ganzer Geschicht. An d'Aart a Weis, wéi awer hei de Schäfferot mam Gemengerot ëmgeet, dat fanne mer absolut net an der Rei.

Da wollt ech awer och soen zum Präis, net dass elo erëm egal wat vu Remark herno kënnt, well hei hunn ech elo en Artikel aus dem Wort vum 6. Januar 2025. „Hoch hinaus, so sehen die sportlichen Infrastrukturpläne in Düdelingen aus“. An do steet och explizitt dran, dass de Sportsschäffen hei dra geschriwwen huet, „Für die Neugestaltung des Stade Jos Nosbaum sind 650.000 Euro für die Neugestaltung der Tribünen vorgesehen.“ Punkt. Dat heescht, kommt elo net, majo, hei an do, dat ass de Budget 2025 an 2026 kënnt de Rescht. Mee da soll een dat net esou an den Artikel schreiwen, an den Text schreiwen. Voilà. An do fanne mer et dann och ganz cocasse, dat ass dann alles an deem Artikel vum Lëtzebuerger Wort vum 6. Januar ganz schéin erkläert ginn. „Derzeit laufen auch Studien zur Modernisierung der Buvette und der Turnhalle der angrenzenden Deichschule. Dabei gehe es vor allem um den teilweise gemeinsamen Umkleidetrakt von Stadion und Schule.“ An da steet ganz gnädeg hannendrun: „Zu Kosten und Zeitplan wolle man noch keine genauen Angaben machen, da das Gesamtprojekt noch nicht im Gemeinderat beschlossen sei.“

Ma, et ass och nach net virgestallt ginn. Par konter huet awer schonn den F91 Pläng gesinn, déi mir nach net gesinn hunn. An déi wäerte mir da warscheinlech och eréischt just presentéiert kréien, wa mer dann däerfen de Sanctus ginn zu engem Budget. Da kënne mer awer elo schonn e bëssen, wa mer de PPF, dee mer herno diskutéieren, e bëssen ausernee klabüsteren, do steet nämlech och am PPF 2025 „Buvette et tribune Stade Nosbaum“. Do ass e Budget dra geschriwwe gi vu 4,6 Milliounen. Dat heescht, dass mer eis dann ausdenke kënnen oder ausrechne kënnen, dass dann déi Buvette, an dass dat herno nach eng Kéier 3,1 Millioune gëtt. Also wéi gesot, dat ass schonn e groussen Invest op deem Site. Mir sinn eis absolut bewosst, dass do eppes muss gemaach ginn. Mir stellen dat absolut net a Fro. Mee et geet erëm, eng Kéier drëm, wéi hei mam Gemengerot ëmgaangen ass. Dat ass eng Intransparenz. An do si mer net frou driwwer.

Ech hunn awer och nach eng aner Fro. Ech hat mer, eebe well mer jo déi 24 Sliden, déi mer elo kritt hunn, déi ganz explizit sinn, net haten, eis eebe gefrot, wéi en Impakt dass dee Chantier dann huet op de Schoulwee. Dat ass jo net negligeable. Wann ech elo kucken, effektiv déi ganz, d'Madamm Thoma als Bauingenieur weess jo, vu wat se schwätzt, dass dat wierklech net easy peasy ass, wann een dat mat engem Kran, deen dann e Kran beliwwere soll, esou déi Konstruktioun soll gemaach ginn. An mir haten eis d'Fro gestallt, wéi en Impakt dat op de Schoulwee huet. Mir haten eis och d'Fro gestallt, wéi e Reglement UEFA, wéi eng Kategorie gëtt da geholl? Dat steet dann och an deem Text. Hätte mer eis all déi Froen, déi mer eis gestallt hunn, hätte mer eis kënne spueren. A wéi gesot zum Projet, jo, awer wéi gesot d'Aart a Weis wéi erëm hei mam Gemengerot ëmgaangen ass, absolutt eng Datz fir de Schäfferot. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert an och vu mir Merci fir déi Presentatioun. Ech mengen et ass elo och erkläert gi vu menge Virriedner, déi huet och bei eis vill Froen nach eng Kéier beäntwert, et war mir nämlech och net kloer mat deem Platzhalter. Ech hunn deen iwwerall vergiewens gesicht gehat, wat deen da géif kaschten am Devis. Ech hat gemengt, dee wier och mat dran. Mee effek-

tiv, elo wou ee gesäit, wat dat fir en Opwand ass am Fong fir dee Chantier esou ze maachen, da gëtt engem dat dote ganz kloer. An ech mengen dat doten dat gëtt eng Saach, wou ee sech elo mol ganz gäre wëll ukucke goen herno wéi do déi zwee Kranen sech wäerte géigesäiteg beliwweren, well dat gesäit een net all Dag. Dat ass scho bestëmmt ganz impressionnant. An dat erkläert dann och wisou mer bei deem dote Budgetsposte sinn.

Ech hunn awer och am Budgetsdokument nogekuckt, effektiv. An do fënnt een dann op ganz ville Plazen, ech mengen Dir hutt et och elo grad gesot gehat, dass ganz oft schonn dru gedoktert ginn ass, lénks a rieds op deem Terrain an dass een elo mol eppes ännere geet, wat méi definitiv dann och geännert ass an een net all Kéiers erëm Folgekäschten huet. Dat gefält eis och. Ech hat eng aner Liesaart vum Budget. Ech hat do elo gesinn, dass, also dee fäerdegen Devis ass jo dann elo 1,5 Milliounen. An dann hunn ech awer am Pluriannuel fir 25/26 gesinn, wou sech jo dann och de Chantier wäert driwwer strecken, 1,85 Millioune virgesinn. An do hunn ech mech gefrot, ob déi 300.000 Euro, ob dat de Sputt ass, deen agerechent ass, oder ob ech do e Liesfeeler gemaach hunn? Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll och hei der Firma Merci soe fir dës flott Presentatioun. Bon, och als LSAP begréisse mir, datt de Projet betreffend der Renovéierung vum Stade Jos Nosbaum endlech an Ugrëff geholl gëtt. A wéi elo schonn e puermol hei ernimmt, ass esou e Projet am lafende Betrib, soen ech mol, a sou engem Quartier effektiv net ëmmer einfach. Eis Stad huet eng sportlech Traditioun an de Stade Jos Nosbaum spillt hei eng zentral Roll fir Diddeleng. Et ass awer och, wéi schonn ernimmt, eng historesch Sportsstad, déi mer den haitege Gegeebenheete mussen upasse fir eis Zilsetzunge virun allem vu Sécherheet, Confort an awer och Attraktivitéit ze erreechen. Ech mengen e Stadion mat engem neie Look ass net nëmmen eng Plaz fir Sport, mee ass och e Symbol fir Modernitéit an enger Stad an och eng grouss Unerkennung fir eis Veräiner, virun allem fir de Benevolat, deen, wéi ech ëmmer betounen erëm, an eise Veräiner sollt héichgehale ginn. Ech menge mir als LSAP fannen dat hei e flotte Projet, e wichtege Projet, an dofir wäerte mir dëse Projet och hei matstëmmen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci och fir déi Presentatioun. Ech wollt just gäre froen, Dir hutt vun enger Phas 2 geschwat. Ass déi Phas 2 mat budgetiséiert oder ass dat eppes, wat zousätzlech nach wäert dobäikommen? Dat heescht, dat misste mer dann deementspriechend och am Budget virgesinn. A wat ass genau an der Phas 2 virgesinn? Hutt Dir Iech scho Gedanke gemaach? Well ech mengen, wann een eppes plangt an zwou Phasen, muss een dat scho mat afléisse loossen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Ahmedova. Da géif ech eisen Externen d'Wuert nach gäre ginn, fir op e puer Punkten anzegoen, an da géif ech och nach op e puer Punkten agoen.

JACQUES HERMANN, INCA: Jo, merci, merci fir Äre ganze Feedback. Effektiv, am Budget ass e grousse Posten, dat ass déi Installation de chantier. Mir hunn och do anescht gerechent wéi soss. Mir hunn déi zwee Kranen a separat Positioune gesat, also net an eng global Installation de chantier, fir dass mer dee Budget maîtriséieren. Ech denken zu der Opdeelung vum Budget wäert den Här Buergermeeschter herno nach eppes äntweren. Dat hu mir awer och kloer. Vun der Phas 2 war, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, déi Phas 2 ass am Fong dat wat elo hei als Platzhalter dee Buvettëbau ass. An déi Käschten hei. Et ass duerch déi Konfiguratioun ass et esou, fir de Projet developpéieren ze kënnen, wa mer déi Phas 2 um Ufank um Kapp vum Terrain bauen, da komme mer guer net méi op de Site. Dofir mussen déi Gradinen einfach vun der Reiefolleg vun den Aarbechten als éischt gemaach ginn. An dofir ass dat esou opgedeelt ginn.

A fir dann deen Timing kënnen anzehalen, dass mer zum Schluss vun der Saison respektiv dann am September kéinten ufänken, ass elo awer de Moment, fir Iech den Detail vun der Phas 1 duerzeleeën. Och zu der Manéier mat den zwee Kranen. Mir haten och iwwer Alternativen nogeduecht. A mir drécken alt mol Brécken op d'Plaz. Mee mir hunn do och den Invest. Mir wollten elo net un déi zwee Liichtmasten drugoen, déi stinn nämlech am Wee, wann ee wëllt Elementer iwwert déi ganz Längt drécken. Dat ass och net esou einfach. Do musst der Preparative maachen an dir musst Schinnen hunn, wat och e Käschtepunkt bedeit.

Fir eis schéngt dat doten nach ëmmer déi Méiglechkeet ze sinn, wéi eis Lëtzebuerger Entrepreneuren dat am beschten duerchféiere kënnen, wat net verhënnert, dass mer am Soumissiounsdossier eventuell sënnvoll Alternative kéinte consideréieren. Mee wat kloer ass, dat ass, dass mer weeder un den Terrain nach un d'Zon Natura 2000 ginn an dass doduerch d'Accèse ganz limitéiert sinn. Da war nach d'Fro zu dem zum Schoulbetrib. Dat ass, den Accès hu mer gewielt duerch dat Erhuelungsgebitt, wou och vill Leit spadséiere gi ronderëm. Do impaktéiere mer dann éischter déi Leit, déi spadséiere ginn, mee mam Schoulbetrib, deem gi mer gréisstendeels aus dem Wee. Dir hutt den Accès zu der Schoul, deen hei ënnen duerch d'Rue Nosbaum féiert, deen impaktéiere mer net. Mir géifen d'Camionen all am Aller op dëse Wee schécken, sou dass do kee Kontakt mat de Schüler besteet. An da musse se just erëm, fir erauszefueren hei uewen, déi Kéier ass absolutt net ze kréie mat engem Camion, musse se déi Strooss, déi Rue des Fleurs ass dat, eroffueren. Dat ass awer, am Sens unique, misst dat gerabel sinn.

Mir kënnen och am Soumissiounsdossier nach Bedéngunge setzen iwwert d'Uliwwerungszäiten. Wat do ëmmer e bëssen de Problem ass, dat ass fir déi ze kontrolléieren. Dat maache mer couramment bei Schoulen, dass mer d'Uliw-

werungszäite begrenzen. Mee da muss een en Agent hunn, deen dat kontrolléiert, well soss leeft dat des Ëfteren awer e bëssen aus dem Rudder. A mir wäerten do all Moyenen drasetzen, déi mer hunn, fir dat am Gréff ze behalen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, et ass nach just eng Zousazfro. Den Här huet elo esou léif gesot gehat, dass d'Travaux preparatoiren, dat géife mer am Devis gesinn. Ma mir gesi guer näischt am Devis, well d'Annex ass nämlech net opgemaach ginn hei an deem Intranetartikel, do si just Är 24 Sliden, an do steet awer explizitt dran, dass am Devis estimatif detaillé Punkt 5 Annexen net dobäi ass. Do wär ech och frou, wa mer deen dann awer och vläicht kéinte kréien. Da kann ee sech do vläicht bëssen drun orientéieren, wéi dat effektiv geduecht ass. Mir hu just esou e klenge Sommaire kritt. Awer den Devis estimatif détaillé ass zwar hei uginn, laut Annex, an no äre Sliden, a mir hunn deen awer net kritt, nach eng Kéier e groussen Appell, dass och de Gemengerot vläicht och do am Sënn vun der Transparenz déi Zifferen awer och gewise kritt. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hu just eng technesch Fro. Ech hat gemengt, déi géif beäntwert ginn am Laf vun der Diskussioun. Jo. Just eng technesch Fro, well elo an Zukunft wäerte vill Leit eis déi Fro och stellen. Et war jo ëmmer geschwat gi fir en neien Terrain an esou. Lo hu mer jo deen heite Projet, dee mer jo mat Sécherheet ënnerstëtzen, do wäert dee Projet méi wäit ewech rutschen. Eng Fro, déi wäert opkommen, dat ass déi: Firwat ginn deen neie Gradinen net iwwerdeckt? Kéint Der vläicht eng Äntwert ginn, dass mer dat no bausse kënne weisen an och kënne soen, wéisou, dass mer déi nei Gradinen net decken? Respektiv ass et eng Kéier technesch méiglech, sou wéi Der dat baut, dass ee vläicht spéiderhin, an zéng Joer, vläicht eng Kéier seet, mir maachen awer nach en Daach driwwer, duerch d'Evolutioun vun de Leit, vun den Zuschauer an esou wieder? Et ass just eng technesch Fro, fir eng Äntwert drop ze hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Ech mengen, da géif ech elo d'Froeronn hei awer dann definitiv zoumaachen, dass mer kënnen äntweren, dass mer och kënne Stellung huelen. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck an da kënne mer de Vott maachen.

JACQUES HERMANN, INCA: Jo, déi Fro vun der Iwwerdeckung, déi war natierlech och an der Ausaarbechtung vun dem Projet war déi komm. Dat bedeit a statescher Hisiicht awer e groussen zousätzlechen Impakt. Wann ee gesäit, wat d'Zuschauerzuelen de Moment sinn, war schlussendlech awer jugéiert ginn, dass déi gedeckten Tribün, déi elo do ass, dat gréisstendeels géif ofdecken. Well mir hätten dozou, wa mer elo déi Mauer déi mer nei bauen, dat kënne mer mat relativ klengem Gerät maachen. Wa mir awer do missten nach eng Auskragung hunn, well mir wëlle jo dann net en Daach bauen, wou mer erëm Stützen an de Wee stellen, déi dann hënneren an der Siichtlinn. Wa mer do missten eng Auskragung maachen, da misste mer vill méi opwenneg Fundamentaarbechte maache fir déi Linn, wou mer déi Mauer bauen. An dofir war déi Iwwerdeckung awer aus Budgetsgrënn an aus statescher Faisabilitéit, déi nach vill méi Contraintë bréngt, war déi verworf ginn.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, effektiv. Ech wollt dat doten awer och nach eng Kéier opgräifen. Dat war wierklech ee vun de Knackpunkten, soen ech emol, an eisen Diskussiounen. An dat ass dat, wéi ech ugangs gesot hunn. Mir musse Prioritéiten ofgläiche Veräinssäit, anerersäits awer och dat, wat vun der Gemengesäit erwënscht ass. Natierlech de Cadre budgétaire. Ech mengen, mir hunn et elo vum Här Hermann matkritt, dass dat doten net esou einfach ass, sou Gradinen nach zousätzlech ze iwwerdecken. An ech mengen Dir hutt et selwer gesot, et ass jo am Fong geholl, hu mer nach ëmmer de Projet vum Déplacement vum Stadion, wat à moyen, à long terme ass. An da muss een och den Invest, deen een op deem besteeënde Site eebe mécht, och deementspriechend upassen. Dat ass jo eppes anescht wéi wann ech elo an e Site investéiere fir déi nächst 30 bis 50 Joer oder vläicht déi nächst 8 bis 15 Joer. Deementspriechend hu mer hei zesumme mam Veräin déi Prioritéite géigeniwwer gesat. A mir sinn awer zur Conclusioun komm, souwéi den Här Hermann och elo gesot huet, dass dat doten elo am Moment dat ass, wat am meeschte Sënn mécht. Och d'Zuschauerzuel, déi effektiv sonndes, all zweete Sonnden do uewe sinn, mengen ech ass dat dote scho gerechtfertegt.

An och vläicht nach eng Kéier ganz kuerz d'Klammer opgemaach zu der Madamm Kayser, déi sot, par rapport zum Artikel. Ech mengen Dir wësst wéi dat esou ass, et féiert een en Interview, an dat wat herno am Endeffekt do steet, deen allerleschten Detail, do gëtt deen, deen eeben den Interview gëtt, dee gëtt do net onbedéngt gefrot. Natierlech hu mer dat op 2025 bezunn, deen doten Invest, dee mer och elo, dee mer elo viru kuerzem am Budget haten. Dat also am Fong geholl, dat wat ech nach dozou wollt soen, mee dat ass awer och näischt Neits, dat wësse mer am Prinzip. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Da géif ech och nach op e puer Punkten agoen. Ech mengen dat, wat mer hei presentéieren, dat ass klassesch, wéi mer mat ville Projete fueren. Dat hei ass jo net e Projet, dee sech op ee Budgetsjoer limitéiert. Dat wat mir am leschte Budget gestëmmt hunn, am Budget 2025 respektiv, wéi mer de Budget da gestëmmt hunn, dat war 650.000 Euro. Dat ass déi éischt Tranche, dat ass fir déi Aarbechten, déi dëst Joer ufalen. An dann de Rescht, déi 860.000 Euro, déi falen op de Budget 2026. An haut stëmme mer e Gesamt-Devis vun 1,5 Milliounen. Mir verfueren hei am Fong mat dësem Projet net anescht wéi mat aner Projeten, Infrastrukturprojeten, déi mir hei zu Diddeleng ëmsetzen an déi iwwer zwee, dräi Budgetsjore verfueren. Ech mengen et ass schonn drop geäntwert ginn. An ech hat et ugangs gemengt gehat, prezis genuch gesot ze hunn. Dass am Fong eng éischt Phas déi heiten ass ronderëm d'Tribü-

nen. An et ass déi zweet Phas ronderëm d'Vestiairen an d'Buvette geet. An dass mer dëst Joer nach eng Kéier an de Gemengerot géife kommen, fir déi zweet Phas ze stëmmen. Dat hat ech uganks vun der Presentatioun, mengen ech, awer probéiert an deem Sënn kloerzestellen.

Dofir soen ech et dann elo nach eng Kéier hei, da wësst Dir och, dass de Gemengerot nach eng Kéier wäert saiséiert ginn am Laf vum Joer. Well d'Iddi ass jo och dann direkt no der éischter Phas och déi zweet Phas zäitno ze enchaînéieren, fir dat dann och, mengen ech, mat alle Contrainten, déi mer hunn, sou gutt wéi méiglech iwwert d'Bün ze kréien. An dann, wat mech awer e bëssen irritéiert huet, dat ass zwee Elementer, déi d'Madamm Kaiser virgefouert huet. Ech mengen Dir hat Är Dokumenter hei am Gemengerot. Mir hu gemengt, dass mer nach méi an den Detail sollte goen, dofir hu mir Iech dat nogeschéckt. Ech verstinn, dass Der all Detailer esou fréi wéi méiglech wëllt hunn. Mee ech mengen Dir hat eng Presentatioun. Mir hunn och un enger weiderer Presentatioun geschafft. Also mengen ech, eng komesch Definitioun vun Intransparenz. Well Intransparenz géif jo heeschen, mir géifen hei näischt presentéieren, mir géifen hei näischt diskutéieren, mir géifen hei keen Echange maachen. Bon, dat beschte Beispill vun Transparenz ass deen heite Moment, wou mer iwwert effektiv den Nosbam schwätzen, wou Dir Är Froe kënnt stellen, wou Dir eng Presentatioun kritt, wou d'Experten hei sinn a wou Dir, mengen ech, tous les tenants et aboutissants vun dësem Projet kënnt hunn. Dir hutt also eng komesch Definitioun vun Transparenz. Ech verstinn natierlech, dass Dir esou vill wéi méiglech Informatiounen am Virfeld wëllt kréien. Mee déi hat Der. Mir hunn Iech der eng Rei elo nogeschéckt, respektiv. Ech verstinn awer, dass een esou vill wéi méiglech deementspriechend wëll hunn.

Dann déi zweet Remark, dass den F91 d'Pläng éischter hat wéi de Gemengerot. Dat ass wierklech fir mech eng befriemend Remark. Solle mer hei an de Gemengerot kommen, e Projet stëmmen, ouni dass de Veräin se am Virfeld gesinn huet oder mat ausgehollef huet schaffen? De Veräin, deen herno de Site mat Liewe bespillt? Déi selwecht Ausféierungen hutt Der net gemaach, d'Madamm Kayser, wéi mer de Strutzbierg hei presentéiert hunn a gestëmmt hunn, wou am Virfeld och mat engem Schwammveräin gekuckt gouf: Wat sinn d'Besoine vun der 25-Meter-Schwämm? Wat sinn d'Besoine vun anere Sportveräiner, notamment den Dëschtennis déi dohinnerginn? Dat huet Der do, deementspriechend net gesot, an hei komescherweis sot Der dat. Dir huet eng komesch Opfaassung effektiv vun engem Projet plangen. Et ass jo evident, dass wann een hei op engem Site ass, op enger Infrastruktur ass, wou e Veräin de Site herno wäert notzen, dass een deen natierlech an enker Ofstëmmung mécht, well ech kéint mei jo virstellen, wa mer de Wee ëmgedréit gemaach hätten, dann hätt Der gesot: Ma sinn déi dote Pläng, da mam Veräin ofgestëmmt? Gitt emol bei de Veräin zeréck a kuckt ob dat seng Besoine sinn. Also esou geet et net, Madamm Kayser, wéi Dir dat hei deementspriechend virféiert.

Ech mengen et ass wichteg, dass een am Virfeld d'Besoine vum Veräin sou gutt a sou no wéi méiglech ofstëmmt, well et si si déi jo herno an där Infrastruktur mussen och liewen. An dofir komme mer jo och heihinner, fir Iech dat dann och deementspriechend ze presentéieren. An ech mengen et ass och de Projet en tant que tel, an dat hu mer jo och hei awer och eraushéieren, och op eng méi breet Akzeptanz fält, wann ee weess, dass, wéi gesot, de Projet en tant que tel och mam Veräin ofgestëmmt war. An ech gesinn den Här Meyer, ech mengen dat selwecht hu mer och bei der Indoor-Sportshal gemaach, och dee Projet gouf an enker Ofstëmmung, deen hu mer och, wéi gesot, hei gestëmmt, do hutt Der et nämlech och net virgefouert, an enker Ofstëmmung gemaach mam CAD an och mam Diddelenger Tennis. Also et ass eng gängeg Praxis, dass ee Projete mat där doter Envergure ganz enk mam Veräin deementspriechend kuckt fir dass en och do, wéi gesot, keng Feeler mécht.

Dëst gesot, mengen ech wäre mer op déi verschidde Punkten agaangen an da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Lo fir déi éischt Phas hei, wéi gesot, déi mer dann ëmsetzen, dass mer och da kënne sou schnell wéi méiglech an d'Ausschreiwung goen an dann nom Kollektivcongé deementspriechend ufänken. ***Wien ass mat deem Devis vun 1,5 Milliounen averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Och den F91wäert sécherlech ganz frou sinn, dass mer haut hei de Startschoss zesumme ginn hunn. An och, wéi gesot, eisen Invitéë Merci fir hir Presenz an och fir hir Erklärungen.

**3.3. Presentatioun an Diskussioun vum Plan pluriannuel de financement fir d’Exercicen 2026 bis 2028**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass de Plan pluriannel de financement, de PPF. Jo, dat ass en Exercice, dee mer jo all Joers hei maachen, wou mer de Projet, de PPF wéi gesot, presentéieren, diskutéieren. Et sinn all Kéiers Estimatiounen op dräi Joer. Dës Kéier geet et dann ëm d'Joren 2026, 2027, 2028. Mir mussen dat jo laut dem Gesetz ëmmer bis de 15. Februar maachen. An dat Ganzt jo am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance, do musse jo dann d'Zuele vum Gemengesecteur am Kader vun der Gouvernance européenne effektiv der Europäescher Kommissioun zougeschéckt ginn, souwéi och, mengen ech, dat mam Pluriannel beim Staatsbudget gemaach gëtt.

Mir haten e Méinden eis Finanzkommissioun, wou mer och do d'Presentatioun gemaach hunn, graff, vun deene verschiddene Projeten déi eis och wäerte beschäftegen, dont de Projet och, fir dee mer elo effektiv de Startschoss ginn hunn. Do ass och natierlech de Stade Nosbam en Deel dovunner. Dir wësst jo, dass mer dee Geflogenheet hu säit 2013 hei de PPF ze presentéieren an ze diskutéieren an et net bei enger renger Kommunikatioun ze loossen, wéi d'Gesetz et och virgesäit. An ech mengen Dir wësst och,

dass de PPF ënnert der Responsabilitéit läit vum Schäfferot. Wéi gesot, et sinn Estimatiounen, well jo eng ganz Rei Projeten op där enger Säit zwar gestëmmt goufen, an op enger anerer Säit aner Projeten, déi ee wëll ëmsetzen, nach net hei am Gemengerot gestëmmt goufen. Dofir sinn et, wéi gesot, Estimatiounen, déi eng Ausriichtung och deementspriechend ginn. Mee dat sinn natierlech ëmmer Zuelen, déi och en cours de route ännere kënnen, och vun deene Budgeten, déi ee gestëmmt huet. Ech wëll awer hei och op dëser Plaz nach dem Pascal Poull, eisem Comptabel, Merci och soen, fir déi ganz minutiéis Opbereedung a Preparatioun vum PPF.

Dir wësst och, den Ausgangspunkt vum PPF ass och d'Circulaire vum Oktober 2024, de Fonds de dotation globale des communes, wou eng gutt Hausse ze verzeechnen ass. An och den Impôt commercial, och do eng ganz liicht Hausse hei an der Circulaire ze verzeechnen. An ech kann Iech awer scho soen, ech hat dës Woch, well ech do e Member sinn, de Conseil Supérieur des Finances Communales am Inneministère, wou eng ganz Rei Vertrieder vu Gemenge sinn. An ech kann Iech soen, a weiser Voraussiicht, bon, datt souwuel awer bei der Dotatioun an och beim ITC nach eng Rei Ännerunge wäerte kommen, well do zimmlech vill, souwuel bei der TVA wéi och beim Impôt commercial méi wéi d'Estimatiounen eragespullt goufen. An ech mengen sou ass dat och ganz positiv insgesamt, net nëmme fir d'Land, mee awer och da fir de Gemengesecteur, well iwwert d'Verdeelungsschlësselen dat souwuel an de Fonds de dotation globale des communes wäert goen, respektiv awer och an den Impôt commercial. Also an deem Sënn eppes Positives.

Et fënnt natierlech hei elo net direkt seng Nidderschrëft, mee wäert awer mengen ech sécherlech bei der Mise à jour, wann och de Kont virläit vum Joer 2024, wäerte mer dann och déi Donnéeën deementspriechend hunn. Et sinn also am Fong méi positiv Einnamen, déi also och da beim Staat generéiert goufen a vun deenen natierlech dann och de Gemengesecteur profitéiert. Wann ech elo e bëssen awer op déi verschidde Punkten aginn, da gesäit ee beim Budget ordinaire, beim Fonds de dotation globale des communes ass fir d'Joer 2026 101,4 Milliounen, 2027 106,4 Milliounen an 2028 113,1 Millioun. Beim Impôt commercial 1,7 Milliounen 2026, 2027 och 1,7 Milliounen an 2028 1,8 Milliounen. An Impôt foncier 1,1 Millioun 2026/2027 an 2028 1,2 Milliounen.  Dir gesitt och, dass de Moment net virgesinn ass, dass mer un eis Reserv ginn. Dat si jo gutt 9 Milliounen.

Da bei den Dépenses ordinaires, d'Personalfraisen, dat ass d'Weiderféiere vum Bestand vum Personal mat de Biennallen, respektiv awer och d'Weiderféieren och vun den normale Carrièren. Bei den Autres dépenses ordinaires, dat sinn déi sougenannte Frais de fonctionnement. Déi bleiwe plus minus och an deem Sënn stabel, liicht Haussen. Dann hutt Der d'Dépenses financières 7,7, 9,9 an 10,9. Déi sinn e bëssen en lien mam Emprunt. Mee dat sinn och nëmmen Estimatiounen, déi mer elo mol hei och ageschriwwen hunn. Sou dass emol viraussiichtlech am ordinaire Beräich mer hei e Boni géife maachen 2026 vun 8,4 Milliounen, vun 9,4 Milliounen 2027 a vun 12,6, wéi gesot, 2028. Dat kann natierlech och nach alles änneren, och unhand engersäits vum Kont 2024 respektiv och da vum Kont 2025. Dat si mengen ech Zuelen, déi mer de Moment nach net hunn. Mee spéitstens am Abrëll 2025 hu mer dann och d'Zuele vum Kont 2024. Da ginn ech kuerz eriwwer bei d'Recettes extraordinaires: 58,1 Millioune fir 2026. 47,1 fir 2027 a fir 2028 25,9. Mir hunn elo mol viraussiichtlech fir d'Joer 2026 35 Milliounen Emprunt ageschriwwen, 21 fir 2027 an 2028 6,2.

Bei den Depenses extraordinaires, dat si jo am Fong déi Invester, déi mer tätegen, 70,3 fir 2026. 56,5 fir 2027 an 38,4 fir 2028. Mee wéi gesot, dat ka jo och nach evoluéieren en fonctioun vun de Projeten aus der Schäfferotserklärung déi nach dobäikomme respektiv, wa se gestëmmt ginn, ëmgesat ginn. Soudass mer emol viraussiichtlech dann hei bei engem Resultat wäerte si vu 55.000 Euro fir 2026 Boni, 161.000 fir 2027 an 193.000 fir 2028. Dat sinn e bëssen esou déi graff Zuelen. An hei am PPF muss ee soen, hu mer och, wat d'Inflatioun ugeet, eis och ganz strikt un d'Circulaire vum Oktober gehalen an och elo net d'Adaptatiounen aspille gelooss vun deene rezente Previsiounen, déi de Statec gemaach huet. Mir halen eis hei reng un d'Circulaire an et ass och dat, wat mer hei musse maachen. Dofir mengen ech, gëtt jo dann och spéitstens am Juli d'Mise à jour gemaach vum PPF, wou mer da jo och nach eng Kéier als Finanzkommissioun zesummekommen.

Ech hat et gesot, bei den Dépenses ordinaires, do sinn d'Personalkäschten, do hu mer just d'Evolutioun vun de Carrièren. Bei deenen aneren Depensen hu mer eng gewësse Virsiicht walte gelooss. A wat een awer elo mengen ech ka soen, an ech wëll vläicht dann och déi puer Projeten dann och erläuteren, déi mer deementspriechend och wëllen ëmsetzen. Déi, wéi gesot, engersäits scho gewielt, also Projet voté gëtt jo dohinner geschriwwen. Projet voté, Projet non-voté. Projets votés, dat sinn déi, wou schonn hei am Gemengerot gestëmmt goufen. Projets non-votés, dat sinn déi, wou an Aussiicht gestallt ginn, wou nach hei mengen ech de Gemengerot sécherlech domadder wäert befaasst ginn. Et muss een natierlech soen, dass dat heiten da Projete sinn, déi schonn 2025 amgaange sinn a sech dann op 2026, 2027 wäerten zéien. Projeten, déi sécherlech 2025 wäerte gestëmmt ginn an och en Impakt wäerten hunn op 2026 bis 2028, och doriwwer eraus. An och Projeten, déi sécherlech 2026 gestëmmt ginn. Wéi gesot, et sinn Estimatiounen. Mee ech wäert elo méi am Detail drop agoen, fir dass een och déi Zuele besser erfaasse kann.

D'Prioritéite ganz kloer am PPF: Kannerbetreiung, Logement, Sport, Stroossebau. Ech mengen dat sinn déi Voleten, zemools déi dräi : Kannerbetreiung, Logement, Sport, déi och fir déi zukünfteg Generatiounen hei an Diddeleng

ganz wichteg sinn. A mer och mengen ech erëm an enger Situatioun sinn. An ech hat dat ugangs gesot, elo beim Projet vum Stade Meyer, an ech hat et och scho bei der Aweiung vum Strutzbierg gesot, dass mer engersäits natierlech Neibauten hunn, déi hei virgesi sinn och am PPF. Also nei Projeten, déi entstinn, well et Neibaute sinn, notamment och an der Kannerbetreiung. Ech wollt dann nach kuerz drop agoen. An awer och historesch Bauten, déi zu eisem Patrimoine bâti gehéieren, déi bei Alter sinn, déi an d'Jore komm sinn. Wou et dann och wichteg ass, déi ze renovéieren, ze moderniséieren an och de leschte Standarde wéi gesot unzepassen.

Dann déi Projeten, déi scho gestëmmt goufen, dat ass, dat wësst Der, dat ass de Retentiounsbecken zu Biereng. Dat ass d'Butschebuergerstrooss, wou e liichte Report ass am Sënn, dass jo d'Aarbechten hätte scho sollten 2024 ufänken. Si fänken awer elo 2025 un. Dat ass jo virun allem d'Ponts & Chaussées, déi hei de Lead huet op deem dote Projet. Dann de ganzen Eclairage public. D'LED. D'Chantiere vun der Post. An natierlech déi ganz Conduite de refoulement am Kader vum Ofwaasser vum Quartier NeiSchmelz bis de Bassin de rétention zu Biereng. Ech mengen, dass dat jo och e Projet ass, wou mer d'Oplagen hu vum Waasserwirtschaftsamt. Dann natierlech d'Weiderféiere vun Aarbechte vum Déierenasyl. Dann eng ganz Rei Projeten am abordabele Wunnraum. An der Rue Nic-Bodry, an der Rue Fontaine, an der Lëtzebuergerstrooss. De VEWA-Projet an der Rue des Champs. Dann natierlech d'Gemengenatelieren. Bon, de Strutzbierg, wou nach eng Tranche opsteet, mee deen awer jo scho funktiounsfäeg ass. Dann d'Indoor-Hal vum CAD an den Tennis an natierlech d'Photovoltaik-Pannoen um Centre sportif René Hartmann. Wéi gesot, dat si Projeten, déi gestëmmt goufen, déi op der Schinn sinn.
Bon, ech hätt nach eng Kéier hei ze preziséieren, dass natierlech de Projet an der Fontainestrooss respektiv an der Lëtzebuergerstrooss, do si mer jo nach net an de Gemengerot komm fir déi Projete virzestellen a wéi eng Ausriichtung, dass se wäerte kréien. Mee vu dass mer awer souwuel an der Fontainestrooss wéi och an der Lëtzebuergerstrooss, dat ass éischter eng technesch Remark, jo schonn den Verkafsakt hei am Gemengerot gestëmmt hunn, gi se gefouert als Projet voté, och wann natierlech, wéi den abordabele Wunnraum wäert elo stattfannen, wéi d'Agencement ass, nach net, dat wäerte mer am Laf vum Joer deementspriechend och hei maachen. Mee dofir musse se als Projet voté hei virgefouert ginn. An ech mengen ech hat déi Prezisioun och an der Finanzkommissioun ginn.

Lo kommen ech eriwwer bei d'Projets non-votés. Bon, wat, par rapport zum viregte PPF, sief et souwuel beim Initial respektiv och bei der Mise à jour, e Projet war, deen awer elo erausgefall ass. An do hat ech jo och schonn déi néideg Erklärungen am Kader vun de Budgetsdiskussioune ginn, dat ass déi 4. Phas vum Shared Space, well jo do Ponts & Chaussées d'Route de Thionville am Kader vun den Aarbechte ronderëm NeiSchmelz d'nächst Joer ufänken. Dofir hu mer déi dote 4. Phas zréckgesat, well et zäitgläich, also well et vun der Ofstëmmung hier, vum Timing hier net duergaange wär. Ech mengen et ass dann och deementspriechend kee Problem, fir dee Projet dann an deem Sënn zréckzesetzen. Dat soll jo déi 4. Phas ronderëm d'Gemengeplaz sinn. Mee Projets non-votés, wou de Gemengerot sécherlech heimadder wäert befaasst ginn, dat ass d'Rue Mayrisch-de Saint-Hubert, den Amenagement Chemin mixte fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer, de Croisement och am Kader vum Bassin de rétention Biereng, Révérend Père Jacques Thiel, Dupont a Schumacher. Dann natierlech d'Gymnichplaz, och déi wëlle mer jo e bëssen erneieren am Kader vum Projet ronderëm d'Butschebuergerstrooss.
Dann awer och, zäitlech ofgestëmmt, nodeems d'Butschebuergerstrooss fäerdeg ass, an der Gafelterstrooss, d'Zon 30, Reamenagement. Wéi gesot, dat musse mer an Ofstëmmung maache mat der Ponts & Chaussées, well d'Strooss gehéiert net eis. Dann an der Rue Foxenhiel, och do musse mer déi ganze Strooss frëschmaachen.

Dann Inspektioune vu Camera du Réseau a Kanalisatioun. Ma dee Projet ass haut um Ordre du jour, gëtt also Projet voté, mee hei nach virgefouert als Projet non-voté. An dann d'Spillplaz an der Säubelkaul. Dann natierlech, wéi gesot, nei, och Projeten, déi nei Schoul am Quartier Balzeng, wou och de Gemengerot dëst Joer domadder wäert befaasst ginn. D'Extensioun vun der Däicher Schoul, virun allem d'Maison Relais. D'Extensioun vun der Maison Relais zu Butschebuerg. Bon, de PAP a Bëlleg. Déi nei Crèche, déi mer do wäerte wëlle bauen. Dann awer och déi ganz Logementer, abordabele Wunnraum, am PAP A Bëlleg, am PAP Citroën, an awer och bei der Eecherdaller Schoul. Dat si Projeten, déi kommen. Dann awer och an der Rue de la Paix, wou och elo schonn de Verkafsakt fäerdeg ass an och deemnächst an de Gemengerot wäert kommen. Da gëtt also dann och dat erëm e Projet voté. Dann hei bei eiser Kierch e puer Renovatiounsaarbechten. An dann natierlech och déi zweet Phas vum Stade Nosbam. Dat heescht souwuel dann och en Deel, wéi gesot, hei vermierkt vun den Tribünen, mee awer och dann déi zweet Phas mat der Buvette an och deementspriechend mat de Vestiairen. Voilà.
Dat, mengen ech, e bëssen de Kader, an deem mer eis beweegen. Also Projeten, déi sécherlech nach op de Gemengerot wäerten duerkommen. Bon, u sech mengen ech, in globo kann ee soen, dass awer eng progressiv Verbesserung vun der Situatioun, vun der Finanzsituatioun vun der Gemeng, awer mat allen Investeren, déi mer tätegen, sech unzeechent.

Mir maache weider Invester an Zukunft vun Diddeleng, behalen natierlech och d'Planung vun NeiSchmelz am A. An dann ofschléissend e puer awer méi generell Remarke ronderëm de PPF, respektiv och ronderëm d'Circulaire. Ech menge mir hunn eis jo och hei op d'Circulaire baséiert, och an der Ausriichtung vum Budget 2025 och am Kader vum PPF. Do ass jo, mengen ech och e bëssen den Appell, dass mer eng antizyklesch Politik solle maachen, dass mer Invester sollen tätegen. Et ass och den Appell vun de subsequente Regierungen. Dovunner profitéiere jo och déi mët-

telstänneg Betriber. Dat ass jo och gutt, an der Ausriichtung vum Budget 2025, an och am Kader vum PPF maache mer dat och als Stad Diddeleng. Mir huelen do eis Responsabilitéit, mir droen eisen Deel dozou bäi. An dat hunn ech elo probéiert och ze weise duerch déi verschidde Projeten, déi mer maachen. Och am Mathëllefe par rapport zu der Logementskris, wou de Staat d'Gemengen als Partner gesäit.

Och bei de Sportsinfrastrukturen, wou de Staat seet, ouni d'Gemenge geet et net. Ma natierlech, wann een dat esou ëmsetzt, weess een natierlech och dass generell, an och dat mengen ech war eng Conclusioun am Kader vum Conseil supérieur des finances communales, dass generell natierlech och d'Emprunte bei de Gemengen an d'Luucht gi wa se eng antizyklesch Politik maachen a weider Invester maachen. Ausser du hues Reserven, déi iwwert 100.000 Euro, an da geet et nach deementspriechend, da kanns de der nach aner Saachen erlaben. Mee ech mengen déi mannsten, et sinn op alle Fall 99 Gemengen, déi net an där Situatioun sinn, mee eng Gemeng ass an där Situatioun, wou se bal bei 700.000 Euro Reserven deementspriechend ass. Mee wat ech domadder wëll soen, ech mengen d'Gemenge kënne gären hiren Deel dozou bäidroen. Mee dofir gesitt Der och an deene Projeten, déi ech elo hei esquisséiert hunn, dass dat och Projete sinn, déi mer gekuckt hunn, déi all Kéiers och subsidiabel si vun de jeeweilege Ministèren. An ech mengen och do, och hei nach eng Kéier e klore Message, dass et natierlech och wichteg ass, dass deen Taux d'affichage ëmmer vun deene Subsiden, déi mer solle kréien an och dee Subsid, déi mer da réellement kréien, och esou no wéi méiglech solle sinn.

Dass dat net méi kann esou weidergoen, well d'Gemengen insgesamt, an dat ass net nëmmen eng Situatioun vun der Stad Diddeleng, ech mengen ech schwätzen och mat villen anere Kolleeginnen a Kolleegen, déi Responsabilitéit an de Gemengen hunn, Buergermeeschterinnen an a Buergermeeschter, toutes couleurs politiques confondues, mengen ech dass do och en Appell aus dem Gemengesecteur ganz kloer kënnt, dass et wichteg ass, déi Projeten sou no wéi méiglech un déi Subsiden ze setzen. Respektiv awer och, déi Diskussioune, déi jo gefouert ginn, dass och eng Adaptatioun insgesamt vun de Subsiden no uewe soll gemaach ginn, zemools wann d'Gemenge bereet sinn, Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Dass dat och en iwwergeuerdenten, och e wichtege politesche Message muss sinn. Wann een engersäits wëll Invester tätegen, eng antizyklesch Politik wëll maachen, an natierlech op där anerer Säit och Emprunten ophëlt. Wann een och weess, dass een, an dat mierke mer jo och, déi Subsiden net direkt ausbezuelt ginn an d'Emprunten natierlech och néideg sinn. An d'Diskussioun hate mer jo och an der Finanzkommissioun, dass déi Emprunten och geholl gi fir natierlech och déi lafend Käschten an och déi Facturen ze bezuele vun den Entreprisen, déi d'Opträg kréien. Also, wéi gesot, och dat mengen ech ass e ganz, ganz wichtegt Element.

Wéi gesot, déi Emprunten, déi mer hei elo wëllen, déi mer ageschriwwen hunn, déi Estimatioun sinn, dat heescht jo net, dass mer déi onbedéngt elo zéie wäerten. Mee ech mengen, dass dat e Gesamtbild ass am Gemengesecteur, wann d'Gemenge sech Gedanken och maachen, wéi se an nächster Zukunft hir Projete wëllen ugoen. Dëst war en Abléck, deen ech wollt ginn hei an de PPF fir déi nächst dräi Joren. An elo kënnen d'Kolleeginnen an d'Kolleegen hei aus dem Gemengerot natierlech och hir Vue abréngen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo. Merci Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Presentatioun. Ech soen och dem Pascal Poull villmools Merci. Ech soen awer och dem Schäfferot ëmmer explizit Merci, well mer säit 2013 effektiv déi demokratesch Versioun am Fong hu vun der Presentatioun an der Diskussioun vum PPF. Doriwwer si mer ganz frou. Well et gëtt awer och, grad an der Finanzkommissioun, déi Presentatioun an déi Diskussioun, déi sinn ëmmer ganz fruchtbar a ganz valoréis. An ech soen och explizitt dem Pascal Poull Merci, dass och dës Kéier de Listing vun de grousse Projeten 2025 - 2029 och schonn am Virfeld derbäi war. An dat huet eis awer et och méi liicht gemaach och schonn eis virzebereeden, fir an d'Finanzkommissioun ze kommen. D'Projets votés, non-votés sinn am Detail mat de Zommen, déi an dem Devis gestëmmt goufe mat rabruecht. An dat ass, fannen ech, ganz luewenswäert. An dofir soe mer explizitt och Merci. Jo, do kann een nämlech och gesinn, dass verschidde Präisdeierechten, wéi déi awer evoluéieren iwwert déi verschidde Joren. Jo, leider gesi mer esou meeschtens, dass vill Projete méi deier ginn, wéi am Ufank ugeduecht. Dat ass ëmmer eppes, wat eis verdrësslech mécht. An net nëmmen eis, de Schäfferot warscheinlech och.

Verschidden Ursaache goufe schonn erwäänt. An awer, an der Finanzkommissioun gouf nogefrot, firwat dat dann esou ass. Do huet et och geheescht, dass déi final Dekonte vu verschiddene Projeten ëmmer spéit kommen, well d'Fournisseuren d'Rechnungen net eraginn. Ech ka mer dat zwar iergendwéi net richteg virstellen, well grad elo an der Logementskris an och an der allgemenger Kris hu jo awer d'Fournisseure Méi, hir ausstänneg Rechnunge bezuelt ze kréien. An do ass och d'Fro, si mir dann och ëmmer prett, oder ass eis Liquiditéit och ëmmer esou gutt, dass mer och wierklech zu all Moment kënnen d'Sue prett halen, fir eis Fournisseuren ze bezuelen? Et ass just eng Fro, ouni weider ze diskutéieren. Mee et ass awer och eppes wat ee muss am Hannerkapp behalen.

De Problem vun de Subsiden, Här Buergermeeschter, Dir hutt et grad ugerass, dat ass och bekannt. An ech weess och, dass Dir och am Kader vun Ärem Rôle am Syvicol an och mat deenen anere Buergermeeschteren och beméit sidd, dee Subsidieschlëssel bezéiungsweis d'Deckelung vun de Subsiden ze iwwerschaffen, zesumme mat de Ministèren. Ech mengen do ass och e Wëllen do, fir do de Gemengen och dee Rôle, wéi soll ech soen, finanziell och zoukommen ze loossen. Neen, also dat ass falsch, fir de

Rôle vun de Gemengen als Investor an als, wéi Der selwer gesot hutt, och als antizykleschen Donateur vun Opträg, och deem Rechnung ze droen an och d'Subsiden nach unzepassen. Dat ass sécher nach e laange Wee. Mee ech menge mer haten elo e puer Ministeren hei, a se hunn all ëmmer fläisseg genickt, wann den Här Buergermeeschter gesot huet, et muss een awer kucken, dass déi Subsiden awer no uewe revidéiert ginn. Jo, hu se all gesot, mir maachen dat och. A bon, dann hoffe mer, dass deem och Tate follge wäerten.

An ech si jo am Fong ëmmer en Optimist an ech soe mer ëmmer, et si jo esou vill Ministeren, déi och selwer Buergermeeschter waren. Déi wësse jo awer wierklech am allerbeschte wéi et ass. An ech denken, dass dat vläicht och fir eis eng Chance ass als Gemeng, dass mer do vläicht éischter op oppen Ouere stoussen. Mee d'CSV huet et awer och schonn e puer Mol gesot, an Dir hutt et och kuerz ugedeit, dass mer eis och solle Méi ginn, eis Bauten esou no wéi méiglech un d'Héicht vun de Subsiden unzepassen. Wann zum Beispill op 70 % e Projet plafonéiert ass vun de Subsiden, ma da komm mer, kucken esou no wéi méiglech do runzekommen. Ech hunn och mat Zefriddenheet gesinn, dass zum Beispill beim Strutzbierg, dat ass keng Prunkbauten, dat ass guer kee Luxus, dat ass wierklech de Basic. Natierlech ass et awer méi deier ginn, wéi mer gesot hunn, geduecht hunn. Mee do hate mer wierklech näischt ze meckeren, andeems mer ëmmer déi Visitt gemaach hunn, vun där Schwämm an deene Sportsdénger an de Vestiairen. Do ass mam réie Bëton geschafft ginn, wat éischtens en plus immens flott ass. An do ass wierklech keng deier Plättche geholl ginn a keen deiere Krunn. An ech denken, méi spuere konnte mer do net, an dat hu mer och esou gesinn. Mee mer sinn natierlech awer verdrësslech an Dir och, dass mer do en Depassement gemaach hunn.

Mee ech sinn awer och der Meenung, dass mer och weider sollen op de Wee goen, och emol hei zu de roude Bic unzesetzen an, luewenswäert kann ech vläicht dee ganz klenge Projet vum Eecherdall erwänen, deen hate mer, do soll och e Logement social an der aler Schoul Eecherdall gemaach ginn, an do waren an deenen ale PPFen 4,6 respektiv souguer am PPF 2024 7,6 Milliounen ugesat ginn. An elo steet hei de Projet vun 3 Milliounen dran. An op meng Nofro krut ech dunn och erkläert vum Här Buergermeeschter, dass deen éischte Projet total demesuréiert war. An ech denken et ass keng Schan einfach ze soen: Hei Neen, sou net. Dat do, dat packe mer net méi. An dat wëll ech och eng Kéier luewenswäert erwänen, dass mer esou Saachen och solle roueg méi oft maachen, d'Saachen hannerfroen an och soen, hei lauschter, mir bezuelen a mir wëlle keng Prunkbauten. An dofir ass et wichteg, dass een do mat Akribie derhannert bleift. E bësse Bauchwéi hu mer effektiv, wa mer och kucken, de Projet Balzenger Schoul, dee steet hei nach ëmmer mat 40 Milliounen dran. Do kommen 210 Kanner hin. An do si mer esou diametral wäit ewech vun de Subsiden, déi mer kréien. An ech denken och do ass et och keng Schan nach eng Kéier ze soen, hei Moment, jo, all Invest an d'Schoulen an d'Maison Relaisen ass wichteg. Mee brauche mir wierklech do all Schnickschnack, dee mer an deem Projet hunn? Och do vläicht nach eng Kéier e waarmen Appell.

D'CSV seet et ëmmer. Mee ech mengen Akribie an Exactitude beim Ausschaffe vun de Bordereauen ass immens gefrot. D'Surveillance an d'Anhale vun de Bordereauen, respektiv vum Devis initial ass Är Aufgab. An och eng transparent Kommunikatioun mam Gemengerot, wann diametral Depassementer am Raum sinn. Dat ass och sënnvoll a wichteg. Da si mer och net ëmmer sou granzeg, wann et esou geet wéi de Moien, wa mer dann einfach eppes dohinner geluecht kréien, wat awer deier ass, wou mer da mussen eis aus de Fangere suckelen, firwat dat sou deier ass, well de Projet net ordentdlech virgestallt ginn ass. Voilà. Wat am PPF opfält dat ass, dass eis Emprunten, déi mer am PPF 2024 nach virgesinn haten, fir déi nächst Jore gutt erofgaangе sinn. Am PPF vun 2024 ware vun de Joren 2024 bis 2027 146 Milliounen Emprunte virgesinn. Elo si mer an där selwechter Period an dësem PPF „just“ op 116 Milliounen Emprunten hu mer ageschriwwen.

Natierlech si mer frou, dass de Staat d'Dotatiounen och, oder soe mer mol esou, natierlech si mer frou, dass et gutt dréint momentan nach, an dass doduerjer och d'Dotatioune vum Staat méi héich si wéi mer mengen, an dass mer warscheinlech och vläicht do effektiv deen een oder deen aneren Emprunt vläicht net mussen zéien. Well ech soen et ëmmer, d'Annuitéiten, déi bezuelen eis Kanner, an do si mer och frou, wa mer déi awer e bësselche méi am Rahmen halen, wéi dat nach vläicht an deene leschte Jore gefaart war. Voilà, wat hunn ech nach hei? Majo, bon, d'Personalfraisen och do, dat ass och eng never ending Story. Dat ass eebe mat de Biennallen, mam Index. Ech mengen dat ass jo alles schéin a gutt, mee dat kascht eis och vill Geld. An dofir si mer och do ëmmer derhannert, dass mer net onnëtz oder wierklech ze vill üppeg nei Personal astellen.

Natierlech, eng Gemeng brauch uerdentlecht Personal. Mir wuessen, mir mussen eis Servicer ubidden. Mee ech denken och do, mir kréien elo endlech den Organigramm och eng Kéier virgestallt, dat ass eng gutt Saach. An ech denken do muss ee sech och iwwerleeë mat der Digitalisatioun. Ech mengen dat ass eppes, wat sécher an de Secteuren, an de Gemengen, Administratioun an esou weider och wäert maachen, dass vläicht manner Personal muss agestallt ginn, dass aner Méiglechkeete bestinn, fir Aarbechten ze iwwerhuelen. Mir kommen herno op e Punkt zum Beispill, do kann een nach eng Kéier doriwwer schwätzen.

Bon, mir hunn d'Hoffnung, dass d'Dotatioune vum Staat weider och esou positiv an eng positiv Richtung ginn, wéi dat ugekënnegt ass. Mir hunn d'Hoffnung, dass déi seriö Gestioun vum Budget, sou wéi zum Beispill bei der Reduktioun vun engem Projet wéi Eecherdall, dass dat och weidergeet. Dass een en A drop hält an dann och emol eng Kéier seet, hallo, elo hale mer mol op domadder, dat do

maache mer net wieder, déi Präisentwécklung. A sécher musse mer antizyklesch virgoen. Mir mussen Invester maachen, jo. Mee wéi gesot, vergiesst net de roude Bic vläicht heiansdo aus der Täsch ze huelen an da kucke mer wéi et d'nächst Joer an déi nächst Joren an duerno weidergeet. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert an och merci vun eiser Säit dem Schäfferot an dem Här Poull a sengem Service fir d'Erstellen an och d'Presentéiere vum Plan Pluriannuel. Dësen an eng Finanzkommissioun ze bréngen an ze diskutéieren an et dann op den Ordre du jour vum Gemengerot ze setzen, ass net iwwerall esou an och net selbstverständlech. Dat krute mer och schonn d'lescht Joer erkläert. A voilà! Dat schaaft engersäits déi Transparenz vum Schäfferot par rapport zum Gemengerot, awer och par rapport zu de Biergerinnen. An dat fanne mir weider gutt. Als Punkt vum Ordre du jour, Dir wësst et, ass et dann awer och esou, dass all déi hei vertruede Fraktiounen dozou Stellung kënnen huelen. An nieft dem Positionnement vun der Budgetspresentatioun am Dezember ass dat am Fong en zweete Moment, wou een och méi allgemeng ka Stellung huelen zur allgemenger finanzieller Lag. An dat wollt ech dann och maachen. Keng Angscht, dat ginn elo keng 25 Minutte wéi am Dezember. Dass de finanziellen Drock fir d'Gemengen, awer och fir d'Privatleit aktuell zimmlech héich ass, dat gesi mir op ville Plazen. D'Energiepräisser wou weider an d'Luucht schéisse bréngen een an d'Situatioun, dass doduerch och alles anescht weider ëmmer méi deier gëtt, an et huet an der Lescht oft dozou gefouert, dass d'Devis remaniéen am Gemengerot hu misse gestëmmt ginn. Dat, an déi ëmmer méi instabil weltpolitesch Lag wou Populisten un d'Muecht kommen, déi net méi wäit wéi hir eegen Nuesespëtzt denken, bréngt mat sech, dass et schwéier ass, esou Prognosen iwwerhaapt nach ze maachen, esouguer wann et just fir dräi Joer ass. Wa bis Handelskricher a Strofzäller am Raum stinn, ass et ëmmer méi wichteg mat Virsiicht un d'Investitiounen erunzegoen, a se direkt esou ze plangen, dass mir e Maximum onofhängeg ginn, wat beispillsweis d'Energiegewannung betrëfft an doduerch och d'lafend Käschten no ënnen dréckt. De Centre sportif René Hartmann ass do just ee Beispill, wou mir gutt gesinn, dass lafend Käschte gedréckt kënne ginn, andeems nach méi op eege Stroumproduktioun gesat gëtt.

D'Personalkäschte ginn och ëmmer méi héich, d'Gemeng wiisst, ëmmer méi Bierger brauchen och ëmmer méi Déngschtleeschtungen, méi Kanner brauche méi Betreiungen, de Rateschwanz vun enger Gesellschaft, déi op Wuesstem opgebaut ass, kéint een elo ganz grouss opmaachen. Ma et muss een Diddeleng eent loossen, dat stoung esou nach rezent an der Press. Diddeleng wiisst, mee net iwwerdriwwen. A mir denken dofir, ouni grouss op d'Personalpolitik anzegoen, dass deen do Wuesstem, wéi en op déi nächst Joer projezéiert gëtt, räsonabel ass a mir als déi Gréng och weider asti fir gutt opgestallten a staark Gemengeservicer, wou een net spuere sollt. Quitt dass d'Energiepräisser an den internationale Kontext d'Präisser beaflossen, sou huet ee bei den extraordinären Depensen, dat jo dann zum Deel och an der Hand, ob ee se tätegt oder net. Ech soe bewosst zum Deel, well déi verschidden Infrastrukturen et esou wäit komm ass, dass se einfach all Joer deier ginn am Entretien, dass et einfach un der Zäit ass, se frësch ze maachen.

Beispillsweis d'Sports- a Schoulinfrastruktur, wou mir elo just schonn den Nosbaumstadion als Beispill haten an haut nach den een oder aneren Devis vun engem Daach mat wäert dobäikommen. Hei wier et an eisen Ae wichteg, wéi mir et och an der Budgetsried ugeschnidden haten, eng mëttel- a längerfristeg Planung virzeleeën, wou ee beispillsweis kuckt, wéini eis aktuell renovéiert Gebaier erëm an den Alter kommen dass se fälleg sinn. Einfach fir ze evitéieren, dass et eis e bësse geet wéi elo, dass all eis Stadien an de Gros vun de Bestandsschoulgebaier mateneen iergendwéi ustinn. Et ass sécher schwéier, dat mat enger grousser Prezisioun elo scho kënnen ze maachen, ma awer géing et an eisen Aen hëllefen, fir méi vorausschauend nach vir kënnen ze goen.

Duerch d'Verleeë vun der Route de Thionville ass et mat Bléck op eis finanziell Situatioun an den Investitiounen déi nach usti warscheinlech net allze schlecht fir de Schäfferot, dass déi Phas 4 vum Shared Space erausfält aus de Projets non encore votés. Einfach mat Bléck op eis finanziell Situatioun. Déi Ausgabe stoungen effektiv nach d'lescht Joer mat geschaten 9,5 Milliounen am initiale PPF 2024 dran.
Bei der previsionneler Entwécklung vun den Emprunten hu mir eis awer gefrot, wéi dës Entwécklung erkläert, wou Dir nach beim initiale PPF 2024 am Zäitraum vun 2024 bis 2027 147 Millioune virgesinn hat léinen ze goen. An deem selwechten Zäitraum, an der Mise à jour vum September, waren et der nach 136 an elo komme mir op 116 Milliounen, déi geléint ginn.

Mat de previsionnele 6,25 Millioune fir 2028 beweege mir eis mat ronn 122 Milliounen neie Scholden dann awer e gutt Stéck ënnert deem, wat eis nach d'lescht Joer presentéiert ginn ass. An awer sinn dat jo net just déi 9,5 Millioune vum Shared Space, wou eventuell drafalen. D'Verschibunge vun de Montante si mer scho kloer. 2025 leie mer bei manner wéi virgesinn, 2026 dofir warscheinlech bei méi. Och dass de Montant vun den Emprunte generéis agesat gëtt, do huet sech och näischt geännert un där Consigne, dat war schonn d'lescht Joer esou gesot ginn. Da stelle mir fest, dass 15 Milliounen am Total herno manner geléint musse ginn, wëssend dass bis elo nach ëmmer alles just méi deier ginn ass. Oder awer ass dat ze erklären duerch déi positiv Entwécklung vum ordinäre Resultat, dat d'lescht Joer ëm dës Zäit nach komplett anescht ausgesinn huet?
Hei kéint een dovun ausgoen, dass trotz steigender Belaaschtung duerch ëmmer méi Annuitéiten op eis Prêten, déi Moyenen, déi mir vum Staat kréien, virun allem de Fonds de dotation, den Impôt commercial, eis a méi eng confortabel Situatioun kéinte bréngen. Elo sinn dat dot jo

just Zuelen aus der Circulaire vum Oktober, net déi méi rezent positiv Aussoe vum Finanzminister an och elo grad vum Buergermeeschter.

Gedenkt de Schäfferot heimat d'Reserve elo opzefëllen a Projeten awer doriwwer matzefinanzéieren, wann eng besser finanziell Situatioun et erlabe géif, wéi se hei virgesinn ass? Oder soll nach en anere Projet hannen eroffalen? Op alle Fall si mir, och wa mer eis net ëmmer am Detail eens sinn an och sécherlech Saache géifen anescht maachen, averstanen domat, dass d'Investitiounen an Diddeleng sollen héichgehale ginn, fir dass et weider esou eng attraktiv Stad fir eis all bleift an dat och iwwert dëse Plan pluriannuel eraus. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. An ech fänken dann och u mat engem grousse Merci un de Pascal Poull a säi Service an och un de Schäfferot, sou wéi dat och meng Virriedner gemaach hunn, well et eeben net selbstverständlech ass, e Plan pluriannuel financier och ze diskutéieren. A mir mengen awer, dass et e wichtegen Exercice ass, dass mer och alleguerten als Fraktiounen hei am Gemengerot eis zumindest eemol d'Joer mat der Finanzsituatioun, net just fir ee Joer, mee och fir déi nächst puer Joer auserneesetzen. Dir wësst, dass mir allgemeng domat d'accord sinn, mat der Approche vun der Majoritéit fir eng antizyklesch Politik ze maachen a fir d'Invester héich ze halen an dass mer elo net ganz panesch sinn, wat d'Finanzsituatioun vun der Gemeng ugeet.

Wa mer eis déi grouss Projeten ukucken, da si jo och do fir déi nächst Jore keng Prunkbauten geplangt. Dat si virun allem Infrastrukturen, Logement a Crèchen, déi gebaut ginn. Dat ass wichteg, dass eis Stad och weiderhin eng héich Liewensqualitéit opweist, soudass mer dat alles kënne gréisstendeels ënnerstëtzen. Ech soe gréisstendeels, well mir hunn natierlech och eng Dräivéierelsmillioun fir d'Renovatioun vun der Kierch. Ech wär net fir déi Lénk hei, wann ech net géif soen, dass mer dat natierlech net ënnerstëtzen, also mir ënnerstëtzen, mir fanne scho gutt, dass d'Kierch renovéiert gëtt, mee mir géifen et besser fannen, wann de Kierchefong do géif seng Responsabilitéit iwwerhuelen an dat selwer maachen, well mir mengen, dass e sech dat och leeschte kann. An dass dat net un der Allgemengheet ass, fir déi Käschten ze iwwerhuelen an dass déi Sue vläicht anescht kéinten agesat ginn.

Beim Eecherdall, do ass d'Madamm Kayser ganz begeeschtert. Bon, fir eis ass dat elo schwéier anzeschätzen. Mir haten e Budget. Mir kréien elo gesot, e war demesuréiert, et ginn elo manner Logemente gebaut. Mir kennen de Projet net, mir wëssen net, ob e virdrun demesuréiert war oder ob mer elo einfach, fir Käschten ze spueren, manner Wunnenge bauen. Dat ass natierlech och schued. Mee voilà, mir kennen de Projet net. Dat heescht, mir kënnen dat net aschätzen. Strutzbierg, deen ass jo elo fäerdeg. Et ass jo och e flotte Projet. Do hu mer jo och mat vill Bauchwéi eeben déi Präishausse do matgestëmmt. Et ass natierlech och iergerlech, dass dat éischtens éiweg dauert, fir den Dekont ze maachen, fir d'Subsiden ze kréien an och, dass mer relativ wéineg Subsiden do prozentual kruten. Ech mengen awer mech ze erënneren, dass op der Aweiung den Här Minister eis versprach huet, dass mer fir den Hal vum CAD vill, vill méi Subside géife kréie wéi déi 35 %. Dat heescht, do freeë mer eis dann awer drop, wa mer do esou vill Subside solle vum Staat kréien.

Dann hätte mer eng Fro. Op NeiSchmelz solle jo déi éischt Wunnengen ab 2028, mengen ech, kommen, respektiv bezuchsbereet ginn. Do misst jo och iergendwann eng Crèche an eng Schoul gebaut ginn. Déi ass bis elo net am PPF virgesinn. Elo si mer scho bis 2028. Do wollt mer einfach mol froen, wéini kënnt dat? An ass do schonn eppes a Planung? An da wa mer nach eng Kéier allgemeng elo op de PPF ze schwätze kommen, also eise Résultat ordinaire, dee wäert sech jo e bëssen erklammen, wat effektiv virun allem um Fonds de dotation globale läit. Dat freet eis natierlech och. Mir wäerten och an den nächste Jore mussen Emprunte maachen. Dat ass natierlech ni super, mee mir gesinn dat och elo nach net esou dramatesch, och wann d'Annuitéite weider klammen.

Mir mussen awer soen, dass et schwiereg ass, eng propper Aschätzung ze kréien, wéi et wierklech wäert mat de Finanzen an den nächste Joren ausgesinn, well et e bësse schwiereg ass, eis op d'Zuelen ze verloossen. Also et ass zum engen zum Beispill de Projet vun der Extensioun vun der Schoul um Däich, wou d'lescht Joer e Budget vu 5,5 Milliounen nach virgesi war. Deen ass elo op 9,6, well eeben déi provisoresch Struktur dobäikomm ass, wou mer eis geduecht haten, eigentlech hätt dat jo scho misse virgesi sinn, dass déi Kanner iergendwéi mussen enzwousch hikomme wann d'Schoul also neigebaut oder renovéiert gëtt. Do wäert Der warscheinlech elo soen, jo, mee et ass jo méiglech, dass mer vläicht kënnen déi provisoresch Struktur iwwerhuelen. Mee ech mengen net, dass dat opgeet mat Balzeng.

An da war awer nach eppes Komesches. Dat hunn ech elo komescherweis net am Rapport fonnt. Mee ech hu mer awer soe gelooss, dass och d'Crèche a Bëlleg, déi ass jo och vill méi deier gi vu 4,1 Milliounen op 7,5 Milliounen. An anscheinend ass elo do den Terrain dobäikomm. Dat fanne mer awer och e bësse komesch, well mer awer dovunner ausginn, dass wann eng Crèche gebaut gëtt, pardon, dass mer dovunner ausginn, dass den Terrain mat dran ass. Soss gëtt et schwiereg. Mir wëssen och, dass eng Crèche net iergendwou einfach ronderëm schwieft. Dowéinst ware mer do e bëssen iwwerrascht awer, dass elo dee Budget do soll sou klammen. An iwwert déi Erklärung ware mer e bëssen iwwerrascht.

Bon, den Här Buergermeeschter huet et gesot, de PPF, deen ass an der Responsabilitéit vum Schäfferot. Mir kënnen hei eigentlech just eng Kéier, voilà, eis Meenung soen. A mir sinn och frou, dass déi héiere gëtt. Mee et ass um

Schäfferot ze wëssen, wéi en d'Finanze plangt iwwert déi nächst Joren a wéi e säi PPF opstellt. Mir sinn eigentlech gewinnt vun dëser Majoritéit, dass se éischter eng virsiichteg Finanzpolitik mécht, an eng virsiichteg Finanzpolitik, sou wéi mir eis dat virstellen, an ech mengen do si mer eis all eens, dat ass wann een d'Depensen iwwer- an d'Recetten ënnerschätzt. An dowéinst ware mer awer e bëssen iwwerrascht iwwert e puer Posten an dësem PPF. Wa mer d'Frais de personnel zum Beispill kucken, dann ass do nach keen Accord salarial dran. Dir hutt et gesot, Här Buergermeeschter, dat ass och an der Circulaire net virgesinn. Et ass och logesch, dass den Inneministère net virun engem Accord salarial kann eppes aneres soen, well soss wär et e bëssen eng komesch Verhandlung duerno.

Et war awer gewosst, dass géif eppes kommen. An eng virsiichteg Finanzpolitik wär vläicht gewiescht, dass een do zumindest emol iergendeng Erhéijung virgesinn hätt. Well also säit ech dat matkréien, hunn ech nach ni en Accord, also eng Verhandlung tëschent der CGFP an dem Staat gesinn, wou näischt dobäi erauskomm ass. Mee bon, wat eis nach méi iwwerrascht huet, dat ass awer, dass och keen Index fir 2025 virgesinn ass, well souguer awer an der Circulaire, do steet dat net kloer dran, mee do steet eng Inflatioun fir 2025 vun 2,6 %. Dat heescht et ass awer kloer, dass den Index schonn dëst Joer kënnt an net eréischt d'nächst Joer. E steet awer am PPF, laut Compte-rendu vun der Kommissioun eréischt fir 2026 dran.

Wat net am Compte-rendu steet, mee wat awer anscheinend gesot ginn ass, dat ass, elo fannen ech mech a mengen Notten net méi erëm, dass och Autres Dépenses ordinaires minimal gehale gi wieren, well een zwar wéisst, dass do géifen Autres Dépenses kommen, mee well een nach net wéisst, wat géif kommen, hätt ee se einfach emol minimal gehalen. Dat huet eis e bëssen iwwerrascht, well, wéi gesot, eng previsibel Finanzpolitik géif eigentlech anescht ausgesinn a géif éischter e bësse Reserve bei den Depensë virgesinn an se e bëssen iwwerschätzen. Sou dass wa mer elo kucken, wa mer déi 2,5 % vum Accord salarial aleng arechnen, da geet fir d'nächst Joer schonn den Ordinär net méi op. Soudass mer elo net wësse wéi de PPF an engem hallwe Joer wäert ausgesinn, mee net méi esou. Soudass et e flotten Exercice war. Mee jo, vläicht schonn e bësse Moutarde après dîner. Mir hoffen op alle Fall, dass d'Rechnung vum Schäfferot opgeet. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vun menger Säit dann och e ganz grousse Merci un de Pascal Poull an un de Schäfferot, fir dëse Plan pluriannuel, wou mer hei d'Geleeënheet kréien, deen ze diskutéieren. An dat gëtt et jo scheinbar net an all Gemeng. Ech hunn natierlech elo d'Chance als véierte Riedner hei, dass déi dräi Kolleege virdru quasi alles schonn erwäänt hunn, wat op menger Lëscht stoung an ech dann net nach eng Kéier déi eenzel Punkte wëll opzielen. Ech wollt awer op de Punkt vun der Madamm Kayser nach eng Kéier kuerz ze schwätze kommen, déi gesot huet, dass et schued ass, dass d'Fournisseuren et net ronnbréngen, ëmmer mat Zäiten hir Rechnungen eranzeschécken. Mee ech mengen dat ass net nëmmen en Diddelenger Problem. A menger Fonctioun vu menger Aarbecht hunn ech do leider och déi Erfarung erëm misse maachen, dass een oft vill Zäit muss investéieren, fir de Fournisseuren hannendrun ze lafen, fir d'Rechnungen ze kréien, fir dass se bezuelt ginn. Fir mech eng Saach vun der Onverständlechkeet an dësen dach schwéieren Zäiten, wou mer liewen. An ech hoffen dann, dass dann och divers Fournisseuren, mat deenen d'Diddelenger Gemeng zesummeschafft eise Video vun haut kucken an dann och versiche fir an Zukunft do e klengen Effort ze maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Här Meyer, nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech op e puer Punkten agoen. Virun allem mol Merci fir déi sachlech Diskussioun. Ech wéilt eppes opgräife wat d'Madamm Thoma gesot huet. D'Diskussioun, déi mer hei féieren, do gëtt de Gemengerot ëm seng Meenung gefrot. Jo, an ech mengen de Virdeel ass jo, dass een dann och hei iwwert d'Parteibänken ewech einfach d'Aschätzung kritt vum Gemengerot par rapport zu der Finanzsituatioun. Generell, wëll ech och als iwwergeuerdent Remark soen, dat hunn ech och schonn d'leschte Kéier gesot, oder op anerer Plaz schonn diskutéiert, ass de PPF mat där Ausriichtung, déi en de Moment huet, nach dee richtegen Outil. Well et baséiert ee sech op Donnéeën, effektiv vun der Circulaire. En cours de route sinn nach Donnéeën dobäikomme, effektiv déi 2,5 % vum Accord salarial, déi hei da mat agerechent ginn. Et huet ee jo de Virdeel an net manner wéi fënnef Méint musse mer eng Mise à jour maachen. Déi ass jo virgesinn, an do fléissen natierlech déi dote Parametere mat an. A fënnef Méint do hu mer och eng aner Situatioun, well do hu mer och de Kont jo erëm virleie vum Joer 2024. Dat heescht, dat Bild ännert sech och natierlech deementspriechend erëm.

Wat ech awer nach wollt opgräifen, dat ass par rapport zum Index, den Index fir d'Joer 2025, deen ass jo am Budget 2025 dran. Et ka sinn, dass ech Iech falsch verstanen hunn, mee den Index fir d'Joer 2025 ass am Budget 2025 an elo näischt am 2026,2027 respektiv 2028. Mee och dat, wat mer do aspille gelooss hunn, ass reng dat wat d'Circulaire deementspriechend virgëtt an net wat de Statec vu senge Previsioune virgëtt. Dat hat ech och ufänglech gesot. Mir halen eis effektiv un déi doten Donnéeën. Mee spéitstens bei der Mise à jour och kréie mer sécherlech och en anert Bild. Voilà, ech mengen, dass dat net onwichteg och deementspriechend ass. Ech wëll einfach generell awer och soen, an et ass e puermol ugeschwat ginn, méi generell déi Politik hei zu Diddeleng wärend Joerzéngten a grad och elo, an engem PPF, wou Estimatioune sinn a wou och e bëssen de Wee weist, wou d'Rees punkto Finanzen an och punkto Infrastrukturbauten higeet. Mir hu keng Prunkbauten hei zu Diddeleng. Mir wollten der och ni hunn a mir wäerten der och ni hunn. Well, mengen ech, dat absolutt net am Sënn ass vun der Stad. Mir solle Bauten hunn a mir

hu Bauten, déi éischter fonctionell sinn. An ech mengen dat ass och dat, wat deementspriechend wichteg ass.

Ma insgesamt muss een och soen, mat den Depensen, ob dat elo am ordinäre Beräich ass, a Verschiddener sinn drop agaangen, ob dat am ordinäre Beräich ass oder am extraordinäre Beräich ass, dass mer do eng eng gewësse Virsiicht insgesamt walte gelooss hunn, souwuel bei de Personalausgabe wéi och den ordinären Ausgaben, bei den Depenses financières an och bei den Emprunten. An ech mengen hei ass e puermol ugeschwat ginn, d'Situatioun wäert da weider evoluéieren. Jo, do kënnt jo nach de Kont vum Joer 2024, et huet jo och deelweis heiansdo Verschibunge mat Projeten an och mat Kreditter, déi virgesi sinn. Alles dat, mengen ech, also d'Finanzen ass jo net ëmmer eppes, wat stuer applikabel ass. Do ass jo och ëmmer eng gewësse Flexibilitéit, aner Realitéiten, déi spillen effektiv. Et ass iwwert d'Facturë geschwat ginn, déi méi spéit kommen, déi méi spéit ausbezuelt ginn oder dat anert jo ausbezuelt gëtt. Dat si jo alleguerten Elementer, déi hei och deementspriechend kloer och zum Droe kommen. Mee ech mengen, prinzipiell ass d'Ausriichtung, dass mer d'Invester héichhalen, och do eis Responsabilitéit huelen an awer och kucke wat tragbar ass fir de Budget vun der Stad Diddeleng.

An dofir ass jo och dann de Virdeel, och mat sengen Nodeeler, déi een huet, eng Rigiditéit als PPF. De Virdeel och ass, dass en natierlech Adaptatioune ka maachen. Et ass effektiv den Eecherdall zitéiert ginn. Déi éischt Approche war 7,6, lo si mer bei 3. Mee dat ass de Virdeel am Kader vun engem PPF, dass een natierlech och nach eng Kéier e Screening ka maache vun deem engen oder anere Projet an och ka kucken, majo, wat kann e Projet sinn, wann eppes voll ausgenotzt gëtt, punkto Terrain. Soe mer einfach elo mol vum Eecherdall, fir nëmmen ze nennen. Oder wat kann awer eppes sinn, wat och méi verträglech ass fir de Quartier respektiv awer och fir d'Finanzen? An och do probéiert een dann e Kompromëss ze fannen. Insgesamt hu mer eng ganz Rei Projeten awer am abordabele Wunnraum, mengen ech, déi an déi richteg Richtung ginn a wou een och festhält.

Par rapport zu de Liquiditéiten, ech mengen do ass jo och de Virdeel an dat war d'Fro, déi d'Madamm Kaiser gestallt och huet. Et sinn zwee Elementer, déi spillen. Dat ass engersäits emol d'Emprunten, déi een zitt, fir effektiv dann déi Facturen ze bezuelen. Dat anert ass och op där anerer Säit insgesamt och déi verschiddenen Tranchen, déi ausbezuelt gi beim Fonds de dotation globale des communes. Wann deen natierlech och méi héich ausfält, da ginn och d'Tranchen, déi ausbezuelt gi méi héich, well och den Inneministère déi néideg Adaptatiounen virhëlt, fir deen och auszebezuelen. Also spillt dat och all Kéiers en faveur vun de Gemengen, och par rapport zu hire Liquiditéiten. Dat heescht, et sinn am Fong déi zwee Facteuren déi hei a Betruecht ze huele sinn. An natierlech och an der Ausriichtung vun de Projeten, déi mer hunn, an den Här Steffen ass jo do drop agaangen.

Well Diddeleng war ëmmer eng Stad, déi e räsonabele Wuesstem hat, déi e moderate Wuesstem hat, déi net esou schnell gewuess ass wéi aner. Well een och weess, wann een e gewëssene Wuesstum uet, de Corollaire dovunner natierlech ass och, dass ee muss nozéie par rapport zu aneren Infrastrukturen. Sief dat d'Kannerbetreiung au sens large, Schoulen, Maison Relais, Crèchen awer och mengen ech déi ganz Viabilisatioun och deementspriechend ronderëm de Stroossebau. Also et ass och e ganze Rateschwanz hannendrun, dee spillt. An dofir, wann een ee räsonabel wiisst, da kann een dat och aneschters steieren, ouni awer déi néideg Prioritéiten an och Akzenter kënnen ze setzen. Mir wäerte sécherlech net un eis Reserve à ce stade goen. Ech mengen et war eng Fro vum Här Steffen. Dat hu mer och am PPF. An den Estimatioune gi mer net un d'Reserv, do hu mer och 0 Euro agesat. Ech mengen déi hale mer eis sécherlech nach waarm.

Par rapport zu der Madamm Thoma, effektiv och zum CAD Indoorshal respektiv och zum Tennishal. Normalerweis kréie mer 35 % Subsid. Bon, de Minister huet méi an Aussiicht gestallt. Jo, mee de Corollaire dovunner ass, dass mer dann e regionale Subsid kréien. Fir e regionale Subsid kritt ee 50 %. Mee do muss een natierlech och, an do hu mer elo e Courrier geschéckt un eng ganz Rei Gemengen, dass se net en änleche Projet baue wéi den Diddelenger. Dat ass emol dat Éischt. Mir sinn och mam Lycée an Diskussioun. Mir si mat de Gemengen, mat deene Gemenge ronderëm Diddeleng an Diskussioun a respektiv och e bësse méi wäit och Gemengen, déi net onbedéngt, wéi gesot, esou eppes wëlle bauen, respektiv déi awer och deementspriechend vläicht och e Liichtathletikveräin hunn an net wëllen an déi dote Richtung goen.

Mee en contrepartie weess een awer och, wann een e regionale Subsid kritt, respektiv do och d'Gemenge géife mat op de Wee goen. Wéi gesot, et ass eng Reunioun geschwë mat de Veräiner respektiv mat de Gemenge geplangt. Et muss een natierlech och e Kompromëss agoen, dass een hinnen och déi Plagë gëtt, wou si dat och notze kënnen, gell? Dat ass jo net einfach esou, dass si soen, nee, mir bauen et an da kritt der d'office 50 % vum Sportsministère. Also, voilà, et mussen och Kompromësser do agoen an ech mengen och eng Ofstëmmung. Mee wéi gesot, dat ass am Moment e bëssen en ongoing Prozess.

Dann, ech mengen d'Josiae kann och op e puer Punkten agoen, wat d'Kannerbetreiung ass. Mee natierlech NeiSchmelz, wann 2028 déi éischt Wunnenge stinn, dat heescht jo net, dass schonn 2028 d'Schoul do voll funktiounsfäeg ass. Mir hu jo Kreditter virgesinn a mir sinn och amgaangen, d'Schoul ze plangen am Kader och vun Etüden, déi mer amgaange sinn ze maachen. An do wäerten an deenen nächste PPFen, do wäerten natierlech och Kreditter drakommen, wou och d'Planung vun der Schoul, respektiv de Bau vun der Schoul wäert och kommen. Mee 2028 steet d'Schoul net a brauch se jo och net ze stoen, well déi puer

Wunnengen, déi dann do stinn, déi kënne mer anerwäerteg och opfänken. An ech mengen do maachen ech hei de Lien direkt mam Josiane, do kann hatt op e puer Punkte sécherlech agoen. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Voilà, villmools merci. Ech gi ganz kuerz op e puer Punkten an. Ech fannen et immens flott, wann een hei awer konstruktiv diskutéiert an och mol seet, dat do ass vläicht ze deier, dat soll een hannerfroen. Ech wëll vläicht op d'Madamm Kayser agoen. Dir hutt gesot, d'Schoul Balzeng ass ze deier. Ech mengen dat si mir eis och bewosst. Mir ware bei 50 Milliounen, mir sinn elo bei 40 Milliounen. An et ass esou, datt mer de Moment jo nach am APS waren an elo den APD kréien. An eréischt da kënne mer de Projet och ganz konkreet auserneenhuelen. Also dat si mer eis scho bewosst. Mir wëllen do och dat ganz akribesch kontrolléieren, wat do kënnt. Nach ass, wéi gesot, dat anert eng grob Schätzung, 40 Milliounen.
Elo géife mer dann an den Detail goen. Ech wëll just soen, Nopeschgemengen, ob dat elo Keel oder Beetebuerg ass, déi hunn och déi Chifferen. Also Beetebuerg kascht 80 Milliounen. Et ass elo net esou, wéi wa mir dat heiten einfach géifen aus dem Stee schloen. Dann awer eppes, wat mer eis och bewosst sinn, bei där ganzer Diskussioun ëm, jo, et gëtt ze deier, mir mussen dauernd nei Gebaier bauen. Mir mussen endlech ufänken, an dat ass flott, mir haten eng Reunioun mam Ministère, mat engem Responsabel vum Ministère, dat ass déi Duebelnotzung. Eigentlech si mer jo richteg gutt zu Diddeleng. Mir hu vill Gebaier, mir hu vill Maison Relaisen. Mir musse just einfach och iergendwann eng Kéier ufänken déi Saachen duebel ze notzen. An net, wann dann op eemol d'Schoul am SEA-Sall ass, kréie mer den Agrément ewechgeholl. Also och dat si mer an Diskussiounen, wat awer e flotte Moment ass, well si awer gesinn, datt dat méiglech ass. Mir haten d'Visitt an der Lenkeschléi, dofir fannen ech dat awer ganz gutt.

Bon, dann den Här Steffen hat gemengt, et misst een dat méi plangen. Esou, wat fir eng Gebaier musse mer renovéieren? Wéi séier musse mer se renovéieren? Ech mengen, mir kucke jo wierklech ëmmer all Joer, mir sinn hei e bëssen iwwerrumpelt gi vun engem neie Gesetz, wat komm ass, d'PMR-Gesetz. An op eemol ware mer, an dat ass dat, wat eigentlech am schlëmmsten dobäi ass, net mol méi d'Lenkeschléi ass PMR-gerecht. An déi ass 2021 opgaangen. Also wéi gesot, mir plange schonn. Elo si mer einfach ënner Drock, well dat bis 2032 soll ëmgesat sinn, datt all eis ëffentlech Gebaier, mir wësse selwer, dat gëtt schwiereg, dat packe mer net. Mee ech mengen et ass elo net, datt mer net eng Planung hunn, well normalerweis kucke mer awer ëmmer geziilt wéi mer an deenen nächste Jore viruginn.
Dann NeiSchmelz, do war gefrot ginn, sidd der do schonn amgaangen? Jo, mir sinn amgaangen. Mee mir hunn awer en Exercice gemaach fir de ganze Ressort ze kucken. Ech mengen et soll eng nei Schoul op NeiSchmelz kommen. Mir hunn den Däich, dee muss renovéiert ginn. A mir hunn och Italien, och do hu mer nëmmen nach Spillschoul. Dofir wollte mer eigentlech de ganze Ressort eng Kéier kucken. Mir hunn dat och net méi spéit wéi gëschter gemaach. An Dir wësst, datt d'Containeren aus dem Brill eigentlech jo solle weider fir aner Mise en conformitéë geholl ginn. Och deen Exercice si mer amgaangen ze préiwen. Sou datt een, wann een d'Containere géif eriwwerhuelen, wa Balzeng steet, déi soll 2028 d'Rentrée opgoen, dann huet een am Fong jo schonn aacht Klassesäll déi dobäi kommen. Voilà! Ech mengen, dann hätt ech alles gesot.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci Josiane. An ech wollt just nach eppes opgräifen, och mat der Planung insgesamt. Ech mengen et war den Här Steffen, deen et och gesot huet, nieft den neie gesetzleche Contrainten, déi en huet, mer hate jo och en Dokument, Schoul a Sport Diddeleng 2025. Mir plange jo och un engem Dokument Schoul a Sport 2035. Ech mengen do si mer jo och am Wuert vis-à-vis vum Gemengerot, dass mer, wann dat Dokument bis fäerdeg ass, och eng Kéier heihinner kommen, en informelle Gemengerot maachen, en Iech dat presentéieren. Da gesäit een och eng Aussiicht wéi eng Schoulgebaier, Kannerbetreiungsinfrastrukturen, wou mer do mussen drugoen, sief dat an enger Neiplanung, sief dat an enger Renovatioun. Respektiv dann och all Kéiers Sportsinfrastrukturen dobäi. Wéi gesot, och dat ass amgaangen. 2025 wëlle mer profitéieren, fir dat Dokument fäerdeg ze stellen an dann och an de Gemengerot kommen, fir Iech och do déi Vue ze ginn. Well, ech mengen dat spillt jo och e bësse parallel par rapport zu enger plurianneller Planung vum Projet an och vun de Finanzen. Déi lafe jo dann niewenteneen. Dëst gesot, mir brauchen iwwert dëst Dokument net ofzestëmmen, dofir nach eng Kéier merci fir Är Aschätzung, fir Äert d'Abréngen, déi sachlech Diskussioun.

**3.4. Approbatioun vum Tarif d'utilisatioun vum Gasreseau a Modifikatiounen am Kapitel XIV : Gas - vum allgemengen Taxereglement**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer mat dem nächste Punkt géife weiderfueren. An dat ass denTarif d'utilisatioun vun eisem Gasreseau. Ech begréissen och do den Nic Krumlowsky an de Pascal Steichen. Well Dir wësst, dass mer all Joers déi Tariffer hei musse stëmmen. Dat huet domadder ze sinn, dass d'Stad Diddeleng Proprietär ass vum Gasreseau. An ech mengen dat wat hei duerchleeft, dat ass am Fong d'Durchlaufgebühr, de Volet commercial vum Gas, dat ass jo mengen ech Enovos, respektiv SUDenergie, deen dat mécht. An den ILR als Institut, dee fixéiert ëmmer d'Präisser. A mir musse se dann applizéieren, respektiv dann hei e Beschluss huelen am Gemengerot. Do gesitt Der, dass mer dräi Kategorien hu vum Gas. D'Kategorie 1, dat sinn d'Compteuren, G4- G16, dat sinn am Fong d'Menagen, dat ass dat wat de Gros ausmécht. Do ass d'Redevance mensuelle fixe 8,64 Euro, d'Composante volume 0,2. Dann ass d'Kategorie 2, dat sinn d'Schoulen an d'Residenzen, dat ass

de G25 - G40, do ass d'Redevance mensuelle fixe 43,86, d'Composante volume 0,2 an d'Composante capacité 9. An da sinn d'Kategorie 3, dat ass éischter sou Staatslabo oder d'Industriën, do ass de G65, do ass d'Redevance mensuelle fixe 66,07, de G100 97,21 an de G400 553,8. D'Composante volume ass 0,1. D'Composante capacité ass 12,7.

Dat sinn e bëssen d'Ausféierunge par rapport zu den Tariffer. Wéi gesot, déi Tariffer, déi sinn och schonn am Memorial, souvill ech weess, publizéiert. Den ILR hëllt ëmmer eng Decisioun, déi dann iwwert d'Tariffer befënnt. Ech mengen dat sinn e bëssen déi Ausféierunge, déi ech Iech hei elo mol konnt gi par rapport zu den Tariffer selwer. Bon, wann natierlech elo och nach Froe wären, déi méi technesch an Natur sinn, ech mengen do ass dann den Nic Krumlovsky an de Pascal Steichen sécherlech prett och Iech déi eng oder déi aner Äntwert ze ginn, déi méi dann technescher Natur sinn, falls där dann deementspriechend do sinn.

Froen, Remarken dozou? Dat ass net de Fall. ***Ass de Gemengerot mat deenen Tariffer averstanen ass, sou wéi den ILR se fixéiert huet? Dat ass unanime.*** Gutt, da soen ech och dem Nic dem Pascal Merci fir hir Presenz. Se kommen herno nach eng Kéier zréck, fir aner Projeten.

**3.5. Approbatioun vun engem Contrat de bail commercial de sous-location mat der Societéit Kasadalux S.à.r.l. – SIS fir e Geschäftslokal op 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir géifen dann elo op de Commerce iwwergoen. Mir hunn dräi verschidde Kontrakter. Da fänke mer un hei mat dem Geschäftslokal op 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dat ass de Contrat de bail, dee mer mat der Société Kasadalux S.à.r.l. hunn. Ech mengen Dir wësst d'Gemeng ass Locataire vun engem Gebai a mir maachen hei eng Sous-Locatioun un, wéi gesot, Kasadalux, hei vertrieden duerch den Här Kasindi. Dat ass am Fong e Contrat de bail, wéi gesot, vun 1.000 Euro. Dat heescht vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2025. Well ech mengen et ass esou, an Dir wësst, dass et jo och net déi éischte Kéier ass, dass mer hei de Kontrakt mat him hunn. Mir haten en éischte Kontrakt mat him vun November bis de 15. Mee 2024 an do waren et 500 Euro. Mir haten vum Mee 2024 bis den 31. Dezember 2024 och e Kontrakt mat him, dat waren 500 Euro. An elo ass vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2025, do sinn et dann 1.000 Euro. Also de Loyer ass erhéicht ginn.

Ech mengen de Projet, wann Der och schonn d'Geleeënheet hat, do eranzegoen, ass ganz, ganz, ganz flott. Well mengen ech hei mer e Geschäftsmann hunn, deen engersäits natierlech Retouchë mécht an awer och mat enger ganz Rei Acteuren zesummeschafft. Sief dat mam VEWA, sief dat mam Lycée Nic Biver, sief dat mam Kräizbierg, sief dat mat der Asta. Also och mengen ech e bësse méi kollaborativ huet. An awer och am Textilberäich déi Gamme vum Hanf als Textil och wieder exploitéiert och do op nei Weeër geet. Also mengen ech hei e ganz, ganz flotte Projet. A wéi gesot, hei dann nach eng Kéier den Contrat de bail vun engem Joer. Voilà! Dat zu den Ausféierungen zu dësem Commerce.

CLAUDE MARTINI (CSV): Vu dass dat dote Projete sinn, déi mer ëmmer ënnerstëtzt hunn, wäerte mer dat och weiderhin ënnerstëtzen, dann ass just d'Fro e bësselche opkomm, wéi mer d'Definitioun vum Pop-up-Store an Zukunft nach maachen, an ass et dann nach e Pop-up-Store, wa mer esou laang ginn? E Pop-up-Store, dat war jo am Fong éischter geduecht fr eng kuerz Zäit d'Lokal do mol, wéi ass do eis Strategie? Mee op alle Fall, ech war schonn am Buttek dobannen, ech war scho méi wéi eemol dobannen. Dat ass effektiv ganz flott. Si maachen ganz, ganz flott a ganz cool Saachen. D'Collaboratiounen, déi se hu mam Kräizbierg. Wann ech mech net ieren, war Servior och eng Kéier dobäi. Wéi sinn déi ausgesinn? Huet en do eis schonn e Retour gi gehat, ob dat weidergeet? Just eng Kéier, fir driwwer ze diskutéieren, fir och eng Kéier de Retour ze kréien vun Ärer Säit, wéi dat Wuert Pop-up am Fong an Zukunft soll gemanagt ginn. Mee, wéi gesot, et ass effektiv net einfach Geschäfter ze kréien, Leit, déi wëllen ee Buttek opmaachen. Also et ass zu 100 % ze ënnerstëtzen, déi wou Loscht hunn, dat ze maachen. An, voilà, eise Go hutt Der dofir. A just den Dénge vum Pop-up.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, also de Pop-up ass natierlech ëmmer esou zwee, dräi, véier Méint. Hei hu mer e bëssen d'Definitioun vun engem Pop-up à moyen terme. Ech mengen am Kontrakt hu mer dat och drageschriwwen. Mir si jo och hei nach net, dofir hu mer nach hei de Wording Pop-up à moyen terme geholl, dat ass e bëssen sou intermediaire, well mer hei net an enger Situatioun si vun engem Contrat de bail op dräi Joer, wou jo dann all Kéiers e progressiven Loyer bezuelt gëtt. Ech mengen herno, am Laf vum Muere komme mer nach op esou eng Situatioun. Dat heescht et ass e bëssen eng Situatioun intermediaire, wou ee mierkt hei aus engem klassesche Pop-up eraus, vläicht awer nach net ganz vill, fir méi e laangt Engagement an awer scho prett fir méi e weidert Engagement. Also et ass esou entre les deux. An hei hu mer déi Flexibilitéit dat och kënne spillen ze loossen. ***Ass de Gemengerot mat dësem Contrat de bail averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci.

Här Martini, ech hat Iech net drop geäntwert, also déi Collaboratioune mat deen aneren Acteuren, och Servior, déi léift ganz gutt weider, do sinn eng Rei Synergien, déi lafen. Am Fong ass dat ganz positiv hei.

**3.6. Modifikatioun vum Contrat de bail commercial de sous-location mat der Societéit MeLord S.à.r.l. fir e Geschäftslokal 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op deen nächste Punkt, dat ass effektiv de Contrat de bail mat dem Lokal op 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dat ass mat MeLord, S.à.r.l. Ech mengen dat ass e Commerce, dee säit engem gudde Joer hei zu Diddeleng ass. Deen huet am Mäerz 2024 ugefaange sech hei nidderzeloossen. Dat ass am Fong e Commerce, ech mengen Dir wësst et, wou am Textilberäich fir Männer a fir Dammen sech hei zu Diddeleng niddergelooss huet. Och do, mengen ech, si mir jo Locataire vum Geschäftslokal a maachen eng Sous-locatioun. An ech mengen dat, wat haut hei um Ordre du jour ass, ass am Fong en Avenant par rapport zum Contrat de bail dee mer mam Här Musti och gemaach hunn. Hei ware mer an enger klassescher Situatioun, e Contrat de bail vun dräi Joer mat engem progressive Loyer. An effektiv hat ech ugangs des Joers zesumme mat eise City Manager, e längert Gespréich mam Proprietär selwer, mam Här Musti. An ech mengen Dir hutt och de Courrier virleien, deen e geschriwwen huet, wou mer e bëssen de Bilan och gemaach hu vun der aktueller Situatioun.

Wou mengen ech ganz frou ass hei zu Diddeleng, de Commerce en tant que tel net schlecht leeft. Bon, an awer eng Rei Adaptatioune musse gemaach ginn, fir dass et awer mengen ech nach de richtegen Decollage kritt. Am Courrier gesitt Der och e bëssen den Argumentaire, respektiv och de Resümmee vun der Diskussioun, déi mer haten, eng länger Diskussioun, wat et heescht sech eng Clientèle hei zu Diddeleng opzebauen, wou mengen ech positiv Usätz sinn. Bon, an awer mengen ech nach muss weider dru geschafft ginn, fir déi ze fideliséieren, fir eng Adaptatioun ze maache vun der Kollektioun, fir och Initiativen ze huelen, fir seng Kollektioune méi an d'Vitrinn ze setzen, och a punkto Promotiounen.

Awer och d'Schwieregkeet, déi een awer insgesamt huet, wann ee sech och etabléiert a wann ee de Commerce wëll ulafe loossen. Dat ass och net ëmmer evident hautzudaags, do brauch een e bëssen de Courage, wéi den Här Martini virdru gesot huet. An do ass am Fong hei d'Demande un eis erugedroe ginn, ob mer kéinten natierlech fir dat zweet Joer Loyer, d'Demandë vum éischte Joer Loyer bäibehalen. Ech mengen Dir musst wëssen, Dir hat am Contrat de bail fir dat zweet Joer 2.500 Euro virgesinn. Hei ass d'Demande fir da beim Loyer vum éischte Joer ze bleiwen, bei 1.500 Euro. A bei deem Gespréich mengen ech dat ganz, ganz gutt war, wou mer och gesot hunn zum Här Musti, et wär wichteg, dass mer natierlech och d'Argumentatioun solle virbréngen, fir den Avenant, fir dass mer an déi Richtung do kënne goen, fir dat ganz oppen a ganz transparent ze maachen, wéi iwwert d'Situatioun, mengen ech, hei iwwert de Commerce sou ass.

Ech mengen dofir hutt Der och dee Bréif virleien. An ech mengen, dass wann een hei den Avenant deem Rechnung dréit, dass dat sécherlech e bësse Loft kann och verschafen, fir sech weider hei zu Diddeleng kënnen nidderzeloossen a wieder déi Adaptatiounen déi virgesi sinn, och kënnen deementspriechend ëmzesetzen. Voilà, dat e bëssen d'Argumentatioun, par rapport zu deem Avenant, dee mer hei virleien hunn. Sinn Stellungname?

CLAUDE MARTINI (CSV): Da fir d'éischt emol soe mer dem MeLord S.à.r.l. villmools merci, dass se sech hei niddergelooss hunn an hire Courage, dee se gewisen hunn, fir e Commerce an eiser Geschäftsstrooss opzemaachen. Dann awer och villmools merci, fir dee flotten an éierleche Bréif, déi mer kruten, wou ganz transparent drasteet, wéi d'Situatioun awer och ass. Si hunn effektiv e ganz flott Lokal, si hunn e ganz professionelle Service. An et ass souguer besser wéi online shoppen. Well wann s de nämlech eragees, da gëss de nämlech anstänneg beroden, du kanns deng Saachen umoossen. An si proposéieren der souguer fir den Dag drop eppes aneschters kommen ze loossen, wann s de eppes brauchs. Dat kann Amazon net bidden. Voilà. An ech kafe meng Saache ganz gären a Geschäfter, wou ech anstänneg berode ginn a wou ee flott empfaange gëtt. An dofir si mer frou, dass dee Buttek do ass. An dee soll och hei, déi soll och hei bleiwen.
Meng Schung si vun do, déi ech un hunn, ech hu se extra de Moien nach erausgeholl a propper gemaach. Neen, si kréien déi net méi zréck, well si si wierklech ganz gutt a ganz komfortabel an ech sinn och ganz frou domadder. Et ass awer dat heite wat mer och virdru gesot hunn, wat de Shared Space ugeet. Effektiv, jo, et ass net nëmmen de Shared Space, dee wou elo d'Saache méi schlëmm oder verbessert, mee et ass ee vu ville Facteuren, dee wou mécht, dass d'Geschäfter eebe besser ginn.

An ech mengen, dass de Retour vun hinnen, ech weess net wéi e war, bei hinne war ech elo net am Buttek, wou mer d'Ëmfro gemaach haten, et war nämlech grad déi Zäit, wou si nach net do waren. Mee ech denken, dass de Retour do genau dee selwechten ass. Déi Zäit, wou d'Strooss zou ass si manner Leit am Duerf an et gëtt manner akaaft. An dat war ee vun deene Grënn, fir dass mer effektiv de Leit wëllen entgéintkommen an d'Strooss wëllen oploossen och fir d'Autoen de Maximum vun der Zäit. Déi Demande wou hei ass, mir ënnerstëtzen déi ganz kloer. Mir wäre Perdant dobäi, wa mer dat elo net géifen ënnerstëtzen. A mir sollen och absolutt d'nächst Joer nach eng Kéier de Point maachen dovunner, wéi d'Situatioun dann ass. A voilà, da kënne mer jo dann zesumme kucke wéi mer wäerte weiderschaffen.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also mir fannen dat och, datt d'Reduktioun vum Loyer fir d'Gesellschaft MeLord e ganz gudde Geste ass vun der Gemeng, fir e Commerce de proximité zu Diddeleng ze entlaaschte wat de Loyer ugeet. Villmools merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Am Fong wollt ech näischt dozou soen, mee de Buttek, dee gefält mer am Fong richteg gutt, well direkt vis-à-vis ass en iwwerdaachte Vëlosstänner, wou ech och ganz oft stoung an dann akafe konnt goen. A voilà, vläicht kéint den Här Martini dat eng Kéier probéieren, well do gëtt en och net naass. well déi éischt Parkplaz ass méi wäit ewech wéi den iwwerdaachte Vëlosstänner, fir do akafen ze goen. Am Fong, fir erëm zréck op d'Saach ze kommen, mir fannen dat doten och tipptopp. Mir wëssen, dass et laang Zäit net esou eng flott Offer ginn ass, wéi elo an deem Buttek do, wat Männerkleeder an och Dammeschong, mengen ech, verkafe se och nach, ugebuede gëtt. Do war de City Manager, mengen ech, och relativ laang amgaang esou e Buttek ze fannen, fir erëm zu Diddeleng ze kréien. Mir hate jo laang Zäit virdrun och een.

A mir sinn och der Meenung, dass et wierklech alles brauch, fir déi dote Leit genau do ze halen, wou se sinn, well déi maachen de Stadzentrum aus. D'Fro ass just zum Prozedere wéi virgaange ginn ass. Mir ënnerstëtzen et, dass déi Reduction de loyer kënnt. Den Här Biancalana hat elo vun engem Gespréich geschwat, wat stattfonnt huet. Ass do mat nach méi konkrete Geschäftszuelen och geschwat ginn? Oder wéi hu mer de Garde-fou dran, dass et net zu engem Präzedenzfall ka komme fir an Zukunft? Well hei hu mer elo wierklech eng gutt Motivatioun dohannert gesinn, och am Bréif, deen derbäiloung, dee wierklech justifiéiert a wou ee seet, jo, dat doten, dat ass kloer, fir déi dote Clientèle opzebauen, brauch et dat doten, do brauch et méi laang Zäit. Wann ech mech net ieren, war deen éischte Kontrakt och vum 1. Abrëll bis Dezember. Dat heescht, et war emol kee ganzt Joer. Ech mengen hei sinn d'Argumenter, déi dofir schwätzen, mee reng prinzipiell, fir elo kee Präzedenzfall ze schafen, huet de Schäfferot do eppes virgesinn? Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo, et gouf scho vill gesot. An ech wëll do och nach eng Kéier dem Här Musti seng Wierder opgräifen a soen, dass d'Zesummenaarbecht tëscht dem Service Développement des commerces et des entreprises an de Geschäftsleit hei zu Diddeleng wierklech positiv ass. An do och an eisem Numm nach eng Kéier Merci un de City Manager virop do a seng ganz Ekipp fir déi wäertvoll Aarbecht. D'Geschäft vun deem wat mer hei grad schwätzen, do ass eng Demande hei zu Diddeleng do, dat gouf och scho gesot. An Här Martini, wierklech schéi Schung, déi Der do kaaft hutt. Den Här Musti huet et erkläert, seng Clienten ze fannen, seng Gewunnechten erauszefannen an d'Méiglechkeet ze hunn och Saachen ze testen, grad an enger éischter Phas ass en Exercice, deen ee kann ënnerstëtzen. A wa mer elo duerch eng punktuell Eroflossung vum zukünftege Loyer kënnen do hëllefen, da solle mer dat maachen. An dofir ënnerstëtze mer dat natierlech.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Ech wollt dann och vu menger Säit och emol e Merci un eise City Manager ausschwätzen, deen ëmmer erëm kuckt, dass nei an interessant Geschäfter op Diddeleng kommen. Mam Geschäft MeLord ass him dat natierlech och gegléckt. Ech selwer war och schonn dobannen. An ech hunn och ganz schéin Artikelen do fonnt. Ech muss awer dann och soen, dass et awer och luewenswäert ass, dass wann d'Geschäftsleit en Uleies hunn, wéi dat och an dësem Fall de Fall war, dass hinnen nogelauschtert gëtt, an dass dann och probéiert gëtt, fir zesummen eng Léisung ze fannen. Ech mengen dat kann een och roueg emol eng Kéier erwänen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci da fir déi Ënnerstëtzung, fir dass mer deen Avenant do kënne maachen. Well ech menge mir wësse jo, wa mer dat net géife maachen, dat hätt jo och sécherlech eng aner Konsequenz, déi vläicht dann net esou e positiven Ausgang deementspriechend hätt, grad wann et an enger Period ass, wou ee Saache wëll effektiv testen. Ech wëll eppes opgräifen, wat gesot gouf a wat ech uganks gesot hu ronderëm déi temporär Foussgängerzon. Et hänkt och ëmmer e bëssen dovun of, wéi e Geschäftsmann, eng Geschäftsfra sech duerstellt an och de Commerce an d'Vitrinn setzt. An do ass de Service um Client e ganz, ganz wichtegen Aspekt. An hei hu mer, mengen ech, ee vu ville Geschäfter, déi mengen ech ganz vill Wäert um Service um Client setzen. An ech mengen, dass dat och sécherlech eng ganz staark Visittekaart fir e Commerce ass, deemno wéi et och deementspriechend ausgeluecht ass. Ech kann Iech awer soen, an ech mengen déi Fro hat ech och gestallt, dass déi temporär Foussgängerzon keen negativen Impakt hei huet. Ech wëll dat hei nach eng Kéier dann effektiv, vu dass et gesot gouf, dass et éischter en negativen Impakt huet. Neen, et ass effektiv net esou. Mee mir si jo net bei lo bei eenzel Situatiounen. Mir kucke jo déi Gesamtsituatioun. Och déi Diskussioun ronderëm de Prezedenzfall, och dat hunn ech an der Reunioun ugeschwat, well ech gesinn dat absolutt och esou, wéi den Här Steffen dat hei gesot huet. A mengen, dass mer do net an enger Situatioun sinn, wou mer do déi ganz Finanzsituatioun hei oppeleeën am Gemengerot.

Mee ech mengen, dat ass am Fong dann déi Diskussioun, déi dann, an ech mengen déi ass dann och ganz wäertvoll, an dofir mengen ech ass et och gutt, dass mer eise City Manager hunn, wou dann de City Manager an engem e bësse méi enke Kontakt mam Geschäftsmann, der Geschäftsfra dann och kuckt, wéi dann d'Zuele sinn. Ech mengen, et ass op deem Niveau, wou et sech dann deementspriechend ofspillt a wou dann och nach dëse Courrier dann och deementspriechend entstanen ass. Also, wéi gesot, et ass net einfach, well een elo kënnt, dat seet, dass mir dat maachen. Wéi gesot, et ass eng ganz Viraarbecht tëschent deene Professionellen, fir dass dann herno d'Politik hei kann eng Decisioun an déi eng oder anerer Richtung och huelen.

Mee ech deelen déi Aschätzung, dass een natierlech, an ech mengen, dass mer jo och, dat ass jo och de Virdeel, dat hu mer jo och gesi wärend der Covidkris an och hei, dass een och als Gemengerot oder wann ee esou Geschäftslokaler ulount, respektiv weider verlount, dass mer och eng

gewëssen, mat gutt Argumenter, och eng gewësse Flexibilitéit kënne spille loossen. Well mir wëssen et gi vill Situatiounen, mir haten elo rezent nach Diskussioune mat engem Geschäftsmann, deen iwwer 20 Joer e Geschäft an der Stad hat, deen et zougemaach huet an elo mat engem aneren e Geschäft deelt, zwar an der Stad bliwwen ass, well de Proprietär mordikus de Loyer wollt an d'Luucht setzen an net bei deem Loyer deementspriechend bleiwen. Ech menge mir hunn hei déi Méiglechkeet, dat ze maachen. An ech mengen et ass och e Commerce, dee ganz laang bekannt ass. Sou Situatioune wëlle mer net. Ech mengen dofir kënne mer dat mengen ech hei den heite Wee och goe loossen. ***Ass de Gemengerot mat där Adaptatioun hei averstanen? Da soen ech villmools merci.***

**3.7. Resiliatioun vum Contrat de bail commercial fir d'Sous-locatioun mat der Societéit Co-Labor fir e Geschäftslokal op 14-16, Rue de la Libération**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Opléise vun engem Contrat de bail och mat engem Commerce. An zwar mat Co-Labor. Dir wësst, dat ass hei op 14-16, Rue de la Libération. Och do si mer Locataire a maachen hei d'Colocatioun. Ech mengen dat ass e Commerce, wou virdrun OUNI war, wou leider och zougemaach huet, well se Faillite gemaach hunn. Hei ass et effektiv Co-Labor, déi de Kontrakt resiliéiert, bon, well se effektiv och festgestallt hunn, se hunn eis jo och e Courrier gemaach. Bon, dass dat vum Konzept hier, dofir ass et och en Test, deen net esou gedréit huet, wéi si sech dat virgestallt hunn. Och mat hinnen hate mer e Kontrakt vun de klasseschen dräi Joer mat engem progressive Loyer. A wéi gesot, mir haten e längert Gespréich mat hinnen, leider an der Situatioun dann, fir de Kontrakt hei opzeléisen. Mee, et sinn aner Projeten, déi sech hei och deementspriechend doe wäerten, notamment mam Service national de la Jeunesse. Ech mengen do ka sécherlech och nach hei d'Josiane Di Bartolomeo-Ries nach e puer Erklärunge ginn. Dat heescht, dass och do awer Projet à la clé ass, dass et weidergeet. Respektiv hu mer jo och hei d'Fro gestallt kritt vum Fabienne Dimmer.

Mir haten, iwwert de Kader vum, an do géif ech vläicht d'Fro hei mat eranhuelen, an de René Manderscheid géif och mengen ech dann drop agoen, ronderëm de Frigo solidaire, deen ëmmer do war. Dat war jo e participative Projet, dass jo och natierlech, wann dat ewechfält, sech Gedanke gemaach gëtt, wéi kënne mer dat deementspriechend ersetzen? Engersäits de Frigo solidaire an op där anerer Säit mir si Locataire vun deem Geschäftslokal, wat kann do eng aner Nues dat Lokal kréien? Also do si Projeten amgaangen, dofir géif ech do vläicht souwuel dem Josiane wéi och dem Ren d'Wuert ginn, fir vläicht do méi Ausféierungen ze maachen, well si sech méi intensiv domadder beschäftegt hunn. Voilà.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools merci. Ech géif kuerz drop agoen. Also eis deet et natierlech immens leed, datt elo Co-Labor net méi hei zu Diddeleng e Geschäft huet. Dat ass net deen éischten, deen do hannen opgehalen huet. Ech mengen, Dir wësst et alleguer, mir haten och OUNI déi do opgehalen hunn. Mir wäerten awer, an dat wëll ech awer hei am Virfeld direkt soen, mir wäerten awer d'Zesummenaarbecht mat Co-Labor net ophalen. Dat heescht, mir hunn eng Konventioun mat hinnen, déi wäerte mer weider bäibehalen. Si liwweren och Uebst an eis Schoulen. An och de Stand um Maart ass eppes, wat ëmmer nach bäibehale gëtt. Wichteg ass awer och, datt mer déi pedagogesch Aktivitéiten, déi mer mat hinnen an der Cité jardinière fir de Strutzbierg hunn, och déi wäerte mer viruféieren. Soudatt awer Co-Labor e Partner ass a bleift vun der Gemeng Diddeleng. Ech mengen dat ass wichteg. Si hunn et einfach finanziell, ech mengen et ass schwiereg, wann een op där Plaz läit, hu se et net gepackt oder et ass net duergaangen, wéi gesot.

An ech verstinn dee Geste do. An dann ass et awer esou, dass den Här Leners souwuel mat Co-Labor, wéi och mam Service national de la Jeunesse, mir hunn eis ëmmer mat hinne gesinn, mir hu scho laang eng Demande vum Service national de la Jeunesse. Dat ass déi Divisioun vun de Jonken, déi eigentlech inaktiv sinn. A si nennen dat de Service Transition vers la vie active. A si haten eigentlech schonn d'lescht Joer bei eis eng Demande gemaach. Mir waren du e puer Lokaler mat hinne kucken. A si haten eigentlech och e Lokal fonnt. An do huet awer de Proprietär dräi Deeg ier de Kontrakt sollt ënnerschriwwe ginn, net ënnerschriwwen. Soudatt se awer e Gradué agestallt hu fir d'Gemeng Diddeleng. Also net fir d'Gemeng Diddeleng, mee fir de Projet Diddeleng, a mir da wieder gesicht hunn. An do ware mer mat hinnen elo Co-Labor kucken. An déi sinn sech och sou wäit eens ginn, wéi dat kéint sinn, ob d'Lokal gutt wär. A si sinn der Meenung, datt dat Lokal, sou wéi et ass, richteg gutt ass fir si. Si kënnen do Workshoppe maachen.

Bis elo hu mer ëmmer misste mat deene Jonken op Esch, wa mer esou Inaktiver haten. Dat hei ass déi selwecht Struktur, wéi se zu Esch ass. Si produzéieren och Material, also Artikelen, selwer. An do geet et meeschtens ëm Upcycling, wou se da Projete maachen. An déi Artikele kënnen déi Jonk och verkafen. Si kéinten och zum Beispill bei eis um Alternativmaart matmaachen. An do ass et elo esou, dass am Prinzip si si sech eens. D'Commission des Loyers war elo do. Déi komme jo da kucken, misst eng Mise en conformité gemaach gi just vun enger Sécherheetsdier. An da wär et esou, datt den SNJ dat géif iwwerhuelen. Och eent zu eent, sou wéi de Loyer ass. An ech muss awer soen, si sinn hei net ugewisen op Vente. Dat heescht, dat ass e Projet, deen awer iwwer laang Jore soll lafen. An dofir wär ech frou, wann dat da bis sou wäit ass, géife mer Iech den neie Kontrakt presentéieren. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, merci. Jo, wéi gesot, mat deem Kontrakt, deen do ophält, gëtt effektiv och dann d'Zukunft vun eisem Frigo solidaire a Fro gestallt, vu dass dee jo do d'lescht Joer, de 16. Mäerz offiziell ageweit ginn ass. An et ass och esou, dass eise City Manager, an och de Laurent Krantz dee sech doröms bekëmmert, effektiv schonn am Austausch war mat Proxy am Duerf a mat Foodsharing, fir eventuell kënnen do de Frigo solidaire ze deplacéieren. Respektiv geet haut nach eng Kéier e Bréif vun de Leclerc eraus, fir nach eng Kéier ze froen ob hien net Interessi hätt, fir do de Frigo bei sech eranzehuelen. Wann déi do zwou Piste géife goen, da wäre mer Enn Mäerz prett fir de Frigo solidaire nees eng Kéier en vigueur ze setzen. Wann dat net geet, dann dauert et e bësse méi laang, da musse mer no Alternative kucken. Ech denken do eventuell un de Lidl oder un den Aldi, iergendwéi musse mer kucken, dass mer awer iergendwéi e groussen Alimentairesbuttek da mat an d'Boot kréien, fir dee Frigo solidaire um Liewen ze halen. Op jidde Fall d'Bestriewung vun de Gemeng ass ganz kloer, dass dee Frigo solidaire awer soll instand bleiwen an och um Liewe gehale ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Bon, mir sinn natierlech och traureg, dass dat do net geklappt huet mam Co-Labor. Ech muss och soen, ech weess net wéi elo heibannen den Echo war. Also ech war leider och ni dobannen, net esou wéi am Kleedergeschäft. An ech mengen, vläicht muss ee sech ëmmer och bei der eegener Nues huelen. Mee d'Fro ass, wat e bësse schued ass, si hu lo guer keng genau Explikatiounen. Wann ech elo kucken, dem Här Musti seng Argumentativ fir seng Demande ze maachen, déi war e bësse méi explizitt. Hei steet elo an dem Resiliatiounsbréif leider guer näischt, wat eis och kéint e bësse weiderhëllefe vläicht, wann nach eng Kéier een an eng Richtung wëll goen, fir esou e Geschäft opzemaachen, wou mer kënnen d'Schrauf usetzen, fir dass et e bësse besser klappt.

Ech sinn och frou ze héieren, dass effektiv d'Collaboratioun, dat war eng Fro och, déi mir och wollte stellen, mam Co-Labor, awer weidergeet wat eis Cité jardinière ugeet an och eist Liwwere vun Uebst un d'Schoulen. An de Projet vum SNJ, dat kléngt jo ganz sympathesch. A wann de Proprietär och averstanen ass, fir déi mer mat eranzehuelen. A wann dat eis net vill grouss weider Fraise bréngt a virun allem och eng Garantie gëtt, dass dee Buttek belieft ass, well dat ass jo dat, wat mer gären hätten. Mir wëlle keng zougepechte Fënsteren hunn. Dann, denken ech, ass dat do e gudde Wee. An ech si ganz gespaant, fir do och d'Explikatiounen ze kréien.

Dann zum Frigo solidaire. Jo, den Accès ass dat, wat immens wichteg ass. An ech mengen ech hunn elo nach eng Kéier nogekuckt, wéi mer de Frigo solidaire virgestallt haten am Kader vum zréckbehale Projet vum Budget participatif, do steet och explizit dran: „Lutter ensemble contre la pauvreté et le gaspillage alimentaire". Dee Projet ass och mat 8000 Euro matfinanzéiert gi vun der Gemeng. An do stoung och beim Descriptif, ech hu mer dat nach eng Kéier erausgesicht: „Le Frigo solidaire est en libre service." An dann „ Il sera installé dans les locaux du futur magasin de fruits et légumes Co-Labor." Dat ass jo net gaangen. An da steet awer eppes dran, wat ganz wichteg ass, a wou ech mech och froen, ob mer dat awer wierklech och esou gemaach hunn. „Il pourra par exemple être ravitaillé par les plats fraîchement cuisinés à destination des maisons relais et qui n'y auront pas été consommés." A sou wäit ech dat awer matkritt hunn, war dat awer elo hei zu Diddeleng net esou de Fall, dass do déi Platen zum Beispill vun de Maisons Relaisen, déi iwwerflësseg, also déi net consomméiert gi sinn, dass déi do rabruecht gi sinn. An dunn hu mer eis e bësse Gedanke gemaach. Ma wéi maache mer dat elo mat deem Frigo solidaire? An do hu mer eis erlaabt, eng Motioun eranzeginn, datt däerf ee jo Séance tenante zu engem Punkt och maachen. An de Patrick kann dat vläicht kuerz aspillen.

Also, voilà. Ech liesen eis Motioun just vir: „Fir d'Erhalen an d'Transformatioun vum Frigo solidaire. De Gemengerot vun der Stad Diddeleng stellt fest, dass wéinst der definitiver Fermeture vum Buttek Co-Labor an der Rue de la Libération de Frigo solidaire momentan net zougänglech ass. Datt de Frigo solidaire am Kader vum éischte Budget participatif agefouert gouf. Datt 30 % vun de Liewensmëttel all Joer ewechgehäit ginn, obwuel se nach gutt sinn. A mir invitéieren de Schäfferot, fir de Frigo solidaire ze transforméieren, wou Iwwerschëss vun de Supermarchéen, Bäckereien oder Schoulkantinnen nom Modell vun Habscht kënnen deposéiert ginn. Dëst géif hëllefen, aktiv géint d'Liewensmëttelverschwendung virzegoen an eng besser Notzung vu Ressourcen ze erméiglechen. A mir invitéieren de Schäfferot, fir de Frigo op engem ëffentlech zougängleche Site ze placéieren, bausse virum Office Social, sou datt e 24 op 24, 7 Deeg op 7 accessibel ass. A fir de Frigo an engem nohaltege Chalet aus Holz aus dem Gemengebësch ze integréieren." Ech rappeléieren, mir maachen d'Referenz op de Frigo solidaire, op de Projet, dee se zu Habscht hunn. A si nennen dat „Vill Genoss fir wéineg Goss". A si hunn e Frigo opgestallt an hirer Gemeng. An do ass et effektiv esou, dass d'Plate vun der Maison Relais, dass déi do zur Verfügung gestallt ginn. A si maachen dat all Dag. An do kënnen d'Leit fir dräi Euro de Plat dann erauszéien. A si hunn dat effektiv och mat esou engem klengen Holzhaischen dohinner gestallt. Repas à emporter nennen se dat. An dat ass och eng Initiativ, déi och d'Gemeng an Zesummenaarbecht mam Anti-Gaspi Initiativ vum Ministère de l'Agriculture op d'Been gesat huet.

Firwat hu mer eis geduecht wär et gutt beim Office social? Éischtens emol déi Leit, déi an den Office social eraginn, da gesinn déi, dass dat do ass. A firwat géife mer dat gutt fannen op där Plaz? Well da wär et och 24 Stonnen op 24 accessibel. An d'Iddi vum Här Manderscheid, fir dat an e grousst Geschäft ze integréieren ass sécher och luewenswäert. Mee ech géif mengen, déi si jo och net 24 Stonnen

op 24 op. An ech denke vläicht ass d'Clientèle och déi, déi sech géif aus deem Frigo zerwéieren, och e bësse genéiert, wa se dann dat esou an der Ëffentlechkeet, wou ganz vill Zirkulatioun ass, géif maachen. An dat war am Fong eng Iddi, firwat mer op de Wee gaange sinn, dass mer gemengt hunn, dass mer dat ganz gutt géife gesi beim Office social. Well éischtens emol dann d'Clientèle, déi an den Office social geet, dat si jo awer eis Leit, déi awer vläicht och vun deem Projet kéinte profitéieren, dass déi dann awer och da wéissten, wou se dee Frigo géife fannen. Ech gesinn, do ass awer hei ee klenge Problem.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci Madame Kayser. Wéi gesot, Dir hutt déi Méiglechkeet effektiv fir eng Motioun eranzeginn. Mir hu se elo net. Dir hutt se elo virgelies. Et wär vläicht awer net schlecht, dass alleguerten d'Parteien, déi hei sinn, schwaarz op wäiss déi Motioun awer kënnen duerchliesen, awer och dass mer hei driwwer ofstëmmen. Dass mer dat vläicht net elo direkt maachen, mee dass jidderee mol kann duerchliesen, kucken, also dass mer dat da vläicht herno bei de Motiounen zum Schluss, dass mer dat dann awer deementspriechend maachen, dass vläicht dann de Patrick se projezéiert, respektiv dass mer och vläicht eng Kéier Kopië maachen a se ausgedeelt kréien, fir dass een awer kann eng Kéier driwwer kucken. Okay. Villmools merci. Wie wollt nach Stellung huelen?

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also mir fannen et natierlech och schued, datt de Co-Labor hir Implementatioun zu Diddeleng opgëtt. Mee mir sinn awer frou ze héieren elo, datt fir de Frigo solidaire vum Budget participatif eng nei Plaz zu Diddeleng fonnt gëtt a fir de Projet fir sozial Bedierfnisser weider oprecht ze erhalen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, just ganz kuerz. Et ass wierklech Villes gesot ginn. Dir hutt och immens interessant Informatioune weider eis kéinte ginn. Mir fannen et natierlech och immens schued, datt do Co-Labor wäert fortgoen. Mee Dir hutt et och gesot, et ass net dat éischt Geschäft, wat vun där Plaz do fortgeet. A vläicht muss ee sech dat Ganzt an engem globale Kontext nach eng Kéier iwwerleeën, well u sech läit dat Geschäft jo esou um Wupp vum ganzen Zentrum. An et misst ee vläicht kucken, fir dat Ganzt vläicht aneschters ze dynamiséieren an, jo, einfach sech déi Fro stellen, firwat ëmmer erëm déi Geschäfter, déi do an deem Lokal opginn, net richteg kënne funktionéieren. Einfach eng urban Approche vläicht vun der Analys, eng ekonomesch Analys vun de Geschäfter op där Säit vun Diddeleng. An natierlech begréisse mir awer, datt déi Collaboratioun mam Co-Labor weider ka goen. Och pedagogesch gesinn ass dat ganz wichteg. A just kuerz drop reagéieren, wat déi Motioun ugeet, déi ass immens interessant, mee mir waarden natierlech, fir dat Ganzt méi am Detail kënnen ze liesen an eventuell iwwer Modalitéite kënnen ze schwätzen. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci fir d'Wuert. Jo, d'Madamm Ahmedova huet et grad gesot, et ass wichteg, dass déi Aktivitéiten an d'Partnerschaft mat Co-Labor weider bestoe bleiwen, sief dat eeben déi pädagogesch Aktivitéite wéi och de Stand um Maart oder aner Projeten. De Projet vum Service Transition vers la vie active, wann ech dat elo richteg verstan hunn, an Zesummenaarbecht mam Service national de la Jeunesse schéngt eis eng flott a sënnvoll Aktivitéit fir Jonker dann nees an d'aktiv Liewen ze huelen. En nohaltege Projet, an ech mengen Dir hutt et grad ugeschwat, ass deen zweete Projet, dee mer elei dann elo an där Zort, an där Adress do hunn. D'Madamm Di Bartolomeo-Ries huet et gesot, si sinn net op eng Vente ugewisen, sou dass mir drop hoffe kënnen, dass dat do eeben och elo en nohaltege Projet an der Liberatiounsstrooss do ass.

De Projet vum Frigo solidaire, an ech denken, dass d'Madamm Dimmer dat nach eng Kéier ugräift a senger Fro un de Schäfferot, jo, ass eng wichteg Aktioun, déi mer natierlech begréissen. A mir si frou, dass do och de Schäfferot déi eenzel Etappe mécht, fir dee Projet um Liewen ze halen. D'Propos vun der Madamm Kaiser, jo, ouni dat elo ofgeschwat ze hunn, gesinn ech e bësse skeptesch. Mee do komme mer jo dann nach duerno drop ze schwätzen. Wéi gesot, mir vertrauen, wat deen neie Projet ugeet do voll dem Schäfferot och de Frigo solidaire a fannen et natierlech schued, dass dee Projet vu Co-Labor vum Geschäft net weider konnt bleiwen.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Bon, ech hale mech ganz kuerz. Zum Frigo solidaire. Bon, ech si frou, dass mer amgaange sinn ze kucken, wou mer e kënnen ënnerbréngen. Ech hoffen, dass mer eng Léisung fannen an net allze wäiter Zukunft. Zu de Motiounen, nervt et mech zënter, dass ech am Gemengerot si ganz éierlech, bis méindes owes fënnef Auer kënne mer Motiounen areechen. Meng Fro war dobannen zum Frigo solidaire. An op eng Kéier kënnt du freides moies eng Motioun, déi dann och nach kee Mënsch huet, déi ee virgelies huet. Ech perséinlech hunn domadder ëmmer immens Problemer, firwat esou Motiounen net zu engem Frigo kënne kommen am normalen Delai. Well schliisslech war meng Fro och dobannen am normalen Delai. Et stoung um Ordre du jour, dass Co-Labor zou geet. Alles steet do. An da musse Motioune freides moies um zéng Auer erakommen iwwert e Stick iwwerdroen. Also bon, domadder hunn ech perséinlech da mäi Problem. Voilà. Ech hoffen, dass mer fir de Frigo eng Léisung fannen. An da soen ech Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Nach wieder Stellungnamen? Neen. Gutt, da komme mer emol op dat zréck, ëm wat et elo hei geet. Dat ass jo effektiv d'Opléise vun engem Kontrakt ronderëm d'Co-Labor. Ech mengen dat anert ronderëm de Frigo solidaire kucke mer dann e bësse méi spéit. Ech mengen et ginn elo Kopië gemaach, da ka jidderee sech net ukucken. Mir sollen dat elo net maachen, mer sollen dat à tête reposée maachen. Ech menge jiddereen ass jo dofir, dass

mer dee Kontrakt opléisen. Ech wollt just eppes opgräifen, wat d'Madamm Ahmedova sot, a wat ech awer e bësse komesch fannen, mir sollen do eng Analys maachen. Bon, mir hunn elo hei effektiv zwee Commercen do gehat, déi net funktionéiert hunn. Mee do ronderëm sinn awer Commercen, déi scho ganz laang do sinn an déi funktionéieren. Dat heescht, et ginn der eng ganz Rei, déi schonn iwwer zéng Joer do sinn an déi fest etabléiert sinn, dat wëll net onbedéngt dann heeschen, dass een do muss eng Analys maachen. Et huet et e bësse mat der Ausriichtung effektiv vum Commerce en tant que tel ze dinn, deen do ass, dass déi doten Decisioun am Fong muss geholl ginn.

***Wien ass dofir, dass mer hei dee Contrat de bail opléisen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An da komme mer herno nach eng Kéier op de Frigo solidaire zréck.

**3.8. Approbatioun vun Actes de vente fir d'Acquisitioun vun Emprisen**

*3.8.1. Société anonyme MDU S.A.,*
*Terrain Avenue Grande-Duchesse Charlotte*
*3.8.2. Monsieur Jean Christophe Lassine,*
*Terrain Bierengerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann, weider komme mer bei Emprisen. Dat ass eng éischt Emprise an der 10, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dat ass de Proprietär MDU S.A. Mir sinn den Acquereur. Dat sinn, dat ass e Contenant vun 0,21 Ar an et ass Integratioun an d'Voirie publique. Mir bezuele jo 700 Euro den Ar. Dat heescht, et wier fir 147 Euro. Dat ass déi éischt Emprise. An dann déi zweet Emprise, déi ass op 88, Route de Burange. Dat ass mam Här Lassine. Dat ass 0,5 Ar. Do sinn et 700 Euro och den Ar. Dat wier 350 Euro. An do ass och d'Integratioun an d'Voirie publique. ***Ass de Gemengerot mat deenen zwee Akten averstan, ronderëm déi Emprisen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.9. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Ventilatioun vun dem Sport- a Judosall an der Gaffelter Schoul**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt doriwwer. Dat sinn eng ganz Rei Devis estimatifs, déi mer hei presentéieren an zum Vott gi par rapport zu Schoulgebaier. Also als éischten hu mer den Devis estimatif. An ech begréissen an eiser Ronn eis Mataarbechter, de Joël Freitas an de Sven Stocklausen, déi och nach technesch Informatioune kënne ginn. Ech fänke lo mam éischte Punkt un. Dat ass den Devis estimatif fir de Judosall an der Gafelter Schoul. Firwat musse mer dat maachen? Do waren eng ganz Rei technesch Pannen. Bon, dat ass eng Ventilatioun, déi ass aus dem Joer 2006. An effektiv d'Regulatioun, déi net méi richteg geet. Also huet se scho bal gutt 20 Joer, wou se effektiv am Asaz och ass. Dofir funktionéiert se net méi gutt an dofir musse mer elo higoen, vu dass ëmmer déi Panne waren, dass mer elo eng nei Ventilatioun maachen, fir dass dat och erëm besser funktionéiert. Voilà. Dat sinn d'Erklärungen zu dësem Devis. Froen dozou? Dat ass net de Fall. ***Ass de Gemengerot domat averstane? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.10. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Renouvellement vum Daach vun der Schoul Wolkeschdall**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer an d'Schoul Wolkeschdall. Do hutt Der och en Devis virleie vun, pardon, de viregten Devis, do hat ech jo preziséiert, dat sinn effektiv 60.000 Euro. Da gi mer bei Wolkeschdall. Do ass am Fong den Daach, dee muss fréschgemaach ginn. Et ass jo esou, dass mer do effektiv an der Situatioun sinn, dass déi zwee Diecher bei Klassenzëmmer net méi dicht sinn a muss d'Couverture am Sak, déi muss nei gemaach ginn. A mir profitéieren awer och da vun der Situatioun, fir e Blitzschutz ze maachen. An ech mengen Der wësst, wann Der schonn do waart, am Gank, do ass eng Coupole, déi gëtt dann och mat ersat. Wéi gesot, Dir gesitt et och am Devis, et ass do effektiv opgelëscht, en Devis vu 75.000 Euro, fir dat do propper ze maachen. Dir hat jo och an Ären Dokumenter eng kleng Presentatioun. Froen, Remarken dozou?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Also ech mengen, wann ech richteg verstinn, do gëtt de ganzen Dag jo frësch gemaach, well mir schwätze vun 210 Quadratmeter. An déi Fro u sech, déi se stellt, ass: Ass iwwerluecht ginn oder mat geplangt, vläicht an enger zweeter Phas, fir do Photovoltaik, Solarthermie eventuell op den Daach ze setzen? Well deen eegent sech awer richteg gutt fir sou Saachen.

JOËL FREITAS, ENTRETIEN ET GESTION DE BÂTIMENTS COMMUNAUX: Jo, u sech ass den Daach, et ass kee Flaachdaach, dat heescht mir hunn déi zwee zénken Diecher an dann hu mer u sech nach en Deel, deen am Flaachdaach ass, wou déi Coupole ersat gëtt. A mir haten u sech iwwert déi Joren effektiv relativ vill Problemer, wat d'Dichtegkeet vum Daach betrëfft a Reparature gemaach. An elo komme mer net derlaanscht, den Zénk neizemaachen an ënnert dem Zénk eng Dichtung ze maachen, fir eeben dat Waasser opzefänken, wat u sech duerch den Zénk eran an d'Gebai kéint kommen, dat heescht déi Infiltratiounen erauszedrainéieren.

Wat d'Photovoltaik betrëfft, also mir hunn u sech d'Preparativen an d'Preparatiounen, wat elo de Paratonnerre, dat heescht de Blitzschutz betrëfft oder vum Câblage, ass preparéiert, oder gëtt elo mat preparéiert, esou dass eng Méiglechkeet besteet, fir Panneau solairen op den Daach ze setzen, ouni elo e gréisseren Opwand. Dee Moment, wou mer och elo de Schoulhaff maachen, dat hei ass elo fir d'Ouschtervakanz geplangt, iwwert d'Summervakanz soll de Schoulhaff gemaach ginn. An do ass et och esou,

dass verschidde Gainë scho mat an d'Gebaier eragezu ginn a preparéiert gëtt. Also et ass machbar. Mir hunn et awer am Moment eeben elo net am Kader vun dësem Projet virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Erklärungen. Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. ***Ass de Gemengerot da mat dem Devis hei Wolkeschdall averstanen? Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci.

**3.11. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Erneierung vum Flaachdaach vum Gymnase vun der Briller Schoul**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir bleiwe bei der Erneierung vun den Diech a mir ginn eriwwer vum Wolkeschdall an d'Briller Schoul. Do ass effektiv och den Daach vum Gymnase. Do ass hei en Devis vun 160.000 Euro. Ben, och do mengen ech si mer an der Situatioun, dass et Infiltratioune ginn, awer säitens vun der Terrass vun der Portierswunneng, wou net méi dicht ass.
Dat heescht, och do si mer an enger Situatioun, wou och den Daach a sengem Enn vu sengem leschte Liewenszyklus ass. A mir profitéieren awer och vun der Geleeënheet, awer och do dann d'Veluxe mat ze ersetzen. Sou dass mer och do rëm eng propper Situatioun hunn. An dat sinn dann Aarbechten, déi och an der Vakanz gemaach ginn an déi eis 160.000 Euro da wäerte kaschten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hunn, wou mer elo schonn hei de Fachmann hei hunn, hunn ech eng Fro do zu där, „un système de ventilation mécanique contrôlée". Ass dat dann och esou eppes wéi dat, wat mer virdru geschriwwen hunn, vun deem, an der Gafelter Schoul, wou och steet zum Beispill, „cette régulation sera compatible avec une maîtrise à distance". Ass dat och esou eppes, wat een da kann, hautdesdaags ass et jo esou, du kanns deng Heizung iwwert eng App umaachen an esou weider. Dat ass jo dat mat där Régulation à maîtrise à distance. Ass dat hei och esou?

Hutt Dir do déi néideg Infrastrukturen, och informatesch Infrastrukturen an Ären Atelieren, fir déi Saachen ze surveilléieren? Gëtt dat ëmmer méi gemaach, dass dat och esou e bëssen esou geet, wéi bei eis doheem, wou mer, oder wa mer an der Vakanz sinn, kënne mer vun do aus schonn d'Heizung umaachen, iwwert eis App. Wéi si mir do opgestallt? Dat ass vläicht awer eng interessant Fro. Ech hunn dat virdru gesot gehat, dass dat och en Impakt hätt op d'Personal, grad an deene Beräicher, well awer do d'Digitalisatioun awer eis ëmmer kann aner Méiglechkeeten nach ginn. Vläicht eng Fro. Dir sidd de Fachmann, Dir wësst, wou mer do dru sinn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hat am Fong och eng Fro zu der Ventilatioun, mee et ass den nächste Punkt, mengen ech. Jo.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, mir si beim Brill, mir si beim Daach, mee mir kënnen herno awer op d'Fro äntwere generell.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wollt just eng Kéier kuerz froen am Devis, Coûts liés à une Refection vum Balcon, 30.000 Euro. Wat geschitt do genau? Gëtt do d'Etancheitéit frëschgemaach? D'Plättercher frëschgemaach? Well 30.000 Euro, et ass awer net ohne. An et hat een awer kéinten Detailer dozou ginn, wann Dir eis kéint e puer Informatioune weiderginn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Ech hunn nach eng aner Fro zum Devis. Do steet Isolation thermique de la toiture - a Klameren - si techniquement possible. Dat heescht, de Moment hu mer keng thermesch Isolatioun um Daach a wat kéint dann do eraspillen, ob dat lo méiglech ass oder net? Gesäit een dat eréischt wierklech, wann een amgaangen ass d'Aarbechten ze maachen? Also voilà, gëtt dat lo isoléiert oder net? Merci.

JOËL FREITAS, ENTRETIEN ET GESTION DE BÂTIMENTS COMMUNAUX: Jo, zu deem Balcon, u sech ass et de Balcon um zweete Stack, deen zu der Säit vum Schoulhaff ass. Et ass esou, dass dee Balcon, et ass eng ganz schwiereg Situatioun. Dat heescht mir kréien am Fong, technesch kréie mer keng Léisung, déi, soen ech emol, konform an deem Sënn ass, no engem Hiersteller. Dat heescht mir hu weeder déi genuch Héicht bei der Dier, dat heescht bei der Balconsdier nach vir zum Balcon zu de Stützen, sou dass mer dat Ganzt elo, déi Bitumenofdichtung, déi elo do ass, mussen ewechrappen. An da sur place eeben Adaptatioune wäerte maachen oder Léisunge wäerte sichen, fir de Balcon u sech ofzedichten. Mir kënnen elo, also et ass relativ schwéier elo eng Äntwert ze ginn, den Detail ze zeechnen, dat kënne mer net, mir hunn d'Héichten net dofir. An dann hu mer nach deen anere Problem, dass u sech d'Reewaasser, wat op dee Balcon fält, et ass jo kee Fallrouer. An et ass och nach esou, dass déi Aarbechte si mer jo elo amgaangen ze maachen, bannen am Gebai, duerch d'Mise en conformité, war dee fréiere Lavabo, deen hat en Uschloss op dee Balcon. Dat heescht, dat Waasser vum Lavabo, dat ass iwwert de Balcon gelaf. Also voilà, et ass e bësse spannend, dat Ganzt.

30.000 Euro, dat sinn, jo, dat ass en décke Budget. Mee dat ass, well ech hu keng Previsibilitéit am Detail, sou dass mer e Forfait mat 30.000 Euro virgesinn hunn. Dee Moment, wa mer och d'Aarbechten ufänken, gesi mer d'Detailer, wéi mer weiderfueren. Et ass och esou, dass mer fir verschidden Aarbechten, wat elo hei d'Diecher betrëfft, dann och nach eng Demande bei INPA kënne maachen, mee och eréischt, wa mer gesi wéi eng Aarbechte kënne gemaach ginn. Zu der Isolatioun, et ass am Fong d'Terrass, wou de Conciergerie notzt, déi Infiltratiounen an d'Gebai erabréngt. Jo, mir gesinn d'Héichten net, dat heescht, mir hunn eng Dalle, déi ass 10 cm héich a mir hunn de Problem mat den Héichten, mat den Niveauen, wou mer eréischt

kënne gesinn, wa mer alles ewechrappen. An dee Moment kucke mer wéi eng Héicht, oder ob mer iwwerhaapt eng thermesch Isolatioun kënne maachen. An do muss een och den Aspekt Optik kucken, dass mer do mat den Terrassen alles wat d'Cornièren an esou weider ugeet, dass mer do an der Architektur net, voilà, dass mer do keng Problemer herno kréie vun der Optik hier, vun der Architektur.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Joël, fir déi doten Erklärungen. Ech mengen dat hël-left ze verstoen. Da géife mer iwwert den Devis ofstëm-men. ***Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci.

**3.12. Approbatioun vum Devis estimatif fir den Abau vun enger Ventilatioun an den Entrepôte vun de Kellere vun der Schoul Butschebuerg**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, an dat ass d'Ventila-tioun an der Butschebuerger Schoul. Elo si mer. Dann änt-were mer dann och op d'Fro. Wéi gesot, mir sinn hei an der Situatioun zu Butschebuerg, wou d'Ventilatioun muss ersat ginn. Mir hunn hei e Raum, do ass eng gewësse Fiich-tegkeet. Do sinn och emol Saache stockéiert ginn, déi sinn effektiv och ewechgeholl ginn, well mer och hei an enger Situatioun si bei der Baussentrap. Viru Jore gouf effektiv do alles, d'Etancheitéit laanscht Fassad gemaach, mee just net bei der Baussentrap. An déi ass jo zimmlech imposant, déi ass jo zimmlech grouss. An do hannendru bei der Baus-sentrap, also dee Raum hannendrun, do ass e Raum, do ass och eng Porte-coupe-feu, e Kompartiment dran. An do stagnéiert also d'Loft och. An déi Fiichtegkeet, déi mer do och hunn. Dee Sall gëtt zwar net genotzt, mee, mengen ech, wann een déi Ventilatioun do dra mécht, dann dréit dat natierlech zu enger besserer Qualitéit och deements-priechend bäi. Wéi gesot, de Raum gëtt de Moment net genotzt. Mee wa mer dat doten da maachen, da kann de Raum och erëm genotzt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech froen nach eng Kéier, wat dat genau ass, e „Système de ventilation mécani-que contrôlée“. Ass dat dann och esou eppes, wat een eebe kann op Distanz da kontrolléieren? Wéi gesot, dat hate mer och beim Punkt vum Sportsall an der Gafelt, do steet dat och dran. A meng Fro ass, ob mir do à la hauteur si fir dat och aus der Entfernung ze maachen? Dat war d'Fro. Och, wéi gesot, well dat en Impakt och huet op d'Personal, well dat jo och vermeit, dass d'Leit ëmmer mussen den Tour maachen, iwwerall kucke goen, wéi dat jo och hei explizitt an deem éischte Problem war, dass d'Leit hu missen ëm-mer op- an zouspären. An dofir ass meng Fro: Si mir do à la hauteur, fir dat wierklech och mat der Distanz ze kontroll-éieren? Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert nach eng Kéier. Eis Fro wier, den Devis gesäit d'Tuyauterie vir. Dat heescht, wann ech richteg verstinn, ginn d'Tuyaue geluecht fir d'mechanesch Beléftung, mee fir déi 30.000 Euro ass do eng mechanesch Beléftung mat dran? Well dat kéint ech mer net virstellen. Jo, Dir néckt mam Kapp. Dat heescht, fir 30.000 Euro hu mer Tuyauterie, Carottage an d'mechanesch Beléftung ass mat dran? Okay.

SVEN STOCKLAUSEN, TECHNIQUE DES BÂTIMENTS: Den Ënnerscheed vun deenen zwou Ventilatiounen, eng Kéier Judo Gafelt an eng Kéier Butschebuerg ass esou, datt Judo Gafelt eng Ventilatioun ass. Dat heescht mir bréngе Fréschloft eran, deen u sech mat der Réck-, mat der Loft, wou mer aus dem Haus zréckhuelen, eng Regeneratioun maache vun Energie, sou datt mer manner mussen hëtzen. Mee déi ass awer effektiv ugesteiert un e Computer, datt mir wäerte vum Büro aus gesinn, Zäitschaltauere setze kënnen an'Feelere gesinn, wann do eppes ass. Den Ënner-scheed tëschent Butschebuerg ass datt hei schwätze mer vun der Extraktioun vun engem Raum, dat heescht mir zéien do just d'Loft eraus a mir loossen d'Loft zirkuléieren, ouni eng Wärmerückführung ze maachen an ouni Visuali-satioun, well dat schléit wierklech am Präis mat dran.

Hei maache mer Gros-Oeuvre-Aarbechten, Carottagen, well dat si relativ déck Maueren, 70 cm Maueren, an dann de Gainage mam Ventilator, wou eebe schallgeschützt ass, fir deen erauszeféieren. Et geet haaptsächlech fir d'Loft-zirkulatioun vum Raum an net ëm Energiespueren. Well e Keller prinzipiell net gehëtzt ass an einfach déi Fiichtegkeet muss ewechkommen an eng Zirkulatioun, fir datt eng Stag-natioun vu Fiichtegkeet net entsteet. Also et ass manner performant eppes, awer och manner deier, par rapport vun eppes wat sportlech, fir eng Sporthal soll sinn. Och vum Debit aus net. Also et ass vill manner Debit. Den Ap-parat ass vill manner grouss a jo, vill manner invasiv u sech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, fir déi wichteg Erklärungen. Ech mengen dat gëtt Iech och dann do deen néidegen Abléck, wéi dat dote fonctionéiert. ***Ass de Gemengerot huet mat deenen dote Deviser averstanen? Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci.

**3.13. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplace-ment vun der Clôture op dem Site vum Arrow Club Gën-zebierg**

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buer-germeeschter. Voilà, e bëssen an d'frësch Loft. Mir ginn op de Gënzebierg, wou et ëm d'Clôture geet vun eisem Arrow Club, déi huet sech Joer fir Joer degradéiert. Deements-priechend ass de Veräin un eiser ugetrueden, fir hinnen do ze hëllefen, well dat awer Sënn mécht, dass déi Clôtu-re do steet. An eise Service zesumme mat ANF, mat eisem Fierschter, huet dann och probéiert, déi néideg Autorisa-tiounen ze kréien an deementspriechend hu mer elo hei den Devis virleie fir déi 160 Lafmeter Holz op zirka 3 Meter Héicht kënnen dohinner ze setzen, fir deem Tatbestand eebe gerecht ze ginn, fir dass se erëm kënnen anstänneg

opgeriicht ginn. Voilà. Ech hoffen, dass de Gemengerot eis hei och gréng Luucht gëtt. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Also den Devis war elo nach net esou, mee ech hu mer de Plang ugekuckt an ech hu gesinn, okay, hei ass sech wierklech Méi ginn, mengen ech, d'Käschten esou wäit wéi méiglech erofzedrécken, wann ech kucke wat wierklech alles probéiert gëtt ze erhalen, net nëmmen d'Fondatiounen, mee souguer d'Féiss vun de Pottoen. Also ech mengen hei goufe sech wierklech Gedanke gemaach, dowéinst wollt ech do dem Service awer och mol eng Kéier Merci soe fir hir Aarbecht. Dann hoffe mer, dass et och esou fonctionéiert, well an der Realitéit ass et ëmmer e bësse méi komplizéiert wéi um Plang. An ech hätt just eng Fro, well och am Devis steet jo eigentlech d'Clôture eenzel an dann, Pose sans fournitures, hunn ech richteg verstanen, dass mir d'Holz als Gemeng zur Verfügung stellen, well et gëtt jo och vun der Gemeng schonn zum Deel zerechtgeschnidden? Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, dann effektiv. Also et ass esou, dass mer d'Holz kafen. An deenen dote Quantitéiten ass et eeben net méiglech, do Eegeproduktiounen ze notzen. Et ass awer esou, dass et effektiv an eisen Atelieren, vun eise Jongen a Meedercher zurechtgeschnidde gëtt an eeben och am Kader vum Minimiséiere vum Präis vum ganze Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da wäerte mer driwwer ofstëmmen. ***Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.*** Villmools merci.

**3.14. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Inspektioun mat Kameraen an d'Evaluatioun vum Zoustand vun dem gesamte Kanalisatiounsreseau a vun den Assainissements-Collecteure vun der Stad – Phas I**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass en Devis vu 530.000 Euro fir eng éischt Phas. Do geet et ëm d'Inspektioun mat Kameraen a fir sech e Gesamtbild kënnen ze maachen iwwert de Bestand vum Kanalisatiounsreseau, a vun de Collecteuren hei an der Stad. Ech begréissen och d'Mataarbechter, den Nic Krumlovsky an de Pascal Steichen. Et ass e Projet, dee mer hunn, deen iwwert fënnef Joer soll goen. Dass mer do natierlech déi néideg Bestandsopname maachen och kënnen. A fir effektiv och do, wa Saache misste gefléckt ginn, dass een och dat deementspriechend iwwert deen dote Wee ka maachen. An dass mer einfach insgesamt eng Vue d'ensemble hunn. An ech mengen, dat kënnt eis sécherlech an der besteeënder Situatioun, wou mer sinn, a wann och nach weider Projeten och komme ronderëm NeiSchmelz, wou nei Uschlëss kommen, dass ee weess, wéi a ganz Diddeleng den aktuelle Bestand ass.

Dofir, wéi gesot, hu mer hei e Montant virgesi vun 530.000 Euro. Wéi dat alles ofgeet, do ka vläicht den Nic Krumlovsky oder de Pascal Steichen e puer Erklärunge ginn, wéi dat am Fong ëmgesat gëtt an der Praxis, fir sech do e bëssen déi néideg Infoen ze ginn.

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Jo, gudde Moien nach eng Kéier. Ben, et ass esou, dass mer eng Soumissioun musse maache fir déi Kanäl, dat sinn d'Haaptkanäl, déi an de Stroosse leien, fir déi ze filmen an dann och ze beurteele wéi de Bestand ass, ob Problemer sinn, dass se futti sinn, wat een op Anhieb net direkt gesäit. An dat ass geduecht fir dat a ganz Diddeleng ze maachen, dat ass den Dossier Technique 2, dat ass d'Ofwaasserreglement, dat dat verlaangt, dass mer den Zoustand vun de Kanäl wëssen. An d'Iddi war fir dat an Zäit vu fënnef Joer iwwert d'Bün ze kréien. Deen Devis, deen hei virläit, do sinn d'Ingenieurskäschten dran an dann och d'Phas 1, d'Phas 1, dat beinhalt deen éischten Deal an engem Joer, wou mer filmen. Mir hunn dat opgedeelt, fir dass mer d'Erfarung kréien an och, dass mer dat kënne steieren an der Zäit, dass mer net zougeschott gi mat vläicht de Problemer, déi mer net séier genuch geléist kréien.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, merci villmools, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech fannen dat eng immens gutt Saach, dass mer mat där Inspektioun do fueren. Et gesäit ee jo ganz oft, dass déi Firma an Diddeleng och a méi kleng Kanäl warscheinlech eng Visitt mécht. An esou gesi mer also rechtzäiteg, ob Interventiounen néideg sinn. Dat Eenzegt, wat ech mech just gefrot hunn, dat war déi Positioun 1, "Kanalreinigung, mat 104.000 Euro, über ein Jahr". An deem Kontext, kéints de mer vläicht erklären, wéi d'Firma, déi do soumissionéiert huet, déi Aarbechten do iwwerhëlt mat enger anerer Maschinn. Mir hu jo schlussendlech déi nei Hydrocureuse kaaft. Dofir eng kléng Erklärung dozou, wannechgelift.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hat just eng Verständnisfro. Déi Saachen, also et ass immens wichteg, well ech mengen en anere Wee, fir erauszefannen, den Zoustand vun eise Kanäl gëtt et net. Ech huelen un, datt déi Saachen och opgeholl ginn, fir datt mer kënnen dat halen? Ech froen, et ass vläicht blöd, déi Fro, mee ech kennen et aus dem Bau, wann ee esou Feeler sicht an et fiert een an den Tuyauen, da gëtt de Video net opgeholl. Et ass einfach eng momentan Opnam, fir ze kucke wou de Problem läit. Ginn hei déi Saache gespäichert, fir datt mer ëmmer erëm kënnen drop zréckgräifen? An déi aner Fro ass, bezuele mir déi 530.000 Euro um Stéck oder bezuele mir all Joers eeben de Montant, dee virgesinn ass, vu 60.000 Euro? Merci.

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Zu där éischter Fro, do ass et esou, mir hu wuel en neie Camion, mir maachen den Daily Business, dat heescht den Entretien vun de Réier, wa Problemer sinn oder wa Siphone verstoppt sinn, do gi mir reegelméisseg an den Asaz. Fir elo ganz Diddeleng ze filmen, do si mir net ekipéiert. Also mir hunn zwar d'Material, mee vun der Zäit hir geet dat net duer. Dat ass d'Ursaach firwat et ausgeschriwwe gëtt, a fir

elo ze soe wat et kascht. Déi 100.000, dat ass en Devis, mee dofir maache mer eng Soumissioun, eebe just fir dee Bëllegsten ze kréien a fir do net iwwert d'Ouer geschloen ze ginn. An déi aner Fro, déi gestallt ginn ass, dat gëtt gefilmt, a mir huelen dat selbstverständlech och alles op. Et muss een awer wëssen, dass dat fënnef Joer, zéng Joer laang gülteg ass, an da misst een eigentlech erëm nei filmen, well dat awer en dynamesche Prozess ass, déi Réier, déi alteren och mat der Zäit.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Et ass vläicht eng Detailfro, net schlëmm wann Der keng Äntwert hutt. Vu wéi vill Kilometer schwätze mer do ongeféier, wat do opgeholl wäerte ginn?

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Also ronn hu mir 100 Kilometer Ofwaasserréier. An et ass virgesinn, en Duerchmiesser 200 Millimeter bis op 1200 Millimeter ze filmen. An dann hu mer den Haaptcollecteur, deen ass Rechteck-Profil. Dat ass och virgesinn, fir deen ze filmen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Et ass mer elo just agefall. Ech mengen dat hei ass jo och eng Obligatioun vum Staat oder net, dass een dat muss kontrolléieren? Neen? Ech hat gemengt. An da wollt ech nach froen, gëtt et do e Subsid och dofir?

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Also et ass esou, d'Wasserwirtschaftsamt, déi schreift vir, dass mer en Dossier technique eraginn an do froe se ënner anerem den Zoustand vun de Kanäl. A fir den Zoustand erauszefannen an ze wëssen, musse mer filmen, well soss kéinte mer et net soen. An d'AGE dofir finanzéiert déi och 50 % vun deene Montanten, déi do am Spill sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, kënne mer iwwert deen doten Devis ofstëmmen? ***Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech villmools merci.

**3.15. Approbatioun vum Devis remanié fir de Bau vun enger provisorescher Struktur fir d'Briller Schoul, d'Schoul Balzeng an den Département Danse vun der regionaler Musekschoul**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir hate virum leschte Gemengerot, den Devis remanié ronderëm de Strutzbierg. An hei hu mer och en Devis remanié ronderëm de Modulbau ronderëm d'Briller Schoul, respektiv Asaz kënnen op d'Balzenger Schoul, respektiv d'Danzschoul, wou mer de leschte Freideg virun enger Woch ageweit hunn. Mir haten hei am Gemengerot en Devis gestëmmt den 10. Dezember 2021, en Devis vun 4,2 Milliounen Euro, fir dat en bloc auszeschreiwen, wéi gesot, fir dee Modulbau Brill Balzeng an och Danzdepartement. Wéi gesot, dee Modulbau, dee gëtt jo och elo genotzt am Brill respektiv jo och vun der Danzschoul, kënnt herno Balzeng an den Asaz. An do hu mer och eng Ausschreiwung gemaach. Bon, vu dass se ganz, ganz spezifesch och ass, goufen et do och just zwou Offeren, déi ganz no beienee louchen. Mee wou effektiv dann och gekuckt ginn ass, fir do l'offre la plus avantageuse, fir déi zréckzebehalen. Obwuel, wéi gesot, e minimen Ënnerscheed och deementspriechend war.

A vu dass mer och an enger Situatioun waren, mat deene ganze Präishaussen, dat ass dat Eent. Dat Anert ass awer och mengen ech méi Depensen um Niveau vum Amenagement vun den Accèsen, notamment wat d'Briller Schoul ugeet, wat de Buedem och ugeet oder och d'Mise au normes vu verschiddenen Ekipementer. Ech mengen do kann herno souwuel de Joël wéi och den Ivi op eng Rei Erklärungen agoen. Bon, alles dat, respektiv och d'Baumaterial an d'Indexatioun vun de Coûten, huet natierlech derzou gefouert, dass mer hei elo en Devis remanié virleien hu vu 6,4 Milliounen Euro.  Mir kënnen herno op eng Rei Erklärungen och agoen, firwat dass et méi deier ginn ass. Et muss een och soen, dass mer hei och frou sinn, dass mer Subside kréien. Do muss ech soen, dass mer haart gekämpft hunn, wéi mer 2021 d'Ausschreiwung gemaach hunn, respektiv och déi Joren duerno, well et am Fong net eng gängeg Praxis ass, dass e Modulbau subventionéiert gëtt.

De Staat huet éischter jo d'Tendenz, dass esou déi sougenannten Aide à la pierre, wa wierklech an de Steen investéiert gëtt, dass dann do Subside gi ginn. A mir hunn awer do, wat de Volet Schoul ugeet, hu mer ganz vill insistéiert am Interieur, dem Ministère de l'Intérieur, fir e Subsid ze kréien. Deen hu mer och, wéi gesot, zougestane kritt vum Ministère de l'Intérieur. A mir hunn natierlech och fir de Volet Danzschoul och do beim Ministère intervenéiert. Sou dass, wa mer elo hei deen Devise remanié hei virleien hu vu 6,4 Milliounen Euro. Op där enger Säit fir de Volet Schoul, also wou dann den Interieur zoustänneg ass, e Subsid kréie vun 1.556.108 Euro. A wat de Volet vun der Danzschoul ugeet, do kréie mer 378.202 Euro Subsid. Mir hunn awer scho beim Educatiounsministère nogehaakt. Si si bereet, och där Hausse hei Rechnung ze droen. Mir sollen natierlech nom Vott hei vum Gemengerot hinnen dat zoukomme loossen, dass se dann natierlech och par rapport zu der Hausse deementspriechend hire Subsid adaptéieren. Wat jo och an deem Sënn positiv ass.

En Devis remanié stëmme mer jo ni gären. Do si mer eis jo alleguerten hei eens. Voilà. Dat heescht, an dat selwecht probéiere mer och nach eng Kéier beim Interieur. Dat heescht, de Moment hu mer, wéi gesot, en Subsid ronderëm knapp 2 Milliounen Euro. Et ka vläicht dann e bësse méi ginn. Wéi gesot, do schécke mer dann och Courrieren un déi zwee Ministèren, fir och dann do op d'mannst da vläicht kënnen en Drëttel, elo ass emol en Drëttel couvréiert, fir dass vläicht dann e bësse méi iwwer Subsid couvréiert gëtt. Dat sin e bësse méi generell Ausféierungen. Mee ech ka vläicht souwuel dem Ivi wéi och dem Joël och d'Wuert ginn, dass si nach eng Kéier op eng Rei Detailer kënnen agoen, déi zu dëser Präishausse gefouert hunn. Dir hutt och an Ärem Devis déi verschidde Positiounen drastoen.

JOËL FREITAS, ENTRETIEN ET GESTION DE BÂTIMENTS COMMUNAUX: Jo, mir hu versicht am Devis remanié nach eng Kéier rëmzespigelen den Devis estimatif, deen am Gemengerot gestëmmt ginn ass, a wou een da gesäit, u sech déi gréisst Differenz ass u sech bei der Ouverture vun der Soumissioun. Mir haten zwee Soummissionären, déi en Dossier ofginn hunn, déi u sech e minimale Präisënnerscheed haten, ech mengen dat war ënner 10.000 Euro, jo, 6.000 Euro war de genaue Präisënnerscheed vun deenen zwee. Mir haten deemools versicht am Kader, wéi mer den Devis estimatif gestëmmt hunn, mat der Sécurité dans la fonction publique, hu mer Kontakt opgeholl fir Detailer ze klären, wat d'Krittäre sinn, wéi Plaffongshéichten, wéi e Lift am Gebai, well mir hunn de Brill, deen ass e Rez-de-chaussée plus en éischte Stack. Dat heescht, do hu mer och versicht, Derogatiounen ze froen am Kader vun, datt mer wëssen, datt am Brill de Container genotzt gëtt fir Ëmbauaarbechten, Balzeng fir eng nei Schoul, dat heescht, et ass net déi selwecht Kanner, déi permanent an deem Gebai sinn, an do war et awer elo esou, dass mer u sech keng Derogatioune kritt hunn, bis op de Lift, dee mer derogéiert kritt hunn.

Dat huet de Problem mat sech bruecht, datt déi Plaffongshéichten, déi Containere si véier Meter héich, an do ginn et net vill Fournisseuren, déi eis do kënne Containeren an deenen Héichten ubidden, wat déi ganze Problematik u sech och zum Präis gemaach huet. Mir waren eis Container op Schëffleng kucken, déi haten déi selwecht Contrainten a mir hunn eigentlech mat deem selwechte Präis och en Devis estimatif gestëmmt gehat. Dann zu den Haussen, zu den Avenanten. Dat heescht, mir hu fir 450.000 Euro hors TVA Avenanten. Bon, dat ass engersäits am Brill sinn déi Modifikatiounen, déi mer gemaach hunn, fir d'Fondatiounen. Mir hu misse Pieuxe setzen, well de Buedem schlecht ass. Dann hu mer u sech d'Gebai gedréint, a sou geännert vum Niveau, dass mer plain-pied op de Rez-de-chaussée erakommen. A mir hunn u sech d'Klassesäll, et sinn 8 Klassesäll, am Ufank waren et der 7, mat 2 Appuien. Am Moment fonctionéiere mer mat 8 Klassesäll dran. Hu mer u sech de Standard esou gemaach wéi an de Klassesäll, fir dass mer Wi-Fi an de Klassen hunn, dass mer d'Installatioune fir Smart TVe virgesinn hunn.Dat sinn u sech en gros déi grouss Avenanten, plus eeben den Tarmac, dee polluéiert war, wat dann e Surplus war vu 75.000 Euro, elo fir de Brill.

IVICA REPUSIC, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Bei der Danzschoul ass et e bëssen änlech, dass d'Soumissioun opgaangen ass, do hu mer wierklech dee gréissten Hausse. Ech huet de Joël lo grad erzielt. Ech mengen, fir de Rescht vun der Danzschoul, datt Eenzegt, wat e bësse méi bäikomm ass, ass eeben d'Alentouren. Bei engem Site NeiSchmelz d'Alentouren ze maachen, dat ass net evident, mee dat hu mer awer gutt hikritt. A wat mer och virgesinn hunn, am Ufank hu mer gemengt, mir kéinten doduerch dass et Containere sinn, géif de Buedem genuch schwéngen. A wéi mer bis am Brill waren, an eis d'Containere konnten ukucken, du hunn ech mam Bob driwwer geschwat, dat do schwéngt, mee awer net genuch, fir kënnen och richteg dran ze danzen an do eis eng gutt Qualitéit do ze gi fir den Danz. Dofir hu mer och do en neie Buedem, en Danzbuedem dragesat, dee ronn 63.000 Euro kascht huet, deen och de Surplus do mécht. Mee et muss een awer och wëssen, dass mer deen Danzbuedem esou erausgesicht hunn, fir de Fall, dass mer en nach eng Kéier erëm kënne gebrauchen, e kënnen awer och erëm notzen. Mir kënnen e gudden Deel vum Danzbuedem erëm notzen. En ass wiederverwertbar. Dofir hu mer en esou och geholl, fir do an deem Déngen dranzemaachen. A fir de Rescht hu mer net esou vill, fannen ech emol, Avenante fir d'Danzschoul. Sou Klengegkeeten, mee de Gros Präis ass eeben den Danzbueden an d'Alentouren, déi mer do ze maachen hätten. Jo, ofgesi vun der Soumissioun.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir déi doten Erklärungen. Do hutt Der alleguerten d'Elementer, déi derzou gefouert hunn, an d'Diskussioun ass natierlech op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Jo, am Dezember 2021 hate mer hei dat hei virgestallt kritt. An do huet et e bësse geheescht, et ass eng Urgence. Mer mussen da sou sech wéi méiglech en Devis stëmme fir d'Soumissioun ze lancéieren. An do ware mer dee Moment och e bësselchen alleguerte vexéiert, virun allem och d'Oppositioun nees, well mer eeben och do keng fachlech Presentatioun vum Projet kritt hunn. An dat ass esou ugeholl ginn, dass een dat da misst stëmmen, mat deem Devis vu 4,25 Milliounen.

An ech hunn nach eng Kéier nogelies an ech hat mer dunn d'Méi gemaachen, eng Frëndin ze froen, wat Architekt an der Stad Lëtzebuerg ass, an déi schaffe jo ganz vill mat Schoulcontaineren. An ech hat him och gesot gehat, vun deenen eenzelne Posten, ob dat dann awer machbar wär. An hatt huet gesot gehat, et wär, virun allem, wat d'Raccordementer ubelaangt, dass dat oft e grousse Käschtepunkt ass un de Reseau Waasser-Stroum an dass dat sécher schwiereg ass. A virun allem och d'Fondatiounen, déi gebraucht ginn, dass een dat muss virdrun akribesch kucken. An do hate mer am éischten Devis effektiv just 125.000 Euro agesat. An dat ass him awer och schonn 2021 als e bësse wéineg ugesat ginn. An ech menge mir kruten och elo nach gesot gehat, dass effektiv hu misse Pieuxe gesat ginn. An ech denken, dat hätte mer jo awer och scho missen am Virfeld wëssen. Mer wosste jo awer ganz genau, mir krute jo genau gesot, wou mer de Container histellen. Dat ass vläicht e bëssen à la légère gekuckt ginn oder, jo, e bësse sous-estiméiert ginn oder souguer vill sous-estiméiert ginn. An ech hat deemools gefrot: Si mer sécher, dass deen Devis duergeet? Jo, jo, jo, huet et geheescht. Ben, neen, et ass net duergaangen. Dat gesi mer jo och elo. Bon, d'Explikatiounen hu mer kritt.

Mee d'Fro ass zum Beispill och nach, ob an deem éischten Devis, dat ass och e Punkt, dee relativ deier ass, virdrun ass

gesot ginn, dass mer déi Containeren och kënne soss enzwousch notzen. Steet am Bordereau och d'Garantie vum Transport? Dat hate se och an deenen anere Gemengen, do maache se dat ëmmer, wa se déi Container wëllen och op eng aner Plaz setzen. Hu mer dat mat dran? Well dat ass och eppes, wat wichteg ass. Well soss kann dat och deier ginn. An dat misst am Fong virgesi sinn, dass een dat schonn an de Bordereau drasetzt. Voilà. A wéi gesot, mir waren deemools och e bësse mürresch, well mer d'Pläng vun de Container och definitiv net gewise kritt hunn. An doriwwer ware mer net ganz frou. Da kommen ech zum Text. Bon, Dir hutt erkläert, dass et effektiv esou ass, dass Der do just zwee Ubidder hat an dass déi relativ wäit ewech ware vun deem Devis, dee mir gestëmmt haten. An dat ass meng Fro, déi ech dann ëmmer soen. D'Soumissioun war de 5. August 2022. Firwat net do schonn eng Kéier Neel mat Käpp maachen oder eis och klore Wäin aschëdden als Gemengerot a soen, hei dat do, dat kënnt op eis duer, dat gëtt vill, vill méi deier, wéi mer gemengt hunn. Dat fanne mer alles net esou immens gutt.

An da wéi gesot, d'Etude de sol, bon, dat hunn ech scho gesot, dass dat awer traureg ass, dass een dat net schonn am Virfeld gewosst a mat agerechent huet. Also dass Fondatiounen hu misse gemaach ginn. An et steet och nach hei, dass d'Mise en norme des équipements, installations sanitaires an esou wieder. Ech hat mam Ivi rieds, bei der Danzschoul, et ass effektiv net ganz logesch, dass mer dräi PMR-Raimlechkeeten op deene puer Quadratmeter mussen hunn, een an der Dammevestiair, een an der Härevestiaire, an dann nach eng Toilette extra. Et ass alles schéin a gutt, mee wéi gesot, do ass et jo och net méi wéi normal, dass een dann e bësse sech Méi gëtt fir awer och Subsiden ze kréien. An ech denken dat ass och en Argumentativ fir ze soen: Hei Dir hätt dat gären als Ministère, da gitt eis do och e Subsid, fir dass mer do iwwert d'Ronne kommen. Wann ech hei de genauen Devis remanié duerchkucken, wat mer e bëssen opfält, a wat e bësse komesch ass, Travaux d'électricité, do steet beim Brill en Avenant vun 31.900 Euro an dann d'Travaux d'électricité steet bei der Danzschoul 59.000 Euro. Dat ass bal dat Duebelt. An dat ass mer awer net ganz logesch. Bei der Schoul fannen ech et jo normal, dass, wéi Der gesot hutt, mir mussen de Wi-Fi adaptéieren an esou weider. Dat kënnt mer e bësse komesch vir.

An da fannen ech et awer och e bësse komesch, wann hei steet Supplément pour Tarmac pollué. Bon, Tarmac pollué ass fir mech e Pleonasme. All Tarmac, mengen ech, ass polluéiert. An dat war jo awer och virauszegesinn, dass mer do dee mussen ewechraumen an dann déi 75.000 Euro elo nach mussen extra do nees dran ze maachen. Dat deet awer och e bësse wéi. Vum Buedem, vum Danzbuedem, jo, déi 54.337 Euro, wa mer déi dann herno effektiv och kënnen erëm eraushuelen. Mee och dat war jo awer e bësse viraussobar. Also ech denken do ass och e bëssen am initialen Devis, also e bëssen optimistesch an dat alles gekuckt ginn an net ganz seriö ausgeschafft ginn. An doriwwer si mer ëmmer e bëssen traureg, dass d'Gestion financière vun deene Projeten net esou ass, wéi mer eis dat virstellen. En plus si mer jo nach guer net fäerdeg. Well, et steet jo och am Budget vun dësem Joer dran. Aménagement des locaux scolaires Brill, construction modulaire pour l'intégration d'une maison relais. Dat sinn nach eng Kéier 190.000 Euro, déi elo virgesi sinn. Dat ass, wa Balzeng eriwwerplënnert, da komme jo net nëmmen d'Schüler riwwer, da kënnt jo och d'Maison Relais eriwwer.

Also do ass dann och d'Fro, wou leie mer dann do mat deem Budget estimatif vun deenen 190.000 Euro? Ass dann elo do awer iergendwéi virauszegesinn, dass een do vläicht net iwwert déi - entre guillemets – “akzeptabel” Hausse vun 10- 20 % erausgeet. An dass mer do net och erëm erschreckt ginn, wa mer kucke wéi deier dat herno gëtt. Vun de Subsiden, ech hat dat och nogefrot. Bon, do steet awer och, d'Explikatioune krute mer zwar. An der Press stoung och den Danzcontainer huet eis 2,1 Millioune kascht. An do steet et kënnt e Véirels Subsid vum Ministère. Dir hutt elo virdru gesot, dat wären 378.000 Euro. Am Fong den effektive Véirel ass 537.000 Euro. Dat ass duerch déi Hausse warscheinlech bedéngt. Do hutt Der jo gesot, dass Der do nach eng Kéier wëllt nohaken. Jo, maacht dat op jidde Fall. An dann idem och beim Brill. Wa mer do 1,5 Milliounen op den Initial kritt hunn, dann, ech mengen da misste mer och do nach eng Kéier e bëssen eppes dobäi kréien.

An dann ass meng Fro och, wa mer deen Amenagement elo maachen, fir d'Maison Relais an dee Container ranzekréien, wéi ass et do mat der Subventionéierung? Well 190.000 Euro ass jo och net näischt. Obwuel ech jo och mengen erëm, dass dat erëm e bëssen niddreg ugesat gëtt, jee no deem, wat mer och do rëm musse maachen. An do ass och d'Fro, mer kruten eng Derogatioun fir de Lift elo, well do d'Schoul dran ass. A wéi gesäit dat elo aus, wa mer do eng Maison Relais dra maachen? An och, dat ass jo och ëmmer déi Geschicht mam PMR, Accessibilitéit an esou weider, musse mer do net nach e Lift dann noräschten? Voilà. Also wéi gesot, mir sinn net frou driwwer. Bon, d'Explikatioune si komm. D'Subside sollen och nach erhéicht ginn. Majo, dann ass dat dann eebe soen. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, jo, et deet net gutt, wann een erëm en Devis remanié kritt, wou et e groussen Depassement gëtt par rapport zum Estimatif. Dass een net alles virausgesi kann, gesi mir un den Attendu an un de Considerante vun däser Deliberatioun. Devis estimatifs si menger Meenung no ëmmer ze enk berechent. Et misst ee systematesch méi en appropriéierte Montant fir den Imprévu virgesinn. Dëst ass besonnesch hautdesdaags ëmsou méi wichteg ginn, vu dass d'Präisser ganz oft nëmmen nach ganz kuerz garantéiert ginn. Bon, den Devis estimatif, dee mer deemools gestëmmt hätten, war effektiv, wéi Madamm Kayser lo grad sot, vun 2021. Do huet d'Welt nach e bëssen anescht gedréit. Wien hat dann do dru geduecht, dass knapp zwee Méint, nodeem mer deemools dësen Devis estimatif gestëmmt haten, e Krich an Europa kéint ausbriechen, deen esou Repercussi-

ounen op d'Wirtschaft an op Präisser hätt. An dach war et deemools eng gutt Entscheedung, Containeren ze kafen, statt ze lounen. Den Här Buergermeeschter hat an der Gemengerotssitzung vum 10.12.2021 d'Entscheedung esou begrënnt, dass mer 30.000 Euro Loyer de Mount hätte misse bezuelen, grad wéi den Transport vun 100.000 an d'Raccordementer vu 540.000 Euro.

D'Containere Brill stinn elo am Summer dräi Joer wéinst der Mise en conformité vum Schoulgebai a wäerten nach weider plus ou moins dräi Joer do stoen, bis de Bau vun der Balzenger Schoul ofgeschloss ass. Mat de Containere vun der Danzschoul wäre mer am Zenario vun der Locatioun, also dann no sechs Joer schonn eleng op 2,160 Milliounen Euro Loyer ouni natierlech den Transport, 640.000 Euro mat de Raccordementer ze vergiessen. A mir hätten nawell d'Honorairen, d'Avenanten an d'Präisdeierechten, déi hei am Remanié stinn, vu gutt 600.000 Euro ze bezuelen. Zum Schluss kéimen dann nach eng Kéier, wa mer géifen ophalen mat der Locatioun dann, 300.000 Euro fir den Ofbau an den Oftransport vun de Containere Brill. Da wäre mer esou plus ou moins op 3,7 Milliounen. Dat heescht also, mir gesi mat der Locatioun si mer ganz no bäi un deem initialen Devis estimatif.

Vu dass et dann elo eis Containere sinn, kënne mer se bestëmmt sënnvoll asetze fir d'Schoul an d'Maison Relais. Dat geschitt jo dann och elo, dass mer elo schonn am Deel vun deem Briller Schoulhaff, nodeem d'Kanner vu Balzeng raplënneren, do ënnenan eng Maison Relais ariichten, sou dass mer do schonn erëm kënnen eis Waardeléscht jo dach scho signifikant kënne reduzéieren. Bon, et bleift ëmmer nach aner Besoinen, denken ech. Mir hunn et de Moie schonn ugeschwat, wou nach Lacunne si fir Lächer ze stoppen, wäerten Däich, Butschebuerg, NeiSchmelz sinn. Also ech mengen déi dote Containeren bleiwen néideg, obschonn, wa mer jee eng Kéier guer kee Besoin méi hätten, da kéinte mer se verkafen. Mee ech denken, dass dat de Fall net wäert sinn. An dofir, bon, trotz allen deenen Haussen, hu mer trotzdeem awer eng Valeur hei stoen, déi mer gutt fleege kënnen an och solle fleege sollen. An dofir stëmme mir natierlech den Devis remanié och mat.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Et ass elo schonn immens vill gesot ginn. An ech mengen och iwwer Sënn an Zweck vu béide Gebaier muss een net schwätzen. D'Ouverture vun deenen zwee huet gewisen, dass sech op där enger Plaz gutt Schoul hale léisst an op där anerer Plaz hu mer elo nach de leschte Weekend gesinn, dass sech do och gutt danze léisst. Dass dat Ganzt gebraucht gëtt, steet ausser Fro. De Präis allerdéngs, do si mer effektiv bei 4,225 Milliounen Euro virgesinn an elo 6,4 Milliounen. Dat sinn dann 2,175 Millioune méi deier, wat ronn 50 % ass vun deem, wat initial virgesinn ass. Dat wier am Fong de Präis vun esou enger drëtter Installatioun, quasi. Ech mengen den Argumentaire dee mer elo héieren hunn, dat wierkt och alles schlësseg, just mat der Soumissioun. Do hat ech effektiv nach, do hunn ech net ganz verstanen, do war een e bëssen ze spéit un, fir eng zweet kënnen auszeschreiwen.

An dunn hunn ech mech gefrot, wéi dass dat zustane komm ass, dass een do ënnert den Zäitdrock am Fong geroden ass, fir dat doten ze maachen. Jo, bon, dass den Devis elo dann eeben esou vill méi deier gëtt, dat, denken ech, si mer eis och alleguerten eens, dass een dat dann esou muss hinhuelen. Wat mer nach, par rapport zum Devis selwer opgefall ass, do sinn elo nach eenzel Moins-valuen dran, fir Saache wou op der Säit gelooss gi sinn.
Do sinn ënner anerem Menuiseriesaarbechten, Schallschutz an divers Adaptatioune fir 105.000 Euro. An ech denken, dass dat elo keng Luxusaarbechte waren oder sinn. An do hunn ech mech gefrot, ob dat dann iergendwou herno erëm, virun allem d'Schräineraarbechten an d'Adaptatiounen, ob déi herno ënnert engem anere Budgetsposten nach eng Kéier wäerten optauchen oder net. Merci op jidde Fall fir d'Erklärung nach eng Kéier heizou.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Ech ka mech kuerz halen, well et ass effektiv elo scho ganz vill gesot ginn. Jo, den Här Steffen huet elo nach eng Kéier ausgerechent. Mer hunn eigentlech mat deem Delta elo plus 50 %. Dat heescht plus en drëtte Container. Wou mer eis den Detail ukucken, eleng d'Konstruktioun ass dann ëm 38 % geklommen, ouni Hausse de prix, ouni Avenanten. Gutt, wa mer gesot kréien, dat ass d'Soumissioun, do gëtt et keng Erklärung, dat war eeben esou. Jo, da musse mer et bal schlécken. Mee et ass awer e grousst Stéck ze schlécken an et deet gutt wéi am Bauch, wann ee keng Erklärungen dofir huet. D'Avenante vun 10 % ass jo elo u sech emol net esou dramatesch. Mir waren och iwwer e puer Positioune gestolpert. Also déi Erklärung mam Danzbuedem, déi mécht da lo mol Sënn. Well do hu mer eis wierklech gefrot, wéi kann et sinn, dass en Danzbuedem an enger Danzschoul vergiess gouf? Mee d'Erklärung, dass ee geduecht huet, de Container, dee géif genuch schwéngen, a wann een dann herno réischt mierkt, dass dat awer net de Fall ass, gutt, dat war awer eng gutt Iwwerleeung. An dat kënne mer dann novollzéien.

Mee d'Étude de sol, déi am Brill, déi hu mer awer och net verstanen. Well normalerweis gëtt en Devis jo awer op engem Avant-projet détaillé gemaach. An en Avant-projet détaillé ouni Étude de sol, dat hunn ech awer och nach net erlieft. Ech schaffen awer elo schonn e puer Joer. A fir den Avant-projet détaillé mécht een awer eigentlech virdrun eng Étude de sol, well een eebe weess, dass ee soss net ka virausgesinn, wat fir eng Envergure de Projet wäert kréien. Dowéinst déi 110.000 Euro Avenant, déi sinn elo nach e bësse schwéier fir eis nozevollzéien. Mee bon, et steet elo esou do. Et ass elo esou, wéi et ass. De Gros vun der Hausse, deen ass eeben aus där Soumissioun. Mir wäerten dat dann och matstëmme mat Bauchwéi. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter. Ech hu just nach eng kuerz Fro. Ech menge mir wësse jo alleguerten, an et ass jo och hei schonn erwäänt ginn, dass déi Augmentatioune vun de Präisser eis ëmmer schwéier um Mo leien. Dofir wollt ech froen, ob dann hei fir d'Gemeng net d'Méiglechkeet besteet, fir do eventuell nach e weidere Jurist bei d'Aushandele vun den diverse Kontrakter mat bäizehuelen, fir eventuell esou zukünfteg Augmentatioune vun de Präisser eventuell kënnen ze evitéieren oder anzedämmen? Merci.

JOËL FREITAS, ENTRETIEN ET GESTION DE BÂTIMENTS COMMUNAUX: Jo, zu dem Punkt, zu den Avenante mat den Étude de sol an d'Pieuxen. Also mir haten eis dat am Ufank u sech zesummen iwwerluecht, well mir am Fong zwee Sitten hunn, déi ganz verschidde sinn. A jo, mir hu mat engem Statiksbüro driwwer rieds gehat, well mir net wossten, wéi eng Laaschten déi Containeren hunn. Et war net kloer wéi eng Héichte vu Plaffongen de Container huet. Dat heescht, d'Gegeebenheete waren net an deem Sënn kloer. A mir hunn d'Ausschreiwung och oppe gemaach. Mir schwätzen hei vum Container. Mee mir hunn am Fong eng fonctionell Ausschreiwung gemaach, wou mer gesot hunn, okay, dat ass e Modulbau. Dat ass elo an deem Sënn e Containerbau ginn. Mee dat hat och kéinten en Holzbau ginn. Mir haten zwou Ausschreiwunge gesi vun aner Gemengen, déi änlech ausgeschriwwen hunn. An déi hunn herno en Holzbau kritt, dee se dann dee Moment kënne vun engem Punkt op deen aneren transportéieren, sou wéi déi hei Iddi u sech och war. An dat hätt och mat sech bruecht, datt mer dann am de Schoulhaff hätte misse jo da fir d'Étude de sol opmaachen, Lächer maachen. An, jo, dat wär erëm eng Envergure gewiescht, déi mir hätte missen am Virfeld léisen.

Dat wär méiglech gewiescht, d'Étude de sol matzemaachen a matzeginn. Am Nachhinein hu mer jo och d'Gebai erëm erofgesat, sou dass mer plain-pied sinn. Dat huet eis och erëm Sue kascht, déi elo mat erafléissen an deem Artikel Étude de sol. Well u sech hätte mer dann d'Dall op deen Niveau gesat, wou de Preau ass. A mir sinn u sech en hallwe Meter nach weider erofgaange mat der Héicht, fir dann de Container plain-pied ze hunn. Dat ass elo fir deen Deel. Wat d'Frais de transporten ugeet, do ass et esou, dass mer an der Ausschreiwe keng Frais de transport, keng Positioun am Bordereau hunn. Dat heescht mir kennen de Präis aktuell net fir den Transport. Mir hunn d'Präisser gefrot, mir hu keng Präisser kritt, mir hu se net ausgeschriwwe gehat. D'Soumissioun, déi ass 2022 opgemaach ginn. Jo, mir haten u sech iwwerluecht, fir nach eng Kéier auszeschreiwen. Mee deen haaptsächleche Problem war u sech d'Mise en conformité vun der Brillschoul. U sech hate mer den Delai, mir hätte mat den Aarbechten an der Brillschoul net kéinten ufänke wa mer en eng Kéier ausgeschriwwen hätten.

Zu de Maison Relais. Do ass jo e Budget vun 190.000 Euro virgesinn. U sech ass dee Budget, deen nach eng Kéier am Gemengerot gestëmmt gëtt, do ass et esou, dass den Haaptpunkt sinn u sech Mobilieren an Aarbechten, wat elo nach bäikënnt, dat ass en Amenagement fir de Refectoire, en Deel vum Iessraum.

Awer reng Aarbechten u sech, hu mer net méi ganz vill an deem Projet virgesinn. Mee et ass éischter de Mobilier. A wa mer do Surplus hunn u Kanner, déi mer eranhuelen, gëtt et dann, à la chaise kréie mer dann e Subsid drop. Virgesinn. D'Derogatioun vum Lift. Jo, d'Maison Relais kënnt jo elo op de Rez-de-chaussée. Mir hunn u sech virgesinn e Kommodo op der Rez-de-chaussée an den éischte Stack fir ronn 150 Kanner. Mee et ass elo de Rez-de-chaussée, deen u sech d'Maison Relais dra kënnt. Dat heescht, mir si lo net am Fall, dass mer d'Maison Relais um éischte Stack hunn. Den Avis vun der Sécuritaire Fonction publique, dee gëllt u sech och wann eng Maison Relais drakënnt. An natierlech kënnt dann d'ITM nach eng Kéier an d'Spill. Mee prinzipiell ass d'Maison Relais jo um Rez-de-chaussé.

Déi Moins-valuë vun den Aarbechten, jo mir hu versicht entgéintzewierken, ze kucken, jo mir hu Plus-valueën, mir hunn och Moins-valueën. Engersäits de Bardage, an dann och Aarbechte wéi Bannendiere, Schräinereiaarbechten. Et ass esou, dass mer d'Qualitéit vun den Dieren ugepasst hunn am Sënn vun der Qualitéit vum Container. Ech mengen et bréngt näischt eng Qualitéit vun den Dieren ze hunn, déi besser ass wéi déi Wand, wou de Container huet. Dofir hu mer u sech an deem Sënn gespuert. Fir d'Subsiden, ech hat dat elo vergiess, fir d'Subsiden, wat d'Brillschoul betrëfft, ass esou, dass mer 5500 Euro kréie pro Meterkaree fir d'Klassesäll. Dat heescht, et sinn och just d'Klassesäll, déi am Subsid matafléisse vum Ministère de l'Interieur. Et ass elo esou, dass mer 7 Klassesäll jo ausgeschriwwen hunn. A mir hunn elo 8 Säll, dat heescht, mir hunn elo aus 2 Appuissäll e Klassesall gemaach. Dat heescht, do géif nach d'Méiglechkeet bestoen, also do wollte mer u sech nach eng Kéier e Klassesall weiderfroen als Subsid. Mee et ass am Fong de Meterkaree dee Präis, deen dann zielt.

IVICA REPUSIC, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Firwat d'Elektresch méi deier ginn ass wéi am Brill. Mir hunn, wéi mer alles ausgeschriwwen haten, wéi mer fäerdeg waren, ass dat neit PMR-Gesetz richteg a Kraaft getrueden, an do hu mer Upassunge gemaach. De Container, wéi en elo do ass, do sinn déi zwee Klassesäll, déi waren och ëmmer do, mee dee ganzen zentralen Deel ass ganz geännert. Do hu mer ugepasst, eeben och, dass mer déi Weeër hunn, déi Breeten hunn, alles hunn, wéi et haut nom neie PMR-Gesetz ze maachen ass. Do ass eng Toilette dra komm. Mir hunn iwwerall, Dir hutt et elo vläicht net gesinn, mee an all Toilette hu mer och extra Knäppercher, wou ee behënnertegerecht huet, mat extra Luuchten, a well mer esou vill Dénger hunn a mat Musek an dem Danzsall, wann se ee muss fannen, mer hu méi Luuchten dragesat. Dat sinn ëmmer d'Klengegkeeten, mee déi Klengegkeeten hu sech summéiert.

Mir hunn och e puer Upassunge gemaach, well de Container soll spéiderhin eng Kéier un de Brill ugesat ginn,

zesumme kommen. All déi Upassungen, déi um Brill gemaach gi sinn, hu mir och iwwerholl an der Danzschoul, déi dobäikomm sinn. Einfach, dass mer herno déi selwecht Containere kënne beieneesetzen an net mussen erëm alles oprappen an Upassunge maachen. An, wat nach dobäi komm ass, mir haten, wéi mer de VEWA gemaach hunn an och d'Lok-Hal, do hate mer scho virgesinn, do kënnt eng Kéier eng Danzschoul hin, do hate mer verschidde Saache scho preparéiert an de Buedem gemaach, fir Kabelen ze zéien. Mee wéi sech erausgestallt huet, dat wat vun Elektresch do louch fir unzeschléissen, ass net duergaangen. Dat heescht, mir hunn aus dem VEWA missen en neien décke Kabel eriwwerzéien. Wat och e bësse wéigedoen huet. Mir hate gehofft et géif duergoen, mee et ass net duergaangen. Jo, op dem Site hu mer nëmmen esou vill Stroum an do hu mer geduecht, iergendwéi kréie mer dat dann do ënnerdaach. Mee et ass leider net duergaangen, soudatt mer aus dem VEWA hu missen e ganz neie Kabel fir d'Danzschoul zéien. Mee zum Gléck hate mer awer schonn d'Lehrréier do, sou hu mer eis déi alt gespuert gehat. Do hu mer do schonn e bëssen eppes gehat.

Dann de Buedem, effektiv, wéi gesot, mir hu gehofft, ech weess, e Container, dat wackelt ëmmer e bëssen, dat wackelt méi wéi en normale Buedem an enger Schoul, déi gebaut ass, aus Bëton gebaut ass. Hoffentlech klappt et, et ass jo just fir e puer Joer. Vläicht iwwerleeë mer dat dann. Mee bon, wéi mer am Brill waren, huet sech erausgestallt, dass et awer net grad esou schwéngt. A well et awer elo bal zéng Joer wäert do stoe bleiwen, hu mer awer geduecht, et géif awer Sënn maachen, eppes Anstänneges dohinner ze maachen. An en plus eppes dohinner ze maachen, wat ee kéint an der spéiderer Danzschoul erëm verwäerten, dass mer awer dat dann do mathuelen. Bon, et wäert elo dee ganze Präis kënne mat eriwwergeholl ginn, wéi wann s de awer e gudden Deel kanns mathuelen, dann hues de alt dat mol gespuert. Dat war d'Iwwerleeung bei där Saach.
Wat d'Moins-valueë betrëfft fir d'Danzschoul, also dat si Moins-valuen, déi mer effektiv kritt hunn, déi och néierens anescht wäerten optauchen. Dat ass effektiv de Bardage, dee mer ugepasst hunn. Dat ass dann d'selwecht wéi mam Brill, hu mer ugepasst. Mat den Dieren hu mer ugepasst. Mir hunn och manner Dieren, eebe well mer ëmgebaut hunn.

A mir hunn d'Gebai och méi déif gesat, well mir haten e relativ héije Poste vu Ferronnerie mat zwee Träppleker an all déi Fluchtdieren, déi mir do hate konnte mer ewechloossen, well mer d'Gebai méi déif gesat hunn. An déi kommen net iergendwou dann nach dobäi. Déi Garantie de transport effektiv hu mer néirens aschreiwe gelooss, mee mir wëssen awer, mir krute verséchert, du kanns se réckelen. Wat se kaschte wësse mer net, wa mer se haut réckele gëtt et en anere Präis wéi wa mer se an zéng Joer réckelen. Ech mengen do si mer eis eens. Mir hate jo, wéi de Joël scho gesot huet, mir waren d'Schëffleng en halleft Joer virdru kucken. Mir hunn de Präis kritt vu Schëffleng, dat hu mer dann interpoléiert an dat hu mer dann och e bëssen nach drop geluecht a mir hunn net genuch drop geluecht. Also dat ass dat Eenzegt, wat ee soe kann dozou. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hu just eng Fro. Ech weess net, wat ass e Bardage, Bardage façade?

IVICA REPUSIC, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Bardage façade ass dat Blot ronderëm. Dat ass d'Fassad, d'Verkleedung vun deem Ganzen, d'Verkleedung vum Gebai. Mee et gëtt jo och d'Méiglechkeet, et hätt een et kënnen am Holz maachen, wat méi deier ass. Dat hätt vläicht méi schéin ausgesinn. Mee mir hunn eis dann do, jo, fir dee bëllegsten entscheet, fir de Präis e bëssen awer dann ze drécken.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Nach just eng Kéier ganz kuerz zum Devis estimatif. De Joël huet et elo grad gesot gehat, dass effektiv un d'Etüd vum Sol nogeduecht gi war, an dass se awer net gemaach ginn ass. Dofir soen ech, à la limite hätt et kënnen direkt eng gewëssen Zomm als Imprevu do rasetzen, wou een awer trotzdeem u Saache geduecht huet an och Saache wousst, déi ee misst am Fong geholl maachen. Firwat net direkt do, hei stinn Divers, et pour arrondir, e mini Chiffer. Dofir, also dat war mäi Gedanken, deen ech virdrun hat, fir d'Devis estimatifs awer esou wäit wéi méiglech dann opzerüste mat engem Imprevu, wou een awer wierklech weess, et kommen ëmmer Saachen, déi nokommen. Firwat dann alles do versuerge fir de Rescht? Ech weess net. Da komme mer ëmmer op exorbitant Zommen herno, déi als Remanié dann eeben hei stinn.
JOËL FREITAS, ENTRETIEN ET GESTION DE BÂTIMENTS COMMUNAUX: U sech, bei der funktioneller Ausschreiwung hu mer jo Radiéen a Fondatioune virgesi gehat. Dat heescht, dat hei ass elo de Surplus fir d'Pieuxen am Sënn, Pieuxen ze setzen, déi och nach eng Kéier en hallwe Meter méi déif sinn, fir dass d'Gebai plain-pied auskënnt am Rez-de-chaussée. An, jo, also et ass einfach dee Präis vun der Soumissioun, vun der Ouverture, also dat war e reelle Präis, dee mer kritt hu vun enger Soumissioun, déi en halleft Joer virdru gemaach ginn ass. An do hu mer en Deel dropgeluecht gehat. A bei der Ouverture hu mer gesinn, voilà, dass mer do wierklech net gutt leien. Op där anerer Säit hu mer eng Hausse de prix vu 50.000 Euro. Dat heescht, jo, dat ass natierlech eng Hausse de prix, et si 50.000 Euro, mee et si keng, et si keng 20% oder 30 %.

IVICA REPUSIC, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Wéi de Joël, scho gesot huet, mir hunn eng Ausschreiwung gemaach, eng funktional Ausschreiwung. An do war och déi Étude de sol mat dran, well wa se jo Holz ausbauen, da brauche se jo eppes anescht, wéi wa se Metall ausbauen. An dat war da bei hinne mat dran. An da kënnt awer, wann dann en extra Poste kënnt, da kann een net soen, dat war bei Iech mat dran. Wann do wierklech eppes Extraes kënnt, da musst de awer do entgéintkommen a soen, dat musse mer awer bezuelen. An op där anerer Säit hu mer och net ze vill Etüden am Virfeld gemaach. Dir gesitt, och dee Punkt Honorairen ass fir esou e Gebai relativ déif. Well mir awer

vun eis aus relativ vill scho selwer gemaach hunn, soss wär deen och nach vill méi héich. Mee mir hunn och de Suivi vum Chantier gemaach. 100.000 Euro Etudeskäschten ass net vill bei sou engem Präis. Ech menge mir hunn eis Aarbecht gemaach, dass mer de Präis déif halen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, ech soen dem Joël an dem Ivi merci fir alleguerten déi doten Erklärungen. Ech wollt just nach eppes opgräifen, wat den Här Meyer gesot huet. Also et ass keng Garantie, wann een e Jurist hei drop sëtzt, dass d'Präisser da méi niddreg sinn. Ech mengen e Jurist hëlt een haaptsächlech fir d'Konditioune vun engem Kontrakt, wann effektiv Delaie si fir d'Penalitéite spillen ze loossen, dat kuckt een. Mee effektiv elo bei enger Soumissioun, wat herno de Marchéspräis ass, do hëlleft dat sécherlech net weider vill, ausser dass et natierlech zousätzlech géif kaschten. De Jurist dee kascht jo och eppes. Dee schafft jo net pro bono. Gutt, musse mer hei als Auer en Apel bäissen? Leider. Ech mengen dofir war et och wichteg, déi néideg Erklärungen ze ginn. Dofir nach eng Kéier d'Fro, ***wien ass mat deem Devis remanié vun 6,4 Milliounen averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci dofir. An ech soen och dem Joël an dem Ivi merci fir hir Presenz.

### 3.16. Allocatioun vu Subides extraordiaires

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn d'Subsiden. Subsides extraordinaires. Do sinn der e puer. Dat eent ass fir d'Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung, e Subsid vu 85 Euro. Dann e Subsid vun 2.149 Euro fir d'Peaux-Rouges. Dat ass am Fong 50 % vun der Participatioun vum Staat, vum Educatiounsministère, par rapport zu der Demande, déi si gemaach hu fir e moderne Projekter och ze hunn. An dann dräi verschidde Subsiden. 150 Euro, 100 Euro a 50 Euro, fir eng Rei Diddelenger Veräiner, déi beim Niklosëmzuch 2024 matgemaach hunn. An de Präis ass am Fong all Kéiers en anere Montant fir de Subsid, well dat hänkt am Fong dovunner of, wat se zu méi waren, wa se effektiv och nach en, wéi nennt een dat, e Won dobäi haten.

Dat heescht, wann dat de Fall war, kréien se natierlech méi e grousse Subsid wéi effektiv e Veräin, dee kee Won zum Beispill hat. Fir och deenen Efforten, déi se dann och haten, Rechnung ze droen. Soss hate mer ëmmer ee Montant fir se alleguerten, a fir awer do e klengen Distinguo eranzebréngen, fir déi Veräiner, déi se jo awer wierklech Méi maachen, bei deem kann een dann och méi e grousse Subsid ginn, well déi natierlech jo och méi Zäit dran investéieren, fir d'Opbereedung vum Won, fir d'Ekipp a esou weider, dofir mengen ech kann dat awer en Incentive dann och deementspriechend sinn. Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Okay, mir kruten elo schonn emol en Deel vun der Erklärung, well mir hunn eis effektiv gefrot, wou déi dräi verschidde Subsiden hierkomme fir de Cortège. Ech hu mech gefrot, dat steet bestëmmt an deem Excel-Fichier, an deene Kolonnen, déi verstoppt sinn. Déi hätte mech méi interesséiert wéi d'Adresse vun de Responsabele vun de Veräiner. Okay, also 150 Euro fir déi, déi e Won haten, dat ergëtt schonn emol Sënn. Da wär awer vläicht nach interessant ze wësse wou elo den Ënnerscheed tëschent 50 an 100 ass? Ob dat einfach vun der Unzuel vun de Participanten ass? Well et wär jo och interessant awer nach fir d'Veräiner ze wëssen, wat se musse maache fir wéi ee Subsid ze kréien. Et war op alle Fall e ganz flotte Cortège. An da war ech awer iwwerrascht iwwert de Subsid, dee mer un d'Blannevereenegung ginn hunn, vu 85 Euro, well mir haten am Februar d'lescht Joer eigentlech bei deem selwechte Punkt eis eigentlech drop gëeenegt, fir e minimale Montant vun 100 Euro matzeginn an net do drënner ze goen. Ech hat extra nach eng Kéier nogelauschtert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass richteg. Jo, effektiv, dat ass wouer. Mémoire vive. Dat ass gutt, Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Keng Fro. Ech wollt eebe just soen, dass eise Kleeserchersëmzuch och d'lescht Joer erëm e ganz grousse Succès war. Meng zwee Bouwe sinn och mat hirem Veräin matgetréppelt. An ech fannen et just richteg, dass déi Veräiner, déi sech d'Méi maachen, fir de Kleeserchersëmzuch zu engem Erfolleg ze maachen, dann och e klenge Merci eisersäits kréien. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Ech ka mech do nëmmen uschléissen. Ech fannen dat ganz gutt, dass grouss Gruppen, déi matginn, en aneren Tarif kréie wéi nëmmen eng kleng Delegatioun. An a fortiori, wa se nach e Won maachen, dass se dann och nach extra remuneréiert ginn. An ech fannen et och ganz gutt, dass den Neklosëmzuch zënter zwee Joer, mengen ech, bei all Wieder stattfënnt. Mer haten ëmmer de Problem dann, wann ech elo zum Beispill d'Scoute kucken, déi hunn e ganze Weekend mat hire Kanner Kostümer gebastelt an hunn de Won gebaut, scho véierzéng Deeg virdrun. An dann ass um 13:00 gesot ginn: “Neen, et reent, de Cortège gëtt ofgeblosen”. An dofir fannen ech et ganz wichteg, dass mer elo eng Attitude hunn, dass déi Leit awer net grad enttäuscht ginn, mat all där Aarbecht, déi se sech gemaach hunn, an dass de Cortège trotzdeem bei all Wieder stattfënnt. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also ech ka mech och just uschléissen an eisen Nikloscortège ass ëmmer ganz, ganz schéin. A wéi gesot, mir begréissen natierlech och datt d'Gemeng mat de Subsiden d'Aktivitéit vun deene lokale Veräiner zu Diddeleng ënnerstëtzt. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci. Jo, mir ralliéieren eis un dat, wat scho gesot gouf. Ech wollt awer eppes nach ervirhiewen. Dat ass dee Subsid, deen un d'Peaux-Rouges

geet. Datt d'Gemeng sech där Linn do trei ass, dass wann de Staat eng Hëllef gëtt, dass 50 % dann och nach vun der Gemeng vun där Participatioun vum Staat do bäigi ginn. Dat ass e wäertvollen Invest, deen d'Veräiner kréien. Als een, dee laang an engem Scoutsveräin och aktiv war, wësse mer, dass mer do ëmmer konnte mat deene Suen zielen. An ech mengen dat ass och wichteg fir d'Veräiner an dofir ënnerstëtze mer dat do natierlech och.


DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Costa. Nach weider? Neen, ech ginn da vläicht op zwee, dräi Punkten an, da kann de Loris mengen ech op de Volet vun dem Niklosëmzuch agoen. Effektiv, mir adaptéieren déi 100 Euro, als Äntwert par rapport zu der Remark vun der Madamm Thoma. Effektiv sollte mer net drënner goen. An dat anert mat de Peaux-Rouges, wat den Här Costa gesot huet. Ma mir hunn dee Prinzip ëmmer walte gelooss, mat deen dräi Scoutsveräiner, dass d'office eng Decisioun muss jo virleien, vum Educatiounsministère par rapport zu engem Invest, déi en tätegt par rapport zu enger Demande, déi gemaach gouf vum Scoutsveräin. An doropshi gi mir dann déi 50 %. An de Rescht muss dann effektiv de Scoutsveräin da mat eegene Moyene ervirbréngen.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, da virun allem och eng Kéier Merci, dass Der de Cortège, bezéiungsweis d'Veräiner, déi do matgemaach hunn, esou flott fonnt huet. Et ass effektiv eng wichteg Traditioun, déi mer zu Diddeleng säit jee hier hunn a mir wëllen och dorunner festhalen a probéieren eebe mam Service Fêtes et Manifestations reegelméisseg do nach un där eng oder aner Schrauf ze dréien an d'Veräiner an d'Associatiounen an hir Benevollen, alt erëm d'Benevollen, ganz, ganz wichteg, ouni déi géif och esou eng Traditioun net kënne stattfannen, ze ënnerstëtzen. An dofir hu mer eis hei zesumme mam Service als Schäfferot e Kader ginn, wou een da 50 Euro kritt bis zu 14 Memberen, déi dann do matmaachen an deem Cortège, dann ab deem 15. Member ginn et dann 100 Euro. A wéi de Buergermeeschter preziséiert, da kritt een nach eng Kéier 50 Euro on top, wann een e Gefier mat ronderëm dem Cortège geet, fir dat Ganzt nach e bësse méi attraktiv ze maachen. Do ass et eeben dee Kader, andeem mer elo fir d'éischt esou ausbezuelen an et ass a Récksprooch an Austausch mat de Veräiner, wou dann deen Incentive do gesat gouf. An ech sinn ëmmer frou ze liesen an ze héieren, dass dat gutt bei Iech ukënnt.

Bon, Här Gangler, dat mam Wieder, also bei all, all Wieder kann net all Cortège goen, och net all Won, deemno wéi d'Dekoratioun ass, deemno wéi vill Wand ass, bezéiungsweis och d'Museken, déi kënnen och net bei all Wieder matgoen. Sou einfach ass et net. Mir hunn awer an deem Sënn et e bëssen ugepasst, dass mer de Veräiner d'Decisioun loossen. Et ass net, dass d'Gemeng, déi d'office hëlt, wéi virun e puer Joer nach, mee et ass elo esou, dass all Veräi fir sech soll aschätzen, ass dëse Won, sinn déi, déi matginn, hir Verkleedung, ass dat adaptéiert zu deenen aktuelle Wiederkonditiounen a si kënnen déi Decisioun fir sech huelen, sou dass de Cortège Eess fir Eess ka stattfannen. Dat ass am Fong d'Prezisioun dozou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kënne mer driwwer ofstëmmen. ***Wien ass mat dëse Subsiden, respektiv adaptéiertem Subsid och mat 100 Euro averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 4. AIDES AU LOGEMENT



**Approbatioun vun de Modifikatiounen zum Reglement fir d'Aide au Logement déi d'Stad Diddeleng am Kader vum geännerte Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'Aides individuelles au logement accordéiert.**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mir op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn eis Subside punkto Hëllefen am Logement, déi d'Stat Diddeleng gëtt. Ech begréissen hei de Responsabel vun eisem Service Logement, de Laurent Krantz, deen och matgeholleft huet, mat och enger Rei aner Mataarbechter, dat neit Reglement auszeschaffen. Et ass esou, an dat gesitt Der och an Ärem Dokument, dass mer am Fong e Reglement hu vun 2007, wou applikabel ass a wou natierlech mer och eng Prime de construction hunn, eng Prime d'acquisition an eng Prime d'amélioration an och pour Frais d'aménagement spéciaux. An, voilà, mir hunn eis dohinner gesat, an och dat dote Reglement iwwerschafft, och par rapport zu deem neie Gesetz vum 7. August 2023 iwwert déi nei individuell Hëllefen am Logement. An natierlech hale mer engersäits och de Prinzip bäi, dass mer eng Primm ginn als Gemeng, par rapport och zu der Primm, déi de Staat gëtt. Dat heescht mir kalkéieren eis hei op d'Decisioun vum Logementsministère.

Dat neit Gesetz gesäit verschidden Zorte vu Primme vir. Et ass engersäits d'Prime d'accession à la propriété, d'Prime d'amélioration, d'Prime pour aménagement spéciaux répondant aux besoins des personnes en situation de handicap an d'Prime de création vun engem Logement intégré. Dat sinn déi, och wou de Staat, respektiv d'Logementsministère virgesäit. Dat heescht, eist Reglement ass esou ausgeluecht, dass wann ee sou eng Primm vun der Stad Diddeleng wëllt kréien, dann ass de Prealabel, dass een eng Primm vum Staat kritt, vum Logementsministère. An do muss een natierlech och déi Decisioun dem Service de logement zoukomme loossen. Mir hunn och e Formulaire ausgeschafft, respektiv sinn amgaangen ze finaliséieren, wou een natierlech och dann d'Communauté domestique sou wéi se och am Gesetz fixéiert ass, eis kann zoukomme loossen a wou mer dann och d'Demande hei traitéieren.

Dir wësst jo och, dass d'Gesetz geännert huet, dass jo déi Condition de résidence net méi déi zéng Joer sinn, mee zwee Joer sinn als Résidence principale. Dat heescht d'Ausriichtung, déi mir ginn hunn, an et fënnt ee jo och déi verschidde Montanten, minimal, maximal, déi de Staat jo och gëtt par rapport zu deene verschiddenen Aiden. Do ware mir der Meenung, dass mer dann, wat d'Prime d'accession à la propriété ugeet, dass mer do 50 % vun deem Montant ginn, deen de Staat gëtt. Dass mer fir d'Prime d'amélioration, bon do ass et jo esou, dass de Staat eppes gëtt op d'Facturen, déi ausgestallt ginn, dass mer do nach e Supplement forfaitaire vu 1.500 Euro ginn. Dass mer fir d'Prime pour aménagement spécial, also Leit, déi Besoins spécifiques, also den Handicap hunn, dass mer do Maximum 50% gi vun der Primm, déi de Staat gëtt. An, Dir wësst, säit deem neie PAG hu mer jo och festgehalen, hu mer e Logement intégré, déi Méiglechkeet besteet jo, an de Staat gëtt och eng Prime fir de Logement intégré, déi an zwee gestaffelt ass. Wéi gesot, alles wat jo da bis zum September 2023 bis Dezember 2024 ass, dat, nee, pardon, do hunn ech mech elo geiert, alles vum 7. August 2023 bis den 31. Dezember 2026, do gëtt de Staat 20.000 Euro fir Logement intégré, duerno gëtt en 10.000 Euro a mir géifen dann all Kéiers hei a Véierel vun där Prime, wéi gesot, dropsetzen. An natierlech och, dat gesitt Der och am Reglement, natierlech och kucken, dass dat dann och agehale gëtt an dass natierlech och eis Servicer dat kontrolléiere kënnen, esou wéi de Staat dat och ka maachen.

Wéi gesot, d'Reglement ass ganz kuerz gehalen, well all de Rescht, mengen ech, jo souwisou am Gesetz steet iwwert d'Aides individuelles. An ech mengen déi Konditioune spillen. An hei ass eebe fir effektiv och de Leit déi néideg finanziell Ënnerstëtzung ze ginn, wa se effektiv dann och vum Staat ënnerstëtzt ginn. An natierlech do de Prealabel, alleguerten déi Dispositioune si vu Primmen a par rapport zu der Communauté domestique oder déi Revenuen, déi en charge geholl ginn. Ech mengen do ginn et jo ganz kloer Tabelle beim Logementsministère wéi déi ze handhabe sinn. Ob een eleng wunnt, zu zwee, zu dräi oder zu méi. Ech mengen do gräife mir net an. Ech mengen dat sinn déi Haaptkonditiounen, déi mussen erfëllt ginn. A wann déi erfëllt sinn, da setze mir am Fong nach eppes drop um Niveau vun eiser Primm als Stad Diddeleng. Dat e bëssen d'Ausféierung. A mer kënnen hoffen, dass mer iwwert deen dote Wee sécherlech där enger oder anerer Communauté domestique respektiv Menage nach weider finanziell ënnert d'Äerm kënne gräifen, wa se eng Rei Initiativen och deementspriechend huelen. Ech weess net, ob de Laurent Krantz nach e puer Elementer sécherlech gäre wëll vu senger Säit aus erabréngen. Da kënne mer dat elo maachen, well et awer mengen ech elo e bëssen en neie Moment ass, vu dass mer dat heiten och iwwerschafft hunn.

LAURENT KRANTZ, SERVICE LOGEMENT: Merci, Här Buergermeeschter. Wat ech just géif gäre bäifügen, ech hoffen, dass Der mech héiert, et ass fir d'éischte Kéier dass ech hei beim Mikro sinn. Et ass esou, dass effektiv, wann Der de Maximum kuckt, dee mer rechneresch do kënnen erausgi pro Persoun, wann eng Persoun elo wierklech, respektiv e Stot, besser gesot, géif vun allem profitéieren, da

wiere mer op engem Maximum fir alleguerten d'Hëllefe vun 11.500 Euro, déi mer géifen un e Stot erausginn. Dat ass awer, wéi gesot, wann ee wierklech vun all Primm vun där ee ka profitéieren och wierklech géif profitéieren. Vun deem Plaffong bleift d'Primm fir d'Aménagements spéciaux eraus, well mer déi separat wollten traitéieren, fir do kee Plaffong drop ze setzen. Et ass vläicht och nach wichteg ze soen, dass mir ee Plaffong genau sou wéi de Staat och hunn. Dat heescht, de Staat definéiert dee Plaffong 35.000 Euro maximum. Och do erëm eng Kéier d'selwecht gestaffelt wéi mir. Dat heescht, fir alleguerten d'Primmen, mat Ausnam vun der Primm fir d'Aménagements spéciaux.
Och nach wichteg ze soen ass vläicht, dass d'Communauté domestique als solches net onbedéngt muss stabel bleiwen. Dat heescht, falls elo eng Persoun sech sollt scheede loossen, wär déi Méiglechkeet effektiv ginn, fir do eng Demande nach eng Kéier eranzereechen. Och do erëm eng Kéier dann awer beim Staat an dann erëm eng Kéier bei eis. Dat heescht, et ass elo net, dass wann e Stot bei eis eng Demande gemaach huet, doduerjer par défaut dann d'Bier geschielt ass fir de ganze Stot, fir do keng Demande méi ze stellen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Ech mengen dat ass ëmmer eng gutt Traditioun- entre guillemets- hei zu Diddeleng, dass mir eis ëmmer ralliéieren un d'Primme vum Staat, dass mer och e bësselchen da kucke wat de Staat gëtt an dass mer eis dann adaptéieren. Dir hutt et erkläert, déi eng Primmen, déi si gedeckelt, déi aner si sou vill Prozent. D'Fro ass vläicht och net oninteressant. Wéi vill där Demanden hate mer d'lescht Joer zum Beispill? Also wéi vill Stéit hunn eng Demande gemaach? An ech denken et ass och vläicht net oninteressant, fir dat hei och nach eng Kéier no baussen ze weisen. Ech huelen un, dass mer dat och wëlles hunn iwwert eisen Internetsite oder bezéiungsweis vläicht am Blietchen och de Leit nach eng Kéier an enger verdaulecher Form ze erklären. Well ech hunn am Ufank gelies, ech hu guer näischt verstanen. Also, wéi gesot, et wäert nach där Leit ginn hei zu Diddeleng esou wéi ech. Mee do hunn ech et nach nach eng Kéier gelies an do hunn ech et awer verstanen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, Dir gesitt, dat Gesetz ass 2023 gestëmmt ginn. Dat heescht, ënner der viregter Regierung. Well där war et och wichteg, ënnert anerem, datt de Bierger sech eppes ka leeschten. An an deem Sënn ass et awer ganz gutt, och datt d'Gemeng dat och weiderféiert an datt d'Subventiounen och an d'Luucht gesat ginn. Well et ass u sech de wichtegsten Outil, eng Primm oder eng Aide fir kënne sou engem ze hëllefen, sech kënnen eng Wunneng ze leeschten hautdesdaags. U sech wollt ech lo net erëm alles resüméieren, wat virgesinn ass, well et ass wierklech immens, immens pertinent a wichteg fir déi Leit dobaussen a fir eis Gesellschaft.
Mee ech hat u sech déi selwecht Fro wéi d'Madamm Kayser. Ze froen, wéi vill Demandë waren d'lescht Joer erakomm? Well wann een de Budget kuckt, ass am Fong, wann ech richteg verstinn, net alles opgebraucht ginn, wat mer virgesinn haten. An an deem Sënn och déi nächst Fro, déi logesch ass, ëmmer rëm: Wéi gëtt kommunizéiert, fir datt d'Leit dobausse wëssen, datt se och eng Primm vun der Gemeng Diddeleng zegutt hunn, wa se bis eppes natierlech vum Staat géife kréien an den Dossier konform ass? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Ech hätt am Fong och just eng Fro. Ech hu gesinn am ale Reglement, do war et virgesinn dass fir d'Frais d'aménagement bis zu 75 % konnte vum Subsid vum Staat ausbezuelt ginn. Mee bon, d'Gesetz ass jo elo geännert ginn. Dat heescht, ech wollt einfach froen, ass dat elo eng Verschlechterung? Vläicht ass et guer keng Verschlechterung, wann déi Hëllefen esou an d'Luucht gaange sinn, ob der mer dat kënnt beäntweren? Ob dat lo, voilà, ob et op dat selwecht quasi rauskënnt oder ob et eng Verschlechterung ass fir d'Leit? An dann, firwat mer bei der Prime d'amélioration, do hu mer elo ee forfaitaire Montant agesat. Ass dat well am Gesetz och ee forfaitaire Montant ass? Oder firwat gi mer do op zwou verschidde Pisten, eng Kéier e Prozentsaz an eng Kéier ee forfaitaire Montant? Villmools merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech hu keng Fro Här Buergermeeschter, ech hunn eng kleng Stellungnam. D'Diddelenger Gemeng ralliéiert sech ëmmer un d'Primmen, déi de Staat accordéiert. D'Diddelenger Gemeng huet, jo, dat kann een esou soen, säit éiweg d'Primm fir d'Aide au logement accordéiert, dëst am Sënn fir senge Bierger eng zousätzlech finanziell Hëllef zu där vum Staat zoukommen ze loossen an se esou ze ënnerstëtzen, Proprietär vun engem Logement ze ginn, respektiv se bei de Fraise fir d'Renovatioun oder d'Transformatioun vun hirem Doheem ze ënnerstëtzen. No siwwenzéng Joer ginn elo d'Konditiounen an d'Tauxe fir dës zousätzlech Aide au Logement, dem neie Gesetz vun den Aides individuelles au logement vum 7. August 2023 ugepasst, respektiv et gëtt eng nei Primm geschaf.

D'Prime de construction aleng gëtt et net méi, si ass verschmolt mat der Acquisitioun zu der Prime d'accession à la propriété. Hei kréien also d'Leit 50 % vun der staatlecher Primm. Doniewent gëtt et eng Prime d'amélioration fir d'Transformatiounen, Renovatioun oder energeetesch Sanéierung vun enger Wunneng. Hei gëtt kee fixe Prozentsaz ugewannt, mee et gëtt e Forfait vu 1500 Euro accordéiert.
Fir d'Prime pour aménagements spéciaux, also fir eng Wunneng handicapéiertegerecht ze maachen, ginn et 50 % vun der staatlecher Primm. Nei ass d'Primme fir d'Schafung vun engem Logement intégré. De Staat accordéiert, wéi den Här Buergermeeschter et scho gesot hat, eng Primm normalerweis vun 10.000 Euro, mee duerch déi Majoration conjoncturelle kënnen 20.000 Euro accordéiert ginn, wann déi éischt Occupatioun nom Akraafttriede vum Gesetz vum 7.8.2023 ass, respektiv wann de Logement intégré virum 31.12.2026 fäerdeg ass. Mir accordéieren also normalerweis 25 % op deem normale Montant vun deenen 10.000 Euro, also 2.500 Euro oder an där Phase transitoire do, mat där Majoration conjoncturelle, ginn et der da

5.000. Am Verglach mat deenen dräi gréissere Gemenge sti mir ganz gutt un.

D'Stater Gemeng zum Beispill hänkt sech net un d'staatlech Primmen, mee accordéiert just eng Aide à la construction ou d'acquisition d’un logement. De forfaitaire Montant ass 2023 verduebelt ginn op 7.200 Euro plus eng Majoratioun vun 1.200 Euro pro Kand, wann een ënner dem Revenu imposable vun 108.000 Euro louch. Dëse gëtt all Joer a Funktioun vun der Echelle mobile vun de Gehälter ugepasst. Esch gëtt eng Prime d'acquisition ouni Indikatioun vun engem Prozentsaz. Si gëtt och eng Prime d'amélioration de l'habitat, do gi se 25 %. Prime d'amélioration pour aménagements spéciaux pour handicapés, do gi se 50 %. Déifferdeng gëtt eng Prime d'accession à la propriété pour nouvelle construction 50 %. An d'Prime d'amélioration awer just fir d'Renovatioun och vu 50 %. D'Primm fir d'Kreatioun vun engem Logement intégré hunn ech bei kenger vun deenen dräi grousse Gemenge fonnt. Mir stëmmen natierlech dës Modifikatioune mat.

LAURENT KRANTZ, SERVICE LOGEMENT: Voilà, ech géif hoffentlech vir ufänken, fir déi Froe jeeweileg ze beäntwerten. Et ass elo effektiv esou, dass mer an der Situatioun sinn, dass mer, fir elo eng Äntwert ze ginn op der Madamm Thoma hir Fro, wann ech mech do richteg erënneren, wéinst dem forfaitaire Montant, ass et effektiv esou, dass mer gesot hunn, mir géifen do an enger Linn bleiwen, mat deem Montant vu 1.500 Euro, fir och e bëssen ze erklären, wat déi Primm duerstellt. Déi Primm ass dofir do, fir gréisser och Energieverbesserungen ze finanzéieren. An do mécht et da scho Sënn, wa mir do e Montant ginn, deen esou gestaffelt ass. Fir op den Historique vum leschte Joer kann ech Iech elo leider just eng Zuel ginn. Dat ass vir d‘Prime d'accession. Do hate mer véier Demanden, déi d'lescht Joer eragaange sinn.

Déi aner muss ech elo ganz éierlech soen, weess ech net. Ech géif awer mengen, dass dat déi eenzeg véier wieren, déi erakomm wieren an deem heite Kontext. Vun der Kommunikatioun e ganz wichtege Punkt, fir dorobber anzegoen. Mir hunn effektiv am Kader vun dësen Hëllefen, am Kader vum Plan local du logement, am Kader och vum Service logement selwer, fir deen ze promouvéieren an och seng Aarbecht ze promouvéieren, effektiv virgesi fir elo net méi schnell wéi de 27. Februar verschidde Saachen ze produzéieren, wou mer dann eeben och dofir Reklamm maachen. Ënner anerem eeben och déi Hëllefen, ënner anerem den Internetsite, dat heescht do sinn eng ganz Rei Saachen, déi do wäerte kommunizéiert ginn un d'Leit. An dobäi dann eeben och dës Hëllefen, vun deene mer elo grad geschwat hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Ech wollt och effektiv op de Punkt vun der Kommunikatioun zréckkommen. An ech mengen, de Laurent Krantz ass drop agaangen. Natierlech, wa mer hei, elo haut, dat heite Reglement stëmmen. Mir hunn eng ganz Rei Initiativen och am Kader vum Pacte Logement. Do sollt ee mengen ech déi generell Kommunikatiounsreseauen, déi mer hunn, notzen. Dat heiten ass eng nei Aide, also et ass net, dass dat net ginn ass, mee et sinn adaptéiert Aiden, par rapport zu deenen, wou de Staat se gëtt. Dass mer iwwert deen dote Wee dat natierlech no bausse kommunizéieren. A wann dann d'Leit och konkreet Froen hunn, ech mengen dann ass de Laurent Krantz a senger Realitéit als Chef vum Service Logement jo natierlech och disponibel d'Leit ze guidéieren, och par rapport zu Froen, déi se hunn, par rapport zum Staat, fir déi Demanden auszefëllen.

Well do fänkt et jo deementspriechend un, et fänkt jo net nëmme bei där Demande un, wou se eis stellen, fir de Subsid ze kréien. Mir kënnen och als Gemengen Ulafstell sinn, wann ee beim Staat eppes wëll ufroen an do kann e bësse guidéieren. Ech mengen deem verschléisse mer eis och deementspriechend net. Ech mengen d'Gemeng ass ëmmer méi no wéi e Ministère. Dat läit op der Hand, dass d'Gemengen do méi no beim Bierger an deem Sënn och sinn, da kënne se natierlech och dann do guidéieren, fir dass se déi Hëllefe kréien, déi se deementspriechend och brauchen.

***Ass de Gemengerot mat deenen heiten nei anzeféierende Primmen averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 5. CONGÉ POLITIQUE

**Nei Fixatioun vum Supplement vu 15 Stonne Congé politique pro Woch tëschent den Delegéierten an de Gemengesyndikater**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kommen ech op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Verdeele vun den zousätzleche Stonne Congé politique. Do ass et esou, dass nieft der Hausse, déi gemaach gouf vum Congé politique an de Gemengen insgesamt, awer um Niveau vun de Schäfferéit, jo och hei d'Circulaire kommen ass, respektiv Changementer komm sinn, dass och nach zousätzlech Stonne kënne verdeelt ginn am Gemengerot. Et si 15 Stonnen. Déi Propos, déi mer hei als Schäfferot maachen, et si 15 Stonne verdeelt ginn, nieft deene klassesche Stonnen, déi een huet als Schäfferot respektiv als Gemengerot, war hei d'Propos, dass 9 Stonne Congé politique nach zousätzlech d'Claudia Dall'Agnol soll kréien. als Delegéiert am SICEC an am TICE. 4 Stonnen d'Josiane di Bartolomeo-Ries SIGI an TICE. An 2 Stonnen de Loris Spina am SES a STEP.

Firwat hu mer déi heite Propos och hei dem Gemengerot esou ënnerbreet? Aus de ganz einfache Grënn, well d'Kolleegen, also de Ren an ech, mir brauche keen, einfach och an de Büroe si vun deene Gemengesyndikater. Éischtens, déi Büroe reegelméisseg zesummekommen, respektiv et awer och eng Rei, nieft dem Büro, Kommissioune ginn an deene Syndikater, sief dat Personalkommissioun, Finanzkommissioun, sief dat souwuel am TICE wéi och am SIGI, respektiv am SES och, déi net kënnen ofgedeckt gi mat deem klassesche Congé politique, deen een huet. Wat awer zäitintensiv och ass. A fir déi Aarbecht wärend där Zäit esou gutt wéi méiglech ze maache war hei d'Propos, déi heiten Opdeelung mol esou hei dem Gemengerot ze proposéieren. Dat war d'Ausféierung, déi ech heizou wollt maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dir hat ee Saz vergiess. „Cette répartition n'est plus liée à la fonction de délégué au comité d'un syndicat de communes, mais peut être effectuée librement par le conseil communal selon les besoins des conseillers." Voilà, an dat ass e ganz wichtege Punkt. Dat war fréier anescht. Fréier si wierklech Stonnen explizitt un en Delégué an engem Syndicat geholl. An et ass awer elo e Changement an der Circulaire vum 31. Juli festgehale ginn. A wéi gesot, „n'est plus liée à la fonction de délégué au comité d'un syndicat de communes." Et ass jo elo net wéi wann déi Leit, déi an de Büroe si vum Syndicat, net schonn eppes kritt hätten. Mir hunn 2022 7 Stonnen un d'Madamm Dall'Agnol ginn an 2 Stonnen un d'Madamm Josiane Di Bartolomeo-Ries. Et muss een och dozou soen, d'Schäffen, déi hu jo souwisou och eng Hausse kritt vun hire Stonne vum Congé politique. De Schäfferot kritt 24 Stonnen amplaz 20 Stonnen. Dat si scho 4 Stonne méi an der Woch. Mir mussen dat jo och soen, an der Woch. Iwwregens krute mir Conseilleren der och méi. Mir sinn och ganz zefridden. Mir als Independante kruten och méi. Mir sinn och ganz zefridden.

Mee hei geet et ëm eng Gerechtegkeetsfro, zemools well et explizitt hei drasteet, dass eeben déi Repartitioun net liéiert ass un d'Fonctioun vum Delegué. An dofir fanne mir dat hei net ganz glécklech an och net ganz gerecht. A mir wäre méi frou gewiescht, wann zum Beispill e Courrier rausgaange wär un de e ganze Gemengerot, an dass dann hätte kënne Leit och postuléieren, fir eventuell och eng oder zwou Stonnen ze kréien. Et si Leit, déi schaffen a verschidden, jo, wéi soll ech soen? Also, ech wëll elo kee genau nennen. Mee bon, déi schaffen, déi schaffen, déi schaffen. An déi wäre och frou, wa se vläicht nach e puer Stonne Congé politique derbäi kéinte kréien, fir och hir Aarbecht zur Preparatioun vun engem Gemengerot oder och wou ee sech da muss heiansdo absentéieren, fir iergendwou an eng Reunioun ze goen, déi op der Gemeng ass. Et gëtt elo eng Reunioun hei gemaach zum Thema Logement an esou weider. Wéi gesot, dat fanne mer elo net ganz glécklech. A mir als CSV, mir haten eis och déi leschte Kéier enthalen, bei där Hausse 2022. A mir wäerten dat hei och definitiv net matstëmmen.

An da wollt ech och nach eng kleng Remark maachen. Ech menge beim Vott mussen och déi, déi begléckt ginn, och vläicht dann de Sall verloossen. Merci. Déi hei begléckt solle ginn, déi musse jo och dann de Sall verloossen, oder net?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, dat hu mer och bei deene viregten och net gemaach. Dat hu mer ni. Ech gesinn och net an, firwat se et sollte maachen. Mee bon, ech kann herno nach vläicht drop zréckgoen. Nach weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, merci. Jo, et wier vläicht de Moment elo gewiescht, fir eng demokratesch Ouverture hei ze maachen, fir déi weider Stonne Congé politique och emol un d'Oppositiounsmemberen ze verdeelen, quitt datt natierlech net vill Leit aus der Oppositioun an deene Gremie matmaachen. Et steet néierens geschriwwen, dat huet och d'Madamm Kayser virdru gesot, datt haaptsächlech d'Majoritéitsmembere mussen déi Plaze besetzen a sech och op dee Wee Congé-politique-Stonnen usammelen. Mee mir wëssen och aus Erfarung, datt an anere Gemengen et leider och net aneschters leeft. Et ass eng Diskussioun, déi net muss hei op lokalem Niveau

gefouert ginn, mee éischter op engem nationalen Niveau. An do ass vläicht eng Demande, vu que datt d'Madamm Kemp net do ass, mee, Här Buergermeeschter, Dir sidd jo och Deputéierten, da kënnt Der dat vläicht mathuelen an an enger Chambersdiskussioun dat opgräifen, wéi déi Stonne solle méi gerecht opgedeelt ginn.

D'Majoritéit vertrëtt natierlech eng Meenung, an d'Oppositioun vertrëtt eng aner Meenung ganz oft. Mee mir schaffen allegueren awer am Interêt vun eiser Gemeng. An hei ass et esou, datt awer d'Majoritéit just eng Faarf huet. Dat heescht, et ass éischter vläicht eng parteipolitesch Siicht, déi domat an deene Gremie mat eraleeft. Oft ass et och eng Fro vun der Objektivitéit. Dat heescht, e Syndikat huet d'Objektiv eng gutt Zesummenaarbecht interkommunal effikass a gebündelt zesummenzeschaffen. An hei, wéi gesot, hate mir e bëssi de Problem, datt awer trotzdeem oft nëmmen eng Faarf vertruede gëtt.

Dozou hate mir dräi Froen: Sinn déi nei Stonne proratiséiert a bei Iech intern opgedeelt ginn? Well dat Gefill hate mer net. No wéi enge Krittäre sinn déi Stonnen och opgedeelt gi bei Iech intern? A wat fir een Impakt hunn elo déi méi Stonne Congé politique op déi Aarbecht? Bleift do dann Aarbecht awer trotzdeem elo leien oder net? Voilà. Merci villmools.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Also bis viru Kuerzem, bis elo déi nei Circulaire rauskomm ass, waren déi Stonne jo effektiv un d'Delegéiert an de Syndikater gebonnen. Do wollt ech dann och elo nach eng Kéier kuerz aushuelen, well eng Rei Leit dat dobausse vläicht net wëssen. Et ass jo esou, dass säit zwou Legislaturperioden och d'Syndikater zumindest zum Deel schonn emol fir d'Oppositiounsparteien opgemaach goufen. Do si mer jo och ganz frou. Mir kruten awer keng vun deene Stonnen, déi do waren. Dat heescht, mir hunn u sech zousätzlech Aarbecht gemaach, ouni méi Stonnen ze kréien. Wou een awer muss soen, also déi Kommiteeë kommen och net esou oft zesummen. Do hu mer och Verständnis, dass vläicht e Büro elo méi oft zesumme kënnt wéi e Kommitee. Dowéinst, ech wollt dat awer nach eng Kéier an de Raum geheien, dass bis dohinner dat eeben esou war. A mir sinn awer frou, dass mer däerfen an d'Syndikater goen. A mir huelen eis dann och déi Zäit, fir dat ze maachen.

D'Majoritéit huet bis elo ëmmer déi Stonne fir sech gehalen. Och dat ass net an all Gemeng esou. Dat hunn ech mer och soe gelooss. Mee bon, dat ass dat gutt Recht vun der Majoritéit. Ech weess och éierlech gesot net, ob ech et géif anescht maachen. Elo, mat der Reform, sinn eeben net nëmmen zousätzlech Stonne komm, dass mer elo vun 9 op 15 Stonne ginn. Mee et ass eeben, wéi et och elo scho gesot ginn ass, an der Circulaire kloer, dass et net méi gebonnen ass un e Sëtz am Syndikat. Dowéinst mengen ech, dass einfach eis Deliberatioun net ganz richteg ass. An dass een och vläicht misst en hallwe Saz eraussträichen. Well do steet nämlech, dass et misst „par mission délégué dans les syndicats de communes" sinn. Mee bon, et mécht awer och Sënn, mengen ech, dass een dat un d'Delegéierten an de Syndikater mécht, zu engem Deel.

Wat fir eis elo net novollzéibar ass, an ech wëll elo kengem ze no trieden, a wann ech mech ieren, dann entschëllegen ech mech schonn am viraus. Mee ech mengen, dass awer eng vun deenen dräi Persounen, déi elo dee Congé kritt, eigentlech haaptberufflech Politik mécht. An do froe mer eis, ob et dann awer nach zousätzlech néideg ass, fir déi zousätzlech Congé-politique-Stonnen dobäi ze kréien. Well de Congé politique ass jo awer an éischter Linn do, fir jiderengem ze erméiglechen, dass en eebe ka säi Mandat ausüben a Politik ka maachen. Dat heescht, dass Salariéen eng Fräistellung kréien an dass Independanten en Ausgläich kréien, fir dee finanzielle Verloscht, dee se erliewen, wa se eeben do net kënne Patiente gesinn, wat elo am oftste bei eis am Gemengerot mengen ech de Fall ass.

An dowéinst fanne mer et dann awer e bëssen onsolidaresch mat deene Leit, déi probéiere sech esou ze organiséieren, dass se alles iergendwéi ënnert en Hutt kréien. A wann dann aner Leit awer vläicht déi Stonnen net bräichten an déi Stonnen awer vläicht kéinten anescht opgedeelt ginn, do si mer elo mol net esou optimistesch, dass déi géifen un d'Oppositioun goen. Mee vläicht si jo och Memberen an der Majoritéit, ech mengen déi hu lo net esou vill Aarbecht mat der Preparatioun vum Gemengerot, well se sech et kënnen opdeelen, well se sech kënnen opdeelen op 10 Leit wärend aner Fraktiounen hei, jo, vläicht e bësse méi Dossiere musse kennen. Mee voilà. Also mir fannen dat doten net ganz solidaresch mat den anere Membere vum Gemengerot. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech maachen et och ganz, ganz kuerz. Jo, ech hat dat gesinn, dass eeben déi Stonnen och da vun 9 op 15 eropginn. An ech menge mir hu sechs Parteien hei sëtzen. Et wär e chicke Geste gewiescht vun der Majoritéit, wa se dann all Partei do eng Stënnche ginn hätten. Ech muss awer och soen, dass ech et verstinn, dass deem elo net esou kënnt. Mir sinn natierlech och, wéi d'Madamm Thoma gesot huet, frou, dass mer iwwerhaapt d'Méiglechkeet kréien, fir eis un den diverse Syndikater kënnen ze bedeelegen. An ech si mer och bewosst, dass dëst net an all Gemeng de Fall ass. Mee bon, falls Der Iech et sollt nach iwwerleeën, fir déi 6 Stonnen elo awer anescht opzedeelen, da wär ech op alle Fall domadder averstanen.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech hu mer och Gedanke gemaach iwwert déi Stonnen. A wéi kéint een dat änneren oder opdeelen oder anescht oder wéi och ëmmer? Op där anerer Säit hunn ech awer och einfach mol iwwert d'ganz Joer gekuckt. A mir hunn 52 Wochen. An ech hunn elo vu 5 Stonnen op 8 Stonnen eropgaangen, wat ech perséinlech fir mech, an ech schaffen am Privatsecteur, ech sinn net bei engem Staat. A wann ech Donneschdes Moies um Maart sinn, da sinn ech do, well ech fräi hunn an net,

well ech mer zwou Stonnen oder esou geholl hunn. Dat heescht, ech muss awer soen, wann ech déi 8 Stonnen op 52 Wochen opdeelen, hunn ech largement meng Stonnen. Mir hunn 10 Gemengeréit. Correct me if I'm wrong. Mir hunn nach zwee, dräi zousätzlech mol sou kleng, wou mer Informatioune kréien. Wa mer an engem Syndikat sinn, an déi Ouverture ass gemaach ginn, wat an all aner Gemeng, mengen ech existéiert eng aner Gemeng, déi déi Ouverture huet, par rapport zu der Oppositioun. Ech mengen net. Déi gitt Der och bezuelt. Also déi kritt Der bezuelt. An dann och déi, ech war lo zweemol am TICE an déi sinn net dräi Stonnen, déi Syndicaten. Ech ka mech awer ieren, verschiddener wäerte warscheinlech dräi Stonne sinn.

Mee am Moment hunn ech dat nach net esou erlieft. Dat heescht, déi aacht Stonnen op 52 Wochen, déi mäi Patron dann och erëmkritt, si gutt. An, jo, et kann ee lo soen, Dir sidd an der Majoritéit. Okay, fair enough, et ass elo net eis Schold. Da muss ee kucken. Voilà, wa mer och am Schäfferot, wann et just eng Partei de Moment do ass, dann ass dat esou. Da kann een dat och net änneren. Da kann een awer net soen, dass well et esou ass, wëlle mer dat elo einfach opdeelen. Well wann elo zwou, dräi Parteien dra wären am Schäfferot, da wär dat och ënnerhalb vum Schäfferot, ne. An dofir kann ech absolutt ganz gutt domadder liewen, sou wéi et elo opgedeelt ginn ass. A mir wäerten dat dann och esou ënnerstëtzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da ginn ech vläicht e puer generell Considératiounen an da kënne vläicht och nach Kolleegen aus dem Schäfferot op deen een oder anere Punkt agoen. Et si jo verschidden Elementer. Dat Éischt ass déi generell Hausse vum Congé politique vis-à-vis vun de Gemengen, vis-à-vis vun de Buergermeeschteren, respektiv de Schäfferéit, déi Hausse ass jo gemaach ginn, fir déi Aarbecht an der Gemeng spezifesch ofzedecken. Net fir elo an de Gemengesyndikater, par rapport zu der lokaler Aarbecht, déi s de mëss als lokal Exekutiv. Et ass emol dat Eent. Dat Zweet ass, effektiv hu mer elo säit zwou Mandaturen déi Ouverture jo och gemaach, dass natierlech d'Oppositioun an de Gemengesyndikater och ka vertruede sinn. An do mengen ech awer ass et insgesamt natierlech, an ech mengen d'Madamm Thoma hat et gesot, en Ënnerscheed, ob een an engem Kommitee ass oder ob een an engem Büro ass. An et mierkt een einfach, an dofir sinn ech net d'accord wat d'Madamm Ahmedova sot, dass dat éischter esou déi parteipolitesch Siicht ass, absolutt souguer net.

Dat un deem mir eis hei orientéiert hunn an där heiter Opdeelung, dat ass, et mierkt een, dass engersäits natierlech d'Aarbecht an de Gemengen zouhëlt, mee och d'Aarbecht an de Syndikater hëlt immens zou. Zemools, wann een an engem Büro ass, do wou vläicht de Kommitee zwee-, dräi Mol am Joer zesumme kënnt, hues de Büroen, déi quasi all Woch oder all zweet Woch zesummekommen, iwwert e ganze Mëtten daueren an dann donieft och nach eng Rei Kommissiounen agesat och ginn, wou Vertrieder och sinn. Dat heescht, et ass immens zäitintensiv. Also et ass dee Facteur, deen eis geleet huet, fir déi heiten Opdeelung esou ze maachen. Net eng parteipolitesch, einfach, et ass richteg, dass an der Circulaire steet, dass een et kann opdeelen op der ganze Gemengerot. Dat Anert ass awer déi geliefte Realitéit vum Engagement.

Ech wëll net soen, dass déi aner, déi sech elo hei geäussert hunn, déi an der Oppositioun sinn, net engagéiert sinn, och aner Kolleege vun der Majoritéit. Mee du mierks einfach deen Zäitopwand, dee wichteg ass, och fir an enger Exekutiv vun engem Büro ze sinn, wat jo, par Analogie ass e Gemengesyndikat, par Analogie dat selwecht wéi d'Gemeng. Dat ass eng Emanatioun. Do geet immens vill Zäit drop, fir d'Deplacementer, fir déi Reuniounen, déi laang daueren, fir déi Kommissiounssitzungen, déi nach zousätzlech dobäikommen. Et ass dat, wat eis geleet huet. Dat wëll ech awer kloer a ganz éierlech hei soen. An net iergendeng parteipolitesch Consideratioun, fir dass just dann eng Partei alleguerten d'Stonne soll kréien. Et ass déi geliefte Realitéit einfach, déi een um Terrain huet, net méi an net manner. Ech mengen dat ass dofir, wou mer déi Propos hei gemaach hunn. Mee d'Kolleegen hei, déi an de Büroe vun de verschiddene Syndikater sinn, déi kënne selwer nach erklären, wéi d'Engagement do ass. Claudia, jo, TICE oder SES, SIGI, also.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech hat mer d'Méi gemaach, zwar an engem anere Kader, elo net fir déi heiten Diskussioun eng Kéier opzeschreiwen, wat an de leschte Méint, esou vu verschiddenen Reuniounen eleng am TICE, jo, hei gëtt scho gelaacht. Dir kënnt Iech dat warscheinlech virstellen. Wat stattfonnt huet, wat nach soll stattfannen. Bon, Dir kënnt Iech natierlech virstellen, datt vill méi heefeg Bürossëtzungen natierlech musse stattfannen, wann s de an enger Diskussioun bass fir eng nei Konventioun. An datt déi och vill méi laang daueren, wéi dat vläicht soss de Fall ass. Ech mengen, de Buergermeeschter ass dorobber agaangen. Natierlech déi Kommiteesreuniounen, mee dat ass, wéi d'Madamm Dimmer och seet, dat ass elo nach dat mannst vun deene ganzen Aufgaben. Dann hues de um TICE zwou Gewerkschaften. Du trëffs dech mat deene Gewerkschafte gesonnert. Du trëffs dech dann awer och nach mat der Delegatioun. Du trëffs dech intern mat de Mataarbechter. Du hues Reunioune mat den zoustännege Beamten a Beamtinne vun deenen eenzelne Ministèren. Dann hues de natierlech och Reunioune mat de Beamten um TICE, fir déi méi, wéi soll ech dat elo soen, déi alldeeglech Saache vum Syndikat.

Du hues Reuniounen extern, wéi gesot, mat de Beamte vun de Ministèren. Du hues Reunioune mat der Ministesch. Du hues Reunioune mat de Buergermeeschteren. Du hues d'Virbereedungsaarbecht op alleguerten déi Reuniounen do. An dann hues de mëttlerweil och nach eng Commission mixte, déi ass allerdéngs nach net zesummekomm, déi an där Iwwergangskommissioun steet. An dat war just, wéi gesot, esou eng Basisopzielung, déi ech mol eng Kéier ge-

maach hunn. Ech wetten, ech hunn do nach eenzel Saache vergiess, respektiv et kommen nach Saache bäi, fir aleng just deem dote Syndikat, fir deem iwwerhaapt gerecht ze ginn. Sou datt Der gesitt, datt dat e bësse méi ass wéi nëmmen e puer Stonnen d'Woch.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, meng Stellungnam dozou ass, an deem Sënn, fänkt vill méi léif un. Ech hat d'Chance viru kuerzem, virun 2 1/2 Joer nach Papa ze ginn. An an deem Kader konnt ech dann och zréckgräifen op de Congé parental fractionné. An do hat ech da véier Stonnen zegutt. Dofir hat ech, just fir den Historique nach eng Kéier ze erwänen, op meng zwou Stonne Congé politique verzicht. An elo ass dee Congé parental, deen ech extreem genoss hunn, leider eriwwer. An ech ginn erëm schaffen an ech kommen op d'Gemeng an do recuperéieren ech am Fong och erëm meng zwou Stonnen. An deem Kader huet sech do fir mech net wierklech vill gedoen. Nach mengen ech ass et hei wichteg, dass een éierlech ass a seet, hei sinn déi Stonnen net mat engem Parteisift oder -filter verdeelt ginn. Ech mengen dat ass net richteg. Et ass Iech opgefall, dass d'Stonnen am Schäfferot bleiwen, well eeben do déi Vertriedungen an deene verschidde Syndikater ufält.

An et ass, wéi d'Claudia elo gesot huet, wann ech Bürosmember an engem Syndikat sinn, sinn dat net nëmmen déi puer Stonnen, déi ech an de Bürossitzunge muss present sinn. Ech muss dat natierlech och virbereeden. Ech hunn dertëschent Reuniounen. Ech hunn dertëschent Aarbechten, déi ufalen. Ech sinn och an de Komiteessitzungen natierlech present. Also et ass net nëmme begrenzt op déi x Bürosstonnen, déi an de jeeweilege Syndikater ufalen. Deementspriechend fannen ech dat doten eng ganz gerecht Opdeelung vun deene Stonnen. Eng Alternativ, eng besser gerecht Alternativ. Dat huet zwar elo ganz léif geklongen, et wär chic, fir sou eng Stonn bäizekréien. Mee dat wollte mer eeben net maachen. Mir wollte scho kucke firwat déi Stonne sech verdéngt solle ginn a wéi se sech verdéngt solle ginn. An dat war eebe mat deene Bürosstonnen an de Syndikater. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Am Fong wëll ech just ganz kuerz dorobber agoen. Ech mengen d'Madamm Dall'Agnol huet et gutt beschriwwen, wat et heescht, an engem Syndikat ze sinn, wou Schwieregkeete sinn. Ech muss soen, datt ech iwwer zwee Joer mindestens dräimol d'Woch op de SIGI gefuer sinn op Contern. Ganz vill matgemaach hunn. Mir hunn eleng 38 Sëtzunge gehat. Nëmme ronderëm den Audit. Bon, elo kann ee soen, du brauchs se oder net. Ech wëll mech dofir net rechtfertegen. Ech schaffe ganz vill an ech fannen einfach och, et ass genau dat. Et ass vill méi Aarbecht, wéi ee mengt. Ech fuere lo op de Kommitee op den TICE. Do si mer an enger Stonn do. An ech fueren op de Kommitee op Contern. An do dauert schonn 2 1/2 Stonn d'Sëtzung, nach eng Stonn virdrun dohinner. Ech fannen elo eigentlech, bon, wéi gesot, ech wëll mech elo hei net fir eppes excuséiere wat ech menge wat ech awer schaffen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Ech wëll nach op eppes reagéieren, wat d'Madamm Ahmedova gesot huet. Jo, ech mengen et ass jo méi eng generell Diskussioun dass, an ech mengen et ass och en Aussiicht gestallt ginn, mee just net wéini, well awer elo de leschte Congé politique gehéicht gouf. Mee dass dat nach weider muss envisagéiert ginn. Da kanns de vläicht méi ofdecken, wéi dat de Moment de Fall och ass. Ech mengen et ass éischter, déi heite Stonnen dénge jo par rapport zu der Aarbechtsorganisatioun déi's de der gëss, par rapport zu dengem politeschen Engagement. A wéi gesot, dat huet näischt mat enger politescher Couleur ze dinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech wollt awer och, och vläicht vir no baussen, dat awer och emol eng Kéier kloerzestellen. Ech denken, dass Dir Iech gutt engagéiert an de Syndikater. Dofir sidd Der jo och gären an de Syndikater. Mee et muss een awer och soen, dat gëtt jo awer och remuneréiert. An do ass vläicht och emol interessant gewuer ze ginn, also ech weess dat net, wat kritt Der da fir Är Presenz an de Syndikater pro Stonn oder pro Sitzung, wéi gëtt dat remuneréiert? Dat ass vläicht och interessant, d'Leit do baussen, dat heescht et ass elo net dat hei, wou elo d'Bëtschel fett mécht, mee wann Der sou vill Sitzungen hutt, dann, musst Der jo awer och do... Dir kritt kee Jeton? Oder eng Indemnitéit? Dir kritt awer eppes dofir, Dir maacht dat jo awer net pro bono. Voilà, dat war d'Fro. Wéi vill kritt Der dann dofir?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also sou wéi e Bürosmember eng Indemnitéit kritt, an dat ass bei all Syndikat hei am Land de Fall, bei all Syndikat, wou alleguerten d'Parteien dra sinn, et ass jo net nëmmen den Diddelenger Schäfferot, deen an engem Büro vun engem Gemengesyndikat ass. Do kréie jo dann och Leit, déi an engem Gemengesyndikat sinn an déi am Kommitee sinn, sou wéi Dir respektiv och anerer, déi kréie jo dann e Jeton an do gëtt et näischt Uniformes. Dat decidéiert de Gemengesyndikat a senger Komiteessitzung, wat ausbezuelt gëtt un de Schäfferot, also un de Büro, respektiv wat de Conseiller kritt, deen deementspriechend am Kommitee ass. Dat heescht, dat variéiert vu Gemengesyndikat zu Gemengesyndikat, et ginn der ganz vill, et ginn der am Norden, et ginn der am Zentrum, et ginn der am Süden, et ginn der am Osten, et ginn der am Westen, an déi decidéiere fräi an hirer Autonomie wéi héich déi Montante sinn. Ech wëll just hei soen, och wann een dann eng Indemnitéit kritt oder, d'Madamm Kayser huet dat jo ugedeit, jo, Dir kritt jo eppes dofir. Jo, et muss een et och natierlech steierlech deklaréieren, voilà. An, wéi gesot, herno bleift net méi vill iwwreg vun deem Engagement, dat wëll ech och vläicht hei ganz kloer soen. Wann Dir hei sot: Sot eis, wéi vill dass Der verdéngt. Ech soen, vill verschidde Montanten, mee ech kann Iech och soen, fir dass dat herno besteiert gëtt, et bleift net méi all ze vill iwwreg.

CLAUDIA DALL‘AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech wéilt awer dorobber nach agoen. Dat ass onofhängeg vun de Stonnen. Dat heescht, alles dat, wat ech elo do opgezielt hunn, déi Indemnitéit, wou s de kriss, ech weess elo net wéi vill dat ass, ech kann dat awer gären nokucken, respektiv den Här Martini ass jo am Comité, dee kann Iech déi Deliberatioun jo ginn, dat ass jo kee Geheimdokument, dat gëtt net bezuelt. Also et soll elo hei net esou gemaach ginn, wéi wa mir eis hei, déi an deene Syndikater an engem Büro sinn, all Woch en neie Golf oder en neie Mercedes kéinte kafen. An esou huet dat doten awer geklongen. Jo, Dir kritt jo eppes dofir, Dir gitt jo gutt bezuelt. Neen, neen, neen, dat doten ass e bëssen den Niveau, wéi fréier an deenen Zeitunge stoung, déi elo Gott sei Dank faillite sinn. Näid schüren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Ech wëll just ee klengt Wuert soen, et ass drop ugespillt ginn, ah, du brauchs et jo net, an du bass jo voll professionell. Ech muss soen, ech si warscheinlech deen eenzegen heibannen, deen net kéint iwwerliewen, well mäi Congé politique gëtt nëmmen eemol d'Joer ausbezuelt, gell? Okay.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà. Also wéi gesot, nach eng Kéier, alleguerten d'Deliberatiounen, punkto Indemnitéite respektiv Jetonen, déi ginn a Séance publique vun de jeeweilege Syndikater geholl. Also net aneschters wéi hei am Gemengerot. Dofir ass jo de Gemengesyndikat eng Emanatioun vun der Gemeng. Par Analogie ass also alles d'selwecht.

Da géif ech proposéieren, dass mer hei géifen ofstëmmen. ***Wien ass mat der Verdeelung, sou wéi se hei proposéiert gëtt, vun deene 15 Stonnen averstanen? Dat sinn d’Stëmme vun der LSAP. Wien ass dergéint? Dat sinn déi Lénk. Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng, DP, den ADR an d‘CSV.***

# 6. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

**Approbatioun vun de Ressorts scolaires fir den Enseignement fondamental fir d'Schouljoer 2025-2026**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools merci. Voilà, et ass d'éischte Kéier am Fong, datt mer dës Ressortverdeelung schonn am Virfeld maachen. Normalerweis maache mer d'Ressortverdeelung ëmmer bei der provisorescher Schoulorganisatioun. Et ass awer esou, datt mer gemierkt hunn an deene leschte Joren, datt mer eenzel Gebaier hunn, oder Stroossen hunn, wou dann zwee Gebaier drop stinn an dann hunn d'Leit, wa se de Bréif kruten, ëmmer sech dat bescht Gebai erausgesicht, a wa mir se dann an en anert Gebai geschéckt hu waren ëmmer ganz vill Diskussiounen. Mir haten dëst och an der Schoulkommissioun den 29. Januar, mir hunn et do scho virgestallt, a mir hunn lech och déi eenzel Ressortännerunge virgestallt.

An ech géif elo nach einfach eng Kéier op déi verschidde Stroossen agoen, ouni ze vill elo am Detail, mee ech mengen et ass awer wichteg, datt mer en Deel änneren. Bon, ech géif einfach soen, mir fänke mol un, dat ass virun allem de Ressort Lenkeschléi, ech fänken do mat deem un. Do ass et esou, datt mer jo gemierkt hunn, datt d'Gebai zimmlech voll ass, datt mer net méi Kanner kënnen ophuelen. A mir haten d'lescht Joer schonn d'Benoîtstrooss zum Deel erausgeholl aus dem Hansendall. A mir hunn dann dëst Joer decidéiert, well keng Kanner méi elo de Moment do sinn, déi a Fro kommen, d'Trennung bei der Zoufftgenerstrooss ze maachen. Dat heescht, d'ganz Zoufftgenerstrooss plus den Hansendall, déi wäerten an Zukunft net méi an hirem Bréif Lénkeschléi oder Strutzbierg stoen hunn, mee nëmmen nach Strutzbierg. Ech mengen et ass genau dat, dat erméiglecht eis ëmmer ze reagéieren, wann e Gebai méi voll ass oder méi eidel, da kënne mer mat de Stroossen esou. Bon, wéi gesot, déi Ännerung hu mer gemaach.

Dann hu mer eng aner Ännerung gemaach. Ech mengen d'Balzenger Gebai, dat wësst Der alleguer, dat hutt Der och héieren, dat gëtt ofgerappt, soudatt iwwerall an all, iwwerall wou Balzeng-Brill stoung oder Balzeng-Ribeschpont, dat fält ewech. Also de Balzeng geet komplett op de Brill. D'Containere si jo och dofir virgesinn. Dann eng aner Ännerung, déi mer maachen, dat ass am Fong fir de Quartier Däich. Dat ass ganz wichteg, datt mer déi maachen. Do ass et bis elo esou jo, datt mer ëmmer Italien-Däich do stoen haten. Et ass elo esou, datt mer gemierkt hunn, datt Italien ganz oft e Mangel huet mat de Schülerzuelen. Dat heescht, do kéinte mer riskéieren, datt eng Kéier eng Klass géif agoen. An um Däich ass dat net de Fall. Sou datt mer iwwerall an deene Stroossen, Dir hutt och mengen ech d'Lëschten hannendru leien, do hätte mer, do trenne mer elo dat Ganzt.



Den C1 kann entweeder op den Däich oder an Italien geschéckt ginn. An de Cycle 2 bis 4, deen ass souwisou um Däich. Ech mengen dat ass eng wichteg Ännerung. Et ass och einfach, fir e bëssen opzedeelen, fir eng aner Opdeelung ze maachen. Ech mengen dat sinn am Fong d'Haaptännerungen, déi mer hunn. Mir hoffen natierlech, datt Der dat mat stëmmt, well ech mengen et ass wichteg. Mir wëllen déi Bréiwer rausschécken. Mir wëllen och de Leit matdeelen, d'Ressorten eebe wou hir Kanner higinn. A wa mer do rëm waarde bis de Mee bei der provisorescher, dann ass et ze spéit. Da sinn d'Bréiwer scho raus.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Wichteg ass effektiv, dass d'Eltere kloer gesot kréien, hei dir wunnt an där Strooss an da gees de och an déi Schoul. Well et sinn ëmmer erëm Diskussioune komm, et sinn der ëmmer erëm gepilgert hei an eise Service, déi dann awer soueren a mengen, aus wéi engen Ursaachen och ëmmer, dass se léiwer hir Kanner an eng aner Schoul hätten. Also zum Theema Balzeng a Lenkeschléi ass alles gesot ginn. Ech wollt awer nach e klengt Wuert zoufügen zu der neier Opdeelung vun der Däich, vum Däich a vun Italien. Dat war eng explizitt Demande och vum C1, also Spillschoulsléierpersonal aus dem Däich. An déi hunn eis dat och ganz gutt erkläert. Eben an Italien ass d'Klass méi kleng, well einfach do manner Kanner wunnen.

A wat awer e Phenomeen ass, wat mer mierken an deem mer onbedéngt musse Rechnung droen, an dat maache mer och mat dëser neier Opdeelung vum Ressort, dass hautzudaags ëmmer méi, dat ass e Fakt, méi Kanner mat spezielle Besoinen an eise Schoulpopulatioune sinn. An do war et dann effektiv esou, Däich huet dräi Spillschoulen, an de Quartier Italien huet eng Spillschoul, an do waren awer an deenen dräi Spillschoule par hasard an all Klass méi wéi ee Kand mat Besoin spécifique aus wéi enger Ursaach och ëmmer an an Italie keng. An dunn hu se och gemengt dat wär éischter mol e bësse fir d'Entlaaschtung vun deene Klasse vum Däich, awer och fir de Besoin vun deene Kanner, wa se mol e Besoin spécifique hunn, dat kréie mer jo och schonn oft am am Virfeld matgedeelt. Dat ass jo elo net esou, dass dann op eng Kéier de Stempel op d'Stier kënnt, du bass e Kand à Besoin spécifique. Do si Kanner, déi ginn eis gemellt, an dass mer déi och kënnen dann an eng Klass ginn, wou vläicht awer nëmmen een esou e Kand ass, wou dann och vläicht méi individuell ka mat deem Kand geschafft ginn an och wat méi Rou an déi aner Klasse bréngt.

Also wéi gesot, dat fannen ech och ganz flott, dass mer do absolutt reagéieren op eng Demande vum Léierpersonal. An domadder gi mer, mengen ech och alle Schüler, grad elo an där do Situatioun, och méi gerecht. Dass et och méi eng gerecht Opdeelung ass vun de Kanner op déi verschidde Schoulen, déi jo awer zu engem Ressort gehéieren. A wéi gesot, schlëmm ass et net, well dat Joer drop musse se souwisou, also ab éischt Schouljoer musse se jo souwisou alleguerten op den Däich goen. Dat heescht, doduerjer ass dat elo keng, hoffe mer, dass do keen Aufschrei duerch d'Populatioun geet. Mee ech mengen dat ass einfach wierklech am Sënn vun de Schüler. An dofir, mir als CSV mir droen dat hei op jidde Fall mat.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. An nach eng Kéier merci fir d'Erklärung dozou. Déi Ressortsännerunge si fir eis ganz okay. Déi goufen och tipptopp an der Schoulkommissioun de 26. Januar esou erkläert. Domat bleift eis am Fong just eng Fro, wou ech bei eis an der Lokalsektioun och net méi konnt beäntwerten. Mir hate jo d'Propos am Fong an der Schoulkommissioun eraginn, fir de Precoce Brill-Lenkeschléi ëmzebenennen, beispillsweis a Brill-Foxenhiel. An do war d'Iddi opkomm, fir dat an den Aarbechtsgrupp ze ginn oder fir de Kannergemengerot. An op déi Fro, op déi ech keng Äntwert méi konnt an eiser Lokalsektioun ginn, dat war ob dat da fir dëst Joer scho vläicht kéint esou stattfannen oder ob dat éischter fir d'nächst Joer wier? Vu dass mer elo souwisou driwwer schwätzen hunn ech geduecht, da kann ech déi Fro direkt stellen. Merci.

TOM MICHEL, SERVICE ENSEIGNEMENT: Okay, Moien. Also wann den neien Numm do ass iert den Numm do ass, kënne mer kaum iergendeppes änneren. Fir de Rescht, ech mengen dat betrëfft just de Precoce, dat heescht, d'Bréiwer, déi ginn am Juni/Juli raus. Dat heescht, jo, also, wann net grad just zwee Deeg virdrun dat decidéiert gëtt, dann ass dat warscheinlech méiglech. Ech weess och elo net, wéi dat ausgesäit op der Schoul. Do steet warscheinlech d'Brill Lenkeschléi drop mat de Buschtawen. Dat weess ech net, dach, ech mengen dat steet drop. Mee fir de Rescht, jo. Also et mécht d'Konfusioun och, mir mierken dat ëmmer rëm bei de Busfirme wann d'Schoule wëlle Sortië plangen, da liesen d'Chaufferen iergendwou um Lenkeschléi, da sti se bei där enger oder bei där anerer. Et ass souwisou ëmmer falsch. Dat heescht, et ass, a fir vun där enger bis bei déi aner mam Bus ze kommen, ass e bëssen e Wee. Dat heescht, et wär net vum Muttwëll, mee dat soll net meng Entscheedung sinn. Dofir, mir huelen do, wat kënnt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Voilà, just ganz kuerz. Ech mengen et ass komm. Ech fannen et och, den Tom huet et elo gesot, ganz interessant, fir do en aneren Numm ze maachen. Mee ech kann awer elo net dem Gemengerot, Kannergemengerot imposéieren, maacht elo wannechgelift schnell an ech muss dat elo nach duerchkréien. Also dat, mir maachen dat. Fir déi nächst Rentrée wäerte mer dat dann hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer driwwer ofstëmmen. ***Wien ass mat der Ressortverdeelung sou wéi säi presentéiert gouf, averstanen? An dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci a soen och dem Tom Merci fir seng Präsenz an Erklärungen.

# 7. PAP NQ « RIBESCHPONTER-GRIECHT »



**Approbatioun vum PAP « Nouveau Quartier » (PAP NQ 36) « Ribeschpontergriecht » fir Fondsen zu Diddeleng op de Flouernimm « Bei Ribeschpontergriecht », « Op Ribeschpont » a « rue des Champs »**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass d'Presentatioun vum PAP „Bei Ribeschpontergriecht" vum PAP Nouveau Quartier. A mir begréissen dofir dann och hei vum Architektebüro WW+ d'Marie Bolzinger a vu Schroeder et Associés den Daniel Baum, d'Eva Gottschalk an d'Cathy Mambourg vun eisem Service Architecture et Domaines. Wou mer och eng kleng Presentatioun virgesinn hunn. Bon, et ass esou, ech fuere mol weider, dass mer hei dann de PAP jo an d'Prozedur geschéckt hunn. Mir hunn de 4. Oktober 2024 als Schäfferot d'Analys vun der Konformitéit vum PAP gemaach. Mir hunn e kuerz drop un den Inneministère geschéckt, un d'Cellule d'évaluatioun. Vum 11. Oktober bis den 11. November war eng Enquête publique. Mir hunn de 7. November den Avis vun der Cellule d'évaluatioun kritt. Deen hutt Der och hei virleien.

A mir haten, virun net allze laanger Zäit, de 27. Januar och eise Groupe de travail PAG respektiv fir d'PAPen zesummen, wou de Projet och virgestallt gouf. Bon, an der ganzer Prozedur do gouf et keng Reklamatioun. Wéi gesot, et war jo ausgehaange ginn, e war an der Enquête publique. Do ass am Fong keng Observatioun, keng Reklamatioun deementspriechend hei erakomm. Et ass natierlech eng Rei Punkten, wou mer och elo kënnen duerchgoen, déi vun der Cellule d'évaluatioun gemaach goufen, och par rapport zum Artikel 29bis. Mee bon, et muss ee soen, dass mer hei jo dann e Projet awer hunn, wou am ganze 77 Unitéite wäerten entstoen. Wéi gesot, et ass jo op Ribeschpontergriecht, fir Iech ze situéieren. Dat ass bei der Rue des Champs. An dass een awer de Projet gesäit, sou wéi en hei presentéiert gëtt. An et kann een domadder rechnen, dass do ëm déi, voilà, 100, ronn 180 Persoune kënnen dohinner wunne goen. An et ass an Aussiicht gestallt, dass et 26 Logements unifamiliaux an 51 Logements plurifamiliaux ginn. An duerch den Artikel 29bis kënne mer am Fong op 16 Unitéiten als Gemeng zréckgräifen, Logement abordable, wou mer dann och géifen d'Acquisitioun maachen, fir deementspriechend och an eise Logementspark mat afléissen ze loossen.

Bon, wat hei och e bëssen awer en Novum ass, d'Gemeng bréngt och Terraine mat eran. Ass also deementspriechend och mat Co-Lotisseur vun deem dote Projet, och wa mer just e klengen Deel hunn. Mee awer, mengen ech, si mer do deementspriechend mat dobäi. Dat e bëssen zu de bësse méi generellen Ausféierungen zu deem dote Projet. An ech géif dann elo vun der Geleeënheet profitéieren, dass d'Madamm Bolzinger eng Kéier kuerz duerch den Avis vun der Cellule d'évaluation geet an och deementspriechend presentéiert, wéi mer eis dozou positionéieren, respektiv nach déi eng oder aner Remark zu der Ausriichtung vum Projet. Merci.

MARIE BOLZINGER, WW+: Je suis Marie Bolzinger du bureau WW+. Je suis accompagnée par Daniel Baum, du bureau Schröder, qui est en charge de l'assainissement et de la mobilité. Donc on va, je pense que Monsieur le Bourgmestre a déjà bien balayé les grandes idées du projet. Je vais quand même apporter certaines précisions. Donc on réalise ce projet pour Lionstone Partners et la commune de Dudelange possède aussi quelques terrains dans le projet, à peu près 7 % des terrains. Voilà, donc je vais d'abord vous expliquer les grandes lignes du projet, les valeurs clés, on va dire. Et par la suite, dans une deuxième partie de la présentation, je vous expliquerai ce qu'on a adapté au projet suite à l'avis de la cellule du Ministère de l'Intérieur. Donc, la procédure, je pense que Monsieur le Bourgmestre a déjà tout dit, donc je ne vais peut-être pas revenir là-dessus. Vous avez les dates-clé ici de la procédure.

Concernant le PAG, donc le cadre réglementaire de notre PAP, donc on voit la surface qui est concernée par le PAP entourée ici en orange, donc on voit que sur une grande partie du terrain, on est en zone HAB1, zone d'habitation plutôt dédiée aux maisons unifamiliales, avec certains collectifs possibles, et donc une zone HAB2, habitation 2, donc le long de la rue des Champs, avec une densité un peu plus importante à ce niveau-là, plutôt dédiée aux plurifamiliales, dans la continuité de ce projet SNHBM qui a déjà été réalisé. Donc la particularité de ce terrain, c'est qu'il est couvert par une coulée verte ici qui représente à peu près 30 % de la surface du PAP et dans laquelle on ne peut pas construire. Donc c'était un peu tout le défi de ce projet, on va dire. Donc c'est ce que vous voyez ici en haut jusqu'à la limite orange.

Également d'un point de vue PAG, on voit que c'est une porte d'entrée dans un futur développement beaucoup plus large, donc du grand projet Ribeschpont, qui est actuellement classé en zone d'aménagement différé. Mais on voit déjà qu'il y aura une connexion piétonne ici, vers l'intérieur de ce grand site qui longe les limites nord du projet. Donc on a dû penser ce projet comme une porte d'entrée vers ce nouveau quartier futur. Voilà le schéma directeur

que vous avez actuellement au niveau du PAG, qui donne quelques orientations, on va dire, urbanistiques. Donc on voit par ces hachures orange que le PAP est destiné principalement au logement. Et la hachure est plus accentuée ici, rue des Champs, pour montrer une densité un peu plus importante à ce niveau-là. Le quartier doit être desservi par une route principale est-ouest ici, qui mènera à terme vers le futur grand plan directeur Ribeschpont. Donc une voie ici sans issue.

Il a été également prévu d'avoir une desserte après plutôt secondaire pour desservir le reste du quartier. C'est ces deux petites lignes discontinues que vous voyez ici. Et vous voyez donc l'impact de cette forte coulée verte ici. La récupération des eaux de pluie ici est prévue vers ce point, qui est le point le plus bas du terrain, qui se situe donc au nord-est. Donc on va vous montrer, pictogramme par pictogramme, un peu les différentes thématiques du projet.
Donc là, par rapport à la voirie, on voit qu'on a gardé effectivement cette connexion est-ouest, qui est donc accompagnée par des trottoirs, des stationnements, etc., donc qui est pensée comme une Zone 30, ici, qui pourrait être éventuellement prolongée dans le futur. Et on a également des stationnements ici à l'entrée du quartier, face à cette résidence dans laquelle il pourrait y avoir potentiellement une crèche.

Le reste du quartier est desservi par une boucle, ici. Donc c’est le seul point sur lequel on diffère un peu du schéma directeur, c'est que là, c’étaient des voies sans issue. Nous, on a prévu une boucle pour éviter d'avoir des aires de retournement, deux, très proches et de perdre beaucoup d'espace. Au niveau de la clé de stationnement, on a 14 emplacements de stationnement publics. Donc on déroge à la clé de stationnement d'une modification ponctuelle du PAG qui est entrée en procédure il y a quelques mois seulement. Et le Ministère a donné son accord pour cette dérogation. Concernant les constructions, non, les lots, d'abord, donc vous voyez ici en orange toutes les surfaces publiques, en fait, qui seront publiques demain. Et ça, ça représente 18,23 % de la surface du PAP, donc on est en dessous des 25 % traditionnels qu'on doit assurer dans les PAP. On a 31 lots. Vous voyez qu'une grande partie de la coulée verte a été placée dans un lot privé qui reste la propriété du maître d'ouvrage. Et il y a des accords qui sont en cours avec l'ANF pour l'entretien de cette surface.

D'un autre côté, vous voyez un autre grand lot ici, le Lot 30. Donc en fait, il y a une maison existante qui est déjà là et qui ne pourra plus être reconstruite dans le futur, puisqu'elle est classée dans cette zone de coulée verte. Mais cependant, le lot a été maintenu pour qu'elle puisse continuer d'exister aussi longtemps qu'il le faudra. Voilà en général.
Par rapport à l'implantation des constructions, donc on a ici implanté deux collectifs dans la continuité des collectifs existants, ici, ce terrain SNHBM, ici. Donc on a deux collectifs. Celui-ci sera développé par la commune et celui-ci par le maître d'ouvrage, le promoteur. Et on a un autre collectif ici. Donc on a un peu la particularité dans le schéma directeur que vous voyez que la zone constructible ici s'étire à l'arrière de la coulée verte. Donc on a essayé d'implanter une construction en L à cet endroit-là pour optimiser un maximum le terrain, parce qu'on est bien loin des valeurs maximales de SCB, de surface brute qui sont autorisées par le PAG. Donc on a essayé de rentabiliser à ce niveau-là tout ce qu'on pouvait.

Donc on a un autre collectif qui est ici dans la zone d'habitation 1. Sinon, on a une certaine diversité de typologies d'habitats unifamilials. C'est toutes les maisons que vous voyez ici. Donc il y en a en bande, il y en a isolées, il y en a qui sont connectées avec des garages, etc. Donc on a vraiment plusieurs variétés de maisons unifamiliales. On a 26 unités unifamiliales et 51 plurifamiliales, ce qui nous donne 77 unités. Donc on est conforme à l'ADL, densité de logement du PAG, qui est revue à la hausse de par le pacte logement 2.0. Par rapport aux différentes typologies, vous voyez un peu les différentes couleurs, les maisons accolées ou les maisons isolées, etc. Ce qui peut-être peut vous intéresser, c'est la répartition du logement abordable. Donc toutes les maisons qui sont ici au nord du quartier, des maisons de 6,50 de large à peu près, celles-ci sont un tout petit peu plus grandes, 7,50. Donc ces maisons-là seront développées par la commune pour le logement abordable. Donc celles qui sont entourées en pointillés, ce sont les maisons que va récupérer la commune de par l’apport-terrain. Donc la commune dispose de 2 terrains sur le quartier et récupère une SCB qui lui est due. Donc ça, ce sont ces maisons ici que la commune va pouvoir récupérer avec les carports qui sont associés ici, puisque les carports sont placés à l'entrée de la rue, et la crèche.

Et pour le logement abordable, ce qui correspond au 15 % de la SCB dédiée au logement du quartier, la commune va récupérer encore une maison ici et ces 3 maisons. Donc en fait, la commune va pouvoir, grâce à ce projet, développer 16 unités d'habitations, soit 4 maisons et 12 appartements qui seront placés à cet endroit-là. On aura la particularité ici d'avoir pour ce grand îlot à l'entrée du quartier un souterrain commun ici entre le collectif du promoteur et donc les constructions de la commune. Donc il y aura une servitude de passage sur cette rampe ici qui va être développée par le promoteur.

La crèche, elle correspond à un maximum de 690 mètres carrés, on va dire. Donc elle pourrait potentiellement accueillir 40 enfants à cet endroit-là, avec des surfaces extérieures qui sont associées en lien avec la coulée verte ici. Donc ça peut être assez intéressant pour la crèche comme emplacement avec les stationnements juste devant. Au niveau des surfaces scellées, donc on a juste accepté, donc pour les maisons unifamiliales, chaque maison unifamiliale a un accès piéton de 2m, un accès carrossable de 3,5m, donc pour une voiture seulement. Et seules ces maisons ici qui sont au sud du quartier ont la possibilité d'avoir deux voitures côte à côte, parce que ce sont des maisons be-

aucoup plus larges de 10m, 10,50m à 11m. Pour chaque maison plurifamiliale, on a le droit à deux accès piétons, on a aussi des toitures végétalisées qui sont imposées, et les espaces extérieurs peuvent être utilisées soit pour les logements du rez-de-chaussée, soit privatisés, soit collectifs, pour des aménagements collectifs. Également toutes les maisons ont droit à une terrasse de 3m de profondeur.

Concernant les canalisations, donc on a sur le PAP un réseau séparatif, que vous voyez ici en bleu et rouge, les eaux usées et les eaux pluviales, qui sont raccordées ici à un bassin qui est au point le plus bas du terrain et qui est inclus dans la zone verte. On a essayé de l'implanter à un endroit où on a impacté le minimum, le moins possible la végétation en place et les biotopes et donc qui sont raccordées ici à une nouvelle canalisation eau pluviale à poser. Donc actuellement, on a un réseau eaux mixtes. C'est toutes les lignes que vous voyez en vert ici sur le plan. On a un réseau eaux mixtes.  Cependant, cette portion-là n'est plus en très bon état et ne peut pas être réimplantée au même endroit, puisque vous voyez ces zones hachurées, ce sont des zones où il y a des biotopes existants. Donc on ne va pas pouvoir réouvrir le sol à cet endroit-là. Donc une nouvelle canalisation doit être projetée. Voilà.

Et cette nouvelle canalisation eau pluviale, qui sera quelque part implantée sur ces quelques terrains ici, se raccordera à la rue Abbé Lemire vers la rue Jean-Simon et se déversera dans la Diddelenger Baach. Cette nouvelle canalisation permettra également d'être un avantage pour le PAP Aloyse Meyer et pour le PAP rue des Romains un peu plus loin, donc profitera à ces trois PAP. Dans un premier temps, il sera possible de, si on n'a pas encore cette canalisation, de se raccorder au réseau eaux mixtes existant. Mais à terme, il faudra quand même construire cette canalisation. D'un point de vue plan paysager, vous avez là une esquisse de ce que ça pourrait donner. Donc les éléments les plus importants, c'est que le long de la zone 30 ici et donc de la rue des Champs, donc on a des plantations qui sont imposées par le PAP. Donc on aura des beaux alignements d'arbres ici.
La boucle, c'est prévu comme une zone résidentielle, donc dans laquelle on ne voit pas de distinction entre le trottoir et la chaussée et dans laquelle les enfants pourront également jouer. On a prévu des bandes plantées, des surfaces pour des haies également pour assurer une végétation de la rue.

Et on voit ici une ouverture. Donc c'est l'accès qui permet d'aller au carport des maisons de la commune ici et qui permet une ouverture vers les bassins de rétention qui auront un double usage, qui peuvent être aussi utilisés pour une aire de jeu, par exemple. Et on a imposé dans le PAP qu'une connexion piétonne soit assurée au travers du bassin de rétention entre le cœur du quartier vers le chemin qui mène vers le cœur de Ribeschpont ou vers l'école Ribeschpont, par là. Vous voyez ici les données clés du PAP, vous pouvez simplement les lire si ça vous intéresse. En général, on respecte absolument toutes les valeurs PAG revues par le pacte logement. Et voici la réglementation un peu plus stricte, on va dire, du PAP, voilà, avec ces mêmes valeurs. Vous avez ici une perspective à la main sur le site qui peut vous donner une idée de ce que pourra donner ce projet. Donc vous voyez qu'on vient vraiment refermer ici l'îlot existant de la rue des Champs avec des maisons un peu plus larges. Ici, on a des vis-à-vis qui sont vraiment assez importants, donc une grande distance qui empêche des vis-à-vis trop importants. Et voilà, les maisons un peu plus resserrées sur le cœur d'îlot. On a un petit jeu au niveau des toitures également. Donc toutes les maisons sont en toiture à deux pans. Et les collectifs sont en toiture plate avec toiture végétalisée. Voilà pour la perspective du quartier.

Alors maintenant, qu'est-ce qu'on a adapté entre l'entrée en procédure et jusqu'à maintenant? Donc on a pris en compte un certain nombre de remarques de la cellule d'évaluation. Je vais surtout vous expliquer les plus importantes. Il y en a des mineures, on va dire, qui ne méritent pas d'être discutées aujourd'hui ensemble. Donc vous voyez, on a souvent ce système. Ça, c'est le PAP avant l'avis de la cellule et ça, c'est le PAP après l'avis de la cellule. Donc la principale modification qui a été effectuée concerne cette construction en L, qui était un peu difficile à implanter sur l'arrière de la zone verte. Donc ce qui gênait un peu le Ministère de l'Intérieur, c'est qu'on avait un fort linéaire. Ici, vous voyez en coupe, on a un linéaire ici de 40 mètres de façade qui donne sur des terrains qui seront développés plus tard. A savoir qu'ici, il y a également une zone verte et que ça représente le point le plus bas de ce terrain également. Donc il y a très peu de chances qu'il y ait une construction ici à terme.

En tout cas, on a quand même voulu prendre en compte la remarque du Ministère et ce qu'on a fait, c'est qu'au lieu d'une grande construction, on a donc fait deux constructions connectées par un socle pour éviter quand même de perdre trop de logements et de surface brute pour réduire cet effet de mur de 40 mètres plutôt en imposant deux constructions. Le Ministère avait deux remarques et disait, soit vous pouvez augmenter le recul ici à 6 mètres, mais là on se retrouvait alors dans la zone verte, ça ne marchait pas, soit de réduire une des pattes du L, mais là on perdait énormément de logements et de surface brute. Donc c'est le compromis qu'on a trouvé avec la commune et le maître d'ouvrage et voilà, de penser ce L en deux volumes bâtis. On a également gagné un petit peu de place, vous voyez ici dans le recul latéral qu'on avait un peu de place, donc on est venu un peu plus proche avec les constructions et on a imposé un passage pour les pompiers ici, grâce à une servitude d'accès. Voilà, donc vous voyez ce que donnent ces constructions, donc ça donne moins l'impression d'un grand L, et plutôt l'implantation de deux bâtiments qui sont connectés par ce socle avec des terrasses juste au-dessus. Voilà, ça, c'est la principale modification.

Ensuite, il y avait aussi une mention sur l'emprise souterraine. Donc vous voyez, l'emprise souterraine n'est pas évidente non plus, parce qu'on avait la servitude de la coulée verte ici. Donc on s'est calé pile dessus. Et le Ministère a dit, attention, est-ce que vous n'allez pas endommager le système racinaire des arbres en venant au plus près de la zone de servitude? Donc là, on a fait une étude complémentaire avec le bureau LSC360. Et ils ont bien vérifié qu'on n'allait pas impacter. Donc il n'y a pas d'arbres qui ont des racines à cet endroit-là. C'était déjà pris en compte dans l'évaluation environnementale. Ils avaient déjà gardé une sécurité de 2,50 mètres ici, tout le long du sous-sol. Donc ils nous ont dit qu'il n'y a aucun problème. Les seules choses qu'on risque d'endommager, c'est des strates arbustives, donc uniquement des arbustes. Et ceux-là peuvent se renouveler d'eux-mêmes très rapidement. Et ils ont déjà été prévus dans la compensation des biotopes. Donc il n'y a aucun problème d'un point de vue environnemental sur ce point.

Donc on a quand même gardé ça pour avoir un maximum de flexibilité architecturelle parce que l'organisation du sous-sol est quand même assez étroite. Simplement, on a pris l'initiative de vérifier l'architecture du bâtiment pour voir si on arriverait quand même à rester sur une surface plus restreinte. Donc c'est possible, c'est possible de le faire. On a regardé, la seule chose, c'est que, donc voilà, moyennement des parking-lifts ici, on arrive à ne pas aller trop proche de la zone de servitude. La seule incidence, c'est qu'il a failli commencer la rampe un peu plus tôt pour tourner un peu plus tôt et pouvoir accéder au stationnement également un peu plus tôt. Donc on a fait une petite adaptation ici de la largeur des maisons et de la largeur de ce carport, ici, qui était de biais, pour gagner un petit peu de place pour éviter d'aller trop proche de la zone de la coulée verte. Donc ça, c'est aussi une autre influence de cette demande du Ministère. Par la suite, on nous a demandé encore de préciser l'orientation des faîtages. On souhaitait garder la flexibilité de pouvoir les mettre dans un sens ou dans l'autre suivant les projets architecturaux qui seront développés par la suite. Mais le Ministère a dit non, il faut vraiment l'imposer. Donc voilà, on a simplement indiqué le sens des faîtages et donc prévu une réglementation pour les angles de toiture à ce niveau-là. C'est calqué sur le PAP-QE de la commune, quartier existant.

Voilà, en général, pour les toitures, vous voyez un peu, donc c'est le seul endroit où on a prévu des faîtages perpendiculaires à la rue. C'est ici, donc le maître d'ouvrage avait envie de développer ce style de produits ici en limite. Donc les autres maisons sont plus traditionnelles avec le faîtage parallèle à la rue. Pour les autres remarques, c'est vraiment des petites choses, juste pour vous dire qu'on a dû revoir les calculs par rapport au logement abordable. On avait laissé auparavant la flexibilité de pouvoir faire ou non la crèche et que cette surface soit réattribuée au logement. Mais on nous a dit que ce n'était pas possible. Donc on a dû fixer la crèche de manière exacte. En fait, on doit la faire. Et si on ne la fait pas, on ne peut pas faire plus de logements. Donc ça, c'est une adaptation qui a dû être faite. On a imposé de couvrir les rampes aussi de pergolas végétalisées. Donc ça, c'est un autre point qu'on a pris en compte. Après, c'est vraiment des détails d'arrondissement, de joindre un dossier Excel au dossier, etc. Donc là, je ne vais pas vous parcourir tout ça.

Il y a des points aussi qui ont été mentionnés qui étaient déjà en ordre. Donc ceux-là n'ont pas été changés. Et il y a quatre points qu'on n'a pas intégrés. Donc le premier, ça concernait le logement intégré. On nous a demandé de l'interdire. Et ça, en fait, il y a une jurisprudence qui est sortie sur ce sujet. Et ce n'est pas possible de prohiber le logement intégré. On était en lien avec le Ministère là-dessus. Et eux-mêmes ont dit, non, ne prenez pas en compte cette remarque. Donc ça, c'est bon. Ici, par rapport à ces maisons-là, donc ils nous ont demandé d'interdire dans le projet d'avoir deux places de stationnement dans la largeur, de les avoir toujours en profondeur. Mais en fait, les seuls endroits où on a autorisé deux places, c'est le long de ces maisons qui sont déjà très larges. Donc on pense nous, qu'il n'y aura pas d'impact urbanistique par rapport à ces maisons-là. Donc ça, on ne l'a pas changé non plus. Également, ils nous ont demandé d'indiquer des valeurs pour ce grand lot en haut, mais ce n'est pas nécessaire de le faire, puisque la construction ne pourra pas se refaire dans le futur. Voilà. Et un petit détail sur les accès pompiers. Voilà en général sur le projet. On est à votre disposition pour toute question. Je vais peut-être laisser la perspective, par exemple.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir d'Presentatioun. Et gëtt hei de Memberen aus dem Gemengerot Abléck an deenen heiten Dossier. Mee bon, wéi gesot, mir hate jo schonn d'Geleeënheet am Groupe de travail, dat heescht all Fraktioun hat am Fong e prinzipiellen Abléck an deen dote Projet, dofir hate mer den Aarbechtsgrupp jo do agefouert. Ech wollt just nach eng Kéier hei kloer preziséieren, dass mer jo, ech hat gesot, mir wäre Co-lotisseurs. Dat heescht engersäits gi mer jo och Terrain hei an dee Projet mat eran. An en contrepartie kréie mer jo dann effektiv jo dann och Maison unifamilliallen, respektiv d'Crèche. An nach féiere mer d'Diskussioun, wat d'Valorisatioun vum Terrain ass. Mee haut stëmme mer jo de PAP. Duerno kënnt nach d'Convention d'exécution. Dat kënnt do drastoen. Ech wollt dat awer hei nach preziséieren. An dann ass natierlech de klasseschen Artikel 29bis, deen, dee spillt par rapport zum, zum Volet vum Logement abordable.

Da vläicht awer och nach d'Prezisioun, an da kënnt Der ganz gären nach Är Froe stellen oder Är Remarken, dass mer hei an enger Situatioun sinn, et huet jo och eng Cessioun vu 25 %. Mir leien hei, dat hate mer och am Aarbechtsgrupp, gesot, bei 18,23 %. Dat heescht, mir wäerte fir de Rescht eng Soulte froen, fir eeben, an et ass virdru skizzéiert ginn, den Amenagement vun deem Chemin piétonnier,

wéi gesot, fir bei d'Ribeschponter Schoul. Et muss ee jo, et kann een eng Soulte froen, mee wann ee se freet, muss se en Lien direct si mam PAP. An ech mengen hei ass dat de Fall. Mir hate scho mol Situatiounen, wou mer effektiv an der Cessioun och ënnert 25 % waren, wou mer näischt gefrot hunn, well mer keen direkte Projet och liéiert haten un de PAP. Hei ass dat zum Beispill awer ganz kloer de Fall. A gëtt och deementspriechend esou ausgewisen. Voilà, dat waren nach déi zwee Punkten, déi ech hei nach preziséiere wollt. A voilà, d'Diskussioun ass elo op.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Vu menger Säit als Éischt emol e ganz grousse Merci, fir d'Presentatioun an och d'Explikatiounen, déi Der ginn hutt. Wunnenge feelen, däers si mer eis bewosst. An hei ginn alt erëm e puer Wunnenge gebaut. Natierlech gëtt och hei un den abordabele Wunnraum geduecht, wat eis ganz wichteg ass. An och soss schéngt hei näischt vergiess ginn ze sinn. Eng Crèche fir d'Kanner, eng Plaz fir eng Spillplaz an esouguer genuch Gréngs. Alles ass dobäi. De Projet, dee gefält mir ganz gutt. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci och vu menger Säit. Bon, et ass scho gesot ginn, mir haten de Projet jo och am Groupe de travail, deen ëmmer ganz gutt fonctionéiert. An do ware schonn net ganz vill Froen opkomm, well, also d'Presentatioun eigentlech schonn esou kompakt war. Ech soe mir ware vläicht e bëssen erschloen, mee e war och einfach ganz gutt erkläert. Sou dass ech och elo am Fong just eng hunn, also fir d'éischt wollt ech nach eng Kéier e bëssen dem Schäfferot felicitéieren, well hei ass jo effektiv e bësse proaktiv geschafft ginn, sou dass och schonn Terrainen opkaaft gi sinn, fir dass d'Gemeng sech och selwer ka bedeelegen un deem PAP. Dat begréisse mer ausdrécklech. An ech wollt just eng Kéier froen, wéi dat fonctionéiert? Dat heescht, mir ginn den Apport de Terrain an de Promoteur baut do d'Wunnengen oder baue mir déi Wunnengen op deem Terrain? Well dann ass nach eng Wunneng op der Presentatioun, déi ass agezeechent, wéi wann déi géing am Kader vum Logement abordable, also deene 15 % eis ginn, mee déi ass awer op eisem Terrain. Zielt dat richteg? Misst dat net awer um Terrain vum Promoteur sinn, déi Wunnengen? Oder ass dat dann einfach, dass de Promoteur déi baut an déi aner baue mir als Gemeng? Just nach eng Kéier als Erklärung. Bon, den Här Meyer freet sech, dass Logement abordable virgesinn ass. Dat ass Gesetz. An et ass den absolutte Minimum. An et hu souguer nach missen herno zwee Wierder an der Partie écrite geännert ginn, fir dass mer iwwerhaapt um absolutte Minimum ukomm sinn. Dat heescht, Jo, et ass gutt, dass mer dat Gesetz do hunn an dass mer zumindest déi 15 % dann do kréien. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci natierlech vun eiser Säit aus, fir déi ausféierlech Presentatioun. An de ganze Projet ass iwwerhaapt immens interessant an et ass un immens vill Saache geduecht ginn, déi och an eng nohalteg Entwécklung vun eiser Stad Dideleng ginn. Eis war et effektiv och net kloer, déi Saach mat der abordabele Wunneng, well ech muss soen, ech hunn dat och net esou ganz richteg verstanen. Dat heescht, d'Gemeng ass Co-lotisseur, dat heescht d'Gemeng huet och Terrainen, mee d'Gemeng kritt awer och nach Terrainen iwwert den Artikel 29bis. A wann ech richteg verstinn, verbessert mech, wann ech falsch leien, hu mir awer net déi richteg Unzuel vun abordabel Wunnengen, well mir hunn, mir si bei 2118 a mir missten der 2220 kréien. Dat heescht, et ass e klengen Delta do. An et ass do, vläicht verstinn ech falsch, wou ech et net verstinn, wa mir selwer en plus Terrainen hunn, firwat mer net vläicht eng Wunneng méi géifen an der Abordabilitéit kréien. Soss si vill Saache beäntwert ginn.

Mam Parkinglift, dat ass ëmmer eng Saach. Natierlech ginn et Contrainten an et ass besser, et huet een awer méi Parkplaze bannen, wéi awer op der Strooss. Mee et muss ee bedenken, dat si Saachen, wou herno den Utilisateur wäert natierlech méi Käschte kréien duerch de Parkinglift. Mee wéi gesot, ech hat och dee Moment keng aner Léisung. An dofir, dat ass eeben esou, wéi et ass. Datt mer eis dem PAG ralliéiere fir Parkplazen, datt do pro Parkplaz gekuckt gëtt, wéi vill Quadratmeter eng Wunneng huet, ass immens wichteg an immens pertinent. Well heiansdo, wann ee kleng Studioen huet, mécht et kee Sënn, fir do extra eng Parkplaz nach dobäi ze maachen. Dofir ass dat en Element, wat fir eis wichteg ass. Datt Mixitéit, eng grouss Mixitéit an den Appartementer do ass, zemools wat d'Abordabilitéit ugeet, ass och wichteg, fir datt mer e grousse large Publikum un Awunner kënnen uschwätzen, ass natierlech eminent. Datt een an der Front HAB2 huet an hannen am grénge Beräich HAB1 ass och logesch. Dat hutt Der och esou gemaach. Also ech fannen och vum 3D-Bild gesäit et wierklech immens, immens flott aus, datt een am Ufank wierklech d'Porte d'entrée vum Quartier immens flott signaléiert ass a wat een no hanne geet, wat een awer manner dense baut.

Beem, dat war och e Punkt, wat eis ganz gutt gefall huet, datt een awer Beem geholl huet, déi awer klimaresilient, wann ech dat däerf soen, sinn. Well et gesäit een d'Gesondheet vun eise Bëscher, et ass net onbedéngt dat. Mir hu wierklech nëmmen nach e klenge Prozentsaz vu Beem, déi an engem gesonden Zoustand sinn. An direkt vun de Beem op d'Luuchten. Et ass och eppes, wat novateur ass, datt een d'Stroossebeliichtung am ëffentleche Raum upasst no Saison an datt se differéiert aspréngen an uginn. Dat fanne mir immens, immens interessant. An dat géife mer souguer mathuelen oder froen, fir datt een dat mathëlt, fir nei PAPen natierlech, mee awer och muss ee kucken, fir dat a Quartiers existanten vläicht anzebauen. Jo, de Schwaarzplang weist, datt mer wierklech eng homogen Kontinuitéit vum Quartier hunn. An Diecher maachen et och siichtbar, datt een awer weiderfiert mat am Fong zwou Pentë fir d'Unifamillialen a fir kollektiv a gréng Diecher. Dat begréisse mer och ausféierlech.

Ech weess elo net, ob déi Fro legitim ass zu dësem Zäitpunkt. Mee bei de flaachen Diecher, bei der Kollektivitéit, ass do vläicht Photovoltaik virgesinn? Ech weess, mir kommen ëmmer erëm mat deene selwechte Froen. Mee wann een de Präis vum Stroum gesäit, deen ëm 30 % eropgaangen ass elo ab Januar, ass dat awer mengen ech méi wéi legitim, fir dat esou fréi wéi méiglech mat anzeplangen.
En anere Punkt, deen eis wichteg war, vläicht vum Urbanisteschen hier, datt een all 20 Meter eng aner Fassad huet. Dat ass immens flott. Bon, quitt datt mer hei natierlech op méi enger klenger Echelle sinn, wéi e Quartier Kierchbierg, wou ee fiert a fiert an en net weess, wou een drun ass, well d'Fassade sinn alleguerten d'selwecht. Mee dat ass awer immens interessant, datt Der dat och mat an der Planung betruecht hutt.

De leschte Punkt, an dann halen ech op, ass, mir sinn déif rofgaange bei verschidde Projeten, also bei verschidde Konstruktiounen, an da sinn awer laanscht d'Wiss, a wann een duerchfiert, an et huet vill gereent, gesäit een awer, datt vill Waasser do stagnéiert. Just déi Fro, oder vläicht déi Remark, fir mat op de Wee ze huelen: Ass gekuckt ginn, wou datt ënnerierdescht Waasser drun ass? Well deemno wéi wéi déif ee muss goen, a wann awer d'Nappe phréatique relativ héich läit, da misst een och d'Konstruktioun deemno wéi vill méi deier maachen, fir mat engem Bëtonbassin oder Bëton-baignoire ze schaffen. An dat mécht natierlech, datt d'Coûte klammen. A just eng lescht Fro un de Schäfferot. Si mir och gewëllt, déi Wunnengen, déi abordabel Wunnengen, ze halen? Well et gi jo och aner Méiglechkeeten. Et kann ee se och un de Ministère oder ëffentlech Promoteure weiderverkafen, datt si se kafen. Dat ass einfach eis Fro, ob mir se als Gemeng géifen halen? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Mir haten, wéi gesot, dat dote schonn am Grupp PAG-PAL. Dat ass e ganz flotte Projet, fanne mir. Mir fannen et och ganz gutt, dass sech do gréisstendeels arrangéiert ginn ass mat den Demanden an dem Avis vun der Cellule. An dass d'Logementer ugepasst gi sinn, fir dass mer déi 15 % abordabel kënne maachen, an dass dat grousst Appartementshaus transforméiert ginn ass an L mat engem klengen Aschnëtt, fir dass et net esou massiv ausgesäit.
D'Architektur ass ugepasst ginn. D'Coulée verte gëtt respektéiert, fir dass keng Beschiedegungen do gemaach ginn, wann do gebaut gëtt. Déi Rampes d'accès, déi erofginn an déi gemeinschaftlech Garage, déi ginn amenagéiert mat engem vegetale Pergola. Déi privat Vehikelen, do hu mer eis erausgehale bei de Logements intégrés, dass do net muss eng zousätzlech Zuel vu Parkplaze geschafe ginn. Mer hunn och dann eis duerchgesat, dass déi grouss Haiser kënnen zwee Autoen erakréien, andeems mer einfach gerechent hunn, wéi den Espace privé virun dem Haus ass. An dass mer déi sechs Meter mat klenge Gäertercher nach kënne garantéieren.

Mir hunn déi Versante vun den Diech ugepasst. Mir hunn d'Partie écrite ugepasst. Also mir hunn am Fong ganz vill gemaach, wou dee Projet dann am Laf vun der Zäit evoluéiert ass a wou mer dem Staat a sengem Avis vu senger Cellule vill Rechnung gedroen hunn. Wat mer ganz positiv fannen, dat ass dee Chemin de mobilité douce, deen erof bei d'Ribeschponter Schoul geet. Dat ass esou oder esou schonn eng ganz interessant Ofkierzung, fir vun der Feldstrooss erofzekomme a Richtung Atelieren. An dat ass, wann dat bis gemaach ass, schonn eng immens Erliichterung fir de Foussgänger an haaptsächlech fir d'Schoulkanner. A mir fannen et och ganz gutt, dass et e flotte Quartier ass, mat enger schéiner Begréngung, mat enger Zone résidentielle. Alles an allem ass et tipptopp. An do war eben och déi Iddi ganz gutt, fir déi Crèche do virzegesinn, fir dass mer kënnen den Artikel 29bis respektéieren. Sou dass mir also och fannen, dass dat hei ee Projet ass, dee flott duerchduecht ass, an et ass eng flott Initiativ.

Deemools, wou mer deen Terrain kaaft hunn an der Rue des Champs, do hat ech jo just monéiert, mir hätten do en Acte notarié, do stoung dran “Terrain non-construit” an et war awer eppes drop. Et huet kee Mënsch sech dru gestéiert ausser mir, dann ass do kee Problem. Elo si mer awer frou, dass mer deen Terrain hunn an dass mer elo kënnen domat Logement abordable maachen. Also alles an allem e flotte Projet, Felicitatioun un de Schäfferot fir déi Initiativ, Felicitatioun un de Bureau, deen dat do ausgeschafft huet an esou vill Flexibilitéit gewisen huet. Et ass e Resultat, wat sech weise léisst. A mir droen dat dote gär mat. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Merci och vun eiser Säit aus, fir déi flott Presentatioun, déi mer zwar schonn eng Kéier, well ech och Member si vun dem Groupe de travail, schonn eng Kéier gesinn hunn an och effektiv, wéi de Jean-Paul Gangler elo gesot huet, an och d'Carole Thoma och gesot huet, wou wierklech ganz flott ass an och ganz gutt duergestallt war, sou dass och do relativ wéineg Froe waren. Bon, natierlech, ech kéint elo eent zu eent dem Jean-Paul Gangler säi ganzen technesche Listing hei nach eng Kéier widderhuelen. Ech wollt dat awer net maachen. Ech maachen et och net méi, nëmme ganz kuerz. Ech, also mir begréissen einfach, dass mat dësem PAP neie Wunnraum geschaf gëtt. 77 Unitéite ware gesot ginn. 26 Logements unifamiliaux verdeelt op Reienhaiser, Jumeleeën an eenzel Haiser. 51 Logements plurifamiliaux verdeelt op dräi gréisser Residencë sollen also entstoen. Dat ass en neit Doheem fir plus ou moins 180 Leit. Dat ass ganz flott an och ganz wäertvoll an néideg.

Wat de Logement abordable ubelaangt, si mer och ganz frou, dass laut mer dem Artikel 29bis vum PAP Nouveau Quartier, déi 15 % vun der Surface construite brute heifir virgesinn. Dat wären also deementspriechend 16 Wunneenheeten, 4 Eefamilljenhaiser, 12 Appartementer, déi an eise Portefeuille vun eisem Service Logement kéimen, géif ech mengen. D'Gemeng bréngt dann och d'Terrainen eran an de PAP, a kritt deementspriechend nach dräi Eefamilljenhaiser mat dozou an de Carporte vir an eng Crèche fir ongeféier 40 Kanner. D'Fro ass just, ginn déi 3 Eefamill-

jenhaiser, fonctionéieren déi dann och ënnert dem Modell vum Logement abordable? Voilà. Wat eis och gutt gefält ass, wéi och de Kolleege vun der Oppositioun, dat ass den Amenagement vun deem neie Verbindungswee fir déi douce Mobilitéit, deen de PAP mam Quartier Ribeschpont an notamment mat der Ribeschponter  Schoul verbënnt.

An da, voilà, et war gesot ginn, d'Cellule d'évaluation confirméiert d'Konformitéit vun dësem PAP par rapport zu eisem PAG, hat nach eenzel Demanden a Remarke gemaach, deenen zum Deel Rechnung gedroe gouf. Also alles an allem koumen och keng Objektiounen an Observatioune géint de Projet an der Period, wou en aushoung, respektiv publizéiert war, eran. Sou dass mir also wierklech frou sinn, dass mer deen heite Projet elo entwéckelen, weiderentwéckelen. An da kucke mer herno, wéi d'Convention d'exécution dann ausgesäit. Also eis Zoustëmmung zu dësem Projet ass ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Zuang. Ech mengen dann hätte mer den Tour gemaach. Et waren eng ganz Rei Froen. Do géif ech vläicht effektiv dem Planerbüro respektiv eisem Service Architecture et Domaines d'Wuert ginn an da kann ech och nach op deen oder anere Punkt agoen.

DANIEL BAUM, SCHROEDER & ASSOCIÉS: Gudde Moie mengersäits. Fir op déi Fro vun der Photovoltaik anzegoen. Mir hunn an eisem Konzept virgesinn, dass an de Grénglecher, dass déi berücksichtegt sinn, fir beim Reewaasserkonzept an och, dass do Photovoltaik kéint stattfannen. Mir hunn et just elo net reglementaresch festgehalen heirënner. Dat heescht, dat géif een an engem spéidere Moment da kënne gesinn. An et ass och esou, dass elo keng Buedemetüd virläit. Dat heescht, mat der Nappe phréatique kann ech net ganz detailléiert drop agoen, mee mir hunn alleguer d'Prescriptioun agehalen, fir bei der AG den Dossier eranzeschécken. Mir kruten den Accord de principe an alles Weideres sollt elo dann an dem Projet d'exécution da gekuckt ginn.

MARIE BOLZINGER, WW+: Oui, OK. Juste pour rééclaircir sur le logement abordable, je pense que ça a été discuté encore à quelques reprises. Donc, c'est pour bien comprendre la distinction entre le logement abordable et ce qu'on récupère de par l'apport terrain. Donc la crèche, elle est comprise comme surface qu'on récupère de par l'apport terrain. Donc elle n'est pas déduite de cette STB [STB - 5:32:01 Ofkierzung richteg verstanen?] qui vous est due pour le logement abordable. Les 15 % de la surface brute qui sont logement abordable sont intégralement dédiés aux 16 unités et aux 4 maisons. Donc c'est uniquement ce qu'on a entouré ici, la résidence, les 3 maisons et une maison supplémentaire, parce qu'il en fallait une. Donc c'est un peu particulier qu'il n'y en ait qu'une, mais la commune peut également faire du logement social sur ces maisons-là également. Donc voilà, je ne sais pas si ça répond exactement.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Also ech mengen et ass jo kloer, ech ginn op e puer Punkten nach vläicht an, dass déi Dispositioune vum Artikel 29bis, déi d'Gesetz jo virgesäit, déi 15 % Logement abordable, dass déi natierlech och gekuckt ginn, wann déi gebaut ginn. An ech mengen et ass kloer eng Bereetschaft, dass d'Gemeng déi an hiren Immobiliepark mat ranhëlt. Ech hat dat am Ufank an der Ausféierung zu dësem Projet gesot, well d'Madamm Ahmedova dat nach als Fro gestallt huet. Ech hat dat vun Ufank un direkt kloergestallt, an den Här Zuang ass och nach eng Kéier drop agaangen, dass effektiv déi Wunnengen, déi do entstinn am Abordable vum Artikel 29bis a Gemengenhand wäerte fléissen. Mee do ass natierlech wichteg och ze kucken, an enker Ofstëmmung tëscht der Gemeng an dem Logementsministère, dass mer natierlech och esou vill wéi méiglech un déi 75 % Subsid erukommen.

An dat gëllt och, mengen ech, un déi aner Wunnengen, déi mer iwwert den Apport terrain mat erabréngen. Déi kann een am Logement abordable mat eranhuelen. Ma wa mer dat maachen, da spillt jo net den Artikel 29bis. Mee mir mussen et awer esou maachen, dass mer och déi 75 % Subsid kréien. Et spillt déi selwecht Logik. Sou ass et net d'Logement abordable. Mee et ass, wéi gesot, dann och eng Diskussioun, déi effektiv an enker Ofstëmmung dann och eeben halt ze féieren ass. Dat, wat ech nach wollt als Ausféierungen awer soe par rapport zu der, et sinn zwou verschidde Logiken, déi hei spillen an déi awer, mengen ech, zesummeféieren an dësem Projet.  Gutt, dann hätte mer op alles geäntwert.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass hei effektiv mam PAP averstanen, esou wéi en hei presentéiert gouf an och ofgeännert gouf? Dat ass unanime.*** Villmools Merci. An Iech och Merci fir Är Presenz an Erklärungen.



## 8. GEMENGEKOMMISSIOUNEN

**Modifikatioune bei der Zesummestellung vun de Gemengekommissiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, an da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat sinn d'consultativ Kommissiounen, Ännerungen, déi mer do virhuelen. Ech fänke mol un, dat ass an der Musekschoul, do gëtt d'Madamm Nadja Diels vun der Fanfare Hunchereng-Näerzeng-Fenneng duerch den Här Paul Klein vun der Harmonie Municipale Beetebuerg ersat. An därselwechter Kommissioun gëtt de Bob Morhard vum Laurent Felten ersat als de Sekretär vun der Commission de l'Enseignement musical An an därselwechter Kommissioun ass de Vincent Reding, Vertrieder vun der Gemeng Weiler-um-Tuerm, deen effektiv och noméiert gëtt. Well Dir hat jo, souvill ech weess, bis elo kee Vertrieder. Da wäre mer do komplett.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Also an der Finanzkommissioun gëtt fir d'LSAP d'Brit Schlussnuss duerch de Max Di Bartolomeo ersat. An der Egalitéitskommissioun fir d'CSV gëtt d'Kelly Pleim duerch de Christopher Sirres ersat. Och fir d'CSV gëtt an der Jugendkommissioun d'Kelly Pleim duerch de Luka Campos ersat. An an der 3. Alterskommissioun schléit d'DP eis vir, d'Lotty Pleim duerch de Jean-Claude Grethen ze ersetzen. An ech mengen, dann hate mer se all.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da wäre mer duerch. Villmools merci Claudia. ***Sidd Dir domat averstane mat deene Modifikatiounen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech hat awer nach eppes vergiess, dat war virdrun net ze gesinn, nämlech datt d'Kelly Pleim och net méi am Pool des remplaçants wäert sinn. Dat musse mer dann och nach festhalen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER:
Et ass gutt. Och sou actéiert? Domat averstanen?
Tipptopp. Villmools merci.

## 9. PERSONAL

**9.1. Konversioun vun 2 Salariésposten, Carrière A5, Chauffeuren, Vollzäit, a Salariésposten, Carrière H3, Artisans (DAP/CATP), Vollzäit, no den Dispositioune vun dem Kollektivvertrag fir d'Aarbechter vun de Südgemengen, deen am Ament en vigueur ass (Gestion et maintien du patrimoine – Espaces verts)**

**9.2. Konversioun vun 2 Salariésposten, Carrière H1, Aide-artisans, Vollzäit, a Salariésposten, Carrière H3, Artisans (DAP/CATP), Vollzäit, no den Dispositioune vun dem Kollektivvertrag fir d'Aarbechter vun de Südgemengen, deen am Ament en vigueur ass (Gestion et maintien du patrimoine – Peinture et maçonnerie)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op d'Personal iwwergoen. Do hu mer hei d'Konversioun vun zwee Salariésposten an der Carrière A5, déi bis elo besat waren, déi fräi gi sinn, well zwee Mataarbechter an d'Pensioun gaange sinn. A mir wollten déi zwee Posten ëmwandelen. An och a Salariéen, awer fir an eiser Gäertnerei, fir an den Espaces verts deementspriechend kënnen ze schaffen. Dofir maache mer déi Konversioun vun der Carrière A5 Chaufferen an d'Carrière H3 Artisan. Als Handwierker. Eebe virun allem well och d'Instandhalung vun de Grénganlage, sech weider entwéckelt duerch och Projeten, déi mer hunn. Fir dat och deementspriechend kënnen ze maachen. De ganzen Entretien, wéi gesot, Strutzbierg deelweis och elo schonn A Bëlleg an aner Projeten, déi kommen. Ech géif déi zwou Konversiounen zesummenhuelen.

Dann ass dat selwecht an der Maçonnerie. Och do sinn zwee Posten, Salariéen, Carrière H1, déi mer wëllen ëmwandelen an d'Carrière H3 als Handwierker. Dat fir eis Peinture et Maçonnerie. Also déi Konversioun maache mer och do, fir deen dote Service weider mat professionellem Personal opzestocken, well mer ëmmer méi jo och Situatiounen hunn, wou mer eis Servicer zréckgräifen, fir an Eegeregie Aarbechten ze maachen, Ustrach a verschidde Schoulgebaier oder aner Gebaier vun der Gemeng, do hu mer all Interêt och eegent qualifizéiert Personal ze hu fir dat och dat deementspriechend kënnen och ze maachen.
An effektiv an der Maçonnerie, och do, fir dat kënnen an Eegeregie ze maachen.

Wat natierlech och de Virdeel ass op där anerer Säit, wa mer sou Conversion de poste maachen, wou mer dann och en Handwierker weider rekrutéieren, hu mer och natierlech d'Méiglechkeet och Jonker an d'Léier ze huelen. Dat ass natierlech op där anerer Säit, och en Avantage, deen een huet, grad an deem dote Beräich, Jardinage respektiv awer och Peinture, Maçonnerie. Also déi Méiglechkeet, mir hu jo och e Rôle als Ausbilder, dat heescht, dat kann een och nach zousätzlech deementspriechend maachen. Dat sinn déi zwou Erklärungen, firwat, dass mer zweemol zwee Posten hei wëllen ëmswitchen, Richtung Handwierker.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hu just eng Fro. Dir hatt elo gesot, déi Leit si schonn an der Pensioun, an der Deliberatioun steet, se ginn all am éischte Semester 2025 an d'Schoul, neen an d'Pensioun, merci, net méi an d'Schoul, Felicitatioune fir d'Pensioun. Dat heescht, ech ginn dovun aus, dass déi elo schonn iwwert den CET awer net méi schaffen, well mir kënne jo awer net d'Poste convertéiere vu Leit, déi nach do sinn. Dat heescht, se si scho quasi net méi do?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Genau, dofir maache mer dat och. ***Ass de Gemengerot averstane, dass mer déi zwee mol zwee Poste konvertéieren, d'Konversioun maachen. Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools merci.

**9.3. Kreatioun vun engem Vollzäit-Posten als Employé communal, Fonctioun vum Pédagogue curatif oder Psychomotricien, an der Catégorie d'indemnité A, Groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (Éducation et accueil)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann, Création d'un poste Employé communal am Groupe d'indemnité A2, dat ass eise Service Éducation et accueil, Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo voilà, villmools merci. Ech wëll just kuerz e puer Saachen dozou soen. Ech mengen ech hat beim Budget scho relativ vill driwwer geschwat. Ech fannen et awer hei e wichtege Message, well hei geet et net nëmmen ëm d'Kreatioun vun engem Posten, hei geet et ëm d'Kreatioun vun enger ganzer Ekipp, d'Équipe multidisciplinaire, wou de Moment eng Persoun dran ass. Mer wëllen eng hallef Infirmière eranhuelen. A mir hate jo gesot, mir géifen entweeder e Pédagogue curatif oder eng Psychomotricienne eranhuelen an déi Équipe multidisciplinaire. Ech wëll ganz kloer soen, datt dat eppes ass, wat relativ exzeptionell ass, well kaum Gemengen esou Ekippen hunn an et eis awer immens wichteg ass, och an eise Structures d'acceuil eis méi intensiv mat Kanner auserneenzesetzen, déi spezifesch Besoinen hunn, déi méi Betreiung brauchen, wéi einfach nëmmen, ech lafe mat engem Grupp vun 11 Kanner ronderëm. Ech fannen dat hei ass fir mech perséinlech dee richtege Message an dee richtege Wee. Dir wësst, datt mer am Enseignement fondamental, do hu mer ganz vill esou Leit, leider feelt et eis an der Maison Relais nach ëmmer un esou ausgebiltem Fachpersonal. Duerfir hoffen ech, datt Der dës Kreatioun matdrot. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mat Begeeschterung soen ech, ech mengen ech huelen hei zwou Hänn fir an d'Luucht ze strecken, well dat hu mer säit Joren ëmmer gefuerdert, oder ech virun allem, och well aus menger beruffflecher Erfarung gesinn ech, dass ëmmer méi Kanner Besoins spécifiquen entwéckelen an der hunn. A mir hunn ëmmer gesot, e Kand, wat e Besoin spécifique huet an der Schoul, deen do gutt encadréiert ass, deen huet dee selwechte Besoin och an der Maison Relais. A vu dass mir och eng Gemeng sinn, déi eeben nach drop hält, dass d'Maison Relais a kommunaler Hand bleift, ass dat hei eng exzellent Decisioun, fir och elo esou e Posten ze kreéieren, fir deene Kanner, déi et wierklech brauchen, och déi Hëllef ze ginn, en dehors vun der Schoul oder complementaire zu deem, wat an der Schoul leeft, bei der Équipe multidisciplinaire.

Wat do awer wichteg ass, ass effektiv och herno, dass dat gutt funktionéiert, dass deen Echange gutt ass mat dem Schoulpersonal an awer och, ech leeën och ëmmer Wäert drop dorobber ze pochen, och mat eisem schoulmedezinnesche Service, well déi och e groussen Knowhow hunn, virun allem am Encadrement och vu Kanner mat Besoin spécifique oder och mat deene Familllen an esou weider, well ech mengen d'Familljenaarbecht ass genau esou wichteg. Mee wéi gesot, dat hei ass en éischten oder schonn en zweete grousse Schrëtt an déi richteg Richtung a mir als CSV, mir si ganz begeeschtert dovunner. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech maachen et kuerz, ech wollt mech deem eigentlech just uschléissen, wat d'Madamm Kayser lo gesot huet, mir waren och frou, wou mer dat dote gesinn hunn a wäerten dat do selbstverständlech matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Soss nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Kënne mer doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat där Création de poste averstanen ? Dat ass unanime. Da soen ech Iech villmools merci.

**9.4. Kreatioun vun engem Vollzäit-Gemengefonctionnairesposten an der Catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, Sous-groupe technique (Gestion et maintien du patrimoine – Entretien des bâtiments)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt, iwwer Entretien des bâtiments.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Voilà, hei ass eng Création de poste vun engem Fonctionnaire communal am Traitement B1. Et geet hei drëm, dass de GMP am Fong geholl eng weider Persoun huet, déi haaptsächlech an deenen zwee Gebaier Service des Sports, Service culturel, dat heescht am Hartmann, an eise Sportsanlagen an awer och am CCRD, do an der ganzer Technik eng Hand mat upeekt, well mer do relativ oft mussen op extern Entreprisen zeréckgräifen. A well mer dann och Zäit verléieren och an der Gestioun vun deene ganze komplexen Dossieren, géif eis dat doten awer ganz vill hëllefen. Engersäits ass et den, am Service culturel, den Ticketingsystem, d'Exekutioun an d'Planifikatioun vun deene verschiddene Programmer, wéi awer och d'Maintenance vun der Technik, dat heescht och am preventive Volet kënne mer hei ganz vill dovunner profitéie-

ren. Inspektioun natierlech och vun deene verschiddene Strukturen, déi mer hunn, d'Alentouren an déi verschidden technesch Ekipementer. Ech mengen an och méi séier bei Dysfonctionnementer kënnen ze reagéieren. Dovunner erwaarde mer eis ganz vill. An änlech ass et eeben am Service des sports, wou mer dann och frou sinn, wa mer esou en Techniker am Haus hu fir kënne méi schnell ze reagéieren. Voilà, dat ass d'Propos, an ech hoffen dass Der mat op dee Wee gitt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech hunn elo net ganz richteg verstan. Ass dann deen Techniker, kënnt deen an de Sportsservice oder an de Service culturel? Well ech mengen, do sinn d'Besoine jo och e bëssen anescht. Oder ass dat net net kloer definéiert a wéi e Grupp, a wéi e Service e genau kënnt?

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, dann, also effektiv, en ass dem GMP, ass en als Service zougeschriwwen an déi, an hirer Aarbechtsopdeelung gesi virun allem déi zwee Gebaier Hartmann a Centre culturel vir, wou e jee no Besoin ka relativ stënderlech agesat ginn, woubäi mer awer natierlech eng Programmatioun, eng Planifikatioun maachen, dass en net all Dag fënnef Mol muss hin- an hiersprangen, mee dass dat koordinéiert vustatte wäert goen. Awer haaptsächlech déi zwee Gebaier, awer elo wou e prioritär ass, dat hänkt jee nodeem vun de Besoinen of, woubäi am Virfeld eng gewësse Planifikatioun natierlech zesumme mat deenen zwee Chef de Servicen opgesat gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. ***Ass de Gemengerot mat där doter Kreatioun averstanen? Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools merci.

**9.5. Kreatioun vun engem Vollzäit-Gemengefonctionnairesposten an der Catégorie de traitement A, Groupe de traitement A1, Sous-groupe technique (protection de l'environnement et du développement durable)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass dee leschte Punkt beim Personal. René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Firwat déi Création de poste do? Ganz einfach, eise Chef de service aus dem Service écologique. Dir wësst, dass d'Lis Cloos do agestallt ass aktuell als Employé communal an dem Groupe A2. D'Lis huet awer zwee Masterdiplomer an et huet och elo säit kuerzem dann och säin Habilitéitsexamen fir Gemengefonctionnaire am A1 erfollegräich bestanen, sou dass mer dann hei e Changement de carrière kënne virhuelen. An da géife mer proposéieren, dass mer géifen de Poste de fonctionnaire communal kreéieren an à supprimer le poste d'employé communal an dem Groupe A2, soudass d'Lis da kann an dem Groupe A1 an Zukunft weiderschaffen. An ech wär frou wa mer dat och géifen hei esou approuvéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Froen? Remarken? D'CSV concertéiert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mir concertéieren net, mir wollten Iech grad eng Motioun schreiwen, mee dat loosse mer da lo sinn. Et ass am Fong esou, dass mer déi Diskussioun scho wéi oft hei haten. Absolut guer näischt géint d'Kompetenze vun de Leit, absolut guer näischt dogéint, wa Leit Formatioune maachen. Mee mir hunn iergendwéi, also mir sinn nach aus dem Privatsecteur, mir kënnen dat vläicht net richteg novollzéien, dass een an engem Statut astellt, op engem Niveau vun engem Salaire astellt, wann een da Formatioune mécht, dass en dann e Poste kreéiert, dee wou esou vill Dausend Euro am Fong méi deier herno ass, obwuel mer dat net esou virgesinn haten, vun Ufank un. Mee kee Problem fir dem Lis de Master unzeerkennen.

Mee sou generell maache mer dat all puer Gemengeréit, dass mer Leit hunn, déi, wou sech dann druginn hunn, effektiv, sou wéi mir dat och gemaach hunn, an dann e Master iergendwann maachen, mee wann ech e Master op menger Aarbecht maachen, da seet mäi Patron: Mee mir hunn Dech net als Master agestallt an do musst De waarde bis e Posten iergendwann fräi gëtt, do gëtt kee Poste kreéiert. An do hu mir e bësselche Schwieregkeete fir dat iergendwéi ze verstoen. Also, dofir mir géifen eis am léifsten enthalen, fir net kontradiktoresch ze sinn, mee, voilà, wéi gesot, näischt dogéint, wann ee Formatioune mécht, mee mir verstinn dat net, dass een dat einfach esou maache kann.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech verstinn absolutt Är Iwwerleeung. Ech menge mir hunn ab engem A2 gesicht, et huet en A1 sech drop gemellt. Ech mengen dat huet ee jo och bei anere Gemengen, awer och beim Staat, wann een do d'Méiglechkeet huet, an et gëtt ee sech effektiv drun a packt een Examen, déi a senger Carrière sinn, dass een duerno freet, fir och déi Revalorisatioun ze kréien. Dat ass dat Eent. Dat ass da par rapport zu der Persoun selwer. Op där anerer Säit muss een och sech d'Fro stellen, respektiv déi Diskussioun féieren, an ech meng verschiddener vun Iech wëssen dat, wéi eng Ausrichtung och de Service écologique vun der Stad Diddeleng huet an och soll kréien, mat all de Missiounen, déi och dobäikommen.

Do ass et natierlech och iwwert deen dote Wee, mengen ech, och wichteg, wann s de gewësse Persounen hues, ech soen insgesamt am Service, et spillt och fir aner Servicer, déi eng Capacitéit hunn, déi eng Kompetenz hunn, dass de och déi häls an och iwwert deen dote Wee och déi Erausfuerderungen nach méi kanns deementspriechend ëmsetzen. Ech mengen et sinn e bëssen déi zwee Voleten, déi spillen. Well, op där anerer Säit, de Service écologique vu virun 10, 15, 20 Joer aner Erausfuerderungen hautzudaags huet, wéi dat nach viru 15, 20 Joer de Fall war. Also och dat si jo Elementer, déi deementspriechend matspillen, wou s de och Connaissancë kanns mat erabréngen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Ech wëll dem Punkt 11.4. net virgräifen, mee vu dass mer eng kompetent Mataarbechterin hei hunn, mat alle Pabeieren an och mat vill Idealismus a vill Wëssen, a wann ech herno um Punkt 11.4. Iech erklären, dass et net esou evident ass, een ze fannen, mat deenen néidegen Ëmwelt-, Naturschutzkompetenzen, dann ass et hei, an ech deelen Är Bedenken e bëssen, awer hei ass et e Must, dass mer, wa mer, ech soe lo mol einfach, eng Pärel hunn, dass mer déi sollen halen an och remuneréieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech fir de leschte Punkt hei vum Personal froen: ***Ass de Gemengerot mat där Kreatioun averstanen? Wien ass domat averstanen? Dat ass déi Gréng, d'LSAP, d'DP, ADR, déi Lénk. Wien enthält sech? D'CSV.*** Okay, gutt. Villmools merci.



# 10. SUPER SENIOR

**Service d'accompagnement scolaire intergénérationnel Super Senior (Motioun CSV)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer op d'Questions au Collège des Bourgmestre et Echevins. Ech wëll e bësse kucke wat alles erakomm ass. Do hate mer déi éischt Fro, déi erakomm ass vum Här Goergen iwwert de Citybus. Bon, do ass och kuerz duerno eng erakomm vun der Madamm Thoma iwwert de Citybus. Ech géif déi zwee dann zesummenhuelen. Punkt 10 ass Motioun. Ok, dann d'Motioun Super Senior. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, genau. Merci fir d'Wuert. Merci, Här Buergermeeschter. Ech liese se einfach emol vir, an da soen ech nach zwee, dräi Wierder vläicht dozou. Am Numm vun der CSV-Fraktioun bieden ech Iech follgend Motioun op d'Dagesuerdnung ze huelen: D'Participatioun beim Service Accompagnement scolaire intergénerationnel Super Senior. De Gemengerot vun der Stad Diddeleng stellt fest, dass d'MEC ASBL en intergenerationellen Ënnerstëtzungsservice ubitt, wou Senioren de Schoulkanner aus dem Enseignement fondamental doheem bei hiren Hausaufgaben hëllefen. Datt Super Senior eng wäertvoll Hëllef bei den Hausaufgabe bitt, datt d'Pensionäre mat hirem Fachwëssen an hirer Erfarung e wichtege Bäitrag zur Bildung vun der jonker Generatioun leeschte kënnen, datt d'Zesummenaarbecht tëscht de Generatiounen de sozialen Zesummenhalt fërdert an dat géigesäiteg Versteesdemech tëscht Jonken an Eelere stäerkt, datt de Service och schonn a ville Gemengen etabléiert ass an immens beléift ass.

A mir invitéieren de Schäfferot d'Participatioun vun der Diddelenger Gemeng um Service d'Accompagnement scolaire intergénerationnel Super Senior unzefroen. Voilà, wéi ass et dozou komm? Ech hunn zwee Leit begéint, déi an deem Service schonn aktiv sinn an hir Begeeschterung, déi huet iwwergeschwappt. An ech hu mech dann och e bësse schlau gemaach. An ech hat och elo nach scho fir d'zweet telefonéiert mat der Madamm Aurélie Pattou. Dee Mouvement pour l'égalité des échanges, dat ass deen MEC ASBL. An ech si virun allem immens frou, dass si mer gesot huet, dass e Méinden och schonn de Schäfferot Kontakt opgeholl huet mat hirer Associatioun. Also ech huelen un, dass

déi Motioun hei wéi la Lettre à la poste wäert duerchgoen, well de 27. Mäerz ass d'Madamm invitéiert ginn an de Schäfferot. An ech wär zum Beispill och ganz interesséiert, fir do dobäi ze sinn.

Mee vu wat schwätze mer hei? Et ass e Service. Do geet et follgendermoossen of. Éischtens mol gëtt et dee schonn an 41 Gemengen hei zu Lëtzebuerg. Déi ganz Associatioun gëtt et säit fënnef Joer. Si hunn ugefaang am Mëllerdall. An do huet dee ganze Service sech e bëssen ausgebreet. Ëm wat geet et? Et geet drëm, fir Seniore mat Kanner zesummenzebréngen, déi eng Hausaufgabenhëllef brauchen. A wat och vläicht wichteg ze erwänen ass, déi Senioren déi gi mat deene Kanner, bei déi Kanner heem. An déi sinn och do en Presence vun engem Adulte. Dat heescht déi, d'Elteren, ee vun den Elterendeeler muss och ëmmer present sinn am Haus, elo vläicht net onbedéngt niewent dem Pult sëtzen. Awer, wéi gesot, déi Seniore sinn net eleng mat deene Kanner. Mee dat soll och d'Responsabilitéit vun den Elteren och e bësselche promouvéieren.

Wéi ginn déi Leit rekrutéiert? Bon, dat ass iwwer d'Gemengen, déi mussen dann esou iwwert hiren Infokanal, iwwert d'Blietchen en Appell vläicht maachen oder si gebieden dat ze maachen. Da mellt de Senior sech mat enger Lettre de motivation, mat engem CV. De Senior muss och en Test maachen am Franséischen, am Däitschen an an der Mathé. Oder. Also e muss net an deenen dräi Fächer ee maachen. Da kënnt et zu engem Entretien individuel. An, wat ass hir Motivatioun? Da gëtt et eng Journée de formation fir d'Senioren an da kréie se natierlech och erkläert wéi dat leeft.
Wat ass elo de Rôle vun der Gemeng? D'Gemeng ass u sech de Facilitateur. Et ass esou. An enger éischter Prozedur gëtt e Kontakt opgeholl mat dem Schäfferot. Dat schéngt jo da scho geschitt ze sinn oder ass en route. An da kënnt et zu enger Phase d'installation, nenne si dat. An dann déi zweet Prozedur, dat ass dann, fir de Service ze perenniséieren.
Natierlech kascht dat och eppes. D'Gemenge bezuelen 0,8 Euro pro Habitant. Dat wäre fir Diddeleng da 16.000 Euro un déi Associatioun.

Wéi ass et mat der Remuneratioun? Oder wat kascht dat d'Elteren? Et ginn am Fong sou, normalerweis ginn et esou Bléck vun zéng Seancen, wou d'Kanner mat de Senioren dann hir Hausaufgabenhëllef maachen, u sech eemol an der Woch. An d'Eltere bezuelen 10 Euro pro Seance. Et gëtt awer och en Tarif réduit. Fir Leit, déi a Fro kommen, déi zum Beispill op eng Allocation de vie chère zréckgräifen, déi bezuele just 5 Euro. An de Senior, dee kritt 8 Euro pro Seance. Dat ass am Fong geduecht, eng kleng Remuneratioun. Dat ass e bësse fir d'Faartegeld ze bezuelen. Ech menge just fir Leit, déi Kanner hunn, an déi wëssen, dass se, wann se Kanner an eng Nohëllef ginn, wat dat kascht. Do bezils de normalerweis 30 bis 50 Euro d'Stonn. A wéi gesot, 10 Euro pro Stonn. Ech mengen dat ass eppes, wat awer bezuelbar ass.

Wéi vill Leit maachen dat schonn am Land? Et si 60 Senioren, déi an hirem Pool sinn an déi betreie ronn 250 Kanner an deene leschte fënnef Joer. Wat och ganz wichteg ass, wéi géif dat elo praktesch hei zu Diddeleng oflafen? Wéi gesot, et wär en Appell. Dat ass elo mol esou eng Iddi, déi ech hunn. Ech mengen dat muss de Schäfferot organiséieren. Mee dann d'Eltere melle sech. An da kënnt et zu enger Rencontre vum Service mat den Elteren a mat de Kanner, ee Mëtteg hu se sech dat esou virgestallt, hei zu Diddeleng an enger Lokalitéit, déi mir zur Verfügung géife stellen. D'zweet Phas ass, de Senior kritt Connaissance mat de Kanner, nodeem d'Seniore, bien sûr, och scho forméiert sinn. An no 10 Seancen, dat ass och ganz wichteg, kënnt et zu engem Feedback. Heiansdo ass et och esou, dass déi Seancë verlängert ginn, dass dann d'Elteren, dass d'Kanner méi laang mat de Senioren zesumme schaffen. Mee, si soen 10 Stonnen, ass oft scho ganz wäertvoll. Heiansdo ass och esou e klengen Declic bei de Kanner, fir dass se Tools kréien, wéi ee ka besser léieren.

Wat ass d'Objektiv dovun? Bon, et geet am Fong haaptsächlech drëm, fir d'Senioren ze valoriséieren. Et ginn am Fong net ganz vill Aktivitéite fir Senioren, wou si hiren Knowhow kënnen abréngen, wou se hire Potentiel intellectuel, deen awer wichteg ass, dass se deen och kënnen ubréngen. Ganz interessant war d'Remark vun der Madamm, der responsabeler Madamm. Majo, si huet och scho Kontakt opgeholl mat de Club Senioren, fir do Leit ze rekrutéieren. Mee dat ass awer e bësse schwiereg. An da wa se op där anerer Säit kuckt, déi Senioren, déi sech bei hir mellen, déi ginn och net an de Club Senior. Well dat si ganz aktiv Leit oft. An déi oft, wéi gesot, net dat Fräizäitangebot aus dem Club Senior unhuelen. Mee déi wëllen och nach eppes kreéieren, eppes maachen, hire Spirit e bësse stimuléieren. An dofir bréngе se sech dann eeben an dëse Projet an. Wat ganz interessant ass och, eebe mat deene Leit, mat deenen ech geschwat hunn. Si hu gesot, dat ass immens valorisant, dass de mat de Kanner kanns léieren, dass de deene kanns hëllefen. Et sinn natierlech haaptsächlech och Kanner, déi enger Sprooch net esou mächteg sinn. Et si ganz vill Frankofonen oder aner auslännesch Kanner, déi kee gutt Däitsch schwätzen.

A virun allem, et ass net nëmmen déi Interaktioun vum Kand mam Senior, mee et ass virun allem och d'Famill an de Senior, dat gëtt en Team. Dat ass zum Beispill, och eng Madamm huet mer erzielt: Wann ech kommen, da leie schonn d'Paperassen, déi se kritt hunn, vu wat weess ech, vun der Gemeng oder vun de Ministèren oder hire Courrier, dee se net gelies kréien. Dat heescht, de Senior, deen hëlleft och e bëssen de Famille weider, wat och erëm de Senior erëm valoriséiert a wat den Elteren och weist, hei eng non-formal, onkompliéiert Ënnerstëtzung. Voilà. Wéi gesot, ech si ganz begeeschtert. Déi Leit, mat deenen ech geschwat hunn, bon, et sinn der elo nëmmen zwee, mee déi sinn awer och ganz zefridden, déi maachen dat och elo schonn e Joer. An et geet eis drëm ëm d'Valorisatioun vun de Senioren. Et ass en intergenerationelle Projet an eng

Ënnerstëtzung an Hëllef, virun allem och fir net-lëtzebuergesch Matbierger, eng Win-Win-Situatioun. A wéi gesot, ech wär immens frou wa mer dës Motioun géifen hei alleguerte matdroen. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, merci. Sou mécht dat awer kee Spaass. Mat deene Grénge mat hire Motiounen, do hu mer ëmmer vill méi Diskussiounen an da gëtt e bësse Pingpong gespillt an do kënne mer eis e bëssen unenee reiwen. A sou mécht dat awer kee Spaass.
Mee elo am Eescht. Ech hat och als Ressortschäffen deen interessanten Artikel am Wort gelies gehat, eebenfalls meng Kolleegin aus dem Schäfferot, déi huet en och gelies a mir haten net méi spéit wéi d'lescht Woch dat heiten op den Ordre du jour vum Schäfferot gesat, fir doriwwer ze schwätzen. An doropshin hunn ech déi Woch scho mol ewechgeholl an hat ech och dee Service do ugeruff gehat, fir mat deenen ze schwätzen iwwert d'Detailer. An do hu mer effektiv ofgemaach, dass mer eis géifen de 27. Mäerz hei op der Gemeng dann treffen, fir effektiv dann hei d'Detailer an d'Modalitéiten ze klären. Sou datt ech da géif proposéieren, dass mer déi Motioun hei, sou wéi se hei virläit, géife stëmmen. Ech géif proposéieren an alles loossen, wéi et ass, ausser „an invitéiert de Schäfferot", sou wéi hei steet, d'"Participatioun vun der Diddelenger Gemeng um Service d'accompagnement scolaire intergénérationnel unzefroen an d'Modalitéiten ze klären, en vue vun enger méiglecher Participatioun". Ech géif dee Saz nach dobäisetzen an da géif déi Motioun esou praktesch à la lettre ugeholl ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Ren, dat war eng kuerz Stellungnam vum Member aus dem Schäfferot. Do kënnen natierlech, dat ass eng Motioun, do kënnen och nach anere Leit dozou Stellung huele wa se wëllen. Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, wann dat esou einfach geet, da kënne mer jo nach méi Motiounen an nächster Zäit stellen. Mir spillen da léiwer Tennis weider, dat ass dann och ëmmer erëm flott. Nee, am Fong, Spaass an den Eck, mir hunn d'Motioun, wou mer se da kritt hunn, hu mer am Fong och gutt fonnt, mir haten e puer Bedenken, déi elo deelweis vun der Madamm Kayser awer an engem immens schnellen Tempo hei ausernee gepléckt gi sinn, well mer effektiv eis och d'Fro gestallt hu vum Käschtepunkt, wat dat dote géing d'Gemeng kaschten, do stoung vun enger Facture unique dran. Ech hat gëscht probéiert unzeruffe bei der ASBL, ech sinn awer do u kee komm, et war mengen ech ëm d'Mëttesstonn do hu mer laanschteneen dunn ugeruff warscheinlech, well mer et am Fong och flott fonnt hunn. Mir fannen déi Intergenerationalitéit richteg cool.
Dat, wou mer och nach eng Fro dozou haten, déi och elo zum Deel am Fong ausgehiewelt ginn ass, respektiv déi dann de 27. Mäerz kéint gekläert ginn, dat ass déi vun der Responsabilitéit, déi awer trotzdeem nach iergendwéi bleift.
Ech mengen do huet een als Elteren, trotzdeem mécht ee seng Dier op fir friem Leit. Ech hat de Reportage gesinn, deen och um RTL war, do geet de Senior heem bei d'Leit. D'Plus-value ass jo dann och net, dass de als Eltere kanns eng Kommissioun maache goen an dass de dann zréckkënns, dat geet net. Du muss derbäi bleiwen, dass déi Responsabilitéitssaach gekläert ass. Mech interesséiert da just nach d'Verantwortung vun der Gemeng, respektiv de präzise Rôle herno vun der Gemeng. Sollt et awer schifgoen, dass an iergendengem Zenario do, an deem Dräiergespann Senior, Kand an Elteren, dass do iergendeng schif leeft, ass d'Gemeng aus der Nummer eraus? Leeft dat iwwert d'ASBL? Oder wie muss herno do Sträit schlichten, deen eventuell kéint duerch en, en Toun, dee vläicht gehuewe ginn ass, deen net appropriéiert war, oder, oder, oder. Wien ass do herno Endresponsabel? Well am Fong ass de Projet tipptopp, dat do war mer als eenzege Bedenken nach iwweregbliwwen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir fannen dat do och eng ganz gutt Motioun. Si hat eis direkt ganz gutt gefall. D'Madamm Kayser huet och hei nach weider Explikatiounen zougefügt, fir eventuell Froen, déi kéinten opkommen direkt ze begruewen. Dat fannen ech och gutt. Hei treffen d'Generatiounen openeen. A jiddereen huet eppes dovunner. Déi méi räif Generatioun gëtt deene Jonken d'Wësse weider an déi jonk Generatioun hält dann déi méi räif Generatioun jonk, wat jo och net ze negligéieren ass. A mir wäerten dat do op alle Fall matstëmmen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, wann dat esou einfach ass hei, da kënne mir eis och kuerz halen. A mir hunn och elo keen Nodeel un deem Projet do fonnt. Also fir eis kléngt dat och nach engem ganz interessante Projet, deen, sou mir dat och um Site gesinn hunn, nach net ganz vill hei am Süden, jo guer net. Just Mamer sinn déi éischt am Süden, wa mer dat Süden nennen, hein? Soudass mer dann do, zumindest hei am Minett, déi éischt sinn. A voilà, mir ënnerstëtzen dat dann och. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also mir ënnerstëtzen natierlech och d'Motioun vun der CSV vun intergenerationellem Léieren, well mer fannen och, dass de Bäitrag vun deenen eelere Leit mat hire Kompetenzen och de Kanner am Fondamental also ka wierklech weiderhëllefen. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Normalerweis bei de Motiounen, jidderee stellt seng Froen a mécht seng Interventioun.
Well wann Dir et maacht kënnen déi aner och erëm ufänken, ne? Voilà, kënnt Der herno d'Madamm Kayser froen. Da stellt Är Prezisiounsfro. Eng.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci, déi 16.000 Euro, sinn déi eemoleg ze bezuelen oder all Joers erëm?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Pardon, ech wëll lo net virgräifen. Dat gehéiert zu de Modalitéiten, an dat musse mer jo nach klären dann. An do komme mer jo dann nach eng Kéier mam Projet op Iech zréck. Voilà, ceci dit, ech mengen den Här Manderscheid brauch net nach eng Kéier Stellung ze huelen, well hien huet jo Stellung geholl. Da géif ech dann zum Vott iwwergoen, mat deem Ajout hei, wou mer d'Modalitéiten iwwerpréiwe wäerten.

***Ass de Gemengerot domat averstane mat där Motioun? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Da kënne mer déi dote Motioun ofhaken an da weidergoen.

# 11. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

**11.1. Fro vun Déi Lénk – TICE, Fro LSAP - Citybus**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An elo komme mer bei déi zwou Froe vum Citybus.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Wann Der erlaabt, den Här Goergen an d'Madamm Thoma hate Froen zum Citybus gestallt. D'Madamm Thoma hat awer och nach eng Partie aner Froen zum TICE gestallt. Ech géif vläicht déi vum Citybus vir huelen an dann awer direkt déi aner vum TICE huelen, fir net do nach eng Véirelstonn dotëschent vergoen ze loossen, sou datt d'Informatiounen all mateneen kommen, wann dat fir Iech esou ok ass. Den Här Goergen, dee schreift, datt den TICE jo am Dezember eng Iwwergangskonventioun ënnerschriwwen hat. Dat hat ech Iech deemools och beim Budget schonn hei gesot. Just, datt se deemools eeben nach net vum Staat ënnerschriwwen zréck beim TICE war. E seet dann och, dass et bis elo nach keng Informatiounen zu eisem Citybus géife ginn. An do huet e Recht, well et goufen ëmmer nëmme mëndlech Aussoe vu Beamten a Reunioune gemaach. A mir haten an hunn och bis elo als Gemeng nach näischt Schrëftleches. Och dat mengen ech hunn ech e puermol och beim Budget am Dezember nach eng Kéier hei gesot.

De Ministère huet eis als Gemeng och elo nach näischt Schrëftleches zoukomme gelooss, wuel awer elo mol dem TICE a matgedeelt, datt se eeben de Citybus net méi wäerte subsidéieren. Den Här Goergen an d'Madamm Thoma wëllen dann och wësse wéi et elo weidergeet, an ech mengen net nëmme si zwee wëllen dat wëssen, ech mengen dat wëlle mir alleguerten hei wëssen, an ech sot et och schonn e puermol hei an och op aner Plazen, datt mir als Gemeng net drun denken dee Citybus ofzeschafen. Et ass awer en neie Moment, well duerch d'Ofschafe vum Subsid vum Ministère misste mir natierlech déi ganz Käschte selwer droen an dat wär natierlech e gudde Batz Geld méi. Mee souguer wa mer dat eis kéinte leeschten a mam TICE weiderfueren an Zukunft, da kann den TICE dat och net méi fir eis fueren, well en net méi d'Moyenen huet, dat heescht net méi genuch Chaufferen a Busser wéinst eeben der Fuerplangännerung Enn des Joers.

Ech mengen do brauch ech och net méi op d'Detailer all anzegoen, dat konnt Der e Méinden alles am Communiqué zréckliesen, deen den zoustännege Ministère mam TICE och erausginn huet. Ech hat Iech deemools, an och TICE-Vertrieder selwer, deemools war den Direkter an och de Sekretär, déi bei eis an de Gemengerot komm sinn, hei gesot, datt mer och keng Plaz méi hunn um Site fir nei Busser zu Esch an och net méi fir d'Chaufferen. Weeder am Vestiaire nach am Refectoire, an deemools haten déi Responsabel Iech och gesot, datt weeder de Staat nach d'Gemengen Terrain hätte fir dem TICE zur Verfügung ze stellen, fir eventuell en neie Site ze bauen. Do hate se laang viru menger Zäit, wou ech an deem TICE souz schonn e

Manoeuvre gemaach, fir Terrainen ze kréien. Se kruten awer keng. Soudatt mer elo eebe musse mat deem schaffen, wat mer hunn.

Wéi geet et da lo awer hei zu Diddeleng weider, wat de Citybus ubelaangt? Dat froe se eis dann allen zwee. Bon, mir mussen natierlech elo ausschreiwen, eng Soumissioun maachen a kucke wien déi Soumissioun gewënnt. An da wäert dee Citybus natierlech genau sou wéi bis elo weiderfueren, mee eebe leider, an dat betounen ech leider, net méi vum TICE. Da wëllt d'Madamm Thoma wëssen, ob mer gepréift hu fir de Citybus als Gemeng selwer weider unzebidden. Bon, ech mengen, wann d'Stad Diddeleng déi Citybusser wéilt selwer exploitéieren, wëll soen, mat eegenem Personal dat dann och fueren, da géife mer praktesch en zweeten TICE schafen, wou d'Chaufferen eebe just vun eis dann als Gemeng agestallt wären. Mir missten d'Material hunn, dat heescht, mir misste Busser kafen, mir missten déi Busser stockéieren, mir misste se tanken, mir misste se warten, dat heescht, mir mussen eng Tankstell hunn, mir missten eventuell e Garage hunn, alles dat eebe wat den TICE elo fir eis gemaach huet. A mir missten och nach déi Chauffere geréieren. An deen Knowhow, deen hu mir net. A mir hunn och weeder genuch Plaz fir eeben déi Busser hinzestellen, nach hu mer d'Material, wat ech elo opgezielt hu fir de Rescht ze maachen. A ganz éierlech, och dat haten deemools déi Responsabel vum TICE Iech hei gesot. Ech weess och net, wou mer déi Chauffere sollen hierhuelen, wann dat solle Fonctionnairë sinn. Well déi hunn Iech deemools gesot, datt mer beim TICE schonn emol praktesch keng Beamte géife méi fannen, déi wëlles wären den Examen ze maachen oder en och ze packen.

Wéi gesot, deemools sinn ech dorop schonn agaangen, wou d'Madamm Thoma änlech Froe gestallt huet. An dann, et wär och esou, dat doten alles géif jo och net vun haut op muer goen. A mir géifen da riskéieren, datt dee Citybus eng Zäit laang net kéint fueren. An dat ass alles fir eis keng Optioun. Déi Lénk froen och, wéi eng Krittäre bei der Soumissioun wäerten eng Roll spillen? Bon, natierlech den Typ vu Bus, d'Ekipement. Mir probéieren déi dräi Linnen, wann et nëmme geet, zesummen auszeschreiwen an net eenzel. Dann awer och zum Beispill, wou ass hire Garage? Net datt hire Garage am Hondséislek ass an déi permanent missten onnëtz ronderëm fueren. Da spillt natierlech och de Präis eng Roll. Awer och d'Personal an d'Formatioun. Dat heescht d'sozial Aspekter ginn natierlech och gekuckt.
Wéi funktionéiert hir Leitstell? Ëmweltaspekter? Fuere se elektresch? Hu se en thermesche Motor, Filteren a sou weider? All Punkt kritt dann eng spezifesch Bewäertung, déi herno dann eeben zu engem Gesamtresultat wäert féieren an dann erausfiltert, wien dee Marché wäert kréien.

Allerdéngs war dat do lo eng Basisinfo. Well dee Bordereau, deen hu mer jo nach net. Der wësst genau esou gutt wéi ech, datt mer déi Info elo eréischt ganz, ganz kuerz kritt hunn. An datt mer och déi éischte Kéier esou eppes Grousses mussen ausschreiwen. Dat ass wierklech net mat deem



ze vergläiche mat eiser Navette, mam DudBus 1, deen d'Vallée an d'Champs matenee verbënnt. Dat heiten ass e richteg groussen Opwand a vill, vill méi komplizéiert. An dann hat se nach eng lescht Fro. Onofhängeg dovun, wien an Zukunft de Citybus wäert fueren, wäert de Schäfferot d'Méiglechkeet préiwen, dësen duerch méi kleng a flexibel Busser fueren ze loossen, wou da verschidde Stroossequerschnëtter an Zukunft vläicht anescht kéinte gestallt ginn? Aktuell fueren eis Citybusser mat Gefierer, déi tëschent 10 an 12 Meter laang sinn. Mir bleiwen och warscheinlech bei dësem Typ Modell vu Bus, well an de Spëtzestonne ginn déi Capacitéiten och gebraucht. Mir loosse jo och haut keng Gelenkbusser vun 18 Meter oder Iwwerlandbusser, déi hunn da 15 Meter, duerch d'Wunnquartiere fueren. Mee am Moment ass et och souwisou kuerzfristeg net dran, hei eng séier Ännerung ze maachen, well, wéi gesot, déi Zäit leeft, fir déi Ausschreiwung iwwerhaapt emol op d'Been ze kréien. Näischt schwätzt natierlech dogéint, wann et néideg wär, an Zukunft do eppes aneschters anzesetzen. A well, wann et ee Plus huet, datt den TICE net méi ka fueren, dann ass et dat, datt mer elo hei wierklech fräi sinn ze bestëmmen, wéini wat a wou fiert bei enger Ausschreiwung, déi mer maachen. Mee trotzdeem bedauert natierlech de Schäfferot dës Entwécklung. Well mir wäre gäre weider wéi an der Vergaangenheet mat eisem zouverlässege Partner, dem TICE, dee Citybus, weidergefuer. Voilà, dat war d'Froen elo zum Citybus.

Jo, d'Fro siwen. Den Nuetsservice. Ech beäntweren déi elo direkt. Ech hat déi heiten zwou Froen zesummegeholl an déi aner Froen, déi géif ech dann elo awer elo direkt da vläicht beäntweren, well, wéi gesot, et huet kee Wäert, elo nach eng Véierelstonn ze waarden, dann huet, hu mer alleguerten d'Infoen zesummen.Bon, Dir stellt e puer Froen zum TICE dann, onofhängeg vum Citybus, nodeems e Méindeg e Presseartikel am Tageblatt war, deen iwwert e presuméierten Accord vum TICE mam Ministère geschwat huet. Bon, dozou gëtt et ze soen, an dat sot ech och scho bei de Froen zu de Citybussen, datt de Ministère schonn an engem gemeinsame Communiqué mam TICE nach den Dag selwer geäntwert huet, an deem ass och eigentlech näischt bäizefügen. Vläicht just als Remarque, et huet sech weeder em en Échange de lettres gehandelt, nach ass eng Konventioun an dréchenen Dicher. Loin de là, mee ech mengen dat hutt Der alles mëttlerweil an där ganzer Woch schonn an deem Hin an Hier matkritt.

Zréck zu de Froen. Kann de Schäfferot bestätegen, datt et zu dësem Accord de principe komm ass? Neen, kann en net, well, wéi gesot, de Bréif vum Staat un den TICE komm ass, a mer mol nach keng Zäit haten, fir op dee Bréif ze äntweren. A bon, sou vill zu deem Échange de lettres. Mee och dat mengen ech konnt Der alles schonn an der Press liesen. Fir datt mer en Accord fannen, mengen ech musse mer vill méi Infoen hunn iwwert esou ee Syndicat mixte, deen am Raum steet. Well där gëtt et momentan nëmmen een am Land, dat ass de SEBES. A mir kënnen et einfach copier-coller maache vun deene Statutte respektiv wéi dee Syndikat fonctionéiert. En plus muss fir esou ee Syndicat mixte e Gesetz vun der Chamber gestëmmt ginn. An Dir wësst genau esou gutt wéi ech alleguerten heibannen, datt dat e laange prozedurale Wee ass, ier dat iwwerhaapt prett wär. Am Kloertext heescht dat, datt mer eis elo mol mam Ministère vum Transport, mee awer virun allem och mol mat eisem Ministère de tutelle, mam Interieur mussen zesummesetzen, fir ze kucken, wéi iwwerhaapt esou eppes kéint fonctionéieren, wéi dat géif ausgesinn. An ech menge réischt dann, wa mer, wa mer dat bis wëssen, da kéint dee ganze Rescht hannendrun mol ulafen. Mee momentan, an dat konnt Der och an der Zeitung mengen ech scho liesen, hu mir do net genuch Infoen.

Nächst Fro. Ass de Schäfferot der Meenung, datt den TICE e wichtegt Instrument war, dat de Südgemengen et erlaabt huet, d'Mobilitéitspolitik am Süde matzebestëmmen?
Bon, Dir hutt gesinn, ech hunn de war betount. Ech géif emol ganz gären aus deem TICE war, den TICE ass, maachen, well et gëtt den TICE nach. A souguer wa mer en Accord eng Kéier géife fanne vun engem Syndicat mixte, da wier nach ëmmer deen TICE dran. Ech mengen d'Wuert seet et, dat heescht „Mixte", dat heescht de Staat an eeben den TICE géifen dann dee Moment, wa mer géifen en Accord fannen, op deem Dësch sëtzen. Et muss een awer och soen, datt elo schonn de Ministère praktesch d'Linne virginn huet, well e se och finanzéiert huet, an d'Gemengen ausser Esch an eis och kee Citybus haten, an et ass awer genau do, bei deem Citybus, wou mer konnte matbestëmmen an net onbedéngt vläicht op den Haaptlinnen.

D'Madamm Thoma freet och op den Nuetsservice, dee soll ofgeschaaft ginn, well net genuch Leit dovu profitéieren, eventuell an Zesummenaarbecht mat anere Gemengen oder och mam Ministère kéint oprechterhale ginn. Bon, bis elo huet keng Gemeng mer gesot, datt se wéilt mat op dee Wee goen. Déi meescht hunn de Late-Night-Bus, den Nightlife-Bus, dee se ubidden, dee mir natierlech och alles hunn. A wann Der wësst, datt de Ministère mol dee Citybus net méi wëll ënnerstëtzen, do sinn ech elo net onbedéngt ganz optimistesch, dat ee kann dovunner ausgoen, datt se wëlles hunn hei eppes dranzestiechen. Eng Remark awer och nach dozou, ech mengen, wann dat dote sollt kënne vu Gemengen zesumme gemaach ginn, mat oder ouni eventuell Hëllef vum Ministère, och dat misst ëffentlech ausgeschriwwe ginn, well d'Gemengen, souguer am Verbund, déi hunn net déi néideg Plaz, alles dat wat ech virdru scho beim Citybus sot, fir déi Busser ze stockéieren, den néidegen Knowhow an och Chaufferen anzestellen an ze geréieren. Ech mengen awer, datt mir elo als Diddelenger Schäfferot elo net mordikus dogéint wären, wann aner Gemenge vum TICE wéilten op dee Wee goen. Mee momentan musse mer elo mol kucken déi Konventioun op d'Been ze kréien TICE-Staat, fir datt d'TICE-Linne weiderfueren a fir Diddeleng, mengen ech, ass fir eis elo dat Allerwichtegstens, dee Citybus uerdentlech auszeschreiwen, fir datt dee ka weiderfueren. An dat huet elo mol hei den absolutte Virrang. Voilà.

**11.2. Fro vun Déi Gréng – Renforcement vun der Ligne ferroviaire Beetebuerg-Volmerange-les-Mines a Suppressioun vun de Passages à niveau**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Claudia, och fir déi doten Äntwerten. An da gi mer op déi nächst Fro eriwwer. An dat war vun deene Gréngen iwwert d'Ligne ferroviaire Beetebuerg-Volmerange-les-Mines, Passages à niveau. Et bleift beim Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Mir fänke jo mat der Volmerange-les-Mines un, gell? Well Dir hutt zwou Froen eraginn. Et ass esou, datt Der e ganze Froekatalog u sech eraginn huet vun de Projete vun der CFL an den nächste Joren. Fänke mer u mat der éischter.

Huet de Schäfferot Informatiounen dozou, ob Diddeleng ab 2027 déi virgesinnen Zuchverbindungen am Véierelstonnentakt op Beetebuerg wäert hunn? Bon, leider muss ech Iech do, wéi sou dacks, enttäuschen. 2027, wann d'Aarbechten zu Beetebuerg op der Gare fäerdeg sinn, kënnen d'Zich just am 30-Minutten-Takt zwëschent Wuelmereng, Diddeleng a Beetebuerg fueren. An déi Zich, déi ginn dann zu Beetebuerg bis an d'Stad, respektiv och doriwwer eraus, duerchgebonnen. Den Takt vun all 15 Minutten, deen ass eréischt méiglech, wa bis en Iwwerhuelgleis zu Biereng realiséiert ass.

Wéini sinn d'Aarbechte virgesi fir d'Duebelgleisegkeet tëschent Beetebuerg a Biereng ze maachen, déi dës Taktung erméiglechen? Do hat Der Iech eigentlech d'Fro scho selwer beäntwert. D'CFL huet nach keen Datum matgedeelt, eis zumindest net, wéini se dat wëlle realiséieren. Bon, hei muss och fir d'éischt emol mat de Proprietäre laanscht déi Zuchstreck gekuckt gi fir d'Emprisen ze kréien, fir dat zweet Gleis iwwerhaapt kënnen ze realiséieren. Ech mengen och déi Äntwert, déi wousst Der.

Ginn et hei d'Planungsdelaie vun der CFL an de concernéierte staatleche Servicer fir déi jeeweileg Passagen? Bon, aktuell schaffen d'CFL an d'Ponts & Chaussées um Dossier vum APD, vun de Passages à niveau an der Marxstrooss an an der Route de Kayl. Déi zwee Projeten, déi sinn als Concours ënnert de Bureaux d'études ausgeschriwwe ginn. A bon, do waarde mer elo op Retour vun der CFL, well déi eeben de Lead hei op deem Projet hunn.

Ginn et éischt Etüden, wéi den Autosverkéier an Zukunft hei soll verlafen? Bon, et sinn éischt Skizzen ausgeschafft gi vun deem Aarbechtsgrupp, déi d'Suppressioun vun deene Barrièrë soll begleeden, wou déi staatlech Instanzen an och Diddeleng vertrueden ass. Deen Aarbechtsgrupp, dee gëtt vum Ministère geleet. An et sinn och si, déi d'Projete wäerte virstelle kommen, wa se prett si fir de Public. Leider ginn et aktuell do och nach eng Partie Contrainten. Ech bleiwe bei de Proprietéitsverhältnisser, mee awer och Naturschutzgebitt an nach e puer aner Saachen, sou dass nach näischt kann doriwwer gesot ginn, bis dëst alles emol gekläert ass.

Wéi ass dem Schäfferot seng Positioun bei der Planung vun dësem Passage? Bon, et ass bekannt, dass de Passage à niveau PN102D heescht, deen an der Bierengerstrooss wäert verschwannen an en neien Accès fir an de Quartier Biereng da muss fonnt ginn. Ech mengen, datt do awer muss a Rou gekuckt ginn, wéi ee sech am beschten un de Quartier kann uschléissen, ouni dee ganzen Trafick direkt an enger Wunnstrooss ze hunn, respektiv datt mer och keen Transitverkéier produzéieren. An dann, ech mengen, Här Steffen, niewent dem Accès wäerten do sécherlech och nach eng Kéier Är Modalfilteren kënnen eng Roll spillen. Mee wéi gesot, sou wäit si mer elo nach net.

Ginn et hei Planungsdelaie fir de Vëlo-Direkt-Wee? De Vëlo-Direkt-Wee laanscht d'Gleiser, dat ass och e Projet vun der CFL. A si wäerten och dëse Projet realiséieren. Mir hunn awer vun hinne keen Datum kritt, wéi se dat oder wéini et fir si machbar ass. Warscheinlech gëtt dat och an e puer Phase realiséiert, wéinst eeben deene verschidde Chantieren, déi ech elo hei och schonn opgezielt hunn, déi geplangt sinn.

Am Fall vu mëttel- a laangfristegen Delaie gedenkt de Schäfferot kuerzfristeg sécher Alternativrouten ze schafen, fir dem verstäerkten Opkomme vun der doucer Mobilitéit Rechnung ze droen? Bon, soulaang et keen Accès op de Vëlo-Direkt vir bei der A13 gëtt, mengen ech mécht et och elo net allze vill Sënn, Alternativen zu de besteeënde Weeër ze sichen. Aktuell packen och déi Weeër alleguerten d'Opkomme vun der doucer Mobilitéit nach, well déi gi jo duerch d'Wunnquartiere vun Diddeleng. A fir nei Vëlosweeër ze bauen, bon, dat soen ech hei all Kéier, an och an der Verkéierskommissioun, do muss och Plaz do sinn. De Gabarit vun den haitege Stroosse gëtt dat leider net ëmmer hier. An dat, och dat hate mer d'leschte Kéier schonn hei rieds, dat ass och historesch bedéngt. An do sinn net ganz vill Alternativen do. A mir hunn an hätten och dee selwechte Problem wéi d'CFL. Mir missten da mat deene Proprietären eens ginn, wou potenziell Plaz wär. An och dat, dat wësst Der, dat ass näischt, wat vun haut op muer da géif kënne realiséiert ginn. An dat géif eis och warscheinlech ganz, ganz vill Sue kaschten. Voilà.

### 11.3. Fro vun Déi Gréng – CR161 – Iwwergang fir Foussgänger a Veloën

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, Claudia, och fir déi dote Äntwerten. An dann, déi nächst Fro ass iwwert den CR 161.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, voilà. Nach eng Kéier Froe vun deene Grénge betreffend den Iwwergang fir Foussgänger a Vëloen um CR161, beim Tunnel genannt. Dat ass déi Strooss laanscht de Päerdshaff an der Zoufftgenerstrooss.

Wat ass de leschte Stand vun der Étude de faisabilité? A) Wann ofgeschloss, wat ass dobäi erauskomm? A konnten d'Proprietéitsverhältnisser - ëmmer erëm déi Proprietéitsverhältnisser - gekläert ginn? B) Wann net ofgeschloss, fir wéini kënne mer mat Resultater vun dëser Etüd rechnen? Bon, déi Etüd, déi ass fäerdeg a se huet Follgendes erginn: Eng Ënnerféierung ass net méiglech wéint de Penten. En Iwwergang, deen ass technesch méiglech, mee ass e groussen Agrëff an d'Landschaft, well do misst mat laange Rampe geschafft ginn. Dat géif also e massive Bau ginn. Zu de Proprietéitsverhältnisser, den Terrain op Säit Le'h gehéiert dem Staat an deen op der Säit vum Päerdsstall ass privat. An déi Etüd, déi wäert selbstverständlech an enger vun den nächste Verkéierskommissiounen och virgestallt ginn.

Wéi steet déi aktuell Mobilitéitsministesch zu dësem Passage? Goufen et säitdeem Reuniounen tëschent dem Schäfferot an dem Ministère zu dësem Passage? Gëtt et eng Timeline, wéi et heimat weidergeet? Bon, well e puer Joren näischt sech gedoen huet an och de Minister gewiesselt huet, do hate mer hei schonn eng Kéier driwwer rieds, hu mer dunn eng Relance ugefrot an deem Dossier. Leider ass et awer fir de Ministère, also am Moment, och kee prioritäre Projet. Et ass keng national Vëlospist an och keen Uschloss dorobber. Déi national Wanderweeër, déi hei riwwer ginn, sinn och fir si keen Argument, fir hei esou e komplizéierte Bau ze realiséieren. D'Ponts & Chaussées huet awer schlussendlech d'Vitess op 70 km an der Stonn erofgesat an och Hiweisschëlter op de Passage vun de Foussgänger a Vëloen opgestallt.

Méi kënne se aktuell leider net maachen. Dat hu mer och dës Woch nach eng Kéier nogefrot gehat. Dem Ministère seng Iddi, déi ass et e gesécherten Iwwergang ze baue bei der Firma Husky Ampacet wann do de PR géif gebaut ginn. Hei wären d'Siichtverhältnisser an d'Proprietéite méi einfach. An deen, soten se eis, wär fir 2035 geplangt. D'Stad Diddeleng kuckt nach eng Kéier mat der Ponts & Chaussées, ob net awer kuerzfristeg eppes méi Einfaches méiglech ass. Mee ech muss Iech ganz éierlech soen, Dir kennt déi Plaz genau esou gutt wéi ech. A mir hunn eng Etüd gemaach an alles, wat ech Iech elo opgezielt hunn, dat Ganzt, wéi gesot, ouni Garantie.

Huet de Schäfferot gepréift, ob den Tourismusministère eventuell géif d'Käschte vun engem Passage iwwerhuelen? Bon, den Tourismusministère iwwerhëlt net aleng de Bau vun esou enger Passerelle. Dat schéngt mer kloer ze sinn. Hei misst dann dee gréissten Deel d'Stad Diddeleng, also d'Gemeng, droen. A mir schwätzen hei vun enger Konstruktioun vun e puer Milliounen. An ech mengen do si mer eis alleguerten eens, datt déi am Moment net an eise Budget passt.

Huet de Schäfferot d'Méiglechkeet vun engem Interreg-Projet préiwe gelooss, andeems en eng Vëlospiste mat Raccordement un d'Nopeschduerf Zoufftgen kéint ugoen an duerch europäesch Subside kofinanzéieren ze loossen? Jo, op dëse Gedanke ware mir natierlech och scho komm. A mir hunn eis deemools emol bei Péiteng a Stengefort ëmfrot, déi aktuell en Interreg-Projet lafen hunn zwëschent hire Gemengen an der Nopeschgemeng op der belscher Säit. A mir kruten awer vun hinnen direkt gesot, datt dat e ganz, ganz groussen administrativen an zäitintensiven Opwand ass.

Hei missten alleguerten d'Projeten zwëschent deenen zwou Gemengen opgelëscht ginn, Verbindung Richtung Zoufftgen, Iwwergang iwwert den CR161, Verbindung a Richtung Wuelmereng iwwert de Site NeiSchmelz a sou weider. Bon, mir sammelen dowéinst elo mol alleguerten déi Daten, versichen en Dossier zesummestellen, fir ze iwwerpréiwen ze loossen, ob iwwerhaapt en Interreg-Projet kann draus gemaach ginn. An da gesi mer weider. Mee och wann dat gemaach gëtt, da braucht Der Iech elo keng Illusiounen ze maachen, datt do d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer e Bau wäert stoen.

### 11.4. Fro vun Déi Gréng – Tiny Forests

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER:
Villmools merci Claudia och fir déi doten Äntwerten. Dann déi nächst Fro. Tiny Forests. René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, voilà, déi Gréng hunn dann eng Fro gestallt zum Projet Tiny Forest, an dat, vu dass mer dee Poste jo säit zwee, dräi Joer mat am Budget virgesinn hunn, wéi wa mer kënnen eppes maachen, dass mer dann och finanziell Moyenen hätten, fir kënnen do ze intervenéieren. Si hunn do dräi Froe gestallt gehat. Wou ass de Projet drun? A wat fir engem Stade vun den Etüde befënnt sech d'Analys vun Terrainen, d'Selektioun vu Beem, a sou weider?

Do kann ech nëmme soen, dass d'Analys vun den Terrainen am Moment leeft. Mir hunn eng intern Aarbechtsgrupp, déi Tiny Forests, sech domat bekëmmert. Mir hunn och verschidde Piste vun den Terraine schonn ausgeschloss. An eis Sich konzentréiert sech awer op Terrainen, déi nëmmen der Gemeng Diddeleng wäerte gehéieren, sou dass mer do scho Proprietär sinn an net mat engem mussen dann do nach verhandelen an diskutéieren.

Déi zweet Fro war dann, wou sinn d'Problemer, wou ee begéint huet? Vu dass mer da keng Tiny Foresten hunn, wou Problemer sinn, wéi sinn déi ze definéieren? Bon, deen Terrain, dee mer eng Kéier definéiert haten an och proposéiert hunn als Gemeng Diddeleng, dat war en Terrain hannert dem Bildungshaus Lenkeschléi, a leider huet awer d'ANF eis dee Projet wéinst bereets besteeënden, existéierende Planzen do net zréckbehalen an net accordéiert.

An déi drëtt Fro ass dann: Hu mer schonn iergendwéi aner Sitten en vue? Respektiv, sachant dass deen Typ Tiny Forest och kann op aner Plaze realiséiert ginn, zum Beispill Schoulhäff zum Beispill oder Jardins publics, Parken, Frichen oder och Baulücken. Effektiv hu mer dat och am A. An eis Aarbechtsgrupp, déi besteet aus eisem SAD, Service Jardinage a Service Ecologique, huet dat och alles am A, a si wäerten och dat net aus den A verloossen. Langer Rede kurzer Sinn, ech weess, dass dat hei relativ bësse laang dauert, bis mer effektiv e konkrete Projet hunn, mee wéi gesot, et ass net esou evident, a mer musse kucke wat mer kënnen an Zukunft maachen. Op jidde Fall de Projet ass net vergiess, verluer, e gëtt och eng Kéier gemaach. Awer, ech ka Stand haut net soen, dat ass fir an zwee Méint, an dräi Méint oder an engem Joer. Merci.

### 11.5. Frigo solidaire - Motiounen a Froen

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, villmools merci och fir déi doten Äntwert. An dann hate mer am Fong d'Batterie vun de Froen, déi gestallt goufen, duerch. An da géife mer elo op d'Motioun zréckkommen, déi d'CSV de Mueren erabruecht huet. An der Tëschenzäit si mer gewuer ginn, dass déi Gréng eng Géigemotioun erabruecht hunn. Dat mécht d'Saach vläicht net méi einfach. Mol kucken. Ech weess awer net, ob jidderee schonn d'Géigemotioun vun deene Grénge gesinn huet. Da misse mer vläicht dee selwechte Prinzip. Bon, si ass vläicht méi kuerz. Mee Dir kënnt se vläicht virstellen en attendant.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Einfach eng prinzipiell Fro. Am Fong wollt ech eng Stellungnam huelen an den Här Steffen deposéiert déi Motioun. Dat geet jo theoreetesch, jo? Sou, ech, et ass awer wichteg ze soen, wat eis an där Motioun gefält a wat eis vläicht net gefält. Dofir, ech maachen et wierklech kuerz, et ass scho spéit. Also prinzipiell ass dat wierklech gutt. An alles, wat am Sënn vu Liewensmëttelverschwendung ass, soll ënnerstëtzt ginn.

Par konter de Problem, dee mir domadder hunn, ass einfach zum Beispill beim Punkt 2 hutt Dir gesot, bausse stelle virun engem Office social. Jo, bausse stelle vläicht, à discuter, mee bei engem Office social ass dat vläicht eng Stigmatisatioun vun de Leit, déi wäerten dohinner goen, fir de Frigo opzemaachen a sech eppes siche goen. Dat ass dat éischt Bedenken, wat mir hunn. Dat anert, 24 op 7, do hate mir intern souguer eng Diskussioun. An et muss een déi Fro esou betruechten. Schwätze mir vun der Accessibilitéit vum Frigo, datt e 24 Stonnen op 24 accessibel ass? Oder

schwätze mir, datt ee Saache kann erasetze 24? Well dat wier eng aner Fro. An dat ass natierlech e Problem, wou mir gesinn, mat der Hygiène, mat der Sécurité alimentaire an einfach vum Suivi vum Ganzen. An deemno wéi, wou de Frigo steet, kann och Dreck sech ronderëm sammelen. Voilà, dat sinn d'Punkten, déi eis ze bedenke ginn, mee à discuter, wéi gesot. An déi Fro vun Accessibilitéit. natierlech, well grad, mengen ech, déi Leit, déi vläicht sech, ech soe lo mol schummen, fir dohinner eppes sichen ze goen, gi vläicht just emol e Weekend dohinner, wou net d'Geschäfter grouss op hunn a sech eppes huelen an toute discrétion.

Den drëtte Punkt ass, de Frigo an engem Chalet stellen. Sou gesinn ass dat effektiv eng Wärmepompel, déi dobausse steet. Dat ass net optimal fir e Frigo, datt en einfach dobausse gestallt sollt ginn. Dofir dat anzepaken, ass keng schlecht Iddi. Mee et muss een och bedenke vun der Sécherheet vun der Steckdous. Et muss een och bedenken, datt am Wanter, obwuel et dobaussen ass, bei -5, -6 kënne verschidde Saache fréieren. Deemno wéi kann de Frigo och endommagéiert ginn. Am Summer an enger Këscht kann de Frigo och iwwerhëtzen. Wat dozou féiert, datt de Frigo erëm net effikass genuch schafft. Dofir dat si lauter Punkten, déi à discuter sinn. Mee wéi gesot, also mir enthalen eis einfach aus deene Grënn, déi ech elo benannt hunn. Mee u sech, aus Prinzip, ass dat wierklech eng ganz interessant, eng ganz wichteg Demarche. An an deem Sënn hu mir och Verbesserungsvirschléi gemaach, am Sënn vun enger Motioun.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bon, ech menge mir fueren elo weider, dass och aner Kolleege par rapport zu der Motioun vun der CSV kënne Stellung huelen oder mer verfueren esou, dass Der Är Motioun virstellt an dann d'Kolleegen, dann hu se jo och déi zwou Motioune gesinn, da kënne se op déi zwou Motioune reagéieren. Den Här Manderscheid huet jo scho Stellung geholl par rapport zu där Motioun vun der CSV virdrun. Dofir kënne mer awer elo den Tour hei maache vun de Fraktiounen. Et ka jiddweree zu deenen zwou Motiounen e Statement ofginn. An da mengen ech, wëlle mir als Schäfferot nach Stellung huelen. Okay? Gutt, sou wéi et an der Prozedur am Fong virgesinn ass.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Tipptopp. Ma jo, an an deem Sënn hätte mer dann d'Géigemotion, déi mer eragereecht gehat hätten, well mer eis gesot hunn, voilà, mir fannen d'Iddi am Fong tipptopp, mir fannen se ganz sympathesch, mir fannen och déi Liewensmëttelverschwendung am Fong net gutt a mir géifen eis och net gutt domat spieren, eis bei esou eppes ze enthalen oder dergéint ze stëmmen. An do wollte mer eng Géigepropos maachen, déi eis awer e bësse méi mat den Invitten d'Dieren opléisst, fir sech net esou komplett festzefuere mat engem nohaltege Chalet aus Holz an ze vill op dem Modell vun Habscht, wou mer elo och keng Geleeënheet haten, dat iwwerhaapt kucken ze goen. Do wier eis Iddi gewiescht, dass mer gesot gehat hätten, voilà, engersäits hu mer de Frigo solidaire, wat jo e Projet ass, deen aus dem Budget participatif erauskomm ass, dee vu Biergerinnen a Bierger am Fong definéiert gëtt. An et wier och elo e bëssen anmaassend, hu mer fonnt, wann een do aus deem Biergerprojet eppes géif ëmdréien. Also déi Iddi ass jo am Fong säit kuerzem eréischt ugewiescht, de Buttek gëtt et elo net méi an et wier schued, wann dem Bierger seng Iddi géif verännert ginn opgrond vun engem Buttek, deen elo zoumécht, wou e soss ëmmer drastoung. Wisou mer am Fong an deen éischten Invitt geschriwwe gehat hätten, de Frigo solidaire ënnert där Form, wéi en am Kader vum Budget participatif virgesi war, weider ze erhalen.

Och dat mat dem Iessen aus de Maison Relaisen huet eis ganz gutt gefall, dass dat jo och nach ëmmer sollt dozou gehéieren. Dat ass hei compris esou wéi e geduecht war, de Projet. An dann awer och, an dat ass elo deen neien Invitt, wou mer probéiert hunn e bëssen ze resüméieren, wat op deene Punkten hei vun der CSV opgelëscht war, ze soen, dass mer eng zweet Offer am Fong géife schafen, wou d'Iwwerschëss u Liewensmëttel kënnen ugebuede ginn. Dat géing eis dann och e bëssen d'Dier ophalen, fir éischtens emol deen Habschter Modell eng Kéier kucken ze goen, a froen ze goen, wéi si mat deenen hygieenesche Bedenken och ëmginn.

Well mir hunn eis d'Fro gestallt, mir hunn elo déi zwou lescht Wochen ofwiesselnd hei gehouscht a geschnuddelt. Wéi ass dat an där Zäit, wann een do eng Offer u Liewensmëttel huet, déi 24 Stonnen op 7 am Fong do stinn a fräier Disponibilitéit fir jiddereen? Ech menge beim Uebstrayon gesäit ee ganz oft Leit, déi mol upaken, fillen, zréckleeën, wann et net méi gutt ass. Wéi géing dat ausgesi bei esou enger Offer, déi am Fong 24 Stonnen op 24, 7 op 7 op ass? Et géing eis d'Méiglechkeet bidden och iwwert eng Banque alimentaire nozedenken, eng Plattform Anti-gaspi. Do ginn et ganz vill esou Saachen oder en Anti-gaspi-Rayon, deen een a verschiddene Geschäfter och vläicht géif ubidden a vläicht och souguer e gemengeneegene Shop a Kombinatioun mat engem Second Hand, wou ee vläicht och an déi Richtung geet. Mee ech denken do ass, do ass elo dëse Kader ze kleng, fir elo doriwwer nozedenken. Dofir wollte mer et esou vague am Fong halen, dass mer gesot hunn eng zweet Offer schafen, wou dat kann ugebuede ginn, dass een dat anert kéint à tête reposée am Fong eng Kéier duerchdiskutéieren.

Voilà. An dann, dat allerlescht, firwat déi Motiounen do esou freides kommen, ass virdrun och eng Kéier ugeschwat ginn. Ma ganz einfach, klenge Realitéitscheck aus der Oppositioun. Do ass et net ëmmer evident, eng Iddi mat ënnerzebréngen. A wann een dat deemno wéi méindes schonn deposéiert, dann huet een heiansdo en Zenario, an dat hate mir schonn, dass mer eppes deposéiert hunn, an dann ass dat freides als, dat maache mir schonn, ofgestempelt ginn. Dofir kommen déi Saachen heiansdo e bësse méi spéit un. Do war jo virdrun eng Kéier d'Fro a Richtung CSV komm, firwat dass déi Motioun elo grad haut komm ass.

Ech denken dat ass och am Sënn, firwat mir eis elo dann hei als Géigemotioun bruecht hunn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Ech mengen et ass e bësse schwiereg. Mir si schonn erëm säit sechs an en hallef Stonnen amgaangen, an da verstinn ech, wann een e bësse genervt ass. Sechs an en hallef Stonnen, wou iwwregens och d'Personal dohanne sëtzt, wëll ech och eng Kéier soen. Ech hoffen, dir kënnt heiansdo Paus maachen, well dat ass och net einfach. Mir sëtzen e bësse fräiwëlleg hei. An trotzdeem, wann et ustrengend ass, no sechs an en hallef Stonnen nach iwwer Motiounen ze diskutéieren, wollt ech awer och nach eng Kéier der Madamm Dimmer äntweren. Madamm Dimmer, et éiert Iech, wann Dir aus der Vakanz och nach, mengen ech, am Delai Froen erascheckt. Wierklech, dat ass richteg. Mee mir mussen awer och d'Rechter, déi vum Gemengerot virgesi sinn am ROI respektéieren. A wann e Punkt um Ordre du jour ass, dann hu mer d'Méiglechkeet, Séance tenante Motiounen eranzeginn.

De Problem war e bëssen, dass dat technesch net ganz gutt fonctionéiert huet bei de Kolleegen. Mee dat ass eist Recht. An ech mengen, dat sollte mer awer och respektéieren. Genau esou, et hätt een och kënnen eng Ëmformuléierung proposéiere vun der Motioun vun der CSV amplaz eng Géigemotioun. Well do hunn ech och d'Gefill, elo hu mer eng Motioun, wou de Logo vun der CSV ass an eng Motioun, wou de Logo vun déi Gréng ass. Eigentlech diskutéiere mer hei, mengen ech emol net ëm Géigen-, well mir sinn där selwechter Iddi, mee et ass eng Ëmformuléierung. A mat där Ëmformuléierung vun de grénge Kolleegen, do kommt ech op den Inhalt ze schwätzen, kënne mir als déi Lénk awer och eigentlech besser liewen, well mer eis e bëssen déi selwecht Froe gestallt hunn.

Zum engen, de Frigo solidaire ass e flotte Projet, deen aus dem Budget participatif, aus dem éischte Budget participatif och nach eraus entstanen ass. An ech fannen, mir sollten dee Projet esou erhalen, wéi et och méiglech ass. Mee mir hunn eis virun allem och bei deem zweeten Invitt vun der CSV gefrot: Schwiereg, wann e Frigo 24 Stonnen op 7 Deeg op der Strooss dobaussen zougänglech ass. Ech mengen dat geet net. Also mir wësse jo, wéi streng d'Hygiènesmoossname sinn. Ech hunn eng Frëndin, dat bei der Stëmm vun der Strooss schafft, also eleng wat si fir Schwieregkeeten hunn, fir un Iesssaachen nach ze kommen. Dat ass bal onméiglech. Dowéinst gesi mer dat e bësse schwiereg, dass mer mat der Formuléierung vun déi Gréng, nämlech de Frigo solidaire ënner där Form, wéi en am Moment besteet, weiderzeerhalen, eebe just eng Plaz ze fannen. An do huet den Här Manderscheid jo scho gesot, dass et do, voilà, dass et do Méiglechkeete gëtt. An eng zweet Offer ze schafen, oder mir géife soen, voilà, et wär flott, wann een eng Kéier och vläicht an enger Kommissioun kéint kucken, zum Beispill d'Commission aux actions sociales, mengen ech, géif sech do ubidden, fir ze kucke wat et vläicht nach vun aneren zousätzleche Méiglechkeete gëtt. Dat heescht, et kéint ee scho bal soen, mir ginn eng gemeinsam Motioun vun CSV an déi Gréng an d'Kommissioun, mee et ass net u mir ze decidéieren. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wollt dann och meng Kommentaren dozou ginn. Also, wéi gesot, als Éischt emol, ech sinn e grousse Fan vun deem Frigo solidaire. Ech fannen dat eng ganz gutt Saach. Dee stoung excellent beim Co-Labor. An dat hat jo och seng Virdeeler. Éischtens war de Frigo ënner Beobachtung, dass keen do Dommheete mécht. A si hunn e jo och, wéi zu dee Moment wou mer e besiche gaange sinn, reegelméisseg ëmmer erëm nogefëllt. Et ass jo net esou, dass se moies alles dragemaach hunn, well eeben d'Gefor bestan huet, dass dann ëm zéng Auer näischt méi dran ass. Ma och déi Leit, déi moies schaffen a Mëttes Zäit hunn, haten dann esou och d'Méiglechkeet eppes sichen ze goen.
Wa mer deen einfach esou op eng oppe Plaz, eng ëffentlech Plaz stellen a 24 op 7 zougänglech loossen, da besteet fir mech d'Gefor, dass do eventuell deen een oder anere sech do iwwerdriwwen zerwéiere kënnt, wat deels och emol op aner Plaze geschitt ass.

Ech ginn do ëmmer d'Beispill, wou ech an der Feldstrooss spadséiert war an zwee Gefierer, jeeweils mat enger Remorque aus engem Nopeschland gefuer komm sinn a mech gefrot hunn, wou déi säfteg Äppel sinn, si wéilten déi plécken. An déi ware bestëmmt net fir den Eegegebrauch, soss hätte se keng zwou Remorquë gebraucht. Gott sei Dank waren d'Beem déi Zäit nach net zeideg. Des Weidere besteet dann och natierlech ëmmer d'Gefor op ëffentleche Plazen, dass herno do erëm Vandalismus bedriwwe gëtt, esou wéi mer et scho bei den Toiletten am Park Mayrisch haten. Dat géif net geschéien, wann en, wéi den Här Manderscheid gesot huet, zum Beispill am Leclerc géif stoen, wou natierlech dann och dat Personal en A drop hätt.

Et kéint ee sech natierlech och d'Fro stellen, ob et eng Iddi wär, fir eventuell hei an d'Gemeng esou e Frigo ze installéieren? Eis Gemeng ass jo och ëmmer bis fënnef op a mëttwochs souguer bis siwen. Hei hätt jo dann och d'Gemengepersonal en A drop, just fir dat emol eng Kéier unzedeiten. Voilà. Dann ass natierlech eng aner Gefor do, wann dee Frigo ëffentlech ass, dass natierlech Leit och do sinn, déi et gutt mengen a menge si missten de Frigo eventuell och selwer opfëllen. An da muss een natierlech och kucken, dee Moment, ob dann déi Saachen, déi si géifen drasetzen, dann och nach vum Haltbarkeetsdatum hier gutt si. Voilà. Esou vill dozou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir hu lo eng Ronn gedréit. Da kritt Dir nach par rapport zur Motion vun deene Gréngen an zu Ärer Motioun d'Wuert. Da kritt Dir nach als Auteur vun Ärer Motioun d'Wuert an da reagéiert d'Schäfferot.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt awer och als Positioun vun der CSV nach eng Kéier d'Wuert ergräifen, et ass mer awer och en Uleies, eeben op déi Remark, firwat d'Motioun elo? Ech mengen déi aner Oppositiounsparteien hunn dat och gesot. Éischtens mol den Ordre du jour, dee kënnt de Freideg ëm 15 Auer fir eis. Ech weess net wéini Dir e kritt. Mir kréien e Freides, de 7. Februar kënnt den Ordre du jour. Mir haten effektiv och eng Fro schonn zum Weiderbetrib am Tirang leien. A mir waarden awer ëmmer wat op den Ordre du jour kënnt. Do hu mer gesot, ma déi Fro stelle mer net, well de Co-Labor steet jo um Ordre du jour. An dunn hate mer méindes, hu mir eng Komiteessitzung ëmmer, wou mer dann de ganzen Ordre du jour duerchhuelen. An eis Motioun ass am Fong d'Resultat vun den Diskussiounen an eiser Komiteessitzung. Wéi gesot, mir hätten och kënnen déi Fro stellen, mee mir liesen dann den Ordre du jour, well der LSAP hir Motioun koum den 8. eran, woubäi de 7. den Ordre du jour komm ass. Do ass dann ëmmer d'Fro, huet een, bon, bref.

Also op jidde Fall mir, wann dann dat um Ordre du jour steet, da stelle mir eis Fro eeben net. Mee d'Thema vun der Motioun, déi ass eebe komm, well eeben eis Leit dunn am Kommitee, well mer do eng Diskussioun driwwer haten a fonnt hunn, dass dat awer wichteg wär. Ech soen Iech Merci, dass Der och Stellung geholl hutt zu eiser Motioun. D'Iddi ass jo haaptsächlech, an do si mer eis jo alleguerten eens, dass dee Frigo solidaire soll weiderbestoen. An d'Diskussioune ware jo och, wéi accessibel ass en? Wéi gëtt e belueden? Oder wéi gëtt e gefëllt? An d'Iddi vun Habscht, déi ass déi, dat sinn esou Klappen, also et hätt een effektiv et vläicht kënne mat Biller ënnermolen. Dat sinn esou Klappen, wou s de dann och e Su dra gëss an da geet déi Klapp op. Dat heescht, dat ass net einfach esou e Frigo, deen s de op méchs an da kanns de der eppes eraushuelen oder och eppes dra maachen. D'Iddi ass och haaptsächlech vun Habscht, dass si d'Iessen aus de Maison Relais, déi iwwerflësseg sinn, schéi verpaken an déi dann esou drasetzen. Dat ass de Sënn vun der Saach.

Mir kënnen awer och ganz gutt liewe mat der Motioun vun deene Gréngen. Wéi gesot, eis ass et wierklech just drëm gaangen, fir en Ustouss ze ginn, dass mer iwwert en Theema solle schwätzen, dass mer dee Frigo net solle fale loossen. Wéi gesot, och well et e Projet ass vum Budget participatif. A mir hunn och guer kee Problem eis Motioun zréckzezéien. A mir géifen dann d'Motioun vun deene Grénge matstëmmen. Awer vläicht awer och nach eng Kéier mat, oder wat och ëmmer nach elo proposéiert gëtt. Wichteg ass virun allem, dass et accessibel ass. Déi 24 Stonnen 7, dat wär fir déi Leit, déi se benotzen. Also net d'Opfëllen, dat gëtt da vläicht zweemol am Dag gemaach. Esou maachen déi Habschter dat. An dat gëtt da, wéi gesot, alles sous vide gemaach. An da wann näischt méi dran ass, kënnt erëm eppes Neies dobäi.

Firwat war eis Iddi et beim Office Social ze maachen? Well mir eebe grad gemengt hunn, déi Leit, déi vläicht de gréisste Besoin hunn, sinn eeben déi Leit, déi do passéieren. Dat war elo net béis gemengt. Mee ech fannen zum Beispill d'Iddi vun der no bei der Gemeng och ganz sympathesch. An dat mat de Supermarchéen, do hu mer e bëssen den Doute, net dass dat da sou e bësse Konkurrenz och ass. Dann ass d'Fro nämlech, solle mer se dann net, an dat ass dann och eppes Komplementares zu der Propositioun vun deene Gréngen, eng zweet Offer ze schafen, dass mer an deenen zwee Supermarchéen hei zu Diddeleng oder am Zentrum de Frigo ubidden. Also wéi gesot, mir hunn eis elo concertéiert, Kolleegen, ech kucken Iech nach eng Kéier, ass dat okay? Mir zéien eis Motioun zréck a waarde wat kënnt. A mir sinn och awer ganz mat der Motioun vun deene Gréngen averstanen. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, ech hunn elo alles nogelauschtert vun A bis Z. Wou komme mer hier? Ma komme jo hier vun enger Kënnegung vun engem Bail, vum Co-Labor, wou eise Frigo solidaire drastoung. Dat huet sech elo hei esou wéi eng Lawin entwéckelt zu wansinnegen Iddien a Projeten a wat weess ech net nach alles. Da komme mer awer op de Point de départ mol nach eng Kéier zréck a mer schwätze vun deem Frigo solidaire. Ech hat mer zwar och net kéinte virstellen, wann ech nach eng Kéier frou sinn, dass ech eppes vun deene Grénge kéint positiv hei soen. Mee op jidde Fall muss ech awer soen, effektiv sinn ech der Meenung an och Iwwerzeegung, dass de Frigo solidaire ënnert där Form, wéi am Kader vum Budget participatif virgesinn ass, dee solle mer zu 100 % weiderbehalen.

Ech hunn och de Muere scho gesot gehat, dass mer a Verhandlunge si mam Leclerc an och mam Proxy. Ech wëll awer och soen, dass déi net alleguerte mat den Hänn klappen, wa mir komme fir esou e Frigo sech z'installéieren. Dat wëll ech och nach eng Kéier soen, et ass net evident. D'Co-Labor huet net fir näischt dee Frigo dohinner kritt, well mir, ech soen et och elo éierlech, Proprietär, also Sous-locataire vum Gebai sinn, a mir hunn de Kolleege gesot, hei kee Problem, awer wann ech gelift, maacht eis dee Gefalen a setzt dee Frigo bei ech an de Buttek an da kuckt Der, dass dat klappt. Dat huet awer, muss ech och ganz éierlech soen, méi schlecht wéi recht geklappt, net eleng wat Leit komm sinn, mee och den Inhalt vun deem Frigo, ech war selwer e puer mol kucken, dee war och net grad, dass de do konnts à la carte der eppes eraussichen.

Gutt, okay, op jidde Fall Frigo solidaire, meng Propos un Iech, dee solle mer esou bäibehale wéi en ass a wéi e gewiescht war. Déi zweet, hei ginn dann e puer Saache matenee vermëscht. D'CSV schreift an hirer Motioun, den Iwwerschoss vu Supermarchéen, Bäckereien, Schoulkantinnen. Bon, déi Leit vum Office social, mir hunn den Cent-Buttek. An do kënnen all déi Leit, déi am Office social, Dir hutt et jo gutt gemengt, dass Der géift do eng Infrastruktur virum Office social bal schafen, fir dass déi Leit kënnen sech do zerwéieren, dat ass A) a mengen Aen net néideg, well effektiv déi Clientèle, déi wierklech muss eppes hunn,

déi si jo schonn am Office social bal ënner Regie an déi kréien hir Bonge fir an den Cent-Buttek, sou dass déi relativ gutt ofgedeckt sinn.

Et ass awer och esou, dass ech gesinn hunn, 24 op 7 an esou weider, et ass och eng Saach vun der Kontroll. Ech erënneren un d'Giftboxen zum Beispill. Ma ja, dat hei ass net grad eng Giftbox, mee et ass awer trotzdeem esou eng Aart Self-Service, wou's de do stoen hues, a wann deen net bewaacht ass, an do ka jiddwereen zu all Moment an dee sech do zerwéiere goen, ech soen Iech, dat gëtt eng eenzeg Katastroph, ech roden dovu wäermstens of. Mir hunn net fir näischt, wéi gesot, verschidde Saache schonn zougemaach, an och liest een an der Zeitung, aner Gemengen hunn och mat hire Giftboxen alles missen zoumaachen, well einfach d'Leit keng Disziplin hunn an esou weider.
Ech proposéieren op jidde Fall, wann d'CSV gesot huet, si géif hir Motioun zréckzéien a si géif déi Gréng matdroen. Ech géif proposéieren, dass mer déi Motioun vun deene Gréngen ënnerstëtzen. Ech géif awer och proposéieren, dass mer eis nei Kommissioun Affaires sociales géife mat an d'Boot huelen. An ech wollt mat hinne selwer, respektiv deen Zäit a Loscht huet, wollte mer eng Kéier op Habscht goen, eis dat mol selwer ukucken. Ech wëll awer net hei en Habscht2 oder Habscht-bis hei zu Diddeleng kreéieren, mee mer kënnen awer mol kucken, wat ee ka mat dem Projet Habscht a mat dem Projet Frigo solidaire, kann een do vläicht eng Symbios maachen, dass een do eppes ka kreéieren.
Op jidde Fall eng fest Infrastruktur ouni Bewaachung ass net méiglech. A 24 op 7 ass och bal net méiglech. Mee wéi gesot, dat sinn Detailer. Mee meng Propos, Frigo solidaire sou loossen, wéi en ass. A B) d'Motioun vun deene Gréngen da bäibehalen. Mir gi se an d'Kommissioun vun der Affaires sociales. A wéi gesot, d'Kommissioun mat deene Leit aus dem Gemengerot, déi Zäit a Loscht hunn, maache mer dann en Ausfluch op Habscht, a mer kucken eis déi Saach un. Voilà, dat ass meng Propos.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem René Manderscheid. Ech wollt just nach zwou Saachen effektiv nach ernimmen. De Manderscheids Ren huet gesot, vu wou komme mer hier? Mir hu jo net fir näischt de Frigo solidaire bei Co-Labor gesat, well et ware jo och si, déi awer eng gewëssen Expertis hunn, wéi een, mengen ech, déi Wuere soll handhaben, och natierlech dat gefëllt hunn, dat verwalt hunn an och dat erausgeholl. An et schéngt mer awer, a Liewensmëttelketten an där Chaîne, wichteg ze sinn, dass dee Contrôle ass. Well et ass och herno eng Fro vun der Responsabilitéit. Wann herno eppes ofleeft, net méi gutt ass, an ech mengen dat ass am Moment hei net ganz an all Detail gesot ginn, mee et ass herno eng Fro vun der Responsabilitéit um Niveau vun der Gestioun. An déi war awer bei Co-Labor, wou eng Epicerie war, wou Leit all Dag geschafft hunn, deementspriechend och gewäerleescht. Dat ass dat Éischt.

Dat anert ass, de Ren huet et gesot, mir stëmmen déi heite Motioun mat. Et ass natierlech e bësse cocasse, eng Motioun effektiv matzestëmmen, wou gesot gëtt, dass mer eis sollen asetzen, fir de Frigo solidaire weiderzeerhalen, wou de Mueren awer schonn déi kloer politesch Ausso gemaach gouf, éier d'Motioun heibanne war, dass mer de Frigo solidaire wäerten erhalen. Also vun dem politeschen Diskurs a vum Narrativ ass et awer mengen ech e bësse cocasse. Mee mir maachen et jo ëm d'Saach. Duerfir mengen ech, stëmme mer dann déi heite Motioun an. Wa mer elo eis elo net dofir agesat hätten, an Dir hat déi heite Motioun erabruecht, da wäre mer an engem ganz anere Cas de figure. Mee mir hunn déi politesch Ausso gemaach, dass mer de Frigo solidaire wëllen erhalen. An et ass eréischt duerno, wou déi Motioun erakomm ass, als Géigemotioun par rapport zu der CSV. Also de Wee ass, mengen ech, net deen, wou et da soll si par rapport zu der politescher Ausso, déi getätegt gouf. Mee ech mengen awer kee Problem, et geet ëm d'Saach. Mir stëmmen déi heite Motioun, wéi gesot, mat. Voilà.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Als Auteur kann ech jo bestëmmt eppes derzou soen. Effektiv, firwat, dass mer a sech déi, wa mer se der Géigemotioun wëllen nennen, well se jo trotzdeem zimmlech parallel dozou leeft, wat d'Kolleege vun der CSV proposéiert hunn. Eis ass et déi leschte Kéieren sou gaangen, nodeems mer am Fong erëm op den ROI eis zréckberuff hunn, wéi sou Motioune sollen diskutéiert ginn, dass just nach ee pro Fraktioun schwätze kann, an dass mer net onendlech oft diskutéieren an eng hallef Stonn verléiere mat Ëmformulatiounen. Hate mir u sech geduecht, dass et elo heirop géif erauslafen, dass herno just nach géif dës Motioun Jo oder Nee diskutéiert ginn an et net méi zu enger Ëmännerung géif komme vun eenzelnen Invitten. Do hu mir geduecht, okay, da komm mir formuléieren et direkt mat enger Géigepropos einfach ëm, wéi mir et och kéinte matstëmmen, an do hu mer se eragereecht.

Eis ass et net wichteg, ob do lo déi Gréng drop steet, ob déi Gréng an d'CSV drop steet oder wat mer dropschreiwen, well effektiv et geet eis ëm d'Saach, an et soll u sech de Konsens sinn, ob dee mer eis kéinten eenegen, voilà, dofir Merci op jidde Fall fir all d'Retouren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ma villmools merci. Dann aktéiere mer hei, dass d'Kolleege vun der CSV hir Motioun zréckzéien. Dat maache se dann no mûre réflexion. Doriwwer brauche mer net ofzestëmmen. An dann hu mer hei d'Motioun hei virleie vun deene Gréngen. An da géife mer déi ofstëmmen. ***Ech gi jo dovun aus, dass dat dann unanime wäert sinn. Da komm, mir probéiere mol. Unanime.*** Gutt, villmools merci. Da wäre mer mat der ëffentlecher Sitzung fäerdeg an da géife mer an de Huis clos iwwergoen. A merci soe fir d'Presenz. •



Heu-
börse
hee.lu

# Die Heubörse für Luxemburg

**Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere und unterstützen Sie regionale Heuanbieter!**

Besuchen Sie **hee.lu** – die neue Online-Plattform für den Heuverkauf!

- **Anzeigen aufgeben:** Gesuch für Qualitätsheu – einfach & kostenlos
- **Heuanbieter in Ihrer Nähe finden:** Die besten Angebote schnell auf einer interaktiven Karte finden
- **Gezielte Suche:** kräuterreiches Heu, Bio-Qualität, Ballenformat & -größe und zahlreiche weitere Filtermöglichkeiten
- **Direkte Kontaktaufnahme:** Angebote vergleichen & individuelle Vereinbarungen mit Verkäufern treffen
- **Regionale Heuwirtschaft stärken:** Kaufen Sie direkt bei Landwirten aus Luxemburg

Durch den Kauf von **kräuterreichem Heu von extensiv genutzten Wiesen*** unterstützen Sie die Erhaltung unseres artenreichen Grünlandes. Dieses Heu eignet sich gut für die Fütterung von **Pferden, Jungvieh, Mutterkühen sowie für Kleintiere wie Kaninchen oder Meerschweinchen.**

*ohne Düngung und Pestizide, später Mahdtermin, Fläche unter Vertragsnaturschutz

Scannen Sie den **QR-Code**

**Melden Sie sich kostenlos an und finden Sie das passende Heu für Ihre Tiere!**

**www.hee.lu**

Bei Fragen melden Sie sich per E-Mail unter **aarteraicht-grengland@erhalen.lu.**

Die Heubörse wird durch das Naturschutzsyndikat SICONA mit der finanziellen Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität betreut.

SICONA Naturschutzsyndikat

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen - L-8393 OLM
www.sicona.lu

zesummen aarteräicht Gréngland erhalen

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité



DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE


# Agenda











**7.-11.5.**
**LIKE A JAZZMACHINE**
Festival • Centre culturel opderschmelz
www.jazzmachine.lu

**15.5. + 16.5.**
**I FEEL LIKE DANCING: MEMORIES OF CHILDHOOD**
19:00 • École régionale de musique
www.emdudelange.lu

**17.5.**
**MARCHÉ AUX PUCES**
8:00-17:00 • Pl. Hôtel de Ville

**19.5.**
**MOUSTACHE GRACIAS** [FEMMES* & CULTURE]
Table ronde sur la périménopause
19:00 • Hôtel de Ville • www.sega-dudelange.lu

**21.5.**
**FILM: TELL THEM ABOUT US**
[FEMMES* & CULTURE]
19:00 • Ciné Starlight • www.sega-dudelange.lu

**24.5.**
**ALTERNATIVE MOART & SWEET EVENT**
11:00-18:00 • Place Am Duerf & Centre-ville

**28.5.**
**FLÈCHE DU SUD**
14:00 • Course cycliste • Contre la montre
Place de l'Hôtel de Ville & quartier Schmelz

**29.5.**
**MARCHÉ DE L'ASCENSION**
8:00-12:00 • Place de l'Hôtel de Ville

Le collège des bourgmestre et échevin·es / Das Bürgermeister- und Schöff*innenkollegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister
Loris Spina, Josiane Di Bartolomeo-Ries, René Manderscheid, Claudia Dall'Agnol, échevin·es / Schöff*innen

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE